# Conseil communal

## Séance publique du 12 décembre 2014

***Durée de la séance:*** *17.15 à 18.50 heures*

**Présents:**

| | | |
|---|---|---|
| **Mellina Pierre**, bourgmestre (CSV) | | **Breyer Roland**, 1er échevin (CSV)<br>**Conter-Klein Raymonde**, 2e échevin (CSV)<br>**Mertzig Romain**, 3e échevin (LSAP) |
| **Bosseler Camille** (CSV)<br>**Conzemius-Holcher Josette** (CSV)<br>**Gira Carlo** (CSV)<br>**Polfer John** (CSV)<br>**Rosenfeld Romain** (CSV) | **Brecht Guy** (LSAP)<br>**Gonçalves Cátia** (LSAP)<br>**Pierre Norbert** (LSAP)<br>**Stoffel Marco** (LSAP) | **Becker Romain** (déi gréng)<br>**Scheuer Romain** (déi gréng)<br>**Tockert Claude** (DP)<br>**Thein Joe** (adr) |

**Absents et excusés:**

Néant

# ORDRE DU JOUR

**Séance publique (17.15 heures)**

1. Point unique:
   Présentations et commentaires du collège échevinal sur le budget rectifié de 2014 et le projet de budget pour 2015 de l’administration communale

# COMPTE RENDU

## 1.

**Budget rectifié de 2014 et projet de budget pour 2015 de l’administration communale.**

Présentations et commentaires du collège échevinal.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dir Dammen an Hären,

Wéi all Joer kruten d'Gemengen iwwer den Distriktskommissär eng Circulaire vum Ministère de l'Intérieur - d'Circulaire 3195 - déi d'Eckdate vun de Gemengebudgete fir d'Joer 2015 festleeën. Wat een dëst Joer awer festhale kann, ass, datt d'Prämissen an der desjäreger Circulaire alles mä net zur Begeeschterung ënner de Gemengen Ulass ginn huet. Am Géigendeel. De Syvicol huet mat Recht - an a mengen Aen, net mat genuch Nodrock - op d'Konsequenze fir d'Gemengen am besonneschen an d'Lëtzebuerger Economie am allgemengen, déi iwwer des Spuermesurë vun der Regierung ageleet ginn, higewisen.

Wourop baséiert dës Austeritéitspolitik vun der Regierung, déi op dem Bockel vun de Gemengen ausgedroe gëtt? Ech wëll dëst a 6 Punkten zesummefaassen an de finanziellen Impakt vun dëse Mesuren op de Budget 2015 vun der Gemeng Péiteng duerleeën.

1. Ënnert dem Punkt 1. vun der Circulaire steet "Dans le cadre d'un indispensable effort collectif, les communes sont appelées à contribuer aux mesures d'assainissement durable des finances de l'Etat se répercutant au budget 2015 par la suppression, à partir du 1er janvier 2015, de la prise en charge par l'Etat des trois quarts des majorations biennales et des majorations de l'indice des fonctionnaires communaux du secrétariat et de la recette communale". Fir 2015 bedeit dëst een Ewechfale vun engem "Revenu affecté", deen eis Gemengeverwaltung vum Stat kritt fir Aufgaben, déi si fir de Stat mécht, vun iwwer 500.000 Euro, ouni datt awer de Stat d'Gemengen am Géigenzuch vun dësen Aufgaben entlaaschte géif. Am Géigendeel, d'Gemengen assuréiere weiderhin dës Aarbechten ouni finanziell Compensatioun.
2. Ënnert dem selwechte Punkt 1. steet "Dans le cadre d'un indispensable effort collectif, les communes sont appelées à contribuer aux mesures d'assainissement durable des

finances de l'Etat se répercutant au budget 2015 par la non prise en compte de l'augmentation de la TVA au 1er janvier 2015 pour le calcul des dotations futures du Fond communal de dotation financière, les plus-values étant réaffectées dans un nouveau Fonds pour la réforme des services de secours qui serviront de dotation initiale et fonds de roulement au futur établissement public chargé de la gestion des services de secours qui sera financé à parts égales par l'Etat et les communes. Pour l'année 2015, ce montant s'élève à 25.022.000 euros". Hei gëtt et eng Rei Saachen ze soen. Fir d'éischt eng allgemeng Remarque: A menger 21-järeger Erfahrung als Gemengepolitiker hunn ech nach ni erlieft, datt ee Minister "Revenus non-affectés" an "Revenus affectés" ëmgewandelt huet. Wann ee weess, datt esou eng Décisioun, wéi keng aner, eng Frontalattack op d'Gemengenautonomie duerstellt, ass dat ëmsou méi verwonnerlech, datt dës vun engem Inneminister ausgeet, deen a senger Zäit als Syvicol-President sech mat Recht gewiert huet géint all Versuch vun der deemoleger Regierung, fir d'Gemengenautonomie ze ënnergruewen. Weider ass et verwonnerlech, datt de Stat dës Hausse vun der TVA fir sech beansprucht fir op mannst zum Deel d'Ewechfalen ab 2015 vun den TVA-Einnamen duerch de "Commerce électronique" ze kompenséieren, an op der anerer Säit awer der Meenung ass, datt d'Gemengen op dës deelweis Compensatioun verzichte kënnen. Ech hat mir eigentlech erwaart, fir an der ministerieller Circulaire eng Explikatioun zu dësen Iwwerleeungen ze fannen. Well et awer keng gouf - et wier och schwéier gewiescht - ginn ech dovunner aus, datt d'Regierung zur Conclusioun komm ass, datt et besser ass d'Gemenge maachen ee supplementaren Effort wéi dass si sech selwer de Kapp zerbrieche mussen. Schlussendlech ass ervirzesträichen, dass d'Regierung de Gemengen 2015 scho 25 Milliounen Euro fir den zukënftegen Etablissement public fir d'Gestioun vun de „Services de secours“ ewechhëlt, éier emol de Finanzéierungsmodus mam Syvicol ausdiskutéiert ginn ass, ee Fait, deen eis dann elo scho weist, wien an den Ae vun der Regierung d'Käschte vun dësem neien Etablissement public droe muss, eng weider Reform op Käschte vun de Gemengen. D'Ewechfale vun der TVA iwwer den elektroneschen Handel bedeit eng Reduktioun vum FCDF fir d'Gemeng Péiteng am Joer 2015 vu schätzungsweis 2 Milliounen Euro. Ouni den Zukunftspak vun der Regierung wier dës nëmmen 1,25 Milliounen Euro gewiescht.

3. Op Grond vun der TVA-Erhéijung vun 2 Prozent wäerten d'Ausgabe vun der Gemeng Péiteng am Budget 2015 ëm schätzungsweis 500.000 Euro klammen (300.000 Euro am Kader vum extraordinäre Budget an 200.000 Euro am Kader vum ordinäre Budget).
4. Den Accord salarial an der Fonction public, deen tëscht der Regierung an der CGFP ausgehandelt gouf an deen op de Gemengesecteur transposéiert gëtt, bedeit fir déi Péitenger Gemeng eng Hausse vun de Personalkäschte fir 2015 vu ronn 600.000 Euro.
5. Schlussendlech wäerten d'Mesurë vum Ofschafe vun der Préretraite, dem Trimestre de faveur an de favorabele Congésdispositioune fir d'Gemengepersonal déi a Pensioun ginn, esou wéi d'Afëierung vun de Biennalen a Platz vun den Annalen an d'Zukunft eng liicht - awer kaum spierbar - Reduktioun vun den ordinären Dépensë mat sech bréngen. Op de Budget 2015 wäert dat awer nach keng Repercussioun hunn.
6. Am Resumé kann een deemno soen, datt de Péitenger Gemengeniwwerschoss am Joer 2015 ëm 3,6 Millioune méi niddereg ausfale wäert, wouvunner der 1,75 Milliounen Euro - dat heescht 48,6% - op de Spuerpak vun der Regierung, 600.000 Euro - dat heescht 16,7% - op den Accord salarial fir de Secteur public an 1,25 Milliounen Euro - dat heescht 34,7% - op d'Ewechfale vun den TVA-Einname vum elektroneschen Handel zeréckzeféiere sinn. Dat heescht awer och, datt am Budget 2015 den Iwwerschoss vun der Gemeng Péiteng, an deemno d'Investitiounskapazitéit vun eiser Gemeng, ëm 24% zeréckgoe wäert.

No dem Aféiere vun der neier Nomenclature fannt Dir dann elo och erëm d'Budgetsdokument ënnert der gewinnter Form, dat heescht de Kont 2013, de Budget initial 2014, de Budget rectifié 2014 an de Budget 2015 niefteneen. Dat erlaabt Iech fir bei all eenzelnen Artikel en Iwwerbléck iwwer d'Entwécklung an de leschten 3 Joer ze hunn.

Dir hutt den 3. Dezember d'Budgetsdokument iwwer Mail an iwwer de Sharepoint zougestallt krut. Datt dëst voluminéist Dokument an de leschten 3 Méint opgestallt konnt ginn, huet eng Rei Viraarbechte vu ville Fonctionnairen, mä besonnesch vun den Haaptresponsabele vum technesche Service, Virbereedungsreuniounen tëscht Membere vum Schäfferot, Chefs de département, Chefs de département adjoint an Chefs de service a Koordinatiounsaarbechte vum Service des Finances mam Thierry Balance a Myriam Muller bedeit. Hinnen alleguerten e grousse Merci.

Dësen 12. Dezember presentéiert de Schäfferot dem Gemengerot déi wichtegst Eckdate vum Budget initial 2015 a vum Budget rectifié 2014. Den nächste Méindeg kënnen dann déi eenzel Gemengeconseilleren hir Kommentaren a Froen zum Budget stellen an zum Ofschloss stinn dann haut an enger Woch, den 19. Dezember, de Budget mat den entspriechenden Devisen zum Vote.

De Budget 2015 ass op en neits - trotz engem Spuerpak, deen d'Regierung eis operluecht huet - duerch folgend Charakteristike gekennzeechent:


1. Mir behale weiderhin een héijen Iwwerschoss am ordinäre Budget.
2. D'Investissementer bleiwe mat engem Total vu ronn 22,4 Milliounen Euro op engem extrem héijen Niveau.
3. Mat dësem 4. Budget vun dëser Mandatsperiod leie mir total op der Linn vun eisem Plan pluriannuel de financement, deen de Schäfferot an der Sëtzung vum 24. Februar 2014 dem Gemengerot virgeluecht hat.
4. D'Gemengeschold geet och 2015 ëm knapp 2 Milliounen Euro zeréck.

Am Budget 2015 klammen déi ordinär Recettë par rapport zu 2014 ëm 5,4% an déi ordinär Dépensen ëm 6,5%. Dat bedeit, datt den ordinären Iwwerschoss ëm 0,6% op 11,245 Milliounen Euro eropgeet. Deemno ass et eis gelonge fir trotz Hausse vun den ordinären Dépensen duerch d'Gehälter-erhéijung an der TVA-Erhéijung den ordinären Iwwerschoss am Budget 2015 op dem Niveau vum Budget 2014 ze halen. Et ass awer ze erwaarden, datt aus de virgenannten Ursaachen d'Endresultat am Kont 2015 e gutt Stéck ënnert deem vum Kont 2014 leie wäert.

Am Verglach zum ordinären Deel vum Budget initial 2014, klammen déi ordinär Recetten am Budget rectifié 2014 ëm 1,8% an déi ordinär Dépensen ëm 0,7%, wat een appréciabele Plus vu 6,9% beim ordinären Iwwerschoss mat sech bréngt. Mat 11,9 Milliounen Euro Iwwerschoss am Budget rectifié kann een dovunner ausgoen, datt den definitiven Iwwerschoss am Joer 2014 no un dee vun 2013 erukomme kann.

Dräi wesentlech Ännerungen tëscht dem Budget initial an dem Budget rectifié gëllt et ervirzesträichen. Fir d'éischt op der Säit vun de Recetten, wou mir am Artikel vun dem Undeel vum Stat an de Supplémente vun de Fonctionnairespaien e Plus vu 500.000 Euro ageschriwwen hunn, well mer 2014 d'Recettë vun 2 Joer agedroen hunn. Doriwwer eraus soll de Fonds communal de dotation financière laut Circulaire ministérielle ëm 1,6% eropgoen, wat och eng hallef Millioun Euro fir eis Gemeng ausmécht. Op der Dépensësäit dogéint ass et haaptsächlech d'Participatioun un de Gehälter vun de Léierinnen a Schoulmeeschteren, déi am Rectifié 2014 ëm 600.000 Euro respektiv 14,6% méi héich leien ewéi am Initial 2014 virgesinn. Mir hunn de Ministère de l'Education Nationale de 15. Mee 2014 ëm Explikatiounen zu dëser Hausse gefrot. De 25. September 2014 krute mir eng onzefriddestellend Äntwert an elo soll an enger Reunioun mam Minister dëse Punkt an nach aner Froe gekläert ginn.

Och am 4. Budget vun dëser Mandatsperiod läit den Iwwerschoss mat 11,245 Milliounen Euro iwwer der Grenz vun 10 Milliounen Euro. Während Joere louch dësen Iwwerschoss nëmmen tëscht 4 a 6,5 Milliounen Euro, éier dann ab 2011 déi jorelaang Efforten hir Friichten ugefaangen hunn ze droen. Haut si mir zu Péiteng sécher gutt opgestallt fir mat Zouversiicht den zukënftegen Erausfuerderungen entgéint ze kucken. Dëse finanziellen Iwwerschoss gëtt eis op jiddefalls déi néideg Basis fir eisen Investitiounsprogramm an dëser Mandatsperiod zu Enn ze féieren.




Am Budget 2015 belafen sech déi ordinär Recetten op 61,7 Milliounen Euro.


De gréissten Deel, mat ronn 77% kënnt iwwer déi net zweckgebonnen Einnamen, dem Fonds communal de dotation financière, dem Impôt commercial communal an dem Impôt foncier, an d'Gemengekees. Hei gëllt awer ervirzesträichen, datt d'Progressioun vun de Revenus non-affectés zum gréissten Deel duerch eng Hausse vu 5,8% vum Impôt commercial communal entsteet, déi den Inneministère am Joer 2015 par rapport zu 2014 an Aussiicht stellt. De Grond vun dësem Optimismus gesinn ech eigentlech net, an och den Inneminister erkläert eis a senger Circulaire net, wat fir makroekonomesch Donnéeën hien zu esou vill Optimismus beweegt.

Dogéint maachen déi affektéiert Revenue 7% vun allen ordinäre Recetten aus. Dovunner maachen d'Maisons Relaisen, mat iwwer 60%, den Haaptdeel aus, mä och d'Revenus affectés am Kader vun der Musekschoul spillen - mat knapp 20% - eng wichteg Roll.

D'Taxenerhiewunge maachen 12% vun de Gesamteinname vum ordinäre Budget 2015 aus.

D'Loyeren an d'Chargë vu Gebailechkeeten, sief et vu verschidde soziale Wunnengen, mä awer och vu Raim, déi mer dem Stat, der Police, dem Office social, der Keelefederatioun, dem Restaurant Wax a.s.w. deelweis oder ganz zur Verfügung stellen, maachen 1% vun alle Recetten aus.

Déi restlech 3% setzen sech aus verschidden uerdentleche Recetten zesummen, ënner anerem d'Remboursementer vun der Mutualité des Employeurs, d'Remboursementer vun der TVA, d'Remboursementer vun de Gehälter vum Office social an d'Bankzënsen.




Am ordinären Deel vum Budget 2015 klammen d'Brutto-Dépensen ëm 6,5% par rapport zum Budget 2014, dat heescht vu 47,4 op 50,5 Milliounen Euro a stellen sech folgendermoossen zesummen:

**D'Charge salariale** – an déi begräift esouwuel d'Gehälter vun dem gesamte Personal, dat vum Schäffen- a Gemengerot agestallt ass, esou wéi och d'Remboursementer un de Stat vun engem Drëttel vun de Gehälter vum Léierpersonal aus eiser Gemeng – klëmmt vum Budget 2014 op de Budget 2015 vu 25,2 Milliounen Euro op 27,4 Milliounen Euro, dat entsprécht 54% vun allen ordinären Dépensen.

2015 soll den **Undeel un de Fonctionnementskäschte vun den eenzelne Gemengesyndikater** liicht op 5,5 Milliounen Euro klammen, wat 11% vun den ordinären Dépensen duerstellt.

Mat 4% an 2 Milliounen Euro maachen **d'Annuitéite fir d'Gemengeschold am Budget 2015** eng méi wéi vertrietbar Charge fir eise Gemengebudget aus.

Mat 3,9 Milliounen Euro, dat heescht 8% vun den ordinären Dépensen, bleiwen **d'Ënnerhaltskäschte vun eise Gebaier** – ouni d'Gehälter vun eisen Aarbechter, déi an dëse Gebaier schaffen – op deem selwechten Niveau wéi am Budget 2014.

Ee wichtege Posten an eisem Budget stellen nach ëmmer **d'Prévisions sociales** an eiser Gemeng duer, dat heescht de Fonctionnement vum Office social, de Repas sur roues, d'Téléassistance, de Kontrakt mat Defi-Job, d'Beschäftegung vun CAEen oder Apprentien, d'Subventioune vun den Aktivitéite vum CIGL a ProActif an den neien Cent-Buttek, deen am Laf vum nächste Joer opgeet. Brutto-Ausgabe vu knapp 2,8 Milliounen Euro oder 5% vun den uerdentlechen Ausgabe sinn heifir am Budget 2015 virgesinn.


**D'Käschte vun eisem Fuerpark**, dat heescht de Benzin oder Diesel, d'Assurancen, souwéi den Ënnerhalt chiffréiere sech am Budget 2015 op 534.000 Euro, wat 1 Prozent vun allen ordinären Dépensen ausmécht.

1 Prozent vun allen ordinären Dépensen oder 674.000 Euro ginn am Budget 2015 un **Associatioune** verdeelt. Dat stellt op der enger Säit, mat 184.000 Euro oder 27%, d'Participatioun un de Fonctionnementskäschte vun eise Jugendhaiser zu Péiteng a Rodange duer, mä awer och den Transfert un eise Pompjeescorps an un d'Péitenger Protection civile wéi och eis Subside fir eis lokal Veräiner.

**Déi lafend Käschte fir den Ënnerhalt vun eise Réseauen a Stroosseninfrastrukture** belafen sech am Budget 2015 op 1,5 Milliounen Euro, dat heescht knapp 3 Prozent vun allen ordinären Dépensen.

Interessant ass och ervirzesträichen, dass dat **politescht Entscheedungsorgan**, dat heescht de Gemengen- a Schäfferot mat senge legalen a konsultative Kommissiounen, grad emol knapp 280.000 Euro oder 0,56% vun den ordinären Dépensen an Usproch hëlt.

Schlussendlech bleiwen nach ronn 12% oder 5,9 Milliounen Euro fir eng helle Wull vu **verschiddenen uerdentlechen Dépensen**, ënner deenen d'Informatik, d'Schoulmaterial dat de Schüler aus dem Enseignement fondamental ze Verfügung gestallt gëtt - mat geschätzte 500.000 Euro - de Schoultransport - mat geschätzte 400.000 Euro - als Beispill ervirzesträiche sinn.



présentation par Pierre Mellina

Interessant ass awer och fir ze analyséieren, a wat fir Beräicher déi net zweckgebonne Revenuen – dat heescht de Fonds communal de dotation financière, den Impôt commercial communal an den Impôt foncier – agesat ginn. Dëst ass ëmsou méi wichteg, wou de Syvicol am gaangen ass eng Analys an deem Kontext ze maachen, fir eng besser Opdeelung tëscht de Gemengen am Kader vum Impôt commercial communal a Fonds communal de dotation financière ze diskutéieren.

Hei gëllt et, d'Entwécklung vun deenen eenzelne Beräicher am A ze behalen en vue vun enger laangfristeger politescher Orientéierung. Ech hunn dës Ausgaben, wéi all Joer, an 11 gréisser Bléck, déi di Haaptausgabeberäicher an eiser Gemeng duerstellen, agedeelt.

Déi net affektéiert Revenuë vun der Gemeng Péiteng belafen sech am Budget 2015 op 47,0 Milliounen Euro. Dat sinn 3,5 Milliounen Euro oder 8% méi wéi am Budget 2014.

Si solle laut Budget 2015 folgendermoosse verdeelt ginn:

1. Fir „d'Administration générale, ordre public, culte a sécurité" 10,0 Milliounen Euro, oder 21,28%.
2. Fir d'Annuitéite vun eiser Gemengeschold 2,0 Milliounen Euro, oder 4,34%.
3. Fir „d'Previsions sociales" 2,1 Milliounen Euro, oder 4,55%.
4. Fir „den Enseignement fondamental" 10,0 Milliounen Euro, oder 21,36%.
5. Fir „eis Maisons Relaisen" an d'Crèchen 1,2 Milliounen Euro, oder 2,59%.
6. Fir „de Sport, d'Kultur, den Tourismus, d'Jugend an d'Fräizäit" 3,5 Milliounen Euro, oder 7,38%.
7. Fir „d'Voirie, de Park, d'Ëmwelt an d'Kierfechter" 2,6 Milliounen Euro, oder 5,52%.
8. Fir „de Kanal, d'Kläranlag, d'Waasserversuergung an d'Müllentsuergung" 237.000 Euro, oder 0,50%. Et stellt een deemno fest, datt an dëse Beräicher keen Iwwerschoss am ordinäre Budget erwaart gëtt an esou den Amortissement vun den Investissementer net méi gedeckt ka ginn, sou dass am Laf vum nächste Joer, op Grond vum Käschtendeckungsprinzip an dëse Beräicher, an zesumme mat de SIACH-Gemengen, iwwer eng Taxenupassung geschwat muss ginn.
9. Fir „eis Musekschoul" 870.000 Euro, oder 1,85%.
10. Fir „eis Schwämmen" 1,9 Milliounen Euro, oder 4,12%.
11. Fir „den ëffentlechen Transport" 1,2 Millioun Euro, oder 2,59%.

Deemno stinn am Budget 2015, sou wéi am Budget 2014 11,2 Milliounen Euro, dat heescht fir 2015 23,91% vun den net affektéierte Revenuen, fir aussergewéinlech Projeten zur Verfügung. Bal all véierten Euro vun de Revenus non-affectés stinn och am Budget 2015 zur Verfügung fir den extraordinäre Budget, eng excellent finanziell Ausgangspositioun fir eis Gemeng, an dat erlaabt eis den Investitiounsprogramm, dee mer zesummen d'lescht Joer opgestallt hunn, weiderzeféieren.


Den extraordinäre Budget 2015, aus der Siicht vun eisem pluriannuellen Investitiounsprogramm gekuckt, weist eis, datt mer absolut am Soll leien. Am Budget 2015 stinn 22,34 Milliounen Euro. Zesumme mat de Konten 2012 an 2013, dem Budget rectifié 2014 sinn dat deemno am Total 86,37 Milliounen Euro. Am Verglach mam Plan pluriannuel fir déi 6 Joere vun 2012 bis 2017, wou no der Revisioun vum 24. Februar 2014 Investissementer mat engem Total vun 129 Milliounen Euro virgesi sinn - ee Plus vun 19 Milliounen Euro par rapport zum 1. Plan pluriannuel, dee mir initial am Gemengerot vum 18. Juni 2012 arrêtéiert haten - kann e festhalen, datt no 2 Drëttel vun dëser Mandatsperiod 67% vun den extraordinären Dépensë budgetiséiert sinn.

D'Ausgaben am extraordinäre Budget verdeelen sech folgendermoossen:

1. am Kapitel „**Enseignement fondamental**" sti fir 2015 0,9 Milliounen Euro, wat mat de Joeren 2012, 2013 an 2014 zesummen 19,9 Milliounen Euro oder 100% vun den am Plan pluriannuel ageschriwwenen Dépensen ausmécht;
2. am Kapitel „**Etablissements sociaux**", d.h. d'Maisons Relaisen an den neien Office social, sti fir 2015 3,3 Milliounen Euro, wat mat de Joeren 2012, 2013 an 2014 zesummen 11,0 Milliounen Euro oder 79% vun den am Plan pluriannuel ageschriwwenen Dépensen ausmécht;
3. am Kapitel **„Sports, Culture, Loisirs, Tourisme, Jeunesse"** sti fir 2015 2,6 Milliounen Euro, wat mat de Joeren 2012, 2013 an 2014 zesummen 19,0 Milliounen Euro oder 72% vun den am Plan pluriannuel ageschriwwenen Dépensen ausmécht;

4. am Kapitel **„Administration“** sti fir 2015 1,6 Milliounen Euro, wat mat de Joeren 2012, 2013 an 2014 zesummen 2,5 Milliounen Euro oder 33% vun den am Plan pluriannuel ageschriwwenen Dépensen ausmécht;
5. am Kapitel **„Infrastructures routières, places et réseaux“** sti fir 2015 11,4 Milliounen Euro, wat mat de Joeren 2012, 2013 an 2014 zesummen 22,9 Milliounen Euro oder 47% vun den am Plan pluriannuel ageschriwwenen Dépensen ausmécht;
6. am Kapitel **„Syndicats intercommunaux“** sti fir 2015 0,4 Milliounen Euro, wat mat de Joeren 2012, 2013 an 2014 zesummen 2,4 Milliounen Euro oder 90% vun den am Plan pluriannuel ageschriwwenen Dépensen ausmécht; a schlussendlech
7. am Kapitel **„Divers“**, wou haaptsächlech d'Acquisitioune vun Immobilien zu Buch schloen, sti fir 2015 2,2 Milliounen Euro, wat mat de Joeren 2012, 2013 an 2014 zesummen 8,6 Milliounen Euro oder 84% vun den am Plan pluriannuel ageschriwwenen Dépensen ausmécht.

Schlussendlech kann ee festhalen, datt – wann d'Gemeng Péiteng mat der Realisatiounsphase vun de grousse Projeten, wéi d'Zone économique 'Grand-Bis', d'Gemengegaragen an den Zentrum vu Rodange, wéi geplangt, d'nächst Joer ufänke kann an doriwwer eraus och nach an dëser Mandatsperiod mat de Bauaarbechte vun der neier Musekschoul ukënnt – den ambitiéisen Investitiounsprogramm vun eiser Gemeng fir d'Period 2012 bis 2017 zu 100 Prozent realiséiert ka ginn.





Am Joer 2015 ginn dës extraordinär Dépensë folgendermoosse finanzéiert:

- zu 45% iwwer den ordinären Iwwerschoss vum Budget 2015,
- zu 7% iwwer Statssubsiden,
- zu 34% iwwer de Verkaf vun Terrainen, dat ass haaptsächlech „Atzéngen“,
- zu 14% iwwer den iwwerdroene Report vun 2014, an
- zu engem ganz klengen Deel iwwer verschidden aussergewéinlech Recetten.


Fir déi 4 Joer, 2012 bis 2015, gëtt de Finanzéierungsmodus, deen de Schäfferot am Plan pluriannuel de financement virgesinn huet, respektéiert, d.h. d'Investissementer ginn

- zu 57% iwwer den ordinären Iwwerschoss vun de Konten 2012 an 2013, de Budget rectifié 2014 a de Budget initial 2015,
- zu 11% iwwer Statssubsiden,
- zu 10% iwwer de Verkaf vun Terrainen,
- zu 18% iwwer den iwwerdroene Boni vun 2011,
- zu 3% iwwer de "Fonds de Réserve Pacte Logement", an
- zu 1% iwwer verschidden aussergewéinlech Recettë finanzéiert.




Wat de Pacte Logement ubelaangt, huet d'Gemeng Péiteng fir d'Joeren 2007 bis 2013 Recettë mat engem Total vu 7.712.414,50 Euro bis elo verbucht, dat op Grond vun der Entwécklung vu senger Awunnerzuel, déi tëscht dem 1. Januar 2007 an dem 31. Dezember 2013, dat heescht bannent 7 Joer ëm 2.249 Bierger oder 15% vun 15.017 op 17.266 geklommen ass. Fir d'Joer 2014 rechne mer mat enger Progressioun, déi wesentlech méi lues wäert sinn, an esou schätze mer d'Recette am Kader vum Pacte Logement fir dat lafend Joer op 600.000 Euro. D'Recetten iwwer de Pacte Logement wäerte sech also an den éischten 8 Joer viraussiichtlech op 8,3 Milliounen Euro belafen. Am Joer 2012 hu mer op 1 Milliou Euro aus dësem Fong zeréckgegraff an am Joer 2014 nach emol op 2 Milliounen Euro fir verschidden extraordinär Projeten am Schoulberäich ze finanzéieren, sou datt de viraussiichtleche Solde am Fonds de réserve "Pacte Logement" Enn 2015 béi 5,3 Milliounen Euro leie wäert.

Wéi am Plan pluriannuel virgesinn ass, ass och fir de Budget 2015 - trotz zolitte finanziellen Aschneidungen - déi ech a menger Introduktioun kommentéiert hunn - keen neien Emprunt noutwenneg fir eisen Investitiounsprogramm weider ze féieren. Am Géigendeel, am Budget 2015 si weider Remboursementer an Héicht vun 1.924.628,03 Euro geplangt, sou datt Enn 2015 eis Gemengeschold bei 14.312.188,50 Euro wäert leien, ee Minus vun 23,8 Milliounen Euro säit dem 1. Januar 2004.



Enn 2015 wäert d'Pro-Kapp Verscholdung bei gläichbleiwender Awunnerzuel bei 816 Euro leien. Dat bedeit engersäits eng wesentlech Verbesserung iwwer déi lescht 12 Joer. D'Zäiten, wou Péiteng eng Pro-Kapp Verscholdung vun 2.500 Euro hat, läit näämlech nach net esou laang zeréck. Enn November konnt ech an enger Dageszeitung liesen, datt eng Gemeng ewéi Hesper eng Pro-Kapp Verscholdung vu 600 Euro hätt. Datt mir iwwer déi lescht Joeren, trotz héijen Investitiounen, eis Gemengeschold méi oder wéineger op den Niveau vun enger vun de wohlhabendste Gemengen aus eisem Land bréngen konnten, ënnersträicht eis erfollegräich Finanzpolitik aus de leschte Joeren an erlaabt deenen zukënftege Gemengeréit den noutwennege finanzielle Spillraum ze hunn, fir hir Politik am Intressi vun der Entwécklung vun eiser Gemeng weiderzeféieren.

Éier dann elo meng Kollegen aus dem Schäfferot hir Beräicher am Detail beliichten, wollt ech dann och nach kuerz e puer Detailer vun deene Beräicher uschwätzen, déi laut Schäfferotserklärung vu mir begleet ginn:

D'Iddi vum Schäffen- a Gemengerot, fir um Site vum fréiere Pavillon scolaire an der 'rue de l'Eglise' zu Péiteng den definitive Sëtz vum Office social ze etabléieren, wäert Mëtt d'nächst Joer Realitéit ginn. D'Aarbechte gi ganz schnell virun a wäerte planungsgerecht bis Mëtt 2015 ofgeschloss sinn. An de Konten 2011 bis 2013 belafe sech déi effektiv Dépensen op knapp 708.000 Euro, am Budget rectifié 2014 stinn 1,56 Milliounen Euro an am Budget 2015 de Rescht, dat heescht 1,21 Milliounen Euro.

Wat d'Revisioun vun eisem Plan d'aménagement général ubelaangt, sou sti mir kuerz virum Ofschloss. Nodeems mir déi sektoriell Pläng virgeluecht kruten an hir Repercussiounen op eise PAG analyséiere konnten, wäerte mer elo d'Aarbechten an den nächste Méint ofschléisse mam Zil de PAG am Hierscht d'nächst Joer am Gemengerot zur Ofstëmmung ze bréngen. Vun 2006 bis Enn 2013 belafe sech déi deementspriechend Ausgaben op 293.814 Euro. 2014 an 2015 kommen dann nach am Total 200.000 Euro dobäi, sou datt d'Käschte fir d'Opstelle vum neie PAG, mat alle gefroten Etudë bei ronn 500.000 Euro leie wäerten.

Wéi Dir wësst, komme mer mat eisem neie Lotissement "An den Atzéngen" ganz gutt virun. Nodeems all noutwenneg Acquisitioune vun Terraine gemaach sinn - dëse Käschtepunkt beleeft sech op 2,585 Milliounen Euro - huet de Gemengerot jo dëst Joer, de 17. November, gréng Luucht gi fir de Lotissementsplang an de betreffenden Devis vu 6,6 Milliounen Euro. D'Gesamtausgabe wäerte béi ronn 9,2 Milliounen Euro leien a mir erwaarden eis iwwer d'Conventioun mat der Société Nationale des Habitations à Bon Marché an iwwer de Verkaf vun Terrainen u Privatfamillje Recettë vun op mannst 10 Milliounen Euro, wat eis erlaabt dësen ambitiéise Projet ouni Defizit ofzeschléissen.

Schlussendlech wollt ech op de Personalbestand vun der Gemeng Péiteng ze schwätze kommen. Mat 379 Posten op den 1. Januar 2015, mat 30 Neiastellungen am Laf vum leschte Joer, ass d'Gemeng Péiteng ee vun de gréissten Arbeitsgeber aus eiser Gemeng.

Effektiv hu mer op den 1. Januar 2015

- 379 Posten, wat op Grond vun der Deelzäitaarbecht 300,2 Emplois à plein temps (ETP) gläichkënnt,
- 72 Posten (oder 66 ETP) si reservéiert fir Fonctionnairen,
- 176 Posten (oder 150,4 ETP) fir Salariéen, déi ënner de Südkollektivvertrag falen,
- 48 Posten (oder 32,6 ETP) fir Employés communaux an
- 83 Posten (oder 51,2 ETP) fir Salariéen ënner dem Statut vum Employé privé, wouvunner de ganz groussen Deel an eise Maisons Relaise beschäftegt ass.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet an ech géif dann d'Wuert viruginn un den Här Breyer.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Et wier dann u mir fir Iech, Dir Dammen an Dir Hären, weider Erklärungen ze ginn iwwer déi Gebidder, wou ech d'Verantwortung hunn a mat menge Mataarbechter aus der Gemeng an den techneschen Servicer verwalten. Hinne vun dëser Plaz aus mäi Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht.

Et sinn dat haaptsächlech dës zwee grouss Gebidder, mat verschiddenen Ënnergebidder:

A) Stroossen, Infrastrukturen am Buedem ewéi Kanal, Waasser, Elektresch, Kollektivantenn, Infrastrukturen, déi iwwer dem Buedem leien, ewéi Beliichtung, Verkéiersamenagementer a Reglementer

B) Kultur, Tourismus, Festivitéiten, Relations publiques, Jumelagen, Economie, Regionales an Integratioun.

<u>A) Stroossen, Infrastrukturen, Verkéier:</u>

<u>Eist Stroossennetz:</u>

Mir hunn an eiser Gemeng iwwer 7 Kilometer Stroosse leien, déi ënnerhalen a geleeëntlech och mussen erneiert ginn. Dofir féieren eis technesch Servicer e Listing mat den Infrastrukturen an hirem Alter. Bedenkt een, datt d'Infrastrukturen am Buedem eng generell Liewensdauer vu 50 bis 60 Joer hunn, da kann ee sech dorausser ee pluriannuelle Planning errechnen. Dee gëtt awer heiansdo op d'Kopp gedréint duerch Accidenter, déi net viraus ze gesi sinn, nei Kapazitéiten oder nei Techniken, déi gefrot ginn an deenen dann de Planning muss ugepasst ginn.

Generell kann ee soen, datt eist Stroossennetz an engem zefriddestellende gudden Zoustand ass, dat am Verglach mat zum Beispill verschiddenen Nopeschgemengen, mä och bedéngt duerch déi vill Schantercher, déi di lescht Joeren an eiser Gemeng waren. Et gëtt awer elo e bësse méi roueg.

Et bleift selbstverständlech nach ëmmer vill ze dinn an d'Prioritéite fir dëst Joer si folgend:

Péiteng, rue de l'Eglise – Projet an Empriseplang an Neigestaltung vun der Kräizung Kuerstrooss a Kierchstrooss (10.000 Euro). Dat ass en CR, dee mam Stat muss zesummen erstallt ginn. Mir hate schonns 2014 Kontakter, déi awer net zu enger Léisung – wéi mir se gesinn hunn – gefouert hunn, näämlech zu enger Securisatioun vun der Kräizung mat der Kuerstrooss an och mat der Gillardinstrooss. D'Etuden an d'Diskussioune ginn d'nächst Joer weider.

Péiteng, rue Bommert – Frais d'études (10.000 Euro). Do musse mer d'Fäerdegstelle vun de geplangten Appartementshaiser ofwaarden. Och huet musse Kloerheet geschafe ginn iwwert eng privat Emprise. D'Ausféiere vun den Aarbechten ass awer de Moment net am Plan pluriannuel virgesinn.

Péiteng, rue Belair. Do geet et 2015 mat den Aarbechte lass. Sämtlech Infrastrukture ginn do erneiert, notamment gëtt e Waasser- an e Schmotzkanal geluecht. D'Aarbechte wäerten, wann alles gutt leeft, am Hierscht ufänken, huelen 2 Joer an Usproch a schloe mat 3.130.000 Euro zu Buch.

Péiteng, rue des Champs. D'Aarbechte sinn ofgeschloss. D'Iwwerleitunge mussen nach ewechgeholl an de Marquage an de leschte Belag an der Strooss gemaach ginn.

Rodange, rue de la Fonderie – Frais de projet (50.000 Euro). Do solle fir d'éischt d'Aarbechte vun enger Pompelstatioun iwwer de SIACH gemaach ginn, an duerno eréischt d'Strooss. Et huet kee Wäert, fir dat eent opzerappen ier dat anert gemaach ass. Dofir ass dëse Kredit reportéiert ginn an d'Aarbechte fänke fréistens 2016 un.

Rodange, rue Jos. Philippart a rue du Commerce. D'Aarbechte sinn am gaangen ofgeschloss ze ginn. Et bleiwen nach d'Trottoiren ze leeën an de leschte Belag op der ganzer Strooss a verschidde kleng Adaptatiounen ze maachen. D'Verbindung no Lasauvage ass erëm provisoresch op. Do huet d'Post nach wëlles fir 2015 eleng weider ze fueren, an dat bis bei de Rouden Haff. Et ass also nach mat verschidde Perturbatiounen do ze rechnen. Et wäert een awer ëmmer kënnen iwwer déi Strooss fueren, well de Verkéier mat Luuchte geregelt gëtt. Et stinn zwar nach 600.000 Euro am Budget, mä dat ass zum gréissten Deel doduerch bedéngt, datt den Entrepreneur a Verzuch ass mam Ausstelle vu senge Rechnungen.

Rodange, rue de la Minière. Do fänke mer Enn 2015 mat der Verlängerung vun der Minièresstrooss un, mat engen 80 bis 100 neie Parkplaze laanscht dee fréiere Racingsterrain. Dës Verlängerung vun der Minièresstrooss déngt als zousätzleche Parking fir de Fussball an d'PiKo-Schwämm, mä och als Verbindung zum neie Scoutschalet an dem zukënftege Jugend- a Familljenhotel vun der JUFA.

En neie Stroossebelag kréien d'Stroossen « rue de la Paix » zu Péiteng, de Rollenger Park a verschidde méi kleng Chantieren. Et stinn dofir 120.000 Euro am Budget.

D'Erofsetze vun de Borduren an Aménagementer fir handicapéiert Benotzer si virgesi fir am Ganze 15.000 Euro. Do hate mer Entrevuë mat der Direktioun an der Amicale vun der Maison des Soins, fir do déi richteg Plazen heifir ze fannen.

<u>Eis Plazen:</u>

Mir schaffen un der Neigestaltung vun der Plaz nieft der Neiwiss-Schoul an eiser Sportshal zu Rodange. Dofir sinn 20.000 Euro virgesinn. Dëst sollt als zweet Phase vum Réaménagement vum Zentrum vu Rodange gesi ginn an och eréischt no der éischter Phase ausgefouert ginn.

De PAP am Zentrum vu Rodange schléit mat 90.000 Euro zu Buch. An och de Réaménagement vum Zentrum vu Rodange, wou mir a verschiddenen Aarbechtsgruppe mat betraffene Leit dru schaffen, ass fir 2015 mat 180.000 Euro budgetiséiert. Do kéinten d'Aarbechte vum « Shared Space » zum Enn vum Joer ufänken, sollten d'Formalitéite gutt viru goen an och de Start vum geplangtenem Immobiliekomplex parallel lafen.

De Parking écologique op der Léngerstrooss zu Péiteng kritt « pavés drainants » - dat ass elo accordéiert ginn – esou datt een do anstänneg ka parken, ouni d'Féiss an den Auto naass a knaschteg ze kréien. Den Devis heifir läit bei 70.000 Euro an dës Aarbechte gi schonns am Ufank vum nächste Joer virgeholl, fir datt de Parking och de Riveraine vun der Belair-Strooss zur Verfügung steet, wann d'Aarbechten an där Strooss ufänken.

<u>D'Kanalnetz:</u>

Och do, fir unzefänken, e puer Zuelen an Iwwerleeungen.

Mir hunn an eiser Gemeng ronn 67 Kilometer Kanal-Uertsnetz, dovunner ronn 53 Kilometer Mëschkanal, 2 Kilometer Schmotzkanal an 12 Kilometer Reewaasseraxen. Donieft verwalt de Syndikat SIACH nach eng ronn 5 Kilometer Kollekteren, Wiederdéversoiren, Reeniwwerlafbecken a Pompelstatiounen.

Et kommen nach eng ronn 2.400 Siphonen / Avaloiren an och eng 1.500 Schächt mat Deckel dobäi. An dat alles brauch regelméisseg Inspektiounen, Fleeg oder Erneierungen.

Mir hu praktesch eist ganzt Uertsnetz mat de Kamerae befuere gelooss an hunn e realistescht Bild iwwer den Zoustand, deen am grousse Ganze befriddegend ass. Den Zoustand vun eisem Kanalnetz ass am allgemenge besser wéi d'Altersstrukturen et ausweisen. Gi mer vun enger normaler Liewensdauer vun engem Kanal aus – déi esou bei 50 bis 60 Joer läit – da miisst all Joer e gudde Kilometer Kanal ausgebessert oder erneiert ginn. Dat versiche mer och ze maachen. Dofir hu mer am Budget d'Zomm vun 1.250.000 Euro virgesi fir den Assainissement vu verschiddene Kanalnetzer, wéi d'Cité « Neiwiss » an « A la Siole » zu Rodange, d'rue des Ecoles an d'rue de la Montagne zu Rolleng an d'rue des Acacias, d'rue Michel Rodange an de Kierfecht zu Péiteng.

Doduerch dass mer regelméisseg eist Kanalnetz mat der Kamera duerchfueren, kënne mer scho ganz fréi Défizienze feststellen an och flécken. Dat geschitt haut ëfters iwwer en « Inliner »-System, wou einfach e Genre « Stant » an de Kanal gezu gëtt.

Den Ënnerhalt vun eisen Egouten, Schächt, Deckelen, Avaloiren a verschidde Flécke belafe sech am ordinäre Budget op 220.000 Euro. D'Inspektioun mat der Kamera op weider 150.000 Euro. Donieft bezuele mer am SIACH eisen ordinäre Bäitrag vun 1.986.073,52 Euro fir d'Joer 2015. Dat alles zesummen ergëtt eng ordinär Ausgab fir 2015 vun 2.395.453,52 Euro. An dëse Käschte si verschidde Personalkäschten, mä och den Amortissement vun eisem Uerstnetz nach net enthalen, deen no der « instruction ministérielle » an enger « approche harmonisée » miisst zur Halschent all Joer agerechent ginn. Huele mer dat och nach an d'Berechnung eran, da wuessen d'Ausgabe weider op iwwer 2.700.000 Euro. Deem géintiwwer stinn ordinär Recettë vun 2.226.900 Euro, also en Defizit, deen eis zur Iwwerleeung féiert, datt ons Entwässerungstax normalerweis liicht miisst ugehuewe ginn. Mir schwätzen a vergläichen eis do mat eisen anere Kordallgemengen am SIACH a kucken, fir eng harmonesch Approche ze maachen.

Mä et sinn och nach aner aussergewéinlech Ausgaben am Budget 2015 virgesinn, an zwar:

Péiteng: Fonçage vun der Liberté-Strooss op d'Nidderkuererstrooss (études: 20.000 euros). Dës Aarbechte lafe parallel mat dem Verleeë vun enger Reewaasseraxe vun der Nidderkuererstrooss erof a kommen eréischt an 2 bis 3 Joer zur Ausféierung. Fir dës lescht Etudë stinn och 20.000 Euro am Budget.

Rodange: Uschloss vun engem Deel vun der rue de la Fontaine fir ronn 10.500 Euro an de Basseng vun der Fonderie – an Zesummenhang mat dem Grand Bis – fir 80.000 Euro.

Schlussendlech hu mer fir 2015 keen Apport am extraordinäre Budget vum SIACH ze bezuelen. 2014 hu mir nach ronn 350.000 Euro abezuelt. Mir konnten do schonns op « dotations à l'amortissement » zeréckgräifen. Als President vum SIACH weess ech awer, datt mer an deenen nächste Joere gréisser Investissementer an den Ausbau vun eiser interkommunaler Kläranlag musse maachen. Mir schwätzen do vun iwwer 80 Milliounen Euro a wëssen elo schonn, datt dem Stat säi Bäitrag ëmmer méi kleng gëtt an och ëmmer méi pauschal berechent gëtt.

<u>Eist Waassernetz</u>

Och heizou e puer Zuelen. Mir hunn e gesamt Waassernetz an eisen Uertschafte leie vu ronn 71 Kilometer. Dobäi

kommen dann nach 25 Kilometer Haususchlëss, wat deemno eng Gesamtlängt vu 96 Kilometer ergëtt, déi ënnerhale muss ginn.

Duerch dat konsequent Botzen a Spulle vun eise Leitungen, mä och duerch d'Detektioun vu Fuiten, hu mir e gesonden Equiliber, eng gutt Qualitéit, mä och en Zoustand vum Waassernetz, deen – ähnlech wéi dee vum Kanal – besser ass wéi säin Alter, obwuel mer nach am Schnëtt ronn 7% Leitungen hunn, déi schonns iwwer 50 Joer laang am Buedem leien. Mir fueren also konsequent mat eiser prophylaktescher Method weider an hu fir den Ënnerhalt vum Réseau eng Zomm vu 25.000 Euro virgesinn a fir d'Botzen an d'Spullen nach eng weider Zomm vun 30.000 Euro.

Am Joer 2014 konnte mer déi virgesinnen Objektiver am Botzen an am Ënnerhalt net erreechen a verschaffen, well d'Firma – mat där mer ënner Kontrakt stinn – iwwer 4 Méint laang ausgefall war.

All Joer versiche mer am Duerchschnëtt eng 500 Waassercompteuren ze ersetzen. 2014 hu mer der scho bal 1.000 ersat, déi schonn iwwer 10 Joer al waren. Do sinn elo elektronesch Compteuren hikomm, déi vu baussen aus kënnen ofgelies ginn. Fir 2015 musse mer nach e Retard ophuelen an erëm eng Kéier op mannst 1.000 Compteuren ersetzen. Dat schléit mat 110.000 Euro zu Buch. Um Enn vun dëser Campagne – mir hunn de Moment eng 7.250 Compteuren insgesamt installéiert an et kommen all Joer eng ronn 250 Compteure bäi – kënne mir da vu baussen d'Waassercompteuren an den Haiser ofliesen a brauchen deemno net méi an d'Haiser eranzegoen. D'Verrechnung ka méi exakt a méi séier geschéien, mä et kann een och éischter eventuell Fuiten detektéieren.

Am Joer 2007 hate mer en Organigramm vun eise Betriber opgestallt a gemengt, datt mer – wat den « Service Eaux » ubelaangt – keng weider Hëllefskräfte bräichten anzestellen, well d'Aarbechte vum Verleeë vun de Waasserleitungen an déi individuell Haiseruschlëss kéinten duerch Entreprisë vu bausse gemaach ginn. Dat huet awer nëmmen 3 Joer anstänneg fonctionnéiert a mir sinn erëm mat dësen Aarbechte weiderhi betraut. Wann ee weess, datt mer an deenen nächsten 8 Joer nach ronn 7.000 Compteure mussen auswiesselen, an ee weess, datt mer all Joer ronn 1.250 Meter Waasserleitunge mussen ersetzen oder nei verleeën an deementspriechend och d'Haususchlëss maachen, da kënnt een net ëmhi fir am Waasserbetrib eng zousätzlech Kraaft anzestellen.

Am uerdentleche Budget 2015 sti Gesamtausgaben, wat d'Waasser ubelaangt, vun 1.935.169 Euro. Deem géintiwwer steet eng ordinär Recette vun 2.081.800 Euro.

Mä och hei mussen d'Amortissementer vun deenen 71 Kilometer Uertsnetz, de Bauten, souwéi vum benotzte Material mat an d'Ausgaben agerechent ginn. Kënnt dat nach dobäi, da weist den Total vun de Fraisen op bal 2.500.000 Euro an et entsteet den Defizit an et gi keng Reservë geschafe fir zukënfteg Investitiounen. Mir wäerten also net derlaanscht komme fir iwwer den End-Waasserpräis ze schwätzen, wa bis all Berechnunge genee virleien. Dofir ginn elo d'Konte vun 2014 gekuckt.

D'Stroossebeliichtung

Erëm e puer Zuele fir unzefänken:

Et stinn eng ronn 1.800 Luuchten op eise Stroossen, Plazen a Parkanlagen oder bei Monumenter, déi ënnert eis Kompetenz falen.

Eis Servicer kontrolléiere regelméisseg d'Fonctionnement an ersetze wat net méi fonctionnéiert. (Coiffen, Armaturen, Candelaberen). Dofir si 50.000 Euro virgesinn an nach weider 40.000 Euro fir eventuell Pannen am Netz.

Mir fueren och weider mam Ausbau vu spezielle Luuchte bei Foussgängeriwwergäng. Dofir stinn 30.000 Euro am Budget.

Um Clopp gëtt dat lescht Stéck « Basse tension » nei verluecht. D'Ausgaben heifir belafe sech op 230.000 Euro.

An eis Chrëschtdagsbeliichtung gëtt weiderhin erneiert an ausgebaut.

Kollektivantenn a Glasfaser

D'Antennennetz gehéiert nach ëmmer eiser Gemeng a gëtt zum Deel, wat d'Televisioun ubelaangt, vun engem Concessionaire, der Firma Eltrona, geréiert.

Mir profitéiere vu verschidden Aarbechte vun anere Concessionairen aus eiser Gemeng fir en ambitiéise Projet ëmzesetzen, näämlech en eegene Réseau am Glasfaser fir eis Betriber an Haiser.

De Moment leien dës Infrastrukture schonn an der ganzer Gemeng an déi haapt ëffentlech Gebaier si matenee vernetzt. Et mussen intern nach verschidde Verbindunge geschafe ginn an dann hu mir eist eegent Kommunikatiounsnetz, esougutt fir den Telefon ewéi fir d'Mailen an d'Internetverbindungen. Finanziell huet dat op d'Joeren den Avantage, datt mer nëmmen een Abonnement « haut débit » brauchen, all déi individuell ADSL-Uschlëss kënnen ofschafen, verschidden eenzel Telefonszentralen an Telefonsuschlëss net méi brauchen an d'Méiglechkeet hu fir « à terme » eis un d'Netz vun der « Restena » unzeschléissen. Mir hätten dann Telefonsnummere mat enger gemeinsamer Racine, brauche keng zéch Abonnementer a brauche keng Käschten ze bezuele fir eis intern Gespréicher an der ganzer Gemeng.

Nieft de villen Avantagë vun der Kommunikatioun, musse mer awer nach eng Kéier investéieren, an zwar an eng Zentral, déi mat 180.000 Euro zu Buch schléit. Fréier hunn déi verschidden Zentralen och Sue kascht, mä konnten awer gelount oder geleast ginn. Leider geet dat elo net méi a mir si forcéiert ze kafen.

Verkéier – Aménagementer a Reglementer

D'Verkéiersstrategie hei an der Gemeng ass bekannt a gëtt systematesch och ëmgesat oder ugepasst. An dat net nëmmen un d'Evolutioun vum Verkéier, dee sécher net ofhëlt, mä och un d'Gewunnechte vun den Autofuerer, un d'Méiglechkeeten, déi hinnen zum Parken a Stationéieren ugebuede ginn, esou wéi och un d'Kontroll vun deem Ganzen.

Mëttelfristegt Zil ass et, de Parking résidentiel flächendeckend hei an der Gemeng – mat wéinege klengen Ausnamen – anzeféieren. Spéitstens da stellt sech d'Fro an d'Diskussioun vum gratis Parken am ëffentleche Raum.

Schwiereg dës Verkéiersstragie ze gestallte mécht de Fait, datt d'Prozeduren immens laang daueren, mir ëmmer tributär vun dem Accord vu Ponts et Chaussées si wat d'Statsstroossen a Chemins reprisen ubelaangen, a faktesch net laanscht spezialiséiert Ingenieursbüroe kommen, wa mer gäre séier Resultater hätten.

Och si mer vum Stat ofhängeg, wat d'Regulariséierung vum Transitverkéier an der Gemeng ubelaangt. Do si mer an intensive Gespréicher mat dem Stat, wat:

- d'Situatioun zu Rodange op der Grenz ubelaangt, a speziell d'Camionneuren an d'Tankanlagen;
- de Verkéiersfloss op der Avenue de l'Europe, an deelweis duerch eis Haaptstroossen;

- der Constructioun vun engem « Park & Ride » vu wéinstens 1.500 Plazen op der Rodanger Gare.

Mir erwaarden eis Uganks 2015 eng kloer a positiv Äntwert vum Minister, well et gëtt Zäit an eis Gedold ass um Enn.

Zum Beispill gëschter, Donneschdeg Mueren, hu mer erëm gespuert, wéi et ass wann näischt méi duerch eis Gemeng leeft. An dat einfach nëmmen doduerch, wann eng Nopeschgemeng eng Strooss späert, um Contournement geschafft gëtt oder en Entrepreneur säi Kran opriicht. Dann ass alles blockéiert an et brauch een 2 Stonne fir duerch Péiteng ze kommen.

Nieft der Parkproblematik am ëffentleche Raum, geet et eis och drëm fir do ze berouegen, wou et am Noutwennegsten ass, bei eise Schoulen, Maisons Relaisen an Alters-ariichtungen.

Mir hu schonns verschidde Moossname geholl, hunn och nach eng Studie ënnerwee beim Site scolaire zu Rolleng. Do sti 15.000 Euro am Budget. Och stinn nach 20.000 Euro dra fir eng Berouegung vun der Parkstrooss zu Péiteng.

Nei dynamesch Ampelanlagen op der RN5 zu Péiteng stinn am Budget 2014 a gi geschwë funktionell a sinn Deel vum neie Verkéiersreglement, dat de Gemengerot kierzlech gestëmmt huet a wat drop waart, vun der Autorité supérieure approuvéiert ze ginn an dann Uganks 2015 ëmgesat ze ginn.

Fir gewësse Parkplazen – déi am Zentrum vu Rodange verluer ginn – ze kompenséieren, kafe mer eis an enger neier Residenz am Blobierg an a kréien do fir de Präis vu 670.000 Euro 30 nei Parkplazen an 1 Handicapéierte-Parkplaz.

Bedéngt duerch eist neit Verkéiersreglement a seng Ëmsetzung, muss och fir 42.000 Euro weidert Signalements-material ugeschaf ginn.

Mir hunn eis och en anert, éiergäizegt Zil gesat, an zwar d'Schafe vun engem globale Mobilitéitskonzept, wat esouwuel den ëffentlechen Transport, en eventuelle flexibele Ruff-Auto, den deeglechen Autosverkéier, mä och de Vëlosfuerer an d'Locatioun vun Elektro-Vëloen, mä och de Foussgänger mat abënnt. Et stinn dofir 50.0000 Euro am Budget 2015.

Eng éischt Iwwerleeung ass an d'Richtung vun urbanen, gesécherte Vëlospiste gaangen, an och hir Ubannung un déi national urban Pisten (PCN), déi eis mat den Nopeschgemengen am Kordall verbanne sollen. Een éischt Investissement an deem Sënn wäerten déi 180.000 Euro sinn, déi am Budget fir « pistes cyclables et piétonnes » virgesi sinn. Do soll dat Stéck tëscht an hannert der Sportshal Péiteng bis un d'Lénger Bréck an d'Ubannen un d'Vëlospist stabiliséiert ginn a mat enger « couverture drainante » bedeckt ginn. Desweidere kéint de Marquage vu Vëlospisten duerch de Zoning a Richtung Rolleng an der Kierch zu Rodange weider gefouert ginn. Eng zweet Etapp kéint dann d'Ubanne vun engem Vëloswee duerch d'rue Eucosider op d'Gare vu Péiteng sinn. Weider Pénétrantë kéinten dann ugeschloss ginn, wëssend datt an de « Zones 30 » keng extra Markéierungen an de Stroosse verlaangt sinn.

Wa mir d'lescht Joer hei ugekënnegt haten, datt mer wëlles hu fir d'Zone 30 an eisen 3 Uertschaften anzeféieren, esou gëtt dann elo 2015 deen éischten Deel zu Péiteng realiséiert an dann duerno, 2016, ass et u Rodange a Rolleng. D'Ëmsetzen dovunner kascht fir déi éischt Phase 195.000 Euro. Do mussen deelweis verenkt Aménagementer gebaut gi wann d'Stroosse méi wéi 5,5 Meter breet befuerbar sinn, an aner Marquagen um Buedem, wann dat ënnert dëser Norm ass. D'Riets-Virfaart wäert an dësen Zonen zielen an d'Parkplazen am Raum bleiwen erhalen, esou wéi och déi bestehend « sens uniques ».

Schlussendlech wier nach ze bemierken, datt mer Ufank 2015 « bornes de défibrillateurs » an eiser Gemeng installéieren, an zwar zu Rodange bei der Kierch an op der Fonderie, zu Rolleng bei der Schoul an zu Péiteng op der Maartplaz. Mir hu jo schonn de Moment Defibrillatoren an der PiKo-Schwämm, an deenen 2 Sportszentren a mir kucke fir mat den CFL ze schwätzen, fir der och op d'Garen ze kréien.

<u>Kultur, Tourismus, Festivitéiten a Veräinsliewen, Relations publiques, Jumelagen, Economie, Regionales an Integratioun</u>

Am Kulturzentrum zu Rodange soll de Musekssall fir 95.000 Euro opgefrëscht ginn. Dat Joer duerno steet dann dee Péitenger um Programm.

Am Centre Wax ginn Injektiounen an der Façade gemaach, fir der Fiichtegkeet entgéint ze kommen. Dofir stinn 23.000 Euro am ordinäre Budget.

Da steet déi lescht Etappe vun der Restauratioun vum « rouden Haus » um Programm, esou wéi och de Paravent, deen di zwee Haiser spéider soll verbannen. 1.300.000 Euro si fir 2015 virgesinn. De kompletten « Domaine Wax » kéint da seng Zilsetzung ophuelen.

Fir d'Animatioun an d'Formation artistique am Wax stinn 30.000 Euro am ordinäre Budget. Do huet d'Associatioun Konschtmillen e flotten, ofwiesslungsräiche Programm fir 2015 opgesat, wou iwwer 20 verschidden Organisatioune virgeschloe sinn.

Och hu mer d'Opportunitéit krut fir d'Haus Waxweiler, wat nach a privater Hand war, ze kafen, wat mer och maache wäerten. Den Uschafungspräis, nieft Fraisen, steet mat 900.000 Euro am Budget. Dës Plaz gëtt mat an de Projet vun engem permanenten a professionellen Accueil touristique, culturel et événementiel vun der Gemeng Péiteng agebaut.

Well mer dat ganzt Nëtzungsrecht am fréiere Presbytère zu Rolleng hunn, wëlle mer op dëser Plaz eis « Mémoire collective communale » ënnerbréngen an och de Sëtz vun eisen « Amis de l'Histoire » dohinner verleeën. De Projet vun der Reaffectatioun an dem Ausbau steet mat 935.000 Euro am Budget 2015.

Mir sinn am Joer 2014 Eegentemer vun der neo-apostolescher Kierch zu Rolleng ginn a gedenke fir do e « lieu de rencontre » ze schafen, wou lokal Konscht a Kënschtler, mä och Gruppen a Veräiner, Jugendlecher a Studente sech kënnen afannen, fir hir Produktiounen opzebauen, ze verbesseren an auszebauen. Et soll net een neie Centre culturel ginn, mä eng Ergänzung an Entlaaschtung zu deene bestoenden Infrastrukturen an et soll haaptsächlech op een audio-visuelle Studio an Equipementer opgebaut ginn. Et stinn dofir, fir d'Adaptatioun vum Gebai a vu senger Funktionalitéit, e Betrag vu 400.000 Euro am Budget 2015.

Mir hunn de Kredit fir d'Uschafe vun « objets d'art » op 20.000 Euro erofgesat an denken do un eng Uschafung fir eis nei Maison sociale zu Péiteng.

Och gi fir 16.000 Euro neit an zousätzlecht Ausstellungs-material – haaptsächlech Vitrinnen – kaf.

<u>Tourismus</u>

Eis Gespréicher an Iwwerleeunge mat dem Partner JUFA kommen an d'Endphase. D'JUFA huet ee Memorandum opgebaut an ass op der Sich an a Kontakt mat Lëtzebuerger Investisseuren. D'Resultat soll am éischten Trimester 2015 virleien. Leeft alles an déi richteg Richtung, da kéint Enn 2015 mam Bau vun dësem Hotel ugefaange ginn.

Fir touristesch Aktiounen, Marketing a Publizitéit stinn 30.000 Euro am Budget. Do dernieft belafe sech eis Subventiounen

un d'Syndicats d'Initiativen, den Interesseveräin, de Parc Industriel et Ferroviaire Fond-de-Gras, den Office régional an den Office national du Tourisme op ronn 75.000 Euro.

Festivitéiten a Veräiner

D'Rentnerfeiere si mat 40.000 Euro geplangt, d'Feier fir de « Grand Âge » mat 5.000 Euro an d'Méritante mat 15.000 Euro.

De Budget fir d'Gemengenorganisatioune bleift bei 40.000 Euro a gëtt eis ënner anerem d'Méiglechkeet, fir 2015 eng méi wierdeg Nationalfeier a Festlechkeeten, mä och verschidden aner typesch Organisatiounen an der Gemeng bäizebehalen.

De Budget vum « fonds de support d'organisations d'intérêt communal » ass op 60.000 Euro erofgesat ginn. E gëtt eise Veräiner awer d'Méiglechkeet, gréisser national oder grenziwwerschreidend Organisatiounen ze plangen an an der Gemeng en tatkräftege Partner ze fannen.

Och stinn am Budget 10.000 Euro fir weider Ukeef vu Chalete fir eis Fester.

Relations publiques

Eis Gemengepublikatiounen « Meng Gemeng » a « Péiteng Aktuell » hu sech engem Lifting ënnerworf a komme wéi gewinnt eraus. An der Publikatioun « Meng Gemeng » hu mir mat der Veräinsentente PEROLA ausgemaach fir säit Enn 2014 ee méi komplette Kalenner/Agenda vun den Haapt-organisatiounen an der Gemeng ze publizéieren. Fir d'Gemengepublikatiounen ass e Kredit vun 90.000 Euro virgesinn.

Ufank 2015 kënnt eng iwwerschaffte Versioun vum « Guide du citoyen » a franséischer Sprooch eraus. Déi däitsch an déi lëtzebuergesch Versioune sinn am Layout respektiv an der Korrektur a kënnen dann och als PDF-Fichier op eisem Internetsite erofgeluede ginn. Fir dat an och anert Material sinn 30.000 Euro virgesinn.

Den Info-Kanal bleift bestoen, eisen Internetsite bleift och aktuell, mat Reportagen a Videoopzeechnungen. Dofir si 15.000 Euro virgesinn.

Jumelagen

Mat deem neie Partner Schiffweiler/Heiligenwald aus dem Saarland sinn d'Kontakter esouwäit an esougutt gedien, datt mer en offizielle Jumelage an d'A faassen. Dëst, well och scho ganz vill bilateral Organisatiounen de Moment lafen. Mir beabsichtegen Enn Juni zu Schiffweiler/Heiligenwald den « acte de jumelage » ze ënnerschreiwen an duerno dann och Enn September 2015 hei an der Gemeng.

Mat Schio leeft nach den Eurostage vu jonke Studenten, deen eis de Moment verbënnt. Mat Maribor leeft net méi vill. Mir waarden elo déi nei politesch Entwécklung vun dësen 2 Partnerstied of – iwwerall sinn do nei Buergermeeschteren a Schäfferéit – a kucken dann, wéi et weidergeet. Fir d'Jume-lagen an den Austausch stinn 30.000 Euro am Budget 2015.

Economie

Nodeems vill Waasser de Bierg erofgelaf ass, schéngt et esouwäit ze sinn, datt mer am Joer 2015 mat de Formalitéiten (PAP / Commodo-incommodo) vum Grand Bis kënnen ukommen. D'Aarbechte selwer sollen am Joer 2016 ufänken. No 17 Joer Transaktiounen a Gespréicher ass et esou wäit, datt do en Arrangement tëscht dem Ministère de l'économie, der Gemeng Péiteng an dem Sikor fonnt ginn ass. D'Sanéierungskäschten an d'Infrastrukturkäschte sinn op 15.600 Euro pro Ar festgeluecht ginn, wouvunner de Stat 85% an d'Sikor-Gemenge 15% iwwerhuelen. D'Gemeng Péiteng kritt och hir Suen erëm, déi se schonn investéiert hat, abzüglech vun engem Véierel vu 15%, dee si och muss als Sikor-Gemeng bäileeën.

Dëse Bäitrag steet och schonns an eisen Ausgabe mat 26.887,50 Euro. De Remboursement vun de virgestreckte Gelder kënnt awer eréischt an d'Recetten, wann de Ministère bezuelt huet.

Fir de Grand Bis stinn 170.000 Euro am Budget. De Réckstaukanal an d'Pompelstatioun ginn elo schonns gebaut a ginn Ufank 2015 fäerdeg. Si sinn och schonns mat insgesamt 5.850.000 Euro zu Buch geschloen, wouvunner de Ministère awer dee gréissten Deel iwwerholl huet.

Et leien eng Rei vun interessanten Demandë vir vu gréisseren, ëmweltfrëndlechen a proppere Betriber, déi sech esouwuel um fréiere PED wéi och um Grand Bis nidderloosse wëllen. Insgesamt sti bal 1.000 zukënfteg Aarbechtsplazen am Raum. Wichteg ass et elo, datt et iwwerall zügeg virugeet.

Mir stinn a permanente Gespréicher mat dem Ministère an dem Sikor, mä och mat der Arcelor, wat d'Zukunft an d'Attraktivitéit vum Site Eucosider ubelaangt.

Regionales

De Kordallsyndikat Sikor, an der Erwaardung vu méi gréisseren Aufgaben am Secteur vun der Economie, huet eng Initiative fir 2014 geholl, déi mir als Gemeng ënnerstëtzt hunn, an zwar déi vun enger Agence régionale immobilière sociale. Do gëtt mat de Proprietairë vun eidele Wunnengen negociéiert, fir déi Wunnengen dann deene sozial schwaache Familljen a Leit zur Verfügung ze stellen. Dës Initiativ geschitt a Kollaboratioun mat dem Familljen/Logementsministère, wéi och mat den Offices sociauxen aus eise 4 Kordallgemengen. De Moment si schonn 10 Wunnengen esou vermëttelt ginn a nach aner 15 Objete sinn an der Diskussioun. Aus eiser Gemeng stamen insgesamt 8 verschidden Objeten.

Mat eisen Nopeschgemengen aus dem Grenzgebitt (Longlaville, Mont St. Martin, Lonkesch an Ibbeng) hu mer regelméisseg Kontakter an Entrevuen, dat haaptsächlech iwwer de gemeinsame Verkéiersproblem, den Tanktourismus oder d'Industriezonen, mä och wat d'Connectioune vu Vëlos-a Spadséierweeër ugeet.

Integratioun

Eis Kommissioun huet fir 2015 eng ganz Rei flott Virschléi opgelëscht, vum Zesummeschaffe vun de Generatiounen, iwwer Ausstellungen a Recherchen iwwer d'Awanderungen, den Dialog mat de lokale Veräiner an dem Accueil vun neie Matbierger oder der Entdeckung vun eiser Gemeng. E puer vun dëse Projete kräizen sech mat selwechte Gedanke vun anere Kommissiounen, esou datt mer Ufank 2015 déi eng oder aner gemeinsam Réunioun vun dëse Kommissioune maachen an dorausser dann e gebündelte Pak maachen.

Dir Dammen, dir Hären, Merci fir den Intressi an ech stinn Iech gäre fir weider Informatiounen zur Säit.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Dir Dammen, dir Hären,

Mir musse spueren, e Wuert, dat zanter enger gewësser Zäit an alle Medien erëmschwirrt. An awer gi verschidde grouss ugekënnegt Spuermoossnamen zu gudder lescht net ëmgesat.

Wéi mer dëse Budget opgestallt hunn, hu mer dat Wuert «Spueren» ganz seriös geholl. Mir hu strikt gerechent an ons Méiglechkeete gi fir ons Projeten awer am Timing ze konkretiséieren.

Ee Projet, dat ass elo schonns gewosst, ass net realiséierbar an där Zäitspan, déi mer ons ginn haten. Dat ass de Bau vun enger neier Musekschoul. Eis Iddi war an ass et nach ëmmer, fir déi Schoul geographesch op den alen Areal vum LTMA anzeglidderen, zesumme mat engem Internat, enger Pouponnière, Wunnengen, déi vun de Ministèrë selwer och geplangt sinn. Mir sinn awer net Proprietaire vun deem ganzen Terrain, deen zum gréissten Deel dem Stat gehéiert. No verschidde Réuniounen an Interventiounen, waarde mer nach ëmmer op eng kloer Ausso vu Säiten de Ministèren. Et ass bedauerlech, well eng nei Musekschoul, fir en optimale Museksunterrecht kënnen ze erdeelen, dréngend noutwenneg wier.

Déi nei Iddie vun der jëtzeger Regierung fir d'Aféiere vun enger gratis Kannerbetreiung fir déi Kleng, plus eng zweesproocheg Educatioun, stellt eng Rei vu raimlechen, organisatoreschen a budgetäre Froe fir eis Gemeng duer.

Well mer an deem Dossier nach keng näher Präzisioune virleien hunn, beschränken ech mech an dësem Budget op de Programm vun den Opfankstrukture fir ons Kanner, wéi mer et geplangt hunn.

Déi ausféierlech, zueleméisseg Informatiounen zu dësem Budget huet de Buergermeeschter Iech matgedeelt. Ech bezéie mech just op spezifesch Realisatiounen an den aussergewéinlech Ausgaben a beliichte verschidde gewéinlech Ausgaben aus menge Ressorten, déi net oninteressant sinn. Folgend Ausgabe si programméiert:

Ugefaange bei de Schoulen. Mir hu fir d'Schouljoer 2014/2015 eppes iwwer 1.875 Schoulkanner am Fondamental ageschriwwen. Eng Zuel, déi staark schwankend ass.

Déi ordinär Ausgabe fir ons Schoulen, Fondamental, Préscolaire, Précoce a Schülertransport, belafe sech op 10.292.774,34 Euro. Aus dëser recht stattlecher Zomm wollt ech e puer Punkten ervirhiewen:

250.000 Euro loosse mer eis et kaschten, fir onse Schoulkanner jäerlech nei Schoulbicher gratis ze offréieren. D'Hausaufgabenhëllef 2015 steet mat 41.460 Euro am Budget an dobäi kommen nach 7.940 Euro fir d'Remuneratioune vun deene Leit, déi d'Hausaufgabenhëllef halen. Fir d'Informatik sti 50.000 Euro prett, fir een Upgrade vum informatesche Material nach emol 12.000 Euro a fir d'Installatioun vum Réseau komme weider 5.400 Euro dobäi. Fir de Kleeschen a Récompensen um Enn vum Joer sinn 59.442 Euro virgesinn. D'Séjours éducatifs si mat 10.000 Euro verbucht an d'Voyages éducatifs am Projet Orika mat 22.000 Euro. De Ramassage scolaire, net den Transport bei d'Sportszentren, ass mat 270.000 Euro ageschriwwen. D'Surveillance an de Busse kascht eis 163.206 Euro. D'Fraisë fir « activités périscolaires » kommen eis 35.100 Euro ze stoen an d'Projets d'écoles 7.000 Euro. Ons Schnéiklasse si mat 100.000 Euro agedroen a wéi déi lescht Joere fueren d'Schüler erëm op Mariazell.

Dëst woren nëmmen e puer vun den uerdentlechen Ausgabe ronderëm eise Schoulbetrib. Da kommen ech zu den ausseruerdentlechen Ausgabe fir d'Schoulen:

D'Modernisatioun an d'Vergréisserung vum Schoulraum zu Rolleng ass praktesch fäerdeggestallt. De Budget rectifié 2014 weist 2.625.500 Euro un. Fir 2015 kënnt nach just den Décompte. Dëse grousse Schantjen ass duerch noutwenneg zousätzlech Aarbechten, déi « en cours de route » bäikomm sinn, ronn 1 Milliou méi héich ausgefall wéi geplangt an ech hoffen, datt mer keng Iwwerraschunge méi kréien. Am Schoulhaff si mer gezwongen, wéinst dem negativen Avis vu Luxcontrol, fir den Holzmikado ze entsuergen. Op dës Plaz soll eng nei Struktur an de virgeschriwwenen Norme vu Luxcontrol plazéiert ginn. Et musse Materialien dohinner kommen, déi wiederfest an dem Vandalismus ofstoussend sinn. Eng gréisser Zomm vu 45.000 Euro ass geplangt, well de Fallschutz net vergiess dierf ginn.

Fir d'Erneierung an d'Alentoure vum Schoulhaff vun der Rollenger Spillschoul sinn am Plan pluriannuel 800.000 Euro programméiert.

De Projet « Atzéngen », deen an der Maach ass, mat 100 Eefamilljenhaiser an zousätzlechen Appartementer, bréngt nei Iwwerleeungen un d'Dagesuerdnung. An noer Zukunft gëtt mat engem Zouwuess vu Matbewunner zu Rolleng gerechent. Deementspriechend solle mer eng Vergréisserung vun der Spillschoul virgesinn. D'Maison Relais vu Rolleng, déi éischt, déi mer an der Gemeng virun 13 Joer a Betrib geholl hunn, entsprécht net méi deenen heitegen Ufuerderungen, architektonesch a raimlech gesinn. Fir den nächste Plan pluriannuel steet also eng Vergréisserung oder en Neibau vun der Spillschoul a vun der Maison Relais am Raum. An deem Sënn si meng Iwwerleeunge fir dee ganzen Areal vun der Spillschoul, zesumme mat der Strooss, déi op de Kierfecht féiert, an e Projet anzefügen, deen den zukënftege Bedierfnesser vun de Schoulkanner entgéint kënnt. D'Opwäertung vum Zentrum vu Rolleng duerch zousätzlech Gréngflächen an deem Beräich, soll e Pluspunkt an deem Projet duerstellen. Mir wäerten eis an der nächster Zäit intensiv domatter beschäftegen, fir esou kënne beim Virstelle vum nächste Plan pluriannuel prett ze sinn.

Fir bei de Schoulen ze bleiwen:

An der Eigent-Schoul si fir d'Schlussaarbechte vun der Mise en conformité 250.000 Euro agedroen. 2015 kann den Décompte finaliséiert ginn.

De Block « B » an der Eigent-Schoul wäert eis an deenen nächste Joeren 900.000 Euro Erneierunge kaschten. Dëse Schoulbau aus de 60er Joere brauch eng Moderniséierung vun der Technik. An 3 Phasë sollen déi Erneierungen duerchgefouert ginn. Gréisser Aarbechten am Elektresche sinn do geplangt. Leitunge mussen ersat an nei Tableauen agebaut ginn. An deem Block sinn nach al gossen Heizungsréier, déi Fiichtegkeetsproblemer matzéien. Duerch d'Ersetze mat moderne Materialie kënnen déi Punkte behuewe ginn. An deenen zwou éischte Phasë ginn d'Leitungen erneiert an een Deel vun de Plafonge wäert och schonn ersat ginn. Als lescht Phase sinn d'Gäng, mat de Plafongen, an den Ustrach virgesinn. Dëse Schantje wäert eis nach an den nächste Budgetsdiskussioune beschäftegen.

Fir de Schoulbetrib net dauernd ze stéieren, ginn déi gréissten Aarbechte während der grousser Vakanz programméiert. Den Oflaf gëtt zu gegebener Zäit ofgeschwat. Wann dës Phasë realiséiert sinn, huet d'Eigent-Schoul eng Gesamtsanéierung a Moderniséierung kritt a passt sech dem gesamte Gebai un. 250.000 Euro stinn an den aussergewéinlechen Ausgabe fir direkt d'nächst Joer kënnen ze schaffen.

D'Park-Schoul zu Péiteng steet mat 475.000 Euro an den aussergewéinlechen Ausgaben. Ugefaange soll gi mat der Renovatioun vun engem Schoulhaff, an zwar soll fir d'éischt am Schoulhaff, dee Richtung Park läit, mat den Aarbechten ugefaange ginn. De Plan pluriannuel gesäit 1 Milliou Euro fir d'Erneiere vun deenen zwee Schoulhäff vir. Och do sollen d'Schantercher a Phasen oflafen. D'Pläng vun deenen Aarbechten, déi an der grousser Vakanz 2015 an Ugréff geholl ginn, si bekannt. Eng nei Andeelung soll dem Schoulhaff en aneren Touch ginn. Eng gréisser Plaz ass virgesi fir d'Fräispill, eng Zone fir déi Schoulkanner, déi sech

gäre méi sportlech austoben, an e « coin de repos » mat Bänken a Gegréngs soll deene Kanner zur Verfügung stoen, déi et an der Paus gäre méi roueg hätten.

Dëse Schoulhaff, duerch seng zentral Implantatioun an der Uertschaft Péiteng, gëtt no der Ëmgestaltung eng flott, gréisser Spillplaz fir Kanner vu 6 bis 12 Joer. Eng Plaz, déi net nëmme soll während der Schoulpaus genotzt ginn, mä déi och ausserhalb vun de Schoulzäite soll déngen. Dëse Schoulhaff soll nom Ëmbau e Complément sinn zu der klenger Spillplaz nieft dem Gemengenhaus, déi fir déi Kleng geduecht ass. D'Eltere sollen do d'Geleeënheet kréien, fir mat hire Kanner Fräizäit ze verbréngen, an dat am Zentrum bei der Schoul, der Musekschoul an dem Park.

De Fousswee, deen d'Verbindung vum Park a Richtung Kuerstrooss mécht, gëtt am Kader vun dësem Projet mat enger neier Beliichtung ausgestatt. D'Erwaardung ass eng gréisser Sécherheet op dëser Plaz, déi jo vill benotzt gëtt. Un eng Begréngung fir d'Verschéinerung ass och geduecht.

Well während de Schoulzäiten déi zwee Schoulhäff gebraucht ginn, muss dëse Schantje während der grousser Vakanz duerchgefouert ginn.

D'Maisons Relaise sinn an de leschte Joeren e feste Bestanddeel vun eiser Gesellschaft ginn. Mir sinn do an der Flicht duerch déi nei Gesellschaftsformen, fir onse Kanner Opfankstrukturen unzebidden. D'Maisons Relaisen, wou d'Kanner vun allen Altersklassen un e multikulturellt Zesummeliewen erugefouert ginn, ass net onwichteg fir d'Integratioun, wou gewosst ass, datt bei eise Schoulkanner an iwwer 60% net déi Lëtzebuerger Sprooch an de Famillje praktizéiert gëtt.

De Moment weist eis Waardelëscht 100 Demanden un. Eng Situatioun, déi weder eis nach d'Eltere kann zefridde stellen. Eis Maisons Relaise fonctionnéieren op 3 verschidde Sitë vu mueres 6.45 Auer bis owes 19.00 Auer, während dem ganze Joer, d'Vakanzen abegraff.

Déi gewéinlech Ausgabe vun de Maisons Relaise sti mat enger Gesamtzomm vu 4.313.526 Euro am Budget. 550 Kanner ginn an de Maisons Relaise betreit an dann ass et net verwonnerlech, wann de Service de restauration eng Ausgab vu 740.000 Euro uweist.

Fir Séjouren, Locatioun vu Filmer, Dagesausflich an de Kino oder an e Park, si 24.000 Euro virgesinn. 13.000 Euro hu mer fir d'Fortbildung vum Personal agedroen. D'Vakanzaktioun, déi op Urode vum Ministère vun der Maison Relais organiséiert gëtt, steet mat 50.000 Euro fir d'Aktivitéiten am Budget.

Deem entgéint sti Recettë vun 3.141.112 Euro, déi sech folgendermoossen opdeelen:

- d'Participatioun vum Stat mat 2.721.112 Euro
- d'Participatioun vun den Eltere mat 420.000 Euro

D'Gedanke fir en Neibau zu Rolleng hunn ech jo schonn afléisse gelooss.

Fir de Projet « Nei Maison Relais zu Rodange », déi eis zousätzlech 100 Plaze bréngt, hu mir 2.200.000 Euro an den aussergewéinlechen Ausgabe virgesinn. Déi Zomm schéngt mer realistesch fir 2015.

Eng éischt Tranche vum Subsid vu 561.750 Euro erwaarde mer eis an den aussergewéinleche Recetten.

Eis Musekschoul ass e feste Pilier an eiser Gemeng. Éischt Versich fir eng punktuell méi enk Zesummenaarbecht mat de Museksgesellschafte fir eis jonk Museker si gutt verlaf. Esou eng Form vum « zesumme musizéieren » wier fir d'Zukunft vun de Museksveräiner wënschenswäert. D'Porte ouverte, d'Virspillen an de Schoulklassen, Stagen, Auditiounen a Concerte gehéieren, nieft den alldeegleche Coursen, zu den Aktivitéite vun der Schoul.

Mat iwwer 500 Schüler an 33 Chargéen huet d'Schoul e Käschtepunkt an der Héicht vun 2.041.518,46 Euro. Uerdentlech Recetten an der Héicht vun 1.027.400 Euro sinn desweideren am Budget vermierkt.

Wéi Uganks bemierkt, waarde mer op eng ministeriell Äntwert bezüglech dem Bauterrain, dee mer viséiere fir den Neibau vun der Musekschoul.

D'Péitenger Jugendhaus:

Am Budget stinn uerdentlech Ausgabe vun 184.000 Euro. Eng Zomm, déi zu gläichen Deeler vum Ministère gedroe gëtt. D'Educateuren am Jugendhaus hu fir d'Joer 2015 eng Rei vu Projeten op der Plattform presentéiert, déi vum Ministère guttgeheescht sinn. An deem Sënn ka weiderhin eng zefridden Aarbecht geleescht ginn. D'Jugendaarbecht vun de Streetworker bréngt déi grouss Problemer un d'Dagesliicht, ënnert deenen eng grouss Zuel vun de jonke Leit an dëser net einfacher Zäit, wou de Jugendchômage recht héich ass, ze liewen hunn. Déi Aarbecht huet awer och de Merite, datt déi Problemer erkannt ginn a mir kënne mathëllefen, eng Rei Mesuren z'applizéieren.

An der Philosophie vun enger gefächerter Jugendaarbecht an Ënnerstëtzung hu mir am Joer 103.625,23 Euro geduecht, fir d'Night-Card, de Loyer vum SNJ an d'Studentenaarbecht während de Vakanzen. Dobäi kommen nach 130.000 Euro u Subsiden, déi mir un eis Studenten ausbezuelen.

D'Formatioun vu Léierjongen a –meedercher, déi mir an eise Betriber kënnen duerchféieren, ass fir eis wichteg, genee esou wéi d'Integratioun vun de jonken Aarbechtslosen an de Rhythmus vun der Aarbechtswelt. Dofir si 475.744 Euro am Budget ageschriwwen. E Remboursement vum Stat an der Héicht vun 259.766 Euro erwaarde mer eis.

D'Gemengebauten:

Déi aussergewéinlech Ausgabe fir eis Gemengebaute belafe sech viraussiichtlech fir 2015 op 265.000 Euro. Verschidden Outillagë sinn do mat abegraff. Eng nei Façade an der Schoulstrooss zu Rodange steet scho länger um Kalenner. Mir hunn de Finissage vum Schantjen an der Philippart-Stroos ofgewaart fir déi Erneierung hei unzegoen. Alarmanlagen an nei elektronesch Zylindere si virgesinn. Soss ass näischt Gréisseres fir d'Joer 2015 virgesinn.

Am Budget rectifié stinn eng Rei Fënsteren am Stadhaus, den Ausbau am Peschenhaus an d'Vitraux Art aus dem Stadhaus. Dat ass schonn alles 2014 realiséiert ginn.

Am Dossier vun der Santé muss d'Cellule de crise nei opgestallt ginn, falls e gréissere Virfall zu Cattenom eist Land géing mat touchéieren. An de Schoulen a Maisons Relaise leien Donnéeën, fir datt esou schnellstens Hëllef kann ugebuede ginn am Katastrophefall.

D'Jugendkommissioun organiséiert jäerlech Aktivitéiten, wéi Rock the South, Open-Air Concerten, Konferenzen, den Job-Day, deen an enger vergréisserter Form fir 2015 virgesinn ass, Organisatiounen, déi agräifen an aner Kommissiounen, wéi d'Chancëgläichheet, Familljen oder SNJ. Zesumme mat dem Comité des Patrons, de Patronen aus der Gemeng, ginn d'Dieren opgemaach fir der Jugend Schnupperdeeg ze erlaben. D'Jugendkommissioun huet 10.000 Euro zur Verfügung fir Organisatiounen ze lancéieren a weider 17.000 Euro gi verbucht fir Jugendaktivitéiten zesumme mat de Kordallgemengen. Den Impakt bei der Jugend beweist, datt mer mat dësen Aktiounen um gudde Wee sinn.

Mat der Associatioun BDK hu mer scho länger Joeren eng Konventioun, déi eng gutt Zesummenaarbecht opweist. D'Organisateure programméieren hir Aktivitéiten an de Vakanzen ausserhalb de Gemengenorganisatiounen, wéi zum Beispill der Vakanzaktioun. Déi Kanner, déi net an enger Maison Relais ageschriwwe sinn, hunn do d'Méiglechkeet fir während der Vakanzenzäit allerhand ze erliewen.

D'Kommissioun vun der Chancëgläichheet huet fir d'Joer 2015 15.000 Euro un Ausgabe virgesinn. Eis Kommissioun fir Chancëgläichheet huet sech 2014 haaptsächlech mat der Charta ausernee gesat. Et ass gewosst, datt eng Kommissioun, déi sech am Joer 3 bis 4 mol trëfft, net séier virukënnt an deem groussen Domaine, dee sech net nëmme mat der Fraepolitik beschäftegt. D'Égalité des chances betrëfft sämtlech Domainë vun eiser Gesellschaft.

An deenen ausgeschaffte Punkten erwaart d'Kommissioun de Moment d'Mise en page, esou datt mer 2015 op mannst en Deel vun der Charta kënne virliesen. D'Chancëgläichheet an eise Gemengebetriber ass praktesch ëmgesat. Mir hunn eis trotzdem un enger Befroung bedeelegt – ausgeschafft a bezuelt vum Ministère – un där eis sämtlech Departementer sollte matmaachen. Den 12. Januar 2015 solle mer d'Analyse vun engem neutrale Büro virgeluecht kréien. Mir erhoffen eis reell Äntwerten op déi Froen, déi gestallt waren. Nëmmen da kënne mer Verbesserunge virhuelen.

Fir de Boy's & Girl's Day 2014 waren iwwer 50 Schüler agedroen. Dat ermontert eis fir deen Dag och 2015 nees ze organiséieren.

An eise Schoulen a Maisons Relaise gëtt fir eis Kanner, mat oder ouni auslänneschem Hannergrond, déi einfach e Problem virweisen, eng optimal Betreiung duerch extra EBS-Stonnen ugebueden. An dem « enseignement fondamental » ass dëst Joer e Projet ugelaf mat enger Classe Molécule, wou déi Schüler mat engem ganz opfällegem Behuelen extra gefördert ginn. Zousätzlech kann d'ASBL « La Main tendue » ganz séier agräifen, fir psychologesch ze hëllefen. De Budget fir psychologesch Hëllef an de Maisons Relaisen hu mer mat 22.000 Euro festgeluecht.

Weider an der Chancëgläichheet huet d'Main tendue d'Gérance vun de Gemengestudioen. D'Betreiung vun de Locatairen tëscht 18 a 27 Joer, déi « en détresse » sinn, läit an den Hänn vun de Psychologen an den Educateure vun der Main tendue.

D'Kommissioun fir d'Familljen, den Drëtten Alter an déi Leit, déi en Handicap hunn:

De Prozentsaz vun den eelere Leit an eiser Gesellschaft klëmmt vu Joer zu Joer. Et ass vu grousser Wichtegkeet, fir Opklärungsaarbecht ze maache fir déi Leit a Saache Sécherheet, Betreiung am Alter, Fräizäit a Sport. Geduecht sinn och am Joer 2015 Intergenerationus-Aktivitéite mat de Crèchen, dem Jugendhaus an der Seniorie.

Déi jonk Famille brauche selbstverständlech déi selwecht Opmierksamkeet. Mat der Eltereschoul zesummen organiséiere mer regelméisseg Konferenzen zum Thema Famill an Erzéiung.

Mir suerge fir Spillplaze mam Label « Sécher Spillplazen » a vu Luxcontrol kontrolléiert. An der Maach sinn och nei Vëlosweeër, eis Sportzentre sinn entweder nei oder moderniséiert. Mir stellen de Sportsveräiner gratis d'Infrastrukturen zur Verfügung a subsidiéieren zousätzlech hir Jugendaarbecht. Mir sinn och beméit, fir nei Aarbechtsplazen an eiser Gemeng ze schafen.

Am Wunnengsbau geet de Projet « An den Atzéngen » zügeg weider. D'Infrastrukturaarbechte stinn als nächst un. Jonk Famillje kënnen an den nächste Joeren en neit Liewen zu engem raisonnabele Präis an der Uertschaft Rolleng an d'A faassen.

Dir Dammen, Dir Hären,

Ech wëll schléissen no dësem kuerzen Abléck an d'Aarbechte vu menge Ressorten, déi ugebonne sinn un eng grouss organisatoresch Andeelung mat Mataarbechter, op déi ech muss ziele kënnen. Erausfuerderungen an deenen Dossieren, wou Professionalitéit a Seriositéit gefrot sinn, gehéiert zu der alldeeglecher Aarbecht, well mer ganz oft – an dat haaptsächlech am Beräich Kannerbetreiung – mat Iwwerraschunge konfrontéiert ginn.

Ech wëll vun dëser Plaz de Membere vu menge Kommissiounen e Merci ausspriechen, fir déi gutt Aarbecht an der Hoffnung, datt mer esou weider schaffe kënnen.

Onse Beamten, déi un dësem Budget täteg waren, well ech meng Mercien ausdrécken. E weidert Handelen an Upaken, realitéitsbewosst Schaffen, mat Visioune fir eng Zukunft, wou et sech an eiser Gemeng gutt wunnen a schaffe léisst, si meng Wënsch an domatter, datt mer dëse Budget kënnen ëmsetzen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Dir Dammen, Dir Hären,

Ech presentéieren iech hei a kuerzen Zich déi Haaptpunkte vum Budget extraordinaire 2015, déi ënnert meng Ressorten als Schäffe falen.

Service Parc (50.000 Euro): Do wäerte mer en neit Gefier fir eise Parkservice uschafen a verschidde Spezialmaschinnen, respektiv Geschir uschafen, wat sech dann op ronn 50.000 Euro chiffréiert. Et sinn dat eng Camionnette fir 35.000 Euro an eng Sableuse fir eis Sportsinfrastrukture fir 12.000.

Gemengegebaier (36.000 Euro): Et wier dat d'Uschafung vu Spezialéquipementer fir 18.000 Euro, Maschinnen a verschiddent Spezialgeschir fir 8.000 Euro an nach Verschiddenes fir 10.000 Euro.

Ecologie (20.000 Euro): Do hu mer 20.000 Euro virgesi fir d'Ausbezuele vu Primë wat den Naturschutz betrëfft.

Voirie rurale (52.000 Euro): Déi 52.000 Euro si virgesi fir d'Erneierung an d'Astandsetzung vu Bëschweeër.

Gestion des déchets (35.911 Euro): Dëst ass de Betrag, dee mer bäisteieren – esou wéi déi Joere virdrun och – fir de Bau vun de Gebailechkeete vum Minettkompost. Et bleift ervirzesträichen, datt mer als Péitenger Gemeng dee mannste Reschtmüll an eisem gréngen Dreck dran hu vu sämtleche Gemengen, déi Member an deem Syndikat sinn.

Naturschutz (39.000 Euro): Mir gesi 24.000 Euro vir, fir Analyse vun der Loftqualitéit an eiser Gemeng ze maachen. Et sief awer och ze soen, datt eis Loftwäerter ganz gutt sinn. 15.000 Euro gesi mer vir, fir d'Ausschaffe vun engem Konzept mam Ministère a fir Mesuren am Kader vun deem neie Naturschutzgesetz, an dëst an enker Zesummenaarbecht mat deem zoustännege Ministère.

Voirie vicinale a Spezialgefierer (160.000 Euro): Bei dësem Artikel ass virgesinn, fir eng nei Kiermaschinn fir 160.000 Euro unzeschafen. Dat ass och onbedéngt néideg, well déi al Maschinn mëttlerweil schonn 10 Joer al ass.

Kierfechter: Um Péitenger Kierfecht hu mer nei Lokaler op där Plaz virgesinn, wou d'Haus vum Doudegriewer stoung. Déi sinn och onbedéngt noutwenneg, fir en adaptéierte Service an och adequat Aarbechtskonditioune fir eis

Doudegriewer ze schafen. Fir déi Gebailechkeete sinn dann och 160.000 Euro am Budget rectifié virgesinn. Fir de Bau vun 12 neie Caveaue sinn dann och nach 16.000 Euro am Budget rectifié virgesinn.

Zu Rolleng um Kierfecht schafe mer en neie Container u fir de Stockage, mat Integratioun vun ëffentlechen Toiletten, an dat fir 12.000 Euro. Och de Bau vu 16 neie Caveauen ass virgesinn, woufir mer nach eng Kéier 19.000 Euro am Budget rectifié virgesinn hunn.

Gemengenatelieren (445.000 Euro): De Bau vun neie Gemengenatelieren op der Léngerstrooss – wouvu mer scho säit 1997, also schonns 17 Joer laang schwätzen, a wou bis elo scho während där Zäit 1 Millioun Euro budgetiséiert gi si fir Etuden a Pläng – ass batter néideg. Fir den definitive Projet an d'Ausschreiwunge gesi mer da 440.000 Euro vir.

Hygiène publique (253.000 Euro): Mir wëllen en neien Dreckswon uschafen. Domatter ersetze mer ee Won, dee mëttlerweil scho méi ewéi 12 Joer um Bockel huet. De Käschtepunkt läit bei 250.000 Euro.

Sportsfelder (195.000 Euro): 195.000 Euro hu mer zousätzlech virgesi fir den Aménagement vum Rollenger Fussballsterrain, an dat duerch déi Ursaachen, déi mëttlerweil jidderengem bekannt sinn. Dës Zomm kënnt bei déi 390.000 Euro dobäi, déi mer initialement virgesinn haten, esou datt mer domatter dee Projet definitiv ofgeschloss kréien.

Schwämmen (190.000 Euro): An der PiKo-Schwämm zu Rodange, déi och scho bal 10 Joer besteet, gesi mer vir, fir d'Gradinen nei ze maachen, well déi mëttlerweil relativ vill ofgenotzt sinn. Déi Aarbechte schloe mat 160.000 Euro zu Buch. 30.000 Euro gesi mer vir, fir e Système de comptage mat enger Affiche no baussen hin ze installéieren.

Dat wier et vu menger Säit an ech géing iech villmools Merci soe fir d'Nolauschteren.

# Gemeinderatssitzung vom 12. Dezember 2014

**Anwesend:**

| | | |
|---|---|---|
| **Mellina Pierre**, Bürgermeister (CSV) | | **Breyer Roland**, 1. Schöffe (CSV)<br>**Conter-Klein Raymonde**, 2. Schöffe (CSV)<br>**Mertzig Romain**, 3. Schöffe (LSAP) |
| **Bosseler Camille** (CSV)<br>**Conzemius-Holcher Josette** (CSV)<br>**Gira Carlo** (CSV)<br>**Polfer John** (CSV)<br>**Rosenfeld Romain** (CSV) | **Brecht Guy** (LSAP)<br>**Gonçalves Cátia** (LSAP)<br>**Pierre Norbert** (LSAP)<br>**Stoffel Marco** (LSAP) | **Becker Romain** (déi gréng)<br>**Scheuer Romain** (déi gréng)<br>**Tockert Claude** (DP)<br>**Thein Joe** (adr) |

**Abwesend und entschuldigt:**

/

**1. – Einziger Punkt:**
**Abgeänderter Haushalt des Jahres 2013 sowie Haushaltsentwurf 2014 der Gemeindeverwaltung.**

Vorstellung und Kommentare durch den Schöffenrat.

# Séance publique du 15 décembre 2014

***Durée de la séance:*** *14.45 à 19.40 heures*

## Présents:

| | | |
|---|---|---|
| **Mellina Pierre**, bourgmestre (CSV) | | **Breyer Roland**, 1er échevin (CSV)<br>**Conter-Klein Raymonde**, 2e échevin (CSV)<br>**Mertzig Romain**, 3e échevin (LSAP) |
| **Bosseler Camille** (CSV) – jusqu'au point 11. inclus<br>**Conzemius-Holcher Josette** (CSV)<br>**Gira Carlo** (CSV)<br>**Polfer John** (CSV)<br>**Rosenfeld Romain** (CSV) | **Brecht Guy** (LSAP)<br>**Gonçalves Cátia** (LSAP)<br>**Pierre Norbert** (LSAP)<br>**Stoffel Marco** (LSAP) | **Becker Romain** (déi gréng)<br>**Scheuer Romain** (déi gréng)<br>**Tockert Claude** (DP)<br>**Thein Joe** (adr) – à partir du point 9. |

## Absents et excusés:

**Bosseler Camille** (CSV) – à partir du point 12.
**Thein Joe** (adr) – jusqu'au point 8.2. inclus

# ORDRE DU JOUR

**Séance à huis clos (14.45 heures)**

1. Affaires sociales: Nomination d'un éducateur diplômé (m/f) pour les Maisons Relais (30 heures/semaine) - décision.
2. Enseignement musical
   2.1. Classement d'un chargé de cours (m(f) - décision.
   2.2. Ratification de deux contrats de travail - décision.

**Séance publique (15.00 heures)**

3. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
4. Personnel communal
   4.1. Fixation des emplois du cadré fermé dans les différentes carrières des fonctionnaires communaux - décision.
   4.2. Création d'un poste d'employé communal (m/f) pour les besoins de la cellule sécurité - décision.
5. Propriétés
   5.1. Approbation de l'acte concernant l'acquisition gratuite d'une parcelle sise à Pétange, rue de l'Eglise de la part de Mme Marie Franck et M. Armand Goldschmit - décision.
   5.2. Approbation de l'acte concernant la cession gratuite de diverses parcelles sises à Pétange, lieux-dits «Rue des Promenades», «An der Prënzewiss» et «An den Jenken» à M. Enzio Alleva - décision.
   5.3. Approbation de l'acte concernant l'échange de terrains sis à Pétange, rue des Promenades avec M. Paul Scholtes - décision.
   5.4. Approbation de l'acte concernant la vente d'une parcelle sise à Rodange, rue Jos. Philippart à M. Joao De Sousa Araujo et Mme Lucilia Ribeiro Antunes - décision.
   5.5. Approbation de l'acte concernant l'acquisition de constructions édifiées sur un terrain sis à Rodange, avenue Docteur Gaasch n° 82 avec le Fonds pour le Développement du Logement et de l'Habitat - décision.
   5.6. Approbation de l'acte concernant la vente de quotes-parts de terrains sis à Rodange, avenue Docteur Gaasch n° 82 avec le Fonds pour le Développement du Logement et de l'Habitat - décision.
   5.7. Approbation de l'acte de base et du règlement de copropriété concernant un immeuble érigé à Rodange, avenue Docteur Gaasch n° 82 avec le Fonds pour le Développement du Logement et de l'Habitat - décision.
6. Prévisions sociales
   6.1. Création d'un poste d'aide-éducateur (m/f) et augmentation de la tâche d'un poste d'aide-éducateur (m/f) - décisions.
   6.2. Approbation de la convention avec le Ministère de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse fixant la participation financière aux frais de construction de la nouvelle Maison Relais à Rodange - décision.

6.3. Approbation de la convention avec ProActif asbl et l'Association des Musées et Tourisme Ferroviaire asbl (AMTF Train 1900) concernant la réinsertion de chômeurs sur le marché du travail - décision.
6.4. Aide au Tiers Monde: Approbation du projet pour la rescolarisation d'enfants travaillant dans les mines dans l'Etat de Karnataka (Inde) - décision.
6.5. Aide au Tiers Monde: Approbation du projet pour la construction et l'équipement d'une maternité et d'une pédiatrie à Kinshasa (Afrique) - décision.
6.6. Aide au Tiers Monde: Approbation du projet pour la réduction de la mortalité infantile dans la communauté andine à Quechua (Pérou) - décision.
6.7. Aide au Tiers Monde: Approbation du projet pour la construction de cinq salles de classes équipées au Burkina Faso (Afrique) - décision.
6.8. Aide au Tiers Monde: Approbation du projet pour la construction d'un centre de formation pour enseignants au Soudan du Sud (Afrique) - décision.

7. Ordre public: Autorisation pour une action de vente de porte à porte dans la Commune - décision.
8. Vie associative
   8.1. Radiation de l'asbl «Seishin Karaté-Do» de la liste des sociétés subsidiées - décision.
   8.2. Admission de l'asbl «Cheyto Karateka Lamadelaine» sur la liste des sociétés subsidiées et attribution d'un subside - décision.
9. Sylviculture: Approbation des devis et plan de gestion des forêts communales pour l'année 2015 - décision.
10. Environnement: Approbation du programme d'action annuel pour l'année 2015 du Sicona - décision.
11. Transports et communications: Confirmation d'un règlement d'urgence de la circulation routière - décision.
12. Budget rectifié de 2014 et projet de budget pour 2015 de l'administration communale: discussions et appréciations des conseillers communaux - réponses des membres du collège des bourgmestre et échevins.

---

# COMPTE RENDU

## 1. à 2.

### Les points 1 à 2 de l'ordre du jour ont été traités en séance à huis clos.

Le conseil communal de Pétange a cependant décidé à l'unanimité de rendre public les décisions suivantes:

**Nomination d'un éducateur diplômé (m/f) pour les Maisons Relais – décision.**

Mme *Pevergne Mélanie* d'Athus (B) est engagée comme éducatrice diplômée à tâche partielle (30 heures par semaine) sous le statut du salarié et à durée indéterminée.

## 3.

### Communications du collège des bourgmestre et échevins.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Och wann et haut déi zweetlescht Gemengerotssëtzung vum Joer ass, esou ass et fir een heibannen déi lescht Sëtzung. Mir hunn haut matgedeelt krut, datt den Här Camille Bosseler op den 1. Januar 2015 aus dem Gemengerot demissionéiert. A well den Här Bosseler sech scho fir déi Sëtzung vum nächste Freideg entschëllegt huet, well hien dann an der Vakanz ass, ass et fir hien haut dee leschte Gemengerot.

De Camille Bosseler gehéiert zu dësem Gemengerot zanter deene leschten 31 Joer. Hien ass deejéinegen, deen am « tableau d'ancienneté » op der éischter Plaz steet. Hien huet säit 31 Joer d'Bänk hei gedréckt an hien huet sech hei agesat fir d'Bierger aus der Péitenger Gemeng.

Hien ass – an ech hu mer ganz séier e puer Notize gemaach, well hien huet mech mat där Informatioun awer e bëssen iwwerrascht – den 22. Juli 1936 zu Déifferdeng gebuer, ass mat der Madame Gansen Angela bestuet, ass Papp vun engem Meedchen, Danièle, an huet eng Enkelin an dat ass d'Julie. Ech weess, datt hie ganz oft mam Julie ënnerwee ass an och oft beim Tennis ze gesinn ass.

Hien ass den 8. Abrëll 1983 an de Péitenger Gemengerot komm. An do sinn der heibannen, déi waren dunn emol nach net op der Welt. De Camille war awer du schonn am Gemengerot an huet eng ganz Rei vu Funktioune gehat. Hie war och zu engem gewëssene Moment am Schäfferot. Dat war zu deem Zäitpunkt, wou den Här Halsdorf Minister ginn ass a well hien an der Anciennetéit deen Eelste war, huet hie während de Summerméint dee fräie Poste fir eng kuerz Zäit assuréiert, an dat esoulaang bis déi nei Nominatioune waren.

Hie war ganz laang a ganz ville Syndikater an zwee Syndikater louchen him besonnesch um Häerz. Dat eent war den TICE, an deem hie während 20 Joer war a wou hien och d'gëllen Auer kritt huet. En anere Syndikat, deen him um Häerz louch, war de SICONA. Hie war e Mann, deen d'Natur gären hat an am SICONA konnt hie sech fir d'Natur an der Péitenger Gemeng asetzen.

Hie war och an enger ganzer Rei vu Kommissiounen. Ech wëll der do nëmmen zwou ernimmen, an dat ass d'Bautekommissioun an d'Verkéierskommissioun.

Camille, du hues mech einfach mat dëser Nouvelle iwwerrascht. Wann ech dat e bëssen éischter gewosst hätt, dann hätt ech mech e bësse kéinten drop virbereeden. De Camille huet ganz vill fir déi Péitenger Gemeng gemaach an huet och ganz vill hei am Gemengerot geschafft. Hien huet sech fir d'Bierger agesat an hat och ëmmer en oppent Ouer fir d'Bierger. Hie war och ëmmer um Terrain. An dat éischt, wat hie mer gesot huet, wou ech an der Politik ugefaangen hunn, war, datt ee muss ënner d'Leit goe fir ze héieren, wat hinnen um Häerz läit. Well soss kanns de net anstänneg Politik maachen.

De Camille huet dat an all deene Joeren « à la merveille » gemaach. Hien ass fir eis alleguerten e Virbild gewiescht an dofir géife mer him elo schonn emol alles Guddes wënsche fir seng zukünfteg Aufgaben, deenen hie sech wäert unhuelen. Well hien huet a senger Demissioun geschriwwen « après plus de 30 années de vie politique locale, j'ai décidé de donner la priorité à ma vie familiale et privée. » Dat steet dem Camille zegutt a mir wënschen him all Guddes a senger Fräizäitbeschäftegung. A mir wäerte sécherlech nach déi eng oder aner Kéier op hien zeréckgräifen, well e Mann mat senger Erfahrung huet sécherlech nach eng Ursaach, fir déi eng oder aner Aufgab an der Gemeng ze iwwerhuelen.

Nach eng Kéier, Camille, e grousse Merci vun eis alleguerten, fir deen Asaz, deen s de während 31 Joer hei an der Gemeng bruecht hues. A mir wäerten dat dann nach spéider a gebührendem Kader feieren.

**Bosseler Camille (CSV):**

Ech soe villmools Merci fir déi schéi Wierder, déi der fonnt hutt fir mech. Et ass richteg, datt et eng laang Zäit war. A wann der mengt, dir wäert iwwerrascht ginn, esou war et mäi Liewen, datt ech éischter roueg war. Ech wëll net vill Opwand hunn. Ech soen och all deene Leit dobausse Merci, mat deenen ech esou laang Joeren zesumme geschafft hunn an déi och ëmmer en oppent Ouer haten. Nach eng Kéier vun Häerze Merci. A wann een iergendwou Hëllef brauch, esou sinn ech ëmmer do, fir ze hëllefen.

**Rosenfeld Romain (CSV):**

Et ass – mengen ech – ubruecht, fir dem Camille Merci ze soe fir déi laang politesch Carrière, an där hien ëmmer korrekt war an ni eng falsch Oder u sech hat. An dofir géife mir vun der CSV-Fraktioun dem Camille nach vill schéi Joeren zesumme mat senger Famill wënschen an him wënschen, datt e seng gutt Gesondheet bäibehält.

**Brecht Guy (LSAP):**

Dat Ganzt kënnt och fir eis Partei e bëssen iwwerraschend. Hei trëtt e regelrechten Dinosaurier of, wann een dat kann esou soen. De Camille, an dat wësse mer alleguerten, ass oft belächelt ginn. Mä hie war awer immens efficace, an dat net nëmmen heibannen, mä och dobausse bei de Leit. Camille, ech soen der Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht, déi mer ëmmer mat dir haten. Du waars ëmmer e joviale Kärel, du bass ni béiss ginn, och wann een der eppes an de Kapp gehäit huet, wat der net esou gepasst huet. Du hues ëmmer eng Manéier fonnt, fir anstänneg ze äntweren.

Camille, ech soen der ganz éierlech, dass de eis heibanne wäers feelen. A mir wënschen der als LSAP-Fraktioun eng schéi Pensioun an huel der et nach gutt fir de Rescht vun de Joeren.

**Becker Romain (déi gréng):**

Camille, du waars deen, deen eis geléiert huet an deen eis heibanne bäibruecht huet, wéi ee soll am Bësch schaffen a wéi een d'Bëscher soll botzen an eis gesot huet, wou watfir Bëscher sinn. Du wäers eis wuel feelen hei am Sall, virun allem wéinst der Manéier, mat däers du mat de Kollegen hei am Sall zesumme geschafft hues.

Camille, mir wënschen dir vun der grénger Fraktioun alles Guddes fir däi spéidert Liewen, e Liewen, dat dann net méi politesch geprägt ass, mä wou s de der da kanns Zäit huele fir dat, wat s de wëlls.

De Buergermeeschter huet gesot, datt een dech ëfters mat denger Enkelin beim Tennis gesinn huet. Ech hoffen, dass de awer oppasst beim Tennis spillen. Mir wënschen der alles Guddes.

**Bosseler Camille (CSV):**

Ech wäert dat och maachen. Mä am Bësch wäert der mech awer och nach oft gesinn.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Domatter wier déi éischt Ronn vun deem Abschid ofgeschloss. Mä et ass awer nëmmen e provisoreschen Abschid, well mer deen awer zu engem spéidere Moment nach gebührend wäerten nohuelen.

## 4.1.

### Personnel communal.

Fixation des emplois du cadre fermé dans les différentes carrières des fonctionnaires communaux – décision.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Hei geet et ëm eng relativ strukturéiert Matière. Jee nodeem, wéivill Leit an deene verschiddene Carrière vum Gemengesecteur sinn, ginn eng Rei Posten am « cadre fermé » definéiert. Als Beispill komme bei de Redakteren, wou 23 Leit sinn, 10 Stéck an de « cadre fermé ». A vun deenen 10 kommen der 3 an de Grad 11, 4 an de Grad 12 an 3 an de Grad 13. Dat ass gestaffelt. Duerch e groussherzoglecht Reglement ass genee festgehalen, wéivill Posten an deene verschiddene Graden definéiert sinn. Den Detail dovunner fannt der an ären Ënnerlagen.

**Accord à l'unanimité.**

## 4.2.

### Personnel communal.

Création d'un poste d'employé communal (m/f) pour les besoins de la « cellule sécurité » - décision.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dir wësst, datt mer dëse Punkt schonn déi lescht Gemengerotssëtzung op der Dagesuerdnung haten. Mir haten awer do een e bësse méi mitigéierten Avis vun der Delegatioun virleien. Doropshin hu mer eis no der Sëtzung nach eng Kéier mat der Delegatioun en een Dësch gesat. Mir hunn de Pro an de Kontra vun deenen eenzelne Varianten, déi um Dësch louchen, diskutéiert a si schlussendlech gemeinsam zur Conclusioun komm, datt déi Propositioun, déi de Schäfferot ausgeschafft hat, och déi richteg ass. Esou datt am Fong d'Delegatioun vun de « Fonctionnaires et Employés communaux » hiren Avis liicht op e puer strategesch wichtege Punkte geännert huet. Mir hunn domatter e positiven Avis vun der Delegatioun a kënnen dann elo dem Gemengerot proposéiere fir en neie Posten ze schafen am Kader vum « employé communal (m/f), carrière D technique ». Deen neie Mataarbechter muss awer entweder de Certificat de fin d'études secondaires, secondaires techniques oder den Diplom vum Ingénieur-technicien hunn. Well et jo en Employé communal gëtt, gëtt dann och duerno e Klassement gemaach a Fonctioun vu senger Anciennetéit an a Fonctioun vu enger Experienz. Dat alles wäerte mer dann Uganks 2015 gesinn.

Op jiddwer Fall hate mer eng ganz konstruktiv Diskussioun mat der Delegatioun. An esou Diskussioune wäerte mer och an Zukunft éischter féieren, an net méi op dee leschte Stëppel, an da wäerte mer an Zukunft esou Pannen, wéi déi di leschte Kéier, vermeiden.

Mir sinn eis, wat de Fong ubelaangt, mat der Delegatioun eens an dofir proposéiere mer dem Gemengerot, fir elo dee Posten ze schafen.

**Bosseler Camille (CSV):**

Ech hat déi leschte Kéier scho gefrot, ob deen neie Mataarbechter sech och géif ëm d'Hygiène bekëmmeren, zum Beispill an de Maisons Relaisen, a kontrolléiert, ob do och alles an der Rei wier.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Am Prinzip ass dee Mataarbechter fir d'Sécherheet zoustänneg. Hien ass u sech net fir d'Hygiène zoustänneg. Mir hunn awer an deem Kader – besonnesch bei de Maisons Relaisen – en Agreement, dee mer vum Ministère de l'éducation nationale et de la jeunesse musse kréien. An do gi vum Ministère regelméisseg Kontrolle gemaach, fir ze kucken, ob all déi Konditiounen erfëllt sinn.

Dee Mann oder Fra, dee mir hei astellen, ass fir d'Sécherheet zoustänneg, an dat haaptsächlech fir d'Sécherheet vun eise Mataarbechter op den Aarbechtsplazen. Näischt verhënnert, wann hien elo eng Saach gesäit, déi net an der Rei ass, fir déi ze mellen. Mä hien huet awer keng spezifesch Responsabilitéit an deem Beräich.

**Accord à l'unanimité.**

## 5.1.

### Propriétés.

Acte pour l'acquisition gratuite, de la part de Mme Marie Franck et M. Armand Goldschmit, d'un terrain à Pétange – approbation.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dësen Acte baséiert op engem Ofkommes, dat an de 50er Joeren tëscht där Famill an der Gemeng geholl ginn ass. Do war e « mur mitoyen », a wou mer eisen neien Office social gebaut hunn, hu mer déi Saach miisste regulariséieren. Op Grond vun deem Ofkommes vun 1956 cedéiere si eis déi ganz kleng Parzell vun engem Zentiar gratis. Domatter steet dann och eist Gebai integral op Gemengenterrain. De Compromis hu mer de 5. Mäerz 2014 ënnerschriwwen an de 16. Juni ass deen duerch de Gemengerot gaangen. An haut läit dann den Acte fir, deen nach vum Gemengerot muss guttgeheescht ginn.

**Approbation à l'unanimité.**

## 5.2.

### Propriétés.

Acte concernant la cession gratuite de diverses parcelles sises à Pétange, lieux-dits « rue des Promenades », « an der Prënzewiss » et « an de Jenken » à M. Enzio Alleva – approbation.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Da komme mer zu de Punkte 5.2. a 5.3., déi enk matenee verbonne sinn. Do hu mer op verschiddene Plazen engersäits Cessioune gemaach un den Här Enzio Alleva an op där anerer Säit hu mer als Gemeng vum Här Paul Scholtes Terraine krut. Och den Här Enzio Alleva huet dem Här Paul Scholtes verschidden Terraine ginn. Et goufen elo do 2 Actë gemaach. Engersäits géife mer dem Här Enzio Alleva 3 ganz kleng Terraine vun am Ganzen 51 Zentiar gratis cedéieren. Et ass dat haaptsächlech do, wou hie säi Gebai drop stoen huet.

A beim Punkt 5.3. kréie mer vum Här Scholtes 65 Zentiar cedéiert a mir ginn dem Här Scholtes en Terrain vun 3 Zentiar. Domatter kréie mer dann endgülteg déi Situatioun an der « rue des Promenades » regulariséiert.

**Approbation à l'unanimité.**

## 5.3.

### Propriétés.

Acte concernant l'échange de terrains sis à Pétange, rue des Promenades avec M. Paul Scholtes – approbation.

**Approbation à l'unanimité.**

## 5.4.

### Propriétés.

Acte concernant la vente d'une parcelle d'une contenance de 30 centiares sise à Rodange, rue Jos. Philippart à M. Joao De Sousa Araujo et Mme Lucilia Ribeiro Antunes – approbation.

**Approbation à l'unanimité.**

## 5.5.

### Propriétés.

Acte concernant l'acquisition de constructions édifiées sur un terrain sis à Rodange, avenue Dr Gaasch n° 82 avec le Fonds pour le Développement du Logement et de l'Habitat – approbation.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Op Nummer 82 am Blobierg hu mer e Gebai zesumme mam Fonds pour le Développement du Logement et de l'Habitat gebaut. Um Rez-de-chaussée, respektiv am Sous-sol ass eise Précoce, respektiv eisen 1. Zyklus vun der Grondschoul vu Rodange ënnerbruecht. Um 1. an um 2. Stack, respektiv ënner dem Daach si Sozialwunnenge fir eeler Leit.

Mir hunn do eng Copropriétéit an et geet drëm, fir de Solde ze bezuelen. Dir wësst, datt mer déi Raimlechkeete virun enger Zäitche schonn ageweit hunn, mä den Acte ass awer eréischt elo am November gemaach ginn. Mir haten awer schonn 1 Millioun Euro als Acompte un de Fonds du Logement bezuelt. Dee ganze Solde, deen ze bezuelen ass, beleeft sech op 3.262.325,65 Euro. Well mer schonn 1 Millioun Euro bezuelt hunn, musse mer nach 2.262.325,65 Euro bezuelen.

Ech géif dann de Gemengerot bieden, fir dësen Acte guttzeheeschen, esou datt mer dann och kënnen déi Suen un de Fong iwwerweisen.

**Approbation à l'unanimité.**

## 5.6.

### Propriétés.

Acte concernant la vente de quotes-parts de terrains sis à Rodange, avenue Dr Gaasch n° 82 avec le Fonds pour le Développement du Logement et de l'Habitat – approbation.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dëse Punkt hänkt och mam Punkt 5.5. zesummen. Well déi Terrainen der Gemeng Péiteng gehéiert hunn an de Fong awer elo – duerch déi Copropriétéit - zu 541,33/1.000es Proprietaire vun deenen Terraine géif ginn, musse si eis déi

Part vun deenen Terraine bezuelen. Dat mécht 433.064 Euro aus. Esou wéi mir eisen Deel bannent zwee Méint mussen un de Fong bezuelen, kréie mir och bannent 2 Méint no der Transkriptioun vum Acte déi heite Suen iwwerwisen.

**Approbation à l'unanimité.**

## 5.7.

### Propriétés.

Acte de base avec règlement de copropriété concernant l'immeuble érigé à Rodange, avenue Dr Gaasch n° 82, avec le Fonds pour le Développement du Logement et de l'Habitat – approbation.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Well mer eng Copropriétéit hu mat dem Fonds du Logement, ass et selbstverständlech, datt mer en « acte de base » an e « règlement de copropriété » definéieren. An dësen Acte muss och vum Gemengerot approuvéiert ginn, fir datt e seng Gültegkeet huet.

**Approbation à l'unanimité.**

## 6.1.

### Affaires sociales.

Création d'un poste d'aide-éducateur (m/f) et augmentation de la tâche d'un poste d'aide-éducateur (m/f) – décision.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Mir hu bei eis an de Maisons Relaisen heiansdo kleng Problemer, wat d'Ersetze vum Personal ubelaangt. Mir hunn iwwer 550 Kanner ze betreien a mir hunn e Staff vu 74 Salariéen, wouvunner 37 « aides-éducateurs » sinn. A vun deene 37 sinn 12 Leit, déi als Remplaçant figuréieren. Well mer an der Lescht awer ganz oft Krankeschäiner hunn oder Congé de maternité oder normale Congé mussen ersat ginn, hu mer iwwer déi lescht 3 Joer Analyse gemaach. Mir hu festgestallt, datt mer mat deem Personal, wat mer de Moment hunn, net méi hikommen an zevill Iwwerstonnen zesummekommen. Aus deenen Analysen ass erausgaangen, datt – wa mer elo géingen 1 Poste vun 10 Stonnen op 16 Stonnen erhéijen an e weidere Poste vu 16 Stonne géife schafen – mer wuel net ganz aus den Iwwerstonne géifen erauskommen, mä et awer eng wesentlech Verbesserung géif bedeiten.

Mir hunn och en Avis bei der Delegatioun ugefrot, deen och positiv ausgefall ass. Mir mussen natierlech präziséieren, datt et sech haaptsächlech ëm Remplaçantë géing handelen. Fir elo deene Strukturen an de Maisons Relaisen e wéineg méi Loft ze ginn, wier ech frou, wann de Gemengerot deem Punkt hei géif zoustëmmen.

**Accord à l'unanimité.**

## 6.2.

### Prévisions sociales.

Convention avec le Ministère de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse fixant la participation financière aux frais de construction de la nouvelle Maison Relais à Rodange – approbation.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Bei dësem Punkt geet et drëm, fir e Subsid fir de Bau vun där neier Maison Relais zu Rodange kënnen ze kréien. Dat ass elo esou festgehalen, datt de Stat eis eng « participation financière limitée » zougesteet vu 50% vun deem, wat de Bau kascht. Beim Aménagement vun der Struktur si mer taxéiert gi fir 104 Kanner a mir kréien 10.000 Euro pro Stull.

Fir d'Kichen, déi an der Maison Relais soll ageriicht ginn, kréie mer eng Participatioun vu 75.000 Euro a fir eng « aire de jeux extérieure » kréie mer nach eng Kéier 8.500 Euro.

Esou datt mer alles an allem fir déi Maison Relais zu Rodange, déi eis iwwer 4 Milliounen Euro kaschte wäert, vum Stat e Subsid vun 1.123.500 Euro kréien.

Wann déi heite Conventioun elo ënnerschriwwen ass, da kënne mer froe fir en Acompte ze kréie fir ze bauen. En zertifizéierten Décompte muss spéitstens 2 Joer no der Validitéit vum 1. Agreement vun dëser Conventioun eragoen. Wa mir sollte bannent 15 Joer keng Maison Relais méi géifen an deem Gebai fonctionnéiere loossen, da musse mer natierlech dem Stat pro rata déi finanziell Ënnerstëtzung zeréckbezuelen, déi mir zougestane kritt hunn.

**Gira Carlo (CSV):**

Wann ee kuckt, wat eis dee Projet am Ganze kascht, da kréie mer ronn ee Véierel vum Stat bezuelt. Da wollt ech froen, ob et sech bei deenen 104 Kanner ëm Kanner handelt, déi permanent do sinn? Oder ass et esou, datt iwwer d'Mëttesstonn méi Kanner do sinn an déi aner Zäit net esou vill Kanner betreit ginn?

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Mir mussen eis wahrscheinlech un déi nei Conventioun halen, déi an der Maach ass. An no deene leschten Informatioune sollen do ganz nei Plage vum Ministère festgeluecht ginn an un déi mir eis mussen halen. Esou datt mer elo nach net kënnen definitiv soen, ob dat heiten elo wierklech 104 Plaze sinn, déi nëmme fir d'Mëttesstonn geduecht sinn. Well et soll eng ganz aner Struktur an d'Maisons Relaise kommen, wou d'Plagen ëmmer solle mat 2 Stonnen definéiert ginn an iwwer de Chèque service musse lafen. Ech hoffen, datt ech am Januar scho méi Präzisiounen hunn an da kann ech dem Gemengerot déi viru ginn.

Et sinn nach Versammlunge mam Ministère geplangt an ech hoffen, datt mir och ëm eis Meenung gefrot ginn.

Mä sécher ass awer, datt de Maximum fir déi Maison Relais 104 Kanner ass.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

An ech hoffen, datt et bei deenen 104 Kanner bleift, well soss kréie mer och manner Subsid.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Jo, anscheinend hu se decidéiert, datt all Kand méi Quadratmeter zur Verfügung soll hunn. Ech hoffen, datt dat och esou klappt mat deem Bau, dee mer elo am gaange sinn hei ze maachen. Net datt mer effektiv duerno – esou wéi den Här Buergermeeschter seet – manner hunn. A wa mer manner Kanner kënnen huelen a mat der grousser Waardelëscht, déi mer hunn, ass da keen zefridden. Weder mir nach d'Elteren.

**Approbation à l'unanimité.**

## 6.3.

### Prévisions sociales.

Convention avec ProActif asbl et l'Association des Musées et Tourisme Ferroviaire asbl (AMTF Train 1900)

concernant la réinsertion de chômeurs sur le marché de travail – approbation.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Bei dëser Conventioun geet et engersäits drëm, fir Chômeuren erëm zeréck op den Aarbechtsmaart ze kréien an anerersäits fir eng Rei Aarbechten am Fond-de-Gras ze maachen, déi am Intressi vun der touristescher Entwécklung vun deem Site sinn.

Mir hunn d'Conventioun dëst Joer e bëssen iwwerschafft an e bësse méi präzis gemaach. Mir hu fir d'alleréischt d'Tariffer « hors TVA » definéiert, well mer nach net zu 100% wëssen, wéi d'TVA 2015 wäert sinn, och wa mer dovunner ausginn, datt d'TVA wäert 17% sinn. Mä dee Moment, wou mer d'Conventioun ënnerschriwwen haten, war d'Gesetz jo nach net gestëmmt, dofir hu mer dat Ganzt « hors TVA » ausgeriicht. Op der anerer Säit hu mer awer am Budget schonn enger TVA vu 17% Rechnung gedroen, esou datt mer do awer am Gudde sinn.

D'Gréissenuerdnung vun der Conventioun ass ähnlech wéi an deene vergaangene Joeren.

**Bosseler Camille (CSV):**

Et kann een nëmme begréissen, datt esou Leit do agestallt gi fir déi Aarbechten ze maachen. Well ech sinn der Meenung, datt um touristesche Plang nach vill Nohuelbedarf do besteet. Wann ee gesäit, wéi d'Trëppelweeër ausgesinn, da miissten déi wierklech an d'Rei gesat ginn. Wann een zum Beispill duerch de Mëllerdall fiert, da gesäit een, watfir eng wonnerbar Aarbecht se do gemaach hunn an dat och elo eréischt an deene leschte Joeren.

Well wann déi Saachen an der Rei sinn, dann zitt een och Touristen un. An wann ech den Train 1900 kucken, esou hunn ech déi leschte Kéier gemierkt, datt deen ëmmer méi Zoulaf kritt. Et ass wierklech eng schéi Géigend, déi mir do hunn, awer si muss an der Rei gehale ginn.

An ech kann nëmme felicitéieren, datt versicht gëtt, fir iwwer dee Wee hei Chômeuren anzestellen a se zeréck op den Aarbechtsmaart ze kréien. An ech sinn iwwerzeegt, datt déi Leit och hire Match do maache wäerten.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dat ass richteg an esou gesi mir dat och. An de Gemengerot huet bis elo jo och ëmmer déi Conventioun ënnerstrach. Esou wéi och déi Subsiden, déi mer an de CIGL investéieren. Well mer einfach der Meenung sinn, datt dat eng gutt Saach ass, an dat engersäits fir eis Bevëlkerung a fir eis Gemeng, an anerersäits och fir déi Leit, déi op der Sich no Aarbecht sinn.

**Approbation à l'unanimité.**

## 6.4.

### Prévisions sociales.

Aides au Tiers Monde: aide financière de 7.500 euros pour le projet relatif à la scolarisation d'enfants travaillant dans les mines dans l'Etat du Karnataka (Inde) – décision.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Am Kader vun der Drëtt-Welt-Hëllef hu mer all Joer 30.000 Euro um Budget virgesinn. Eis Gemeng huet sech als Member vum Klimabündnis Lëtzebuerg engagéiert – wou se déi Conventioun 1996 ënnerschriwwen huet – fir sech och vis-à-vis vun ONGen ze engagéieren.

Den éischte Projet ass fir eng finanziell Hëllef fir eng Rescolarisatioun vu Kanner an Indien, déi an de Minne schaffen. Mir schaffen do mat engem lokale Partner zesummen a mir géife proposéieren, fir hinnen iwwer « Aide à l'Enfance de l'Inde » 7.500 Euro zoukommen ze loossen.

**Bosseler Camille (CSV):**

Och wa mer an enger Zäit sinn, wou mer wierklech mussen zeréckschrauwen a wou iwwerall muss gespuert ginn, fannen ech et trotzdem eng ganz gutt Saach, datt mer awer déi Äermst vun deenen Aarmen net vergiessen an eise Bäitrag do leeschten.

**Accord à l'unanimité.**

## 6.5.

### Prévisions sociales.

Aides au Tiers Monde: aide financière de 7.500 euros pour le projet relatif à la construction et l'équipement d'une maternité et d'une pédiatrie à Kinshasa (Afrique) – décision.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

An deem selwechte Kader hu mer nach ee Projet erausgesicht. Et ass dat eng Hëllef fir de Bau an d'Equipement vun enger Maternité zu Kinshasa an Afrika. Do fuere mer och iwwert e lokale Partner, dee sech da spezifesch doréms bekëmmert, fir d'Gebai emol ze bauen, an an enger zweeter Phase och kuckt, fir d'Installatiounen an d'Gebai ze kréien. Och hei proposéiere mer, fir engem Kredit vu 7.500 Euro, deen iwwer d'ONG « Action pour un Monde Uni » géif fléissen, zouzestëmmen.

**Accord à l'unanimité.**

## 6.6.

### Prévisions sociales.

Aides au Tiers Monde: aide financière de 5.000 euros pour le projet de réduction de la mortalité infantile dans la communauté andine à Quechue, Pérou – décision.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Deen nächste Projet wier an den Anden am Peru. Ganz uewen an de Bierger kënnen d'Leit net ganz vill Hëllef erwaarden, well keng esou eng grouss Populatioun do ass, respektiv well se wäit ausernee gespreet ass. Dofir wollte mer do e « projet d'accompagnement » ënnerstëtzen, dee fir 250 Famillen d'Gesondheetskonditiounen an d'Iesskonditioune géif verbesseren. Dëse Projet géif iwwer d'ASTM Lëtzebuerg lafen a mir géife proposéieren, fir hinne 5.000 Euro zoukommen ze loossen.

**Accord à l'unanimité.**

## 6.7.

### Prévisions sociales.

Aides au Tiers Monde: aide financière de 5.000 euros pour le projet relatif à la construction de 5 salles de classes équipées au Burkina Faso (Afrique) – décision.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Dëse Projet soll am Burkina Faso stattfannen, wou virgesinn ass fir 5 Klassesäll ze bauen, fir dann och deene Kanner eng Verbesserung vun der « éducation primaire » ze erméiglechen. Dëse Bau vun deene 5 Klassesäll wier virgesinn an zwee klengen Dierfer, an zwar zu Dogotalama an zu St. Martin.

Iwwer dee Projet wieren 269 Schüler, déi an de Genoss vun engem direkter Hëllef kéimen. An dat géif iwwer déi Lëtzebuerger ONG « Fondation Chrëschte mam Sahel » lafen a mir proposéieren dem Gemengerot, fir dëser ONG 5.000 Euro fir dëse Projet zoukommen ze loossen.

**Accord à l'unanimité.**

## 6.8.

### Prévisions sociales.

Aides au Tiers Monde: aide financière de 5.000 euros pour le projet relatif à la construction d'un centre de formation pour enseignants locaux au Soudan du Sud (Afrique) – décision.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Dee leschte Projet an deem heite Kader wier fir de Bau vun engem Formatiounszenter fir Enseignanten. Dat wier am Sud-Sudan an do géife mer och mat engem lokale Partner zesummeschaffen. Dëse Projet soll och zu der Verbesserung vum der Educatioun vun de Kanner bäidroen. Et wier virgesinn, fir 3 Klassesäll, eng Bibliothéik, e Laboratoire, eng Kichen an ee Refectoire ze bauen. Iwwer dee Projet géifen 20 Leit pro Joer forméiert ginn an déi 20 Leit géifen dann duerno alleguerten eng Klass vu 40 Schüler kréien.

Dëse Projet géif vu Lëtzebuerg aus finanzéiert ginn, an dat iwwer d'ONG « Christian Solidarity International Lëtzebuerg » a mir géifen dem Gemengerot proposéieren, fir och an dësem Fall 5.000 Euro bäizesteieren.

**Brecht Guy (LSAP):**

Ech hätt eng allgemeng Fro zu all dëse Projeten. Mir hunn déi Zomm, déi am Budget stoung, jo elo opgebraucht. Wann elo dann nach eppes ganz schlëmmes géif geschéien, a wou mer spontan miissten hëllefen, wéi géife mer dann do verfueren? Géife mer do nach eng Zomm nostëmmen oder miisste mer dat op d'nächst Joer verschiben?

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Fir dëst Joer hu mer net méi vill Méiglechkeet, fir nach eppes nozestëmmen, well d'Dagesuerdnung vum nächste Gemengerot scho feststeet. Selbstverständlech hu mer an eisem Budget fir 2015 erëm e Chiffer virgesinn, dee mer erëm kënne fir esou Zwecker gebrauchen. An dofir waarde mer och u sech ëmmer bis Enn vum Joer fir déi Projeten ze ënnerstëtzen. Well et weess ee jo ni, wat am Laf vum Joer kënnt. A wa mer direkt am Ufank vum Joer esou Projete géifen ënnerstëtzen, dann hätte mer net méi deen néidege Budget fir de Fall, wou am Laf vum Joer nach eng Nouthëllef néideg wier.

**Becker Romain (déi gréng):**

Ech hätt och eng allgemeng Fro zu dësen Hëllefen. Wéi maache mir de Choix dovunner? Well ech ka mer virstellen, datt eng ganz Rei vun Demanden erakommen. Wéi hu mer déi 6 Projeten hei erausgewielt?

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Mir probéieren ëmmer, fir eng Diversitéit dran ze hunn. Mir hunn effektiv bal 40 Demanden erakritt. Mir hunn eis mat deenen zoustännege Servicer zesummegesat an eis d'Projeten ugekuckt. A mir hu probéiert, fir Projeten ze fannen, wou mer direkt op der Plaz kënnen hëllefen a wou mer och en Intermediaire hunn, deen hei zu Lëtzebuerg bekannt ass. Mir hunn och bewosst Projeten ausgeschloss, wou Sue géifen an d'Administratioun fléissen. Mir hunn eis och haaptsächlech op dat humanitärt beschränkt an och ganz spezifesch Projeten erausgesicht, wou Kanner u sech betraff sinn.

**Accord à l'unanimité.**

## 7.

### Ordre public.

Autorisation pour une action de vente de portes à portes dans la commune – décision.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Da komme mer zu enger Ufro vun der ASBL KAGEPE, fir eng « action de vente » vun Dier zu Dier an der Gemeng Péiteng ze maachen. Et ass dat am Kader vun der Kavalkad, déi jo bekanntlech gratis ass, a wou et drëm geet fir kleng Dinoen ze verkafen, déi en Deel vum Finanzement vun der Kavalkad sollen decken. An dofir muss de Gemengerot seng Zoustëmmung ginn, fir datt ab dem 1. Januar 2015 déi Vente um Territoire vun der Gemeng Péiteng ka gemaach ginn.

**Becker Romain (déi gréng):**

Et ass déi selwecht Problematik, déi mer och d'lescht Joer hei ugeschwat hunn. Ech war et selwer, dee schonn un der Dier erausgeschellt gi war virun dem Delai. Et sinn och dëst Joer scho Leit ënnerwee fir déi Dinoen ze verkafen. Mir schreiwen hei an der Délibératioun « à partir du 1er janvier 2015 », mä et si scho Leit ënnerwee mat deenen Dinoen. Déi Leit schaffe méi séier wéi mir hinnen d'Autorisatioun ginn. Ech fannen dat net gutt. Well wa mer schonn en Delai draschreiwen, wéini et soll ugoen, da soll sech wann ech gelift och dorunner gehale ginn.

De Schäfferot hat d'lescht Joer gemengt, si géifen dann do Remedur schafen. Virun allem den Här Breyer huet gesot, datt et dat nächste Joer géif besser goen. Mä dëst Joer schéngt et awer net besser ze goen.

Mëttlerweil hunn och ganz vill Leit déi nei Autocollanten « Pas de colportage » un der Schell päschen. Wéi ginn déi Leit, déi de Porte à porte maachen, domatter ëm? Ginn déi Leit awer dohinner schellen oder ginn déi Autocollante respektéiert? Well ech weess, datt plazeweis déi Autocollanten net respektéiert gi sinn.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Et ass esou, datt dat net gutt ass, datt déi Leit scho virun der Zäit ënnerwee sinn. Et soll ee schonn ofwaarden, bis een d'Erlaabnis vum Gemengerot huet, an dofir ass déi Autorisatioun och do. Wann dat net esou ass, da wäerte mer bei deene Responsabele vum KAGEPE intervenéieren, fir datt dat dann an Zukunft respektéiert gëtt. Si kënnen déi Demande jo vläicht schonn am September maachen an dann hu mer dee Problem geléist.

Fir net schellen ze goen, wou deen Autocollant un der Dier ass, ass fir mech och dee richtege Wee. Och dat wäerte mer mat hinnen diskutéieren, obwuel een hinnen net ka verbidde fir trotzdem dohinner schellen ze goen. Well et ass net onbedéngt déi gesetzlech Basis, déi dat do och beinhalt. Mä op der anerer Säit soll een dat respektéieren, wat do steet an dann ass d'Problematik geléist. Well d'Chance, datt een do dann eppes verkeeft, ass jo relativ kleng an da kann ee sech och déi Energie spueren.

**Accord à l'unanimité.**

## 8.1.

### Vie associative.

Radiation de « Seishin Karaté-Do asbl » des listes officielles des sociétés subsidiées – décision.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

De Seishin Karaté-Do ass – genee esou wéi mir och – informéiert ginn, dass dee Club vun der Federatioun liewenslänglech gespaart ginn ass. Si haten doropshin eng Generalversammlung a si hunn dat wouer geholl. Si hunn eis dunn iwwert hire Comité wësse gelooss, datt se net méi federéiert wieren an datt se wéissten, datt se vun der Subsidelëscht géifen erofgeholl ginn. Well wa se Kanner hätten, déi dee Sport wéilten ausüben, da kéinten se dat net iwwer d'Federatioun maachen an dat géif dann och kee Sënn erginn. Mir huelen also Kenntnis dovunner a géife si dann och offiziell vun der Subsidelëscht erofhuelen.

**Accord à l'unanimité.**

## 8.2.

### Vie associative.

Admission de « Cheyto Karateka Lamadelaine asbl » sur la liste des sociétés subsidiées et attribution d'un subside de 75 euros – décision.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Iwwer déi Onstëmmegkeeten, vun deene mir u sech méi spéit gewuer gi sinn, waren awer verschidde Leit, déi deem Péitenger Club zougehéiert hunn, scho méi laang am Bild. An déi hunn dunn och en anere Karaté-Club zu Lamadelaine gegrënnt. An dee Club « Cheyto Karateka Lamadelaine asbl » konnte mer awer net op d'Subsidelëcht ophuelen. Well awer elo deen anere Club (« Seishin Karaté-Do asbl ») opgehalen huet an deen heite Club relativ vill Kanner huet, déi drop waarde fir erëm kënnen ze trainéieren, a well mer hinnen awer keng Raimlechkeete kënnen zur Verfügung stelle bis mer se offiziell op eis Subsidelëscht opgeholl hunn, proposéiere mer dem Gemengerot, fir den « Cheyto Karateka Lamadelaine » op d'Subsidelëscht opzehuelen. Domatter kéinte mer deem Club dann och déi néideg Raimlechkeeten zur Verfügung stelle fir säin Training kënnen ofzehalen.

**Accord à l'unanimité.**

## 9.

### Sylviculture.

Devis et plan de gestion des forêts communales pour l'exercice 2015 – approbation.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Dëse « plan de gestion » beinhaltet folgend Punkten:

- Protection de la Nature en milieu ouvert
- Gestion durable et protection des forêts
- Protection des ressources cynégétiques et de la faune sauvage
- Sensibilisation et information du public
- Surveillance et police
- Logistique
- Service aux tiers
- Gestion du personnel

Dëst géif dann zu Ausgabe féiere vu 96.500 Euro. An deem Plang hu mer awer och Recettë vun 38.680 Euro, esou datt dee Plang en Defizit vu 57.820 Euro fir d'nächst Joer opweist.

**Conzemius-Holcher Josette (CSV):**

Ech wollt emol froen, wéi déi ganz Saach verdeelt gëtt? Wien huet Afloss op déi Saachen, déi do an do gemaach solle ginn? Oder hu mir als Gemeng Afloss op déi verschidde Projeten? Well mir musse jo e Koup dovunner bezuelen. Kënne mir och selwer Projeten eraginn, wann zum Beispill ee seet, datt op enger Plaz eppes net an der Rei ass?

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Déi Projete ginn u sech iwwer de Fierschter geréiert. Selbstverständlech hu mir als Gemeng d'Méiglechkeet, fir de Fierschter op verschidde Saachen hinzeweisen. Mä well mer dat awer musse budgetiséieren, musse mer dat awer ëmmer schrëftlech matgedeelt kréien. Mir musse jo och eng gewësse Struktur dran hunn, net datt duerno wëll doruechter geschafft gëtt a mer wëssen net, wéi wat wou geschitt. Mä selbstverständlech hu mer als Gemeng eng Influenz op dee Plang.

**Becker Romain (déi gréng):**

Ech wollt u sech och dat selwecht froe wéi d'Madame Conzemius. Mä well mir jo dat Ganzt finanzéieren a et Gemengesue sinn, hat ech schonn an der ëffentlecher Sëtzung vum 20.12.2013 de Schäfferot gefrot, ob mer net eng Kéier sollen de Fierschter heihinnerruffen, fir datt hien eis soll erklären, wat mat eise Sue geschitt. Dunn huet de Buergermeeschter mer an der selwechter Sëtzung geäntwert, datt de Sekretär sech dat opschreift an datt mer dat dann och eng Kéier wäerte maachen. Den Här Kimmes hätt d'Verantwortung, datt dat klappt.

Haut wéilt ech dann nach eng Kéier dat selwecht froen, an zwar, ob et net méiglech ass, datt mer de Fierschter eng Kéier an eng Sëtzung ruffe fir datt hien eis de Bëschplang eng Kéier kéint erklären. Well doduerch datt mer et bezuelen, soll de Fierschter eis och erklären, wat mat deene Sue wou gemaach gëtt.

Deemools hat ech och gefrot, fir eventuell uschléissend eng « descente sur les lieux » ze maachen, a wou den Här Buergermeeschter dann och gesot huet, datt dat eng gutt Iddi wier an dat kéint een dann och eng Kéier maachen.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Wann ech elo kucken, wéi d'Relatioun tëscht dem Fierschter an der Gemeng ass, da ginn ech Iech emol schonn eng positiv Äntwert. Et schwätzt u sech näischt dergéint, datt e géif hei an de Gemengerot kommen. A wa mer dee Mann géife froen, da wier deen och bereet fir dat ze maachen.

**Becker Romain (déi gréng):**

Merci fir d'Äntwert an ech hoffen, datt ech deen nächsten Dezember net nach eng Kéier muss drun erënneren, wat de Schäfferot mer geäntwert huet.

**Bosseler Camille (CSV):**

Ech hätt just eng Fro, an déi betrëfft « entretien de biotopes » fir 35.249,87 Euro. Wourëmmer ass dat a wat maachen se do?

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Ech kann Iech elo net genee d'Plaz soen, wou dat ass. Mä ech kann dat awer nofroe loossen.

**Bosseler Camille (CSV):**

Jo, well ech fannen dee Montant awer e bëssen héich fir e Biotop.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Am Plang hu mer jo déi verschidde Plazen opgelëscht (Hierschtbësch, Stackelsbusch, Hohbusch, Prënzebierg a Suebelsack), an da ginn ech dovunner aus, datt de Biotop sech op enger vun deene Plaze befënnt.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech géif da proposéieren, datt mer dat dës Kéier da méi eescht huelen an datt mer dann eng Kéier de Fierschter hei un den Dësch bréngen, an datt mer dann och eng Kéier mat him an de Bësch ginn. Och da wäerte mer den Här Bosseler mat invitéieren. Mir entschëllegen eis, datt dat déi leschte Kéier schif gaangen ass. Mä dës Kéier gëtt dat awer doudsécher nogeholl. Dofir suerge mer.

**Approbation à l'unanimité.**

## 10.

### Environnement.

Programme d'action annuel pour l'année 2015 du SICONA – décision.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Am Aktiounsplang vum Sicona fir d'Joer 2015 sinn eng ganz Rei Projeten opgelëscht, wat e Käschtepunkt vun am Ganzen 62.999,93 Euro ausmécht. Zu Laaschte vum Péitenger Gemengebudget géifen awer nëmmen 42.000 Euro falen.

**Accord à l'unanimité.**

## 11.

### Transport et communications.

Règlement d'urgence de la circulation routière à Rodange – confirmation.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Mir hunn eng Demande vun engem Promoteur virleien, fir an der Avenue Dr Gaasch zu Rodange e bestehend Gebai ofzerappen an en neie Komplex opzeriichten. Dat soll geschéien op der Héicht vum Haus Nummer 35. Do hu mer de Moment e Foussgängersträifen, dee laut dem Reglement elo soll suppriméiert a verluecht ginn op d'Héicht vum Haus Nummer 32. Op der Kräizung « avenue Charlotte / avenue Dr Gaasch » soll och en Zebrasträifen ewechgeholl ginn. An aus Sécherheetsgrënn dierf och do op enger Längt vun 12 Meter net stationéiert ginn.

Dat Ganzt soll 250 Deeg daueren an et soll vum 1. Dezember 2014 u lafen.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Den Entrepreneur ass am gaangen dat Haus ewechzerappen. Op deem Haus stoung den Numm vun der Strooss. Besteet eng Méiglechkeet, datt een un den Ufank vun der Strooss e Schëld setzt, fir datt Liwweranten an d'Leit, déi di Strooss sichen, se och fannen.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Dat dierft kee Problem sinn a mir ginn dat un eis Servicer virun.

**Becker Romain (déi gréng):**

Et fält op, datt de Foussgänger – mat all eise Schantercher, déi mer an der Gemeng hunn – ëmmer dee léséierten ass. De Foussgänger muss – wann en hei zu Péiteng iwwer d'Haaptstrooss geet – bis hannen op d'Porte de Lamadelaine 4 mol den Trottoire wiesselen. De Foussgänger muss elo zu Rodange op ville Plazen den Trottoire wiesselen. Firwat ass et net méiglech, fir de Foussgänger net mussen hin an hirzeschécken an dem Entrepreneur ze soen, datt hie miisst esouwäit ewéi méiglech op sengem Terrain bleiwen. Well ech ka mech erënneren, datt se an der Zäit emol Palissaden opgeriicht hunn an esou den Trottoire geschützt hunn an de Foussgänger weider konnt iwwer den Trottoire goen. A mengen Aen ass et einfach eng Saach, datt den Entrepreneur keng esou Palissade méi wëll opriichten. An et ass méi einfach, fir dann den Trottoire ze spären an de Foussgänger op déi aner Stroossesäit ze dirigéieren.

Wou et relativ dramatesch ass, dat ass hei am Zentrum vu Péiteng, an dat wéinst de Geschäfter. Mir miissten den Entrepreneuren un d'Häerz leeën, fir Palissaden oder iergend eng aner Sécherheet ze maachen, fir datt de Foussgänger net déi ganzen Zäit miisst d'Stroossesäit wiesselen.

Well wéi et de Moment ass, ass et dee beschte Beweis, datt een et jo mat deem schwächste Verkéiersteilnehmer ka maachen. An dat muss awer ophéieren.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Et ass net esou einfach, fir dat ze realiséieren. Well et muss een ëmmer kucken, op watfir enge Stroossen een ass. Bei Staatsstroosse gëtt d'Autorisation de voirie vum Stat ausgestallt. An d'Mesuren, déi do musse gemaach ginn, setzt de Stat fest. An de Stat huet 2 Méiglechkeeten. Huele mer zum Beispill hei zu Péiteng dee Schantjen tëscht der Parkstrooss an der Michel Rodange-Strooss. Wann ee gären di eng Palissade hätt, da miisst een déi an d'Strooss setzen an da wier eng Halschent vun der Stroossebreed verluer. Et muss ee jo och de Schantje bedéngen. Et muss ee jo och kënne mat de Camione bäifueren, sief et fir Material unzeliwweren oder fir ze betonéieren. Wann een do eng Sécurisatioun wëll maachen, da miisst een do en Espace maache fir d'Installatioun vum Schantjen an et miisst een de Foussgänger och nach dernieft mat an d'Strooss eranhuelen.

Dat mécht de Stat awer net, well hie seng eege Stroossen net wëll encombréiere mat zum Beispill Palissaden. Esou datt mer ëmmer tributaire si vun der Autorisatioun vu Ponts et Chaussées. Zweetens sinn heiansdo d'Autorisatiounen hei an der Gemeng esou, datt mer keng aner Méiglechkeeten hunn. Déi Schantercher, déi mer fir de Moment hei hunn, sinn nach relativ einfach ze geréiere gewiescht. Mä et kommen nach méi schwiereg Schantercher op eis duer. An der Avenue de la Gare hei zu Péiteng gëtt dee ganzen Eck ewechgerappt, mat enger Verbindung an d'rue de l'Hôtel de Ville a wou déi zwou Stroossen a Matleedenschaft gezu ginn. An do gëtt d'Strooss scho mat bäigeholl. Mä dat wäert awer och net wéinst dem Foussgänger sinn, mä wéinst der Installatioun an dem Fonctionnement vum Schantjen.

Mir wäerten och nach an der rue de la Paix eng Komplikatioun kréien. Et stëmmt, datt mer an der Gemeng zevill Schantercher hunn. An déi Schantercher gi vläicht och net genuch kontrolléiert. D'Schantercher wieren u sech alleguerte genuch securiséiert, wa sech jidderee géif un d'Normen halen. Mir hunn awer heiansdo um Trottoire, dee fir de Foussgänger reservéiert ass, duerch verschidde Saache barrikadéiert. A mir hu schonn driwwer geschwat, datt mer do musse méi kontrolléieren an datt d'Police och muss méi reagéieren a matmaachen.

Wéi gesot, et ass net ëmmer esou einfach a mer mussen och emol Kompromësser agoen. An dann ass et besser, fir de Foussgänger sécher op déi aner Stroossesäit ze leeden, quid datt d'Signalisatioun och net ëmmer vum Foussgänger acceptéiert gëtt an datt se trotzdem an d'Strooss lafen.

**Becker Romain (déi gréng):**

Mengt der dann net, datt mat e bësse gudde Wëllen a mat e bëssen Iwwerleeën een dat dote kéint léisen? Well och do uewen an der Haaptstrooss hate mer – wou mer de Kleesche siche gaange sinn – nach Rieds, datt een déi Parksträif dernieft kéint de Weekend notzen, fir de Foussgänger driwwer ze leeden. Et géif duergoen, fir iwwer de Weekend de Grillage vum Schantjen eriwwer ze zéien.

Dat Ganzt ass eng Saach vu guddem Wëllen. Et ass vill ze vill einfach, fir dem Foussgänger e Schëld dohinner ze setzen, datt e muss op déi aner Säit goen. An de Foussgänger huet kee Choix a muss et maachen. An et ass esou, wéi Dir sot, et kommen nach ganz grouss Schantercher op eis duer. Mä mir mussen awer eng Kéier domatter ophale fir de Foussgänger ronderëm ze schécken. A grad de Foussgänger solle mer schützen a mir sollen op deen oppassen.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Ech hu léiwer de Foussgänger gëtt ronderëm geschéckt, wéi wann en duerch e Schantje geet, deen net securiséiert ass an d'Kontroll net an der Rei ass. Ech hu léiwer, mir soen dem Foussgänger kloer, datt en op déi aner Stroossesäit muss goen, wéi wa mer eng Mixtur hunn, déi net kloer ass an déi net respektéiert gëtt.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Mir sinn eis där Problematik bewosst an ech kann Iech soen, datt ech scho Schantercher fir eng gewëssen Zäit zougemaach hunn, fir de Leit ze soen, datt se net esou kënne virufueren. An datt et – esou wéi den Här Breyer seet – net ëmmer esou einfach ass, ass och evident. A mir versichen am Schäfferot ëmmer déi bescht Méiglechkeet ze fannen. An dann ass et an der Theorie gutt an an der Praxis fonctionnéiert et awer net esou, wéi ee sech dat virstellt. Mir wëllen awer an Zukunft méi konsequent duerchgräifen an dofir hu mer och e ganze Formular gemaach, dee se mussen eraginn a wou mer dann och vill méi am Detail wëssen, wat um Schantje geschitt. A mir hoffen, fir dat domatter an Zukunft méi an de Grëff ze kréien.

**Gira Carlo (CSV):**

Am Prinzip mellen ech mech jo net, mä hei ass elo eng allgemeng Diskussioun opkomm vu Saachen, déi u sech net um Ordre du jour stoungen. Ech hunn och scho festgestallt, datt heiansdo bei Schantercher kuerzfristeg Beton ugeliwwert gëtt. Geet et dann duer, datt einfach 3 Däppercher do opgestallt ginn oder muss de Schantje virdrun ugewise ginn? A wien ass responsabel dofir, datt déi Schantercher richteg installéiert ginn? Well et sinn och heiansdo op Haaptstroosse schwiereg Situatioun, déi do entstinn.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Am Prinzip ass et esou, datt op all Schantjen och e Mann fir d'Sécherheet responsabel ass. Den Entrepreneur ass verflicht, fir e Sécherheetsmann ze hunn. An deen huet och eng Ausbildung krut an ass responsabel fir déi Schëlter ze setzen. Et gi Schantercher, déi « suivant l'avancement des travaux » beschëldert ginn. An den Entrepreneur muss seng Schëlder selwer setzen. Mir maachen dat als Gemeng net. De Chef-Chantier, deen zoustänneg fir d'Sécherheet ass, muss dat maachen.

Mir solle just heiansdo kontrolléiere goen. Mä mir wëssen, datt et ëmmer méi Schantercher ginn an datt eis « Pecherten » net an der Zuel si fir dat ze kontrolléieren. D'Police bekëmmert sech iwwerhaapt net ëm déi Saachen. Mir kënnen nëmmen, wann et zevill schro gëtt, de Schantjen emol stoppen. Mä dat sinn awer ëmmer extrem Moossnamen an et muss ee wëssen, wat och do hannendrun hänkt. Et muss een ëmmer an der Legalitéit sinn. A mir missten eis vläicht méi kloer Schantjesreglementer ginn. Wann do steet, datt den Trottoire muss opbleiwen, dann dierf et och net sinn, datt den Entrepreneur en zou mécht. Mir hunn awer och net ëmmer e Mann op der Plaz stoen, deen eis dat signaléiert.

An der Michel Rodange-Strooss hu mer e problematesche Schantjen, deen net esou respektéiert gëtt wéi et miisst sinn. Op der Haaptstrooss hate mer dat och. Mir hunn emol versicht, fir duerch d'Reglementer ze securiséieren. Mä d'Kontroll ass net efficace genuch, däers si mer eis bewosst.

Wann ech d'Stad Lëtzebuerg kucken, dann hunn déi een Service vun 18 Leit, deen nëmmen zoustänneg ass fir d'Schantercher ze kontrolléieren. Wa mir elo 1/6 vun der Stad Lëtzebuerg sinn, da misste mir op mannst 2 Leit hunn, déi dat maachen. Wann et esou virugeet mam Bauen hei an der Gemeng, da musse mer eis iwwerleeën, ob mer eis net déi Mëttelen och solle ginn.

**Confirmation à l'unanimité.**

## 12.

### Budget rectifié de 2014 et budget pour 2015.

Discussions et appréciations des conseillers – Réponses des membres du collège des bourgmestre et échevins.

**Polfer John (CSV):**

Dir Dammen an dir Hären,

Trotz der Ongewëssheet, Hiobsbotschaften an Aspuer-moossname vun der Regierung, hu mer vum Schäfferot e Budget vun der Kontinuitéit presentéiert kritt, esou wéi mer dat zanter Joere gewinnt sinn.

Och wann eis Populatioun stänneg wiisst a mer elo schonns iwwer 17.500 Awunner hunn, ass et logesch, datt d'Recetten a virun allem d'Depensen erop ginn. D'Finanzkommissioun ass mat dem Schäfferot senger gudder Finanzpolitik averstanen. Si stellt fest, datt eis Gemeng géintiwwer anere Gemenge gutt do steet. Eis Gemengeschold geet och dëst Joer weider erof an ass elo bei 14,3 Milliounen Euro, dat heescht bei ëm déi 800 Euro pro Awunner. Och fir 2015 ass net, wéi bei anere Gemengen, een Emprunt virgesinn.

Zur Erënnerung: Enn 2000 hate mer nach eng Gemengeschold vu 37,4 Milliounen Euro. Bei der aktueller Awunnerzuel géif dat ongeféier 2.100 Euro pro Awunner ausmaachen.

De Buergermeeschter huet eis ausféierlech a 6 Punkten d'Austeritéitspolitik vun der Regierung erkläert, déi op dem Bockel vun de Gemengen ausgedroe gëtt.

Ech wëll hei keng Gemeng mam Numm nennen. Mä wann een d'Artikelen an der Press liest, si bei ville Gemengen d'Recetten am ordinäre Budget drastesch erofgaangen, a si musse Sue léine goen, fir datt se déi ugefaangen an och nei Projete kënne realiséieren.

Zu eisem Budget:

Mir hunn am Rectifié ordinaire 2014 Recettë vun 59.675.636 Euro an Ausgabe vu 47.729.215 Euro. Dat mécht e Boni vun 11.946.421 Euro. Dobäi kënnt den Iwwerschoss vun 2013 mat 5.065.781 Euro, wat dann en Total vu 17.012.202 Euro ausmécht.

Am Rectifié extraordinaire 2014 hu mer Recettë vun 9.356.881 Euro an Ausgabe vun 22.936.194 Euro. Dat mécht e Mali vun 13.579.312 Euro.

De Surplus am Ordinären, plus den Iwwerschoss vun 2013, minus de Mali am Extraordinäre vun 13.579.312 Euro, mécht ënner dem Stréch e Plus vun 3.432.890 Euro.

Et besteet Hoffnung, datt bis zum Ofschloss vun 2014 nach eppes dobäikënnt an esou, wéi mer eise Buergermeeschter kennen, wäert hien och als fréieren Athlet do um Ball bleiwe fir déi Suen, déi der Gemeng vum Stat nach zoustinn, anzedreiwen.

Wat d'Recetten am Ordinären 2015 ugeet, esou sinn do 61.762.874 Euro virgesinn, e Plus vun 2.087.038 Euro par rapport zum Rectifié 2014. Wat d'Ausgabe vum Ordinären 2015 ugeet, esou stinn do 50.527.7645 Euro, e Plus vun Ausgabe vun 2.798.549 Euro par rapport zum Rectifié 2014.

Wa mer de presuméierte Gewënn vun 2014 dobäi zielen, da komme mer op e Boni vun 11.235.110 Euro plus 3.432.890 Euro an dat mécht en Total vu 14.668.000 Euro.

Da kommen ech nach zum extraordinäre Budget 2015:

Do si fir 2015 Recettë vun 10.503.622 Euro an Ausgabe vun 22.339.545 Euro virgesinn. Dat mécht e Minus vun 11.835.923 Euro.

De Boni vum Ordinären 2015 (14.668.000 Euro) minus de Mali vum Extraordinären 2015 (11.835.923 Euro) ergëtt dann e Plus vun 2.832.077 Euro.

Hei gesi mer, datt och bei eis de Gewënn erofgeet. Mir däerfen net vergiesse fir déi gutt Finanzpolitik weiderzeféieren. D'Käschten am ordinäre Budget mussen am A behale ginn. Mir hunn hei e virsiichtege Budget, awer kee Spuerbudget. Doduerch kënnen d'Investitiounsprogrammer an den nächste Joere realiséiert ginn.

De leschte Freideg huet de Schäfferot eis ausféierlech d'Posten am Budget virgestallt. Déi geschate Recetten an och Depensë passen sech der aktueller Situatioun dobaussen un.

Wéi schonns gesot gëtt d'Finanzkommissioun e favorabelen Avis zu dësem Budget.

An zum Schluss wëll ech nach all deene Merci soen, déi zu dësem Dokument bäigedroen hunn.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Här Polfer, ech soen Iech Merci fir Är Explikatiounen, respektiv fir Är Wäertschätzung vun dësem Budget. Ech géif dat ënnersträichen, wat Dir elo just gesot hutt a mir géifen der Finanzkommissioun Merci soe fir d'Analyse, déi si vun dësem Budget gemaach huet.

**Stoffel Marco (LSAP):**

Ech hätt just e puer Froen zum Budget. Wéi gesäit et mat der « gestion des déchets » aus? Ass do och d'Gläichgewiicht vun den Einnamen an Ausgaben am Wanken, esou wéi beim Waasser a beim Kanal?

Bei den Depensë beim Bulletin communal wollt ech froen, firwat datt do esou grouss Schwankungen am Erscheinungsdatum sinn. Och um Internetsite dauert et laang, bis d'Gemengerotssëtzungen an Zesummefaassung do ze gesi sinn. Wat sinn d'Grënn heifir?

Beim ale Paschtoueschhaus zu Rolleng war an der Presentatioun gesot ginn, fir e Monte-Charge bäizebauen. Kann een do net e richtege Lift virgesinn, well soss kann een do ni Ausstellunge fir d'Bierger zougängeg maachen.

Dann hätt ech nach eng Fro zu de Vëlospisten. Et wier flott, wa mer do e Gesamtprojet kéinte virgeluecht kréien, fir datt ee sech besser en Iwwerbléck ka maachen, watfir Iddien um Dësch leien. Da wollt ech och nach froen, wéi et mat den Uschlëss u Frankräich an d'Belsch ausgesäit?

**Breyer Roland, Schäffen:**

Déi Schwankungen am Erscheinungsdatum vum Gemengebulletin si bedéngt gewiescht duerch 2 Evenementer. Duerch den Anniversaire vun der Liberatioun hu mer bewosst de Rhythmus e bëssen op d'Kopp gehäit. Deen zweete Grond ass, well an där Firma, mat där mer zesumme schaffen, e puer Leit fortgaange sinn a si eng nei Equipe kritt hunn. An duerch déi Ännerungen an deem Betrib konnte mer net ëmmer esou reagéieren, wéi mer dat gewollt hätten. Si hunn zum Beispill Interviewen, déi si mat de politesche Verantwortleche wollte maachen, ëmmer ze kuerz ugesat an da war de Politiker net onbedéngt op deem Moment ze erreechen an dat huet da Verspéidunge mat sech bruecht. Mir hunn awer elo an engem Gedankenaustausch mat hinne gekuckt, datt mer 2015 erëm méi regelméisseg erauskommen.

Firwat et esou laang dauert, bis d'Gemengerotssëtzungen um Internet ze fanne sinn? Do ass et esou, datt se jo emol fir d'éischt musse geschriwwe ginn. Wat mir heibanne méi kloer schwätzen, wat eise Redakter et och méi einfach huet fir op de Pabeier ze kréien. Mir beroden eis awer emol mat eise Leit, ob et méiglech ass, fir déi konzentréiert Form méi séier online ze setzen.

Beim Paschtoueschhaus hate mer am Ufank nëmme vun engem Monte-Charge geschwat, mä et ass jo awer och esou, datt Leit dohinner kommen, déi méi schlecht zu Fouss sinn. An déi sollen awer mat engem Lift kënnen eropgeholl ginn.

Bei de Vëlospiste leeë mer dem Gemengerot an deenen eenzelne Kommissiounen eng Vue vun deenen eenzelnen Etappen an d'Ubannungen un d'PCNen an un d'auslännesch Gemenge vir. Bei de PCNe kréie mer 30% Subside vum Stat a wa mer international Verbindunge schafen, da kréie mer och vläicht nach Gelder iwwer international Fongen. Do si Beméiungen ënnerwee. Wéi gesot, esoubal mer déi Pläng hunn, kënne mer Iech déi och virleeën. Desweidere ginn déi Pläng och an deenen zoustännege Kommissiounen diskutéiert.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Mir hunn am Abrëll 2014 eis Taxen adaptéiert, wou mer och den Amortissement vum Fuerpark a vum Recyclingscenter erageholl hunn. Esou datt déi Fraisë käschtendeckend sinn. Ech hu mech dovunner nach eng Kéier virun der Sëtzung vergewëssere gelooss. Mir kucken awer 2015 nach emol, op d'Mülltaxen nach ëmmer käschtendeckend sinn.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Här Buergermeeschter, Madame, Dir Häre Schäffen,

Ech géif och vun dëser Plaz aus alle Beamten, déi di lescht Méint um Budget matgeschafft hunn, Merci soen. Well ouni gutt Zesummenaarbecht tëscht hinnen an dem Schäfferot hätte mer dëst Dokument dee leschte Freideg net virleie gehat.

Ech wéilt dann op verschidden eenzel Punkten ze schwätze kommen. Mir hunn 2,2 Milliounen Euro am Budget stoe fir Acquisitioun vun Immobilien. Dozou hätt ech e puer Froen:

Wéivill wëlle mir am Ganzen um Site « Waxweiler Millen » ausginn? Eis fält op, datt do ëmmer erëm Suen am Budget stinn, extraordinär Kreditter iwwer d'Joer gestëmmt ginn an et schéngt eis, wéi wann dat zu engem Faass ouni Buedem géif mutéieren.

Am Budget steet e Poste fir géint déi nach ëmmer präsent Fiichtegkeet vun der Mille virzegoen. Desweidere gëtt et nach e Poste fir déi sougenannte « Maison Rouge » fäerdegzestellen an zu gudder Lescht hu mer nach e Poste

vun der Acquisitioun vun der « Maison Waxweiler ». An et schéngt, wéi wann et domatter nach laang net fäerdeg wier.

Dat dote gëtt, Dir Dammen an Hären, ee vun den deierste Siten aus der Péitenger Gemeng. An et ass elo scho bal verständlech, wann dobausse gesot gëtt, ob mer se nach all hätten.

Als nächst wéilt ech dee sougenannte « parking écologique » uschwätzen. Mir waren d'lescht Joer als eenzeg Partei géint d'Realisatioun vun deem Parking. An elo soll, nëmmen 1 Joer duerno, dee ganze Parking erëm en neie Belag kréien, fir 70.000 Euro, an dat mam Argument, datt d'Leit da kéinten « anstänneg parke goen, ouni d'Féiss an den Auto knaschteg ze kréien ». An dat wier och de Grond, firwat en net genotzt géif ginn. Mä dëst Argument zielt net, well et wier net onwichteg fir dee Parking emol als solche beim Centre Wax auszeschëlderen. Well wann d'Leit net vum Centre Wax dohinner geleet ginn, da wëssen se och net, datt e Parking do ass.

Zu deem ganze Parkplaze-Problem an der Gemeng wéilt ech drop hiweisen, datt mir eis Bedenken hunn, fir als sougenannte Compensatioune Parkplaze bei engem Promoteur fir 670.000 Euro anzekafen. Hätte mer als Gemeng net wierklech besser gehat, fir een anstännegen, grousse Parking a Form vun engem Parkhaus nieft der Rodanger Gare ze realiséieren, ouni op de Ministère mussen ze waarden. Well wann et fäerdeg ass, dann huet d'Gemeng zu Rodange eng ganz Panoplie vu klenge Parkplaze vu Promoteure kaf, déi Hott an Har verspreet sinn a wat nodréiglech och mat Käschte verbonne wäert bleiwen.

Desweidere stellen ech mer d'Fro, ob mer als Gemeng net besser hätte fir déi Suen, déi am Budget sti fir d'Chrëschtbeliichtung auszebauen, dofir ze notzen, fir emol d'Foussgängeriwwerweeër an all déi däischter Weeër a Stroossen anstänneg ze beliichten. An dat fir d'Sécherheet vun de Leit.

Eng Ausso vum Här Breyer huet mech nawell stutzeg gemaach. Hie sot de leschte Freideg, am Kader vun der Ausféierung vum Tourismus, datt d'JUFA nach ëmmer aktuell wier an datt si op der Sich no Lëtzebuerger Investisseure wieren. Am selwechte Saz sot hien, d'JUFA wier a Kontakt mat lëtzebuergeschen Investisseuren. Wéi ass dat ze verstoen, Här Breyer? Heescht dat konkret, datt d'Gemeng net méi am Projet mat agebonnen ass? Ass et dann net eisen Terrain? Mir verlängeren d'rue de la Minière a bauen nach extra Parkplazen nieft de Site. Et schéngt eis, wéi wann déi ganz JUFA-Geschicht nach net esou séier realiséiert géif ginn.

Ech hätt och eng Fro zu der Rollenger Millen. Weess de Schäfferot méi a sidd dir a Kontakt mam Ministère? Well mir hunn d'Impressioun, datt – wa mer dat Gebai nach e puer Joer esou eidel stoe loossen – et ganz verfält. Desweidere kéinten déi 2 Wunnenge weider benotzt ginn, wuelwëssend, datt nach ëmmer Leit no Wunnenge sichen, grad esou, wéi den Här Breyer gemengt huet, datt d'Agence regionale immobilière sociale nach ëmmer no Wunnenge géif sichen.

Zum Site vum fréieren LTMA wier et net schlecht fir an de Verhandlunge mam Stat virzegesinn, fir och eng Plaz ze behale fir eng eventuell nei Primärschoul an net nëmme fir eng nei Musekschoul.

Zum Sujet vum « ramassage scolaire » wéilte mer dem Schäfferot alt erëm eng Kéier mat op de Wee ginn, fir de « Pedibus » nei ze lancéieren. Dëst am Sënn vun der Verkéiersberouegung ronderëm eis Schoulen an och als Educatioun vun eise Klengsten.

Am Kader vun der Renovatioun vun eise Schoulhäff géif ech Iech proposéieren, fir am Virfeld mat Luxcontrol zesummen ze schaffen. Net datt mer duerno alt erëm net conforme sinn an deier Spiller a Strukturen, wéi de Mikado, mussen entsuergen.

Den Här Breyer huet och eis Waasserqualitéit ugeschwat. Dozou hätt ech och e puer Froen:

Duerch dee rezente Virfall um Stauséi war op eemol Groussalarm an d'Waasserversuergung zum nationale Problem ginn. Hu mir nach eege Quellen an eiser Gemeng, déi een an engem Noutfall kéint fir Drénkwaasser profitéieren? Wou ginn d'Prouwe vun eisem Waasser an eiser Gemeng geholl? Firwat gëtt de Gemengerot net iwwer déi Analysen informéiert?

Ech wëll iech awer och net virenthalen, datt mir als gréng Fraktioun d'Aféiere vum Tempo 30 begréissen. Mir hunn dat scho säit Joeren hei am Gemengerot ugeschwat an et war bis elo ni méiglech. Dofir si mir ëmsou méi frou iwwer dëse Sënneswandel.

Et wier och ze begréissen, datt mer méi där « Smiley-Panneauen », déi dem Autofuerer uweisen, mat wéivill hien ënnerwee ass, géifen uschafen. Virun allem well dës Panneauen awer beuecht ginn an doduerch d'Vitesselimitatioune méi respektéiert ginn. Op eis Initiative an der Verkéierskommissioun huet d'Gemeng elo een esou ee Panneau ugeschaf, wat awer an eisen Aen net duergeet.

Den Här Mertzig huet zum Péitenger Kierfecht gesot « wou d'Haus vum Doudegriewer stoung ». Ma, Här Mertzig, dat Haus steet nach ëmmer do. Beim leschte Budget hat ech dëst schonn hei ugeschwat a krut versprach, datt dee Projet géif esou séier ewéi méiglech ëmgesat ginn. Mir hunn och schonn hei am Gemengerot des öfteren doriwwer diskutéiert. Elo, no engem Joer, steet dee Projet nach ëmmer als solchen am Budget a geschitt ass nach näischt. Wéini ginn an dëser Saach endlech Neel mat Käpp gemaach?

585.000 Euro fir de Rollenger Fussballsterrain. Dat muss een sech awer emol op der Zong zergoe loossen. An der Budgetsdiskussioun vum leschte Joer hat ech d'Fro gestallt, firwat datt de Rollenger Terrain 100.000 Euro méi kascht wéi de Péitenger Terrain. Mëttlerweil ass en 290.000 Euro méi deier wéi dee Péitenger Terrain an et ass nach net fäerdeg. Den Här Mertzig huet och gesot, dat wier wéinst deenen Ursaachen, déi jidderengem bekannt sinn. Mä si sinn net jidderengem bekannt an dofir géife mer déi Ursaache gäre wëssen.

Kann a muss et wierklech sinn, datt mir an der Péitenger Gemeng 6 Fussballsterrainen hunn, déi regelméisseg mussen ënnerhale ginn? Duerch d'Dagespress si mer gewuer ginn, datt géife Gespréicher lafe fir eng Fusioun vun eise Fussballsveräiner. Kéint dir eis heibanne soen, wéi wäit déi Gespréicher sinn?

Dir schwätzt vu 15.000 Euro fir d'Ausschaffe vun engem Konzept am Kader vun deem neien Naturschutzgesetz. Da sot eis wann ech gelift, wat dat da fir e Konzept ass a firwat déi 15.000 Euro gebraucht ginn.

Bei de Recetten um Punkt « Hondstaxen » ass mer opgefall, datt mir eng grouss Zomm erakréien. Kéinte mer net am Sënn vun der Propretéit vun eiser Gemeng Hondsstatioune mat Tuten opriichten? Obwuel een d'Tuten och op der Gemeng kritt.

Madame, dir Hären, dat war et fir mäin Deel an ech soen Iech Merci fir d'Äntwerten.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech wollt just op ee Punkt agoen, an dat ass dee fréiere Site vum LTMA a wou dir sot, mir solle mat de Verhandlungen ufänken a Verhandlunge féieren. De Problem ass just, datt –

wann ee wëll verhandelen – een och muss e Verhandlungspartner hunn. A mir si relativ am Renne fir e Verhandlungspartner ze fannen a mir sinn ëmmer erëm « à charge » gaangen. An ausser enger Réunioun, déi mer am Juli mam Här Meisch haten, ass nach net vill komm. An all Kéiers, wa mer erëm d'Ministèren drop uschwätzen, da soen se, datt se am Dossier nach net wäit komm wieren.

Dir wësst och an dir gesitt, datt et relativ schwiereg ass, fir dat Gebai do ofzerappen. Si si scho relativ laang am gaangen. Mir wäerte sécherlech weiderhin um Ball bleiwe fir eng Verhandlung ze féieren, wat dee Site ubelaangt. Mä wann ee scho weess, wat de Ministère alles wëll op dee Site setzen, a wou mer net wëssen, wéi mer dat sollen ënnerdaach kréien, da si mer scho ganz frou, wa mer d'Musekschoul op dee Site do kréien. An da wäerte mer eis kaum Hoffnung kënne maachen, datt mer och nach eppes fir d'Primärschoul kréien. Wuelwëssend, datt mer do och schonn no aneren Alternative gesicht hunn, an dat op Terrainen, déi der Gemeng Péiteng gehéieren.

Wa mer dann endlech an d'Diskussioun mam Ministère kommen, da wäerte mer et net verpasse fir dat unzeschwätzen. Mä ech maache mer an deem Kontext net allze vill Hoffnung.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Den Här Scheuer mengt, datt d'Waxweiler Millen e Faass ouni Buedem wier. Mir gesinn awer ganz kloer, wou de Buedem ass. An de Buedem ass nach fiicht an dofir gëtt e jo och sanéiert. 23.000 Euro stinn am Budget dran, fir déi Fiichtegkeet an de Grëff ze kréien. Dat war och bekannt.

Et dierf een och net vergiessen, datt mer bei deem Projet bis elo 2 Milliounen Euro u staatleche Subside kritt hunn. Also erkennt déi staatlech Autoritéit och déi Noutwennegkeet vun esou « mesures de sauvegarde » schonn un. An et wäert sécherlech – nieft deem, wat elo schonn am gaangen ass – nach e bëssen investéiert ginn, fir op där Plaz en attraktive Site ze maachen. An dat ass och gutt esou.

Dir mengt, et wier nach laang net fäerdeg. D'Maison Rouge wäert nach e Joer daueren, an dann hu mer jo och nach déi Plaz mam Haus drop, déi mer jo uschafen, well mer jo déi Méiglechkeet hunn. An da muss ee kucken, wat een dorausser mécht. Et kéint sinn, datt mer nach laang net fäerdeg sinn, mä mir wäerten nach kënnen doriwwer diskutéieren an dat ass och gutt esou.

Op mer se nach all hätten, géifen d'Leit soen. Ech weess net, ob dat de Fall soll sinn. Well ech hu bis elo nach kee fonnt, dee mer déi Fro gestallt huet. Mä dir hutt vläicht eng aner Clientèle wéi ech.

Beim Parking écologique war et esou, datt mer dat am Ufank wollte mat engem Drainage oder enger « couverture drainante » maachen. Dat ass deemools vun der Administratioun net esou gesi ginn. Si wollte gären opgeschotte Steng do. Elo gesi se selwer an – a si waren och mat op d'Plaz kucken – , datt dat net ka fonctionnéieren an datt et aneschters soll gemaach ginn. An dofir maache mer et elo esou, wéi et vun eis am Ufank geplangt war an awer deemools net méiglech war.

De Parking gëtt profitéiert an ass och schonn an der Peripherie ausgeschëldert. Wann ee gären e Schëld « Domaine Wax » oder och nach « Restaurant Wax » dohinner setzt, dann huet een et mat Statsstroossen ze dinn an et muss een Autorisatiounen ufroen. Déi Autorisatioune sinn an der Tëschenzäit do an et huet ee Joer laang gedauert, bis mer se haten. No der Reglementatioun, déi mer vun de Ponts et Chaussées kritt hunn, wäerte mer nach – nieft der Beschëlderung, déi de Moment scho besteet – méi kloer de Parking ausweisen.

Dir hutt Bedenken, wat de Parkplazproblem an der Gemeng betrëfft. Dir hätt déi Parkplazen net bei deem Promoteur kaaft. Mir fannen awer, datt dat relativ bëlleg Parkplaze sinn. Wann een 31 Parkplaze fir 670.000 Euro kritt, dann ass dat méi bëlleg wéi wa mer selwer géifen e Parking bauen.

Mech wonnert et och, datt dir als gréng Fraktioun iech staark maacht, fir grouss Parkingen unzeleeën. Fréier hutt der ëmmer gesot, datt – wann ee Parkplaze baut – een de Verkéier unzitt. Mir kucken dann elo, fir de Verkéier e bësse méi an der Gemeng ze verspreeën, an deem mer méi kleng Unitéite maachen. Mir sinn awer der Meenung, datt de Stat och seng Responsabilitéite muss huelen an de P&R op der Rodanger Gare miisst maachen. Well et ass dat net eis Aufgab, fir do der Problematik entgéint ze wierken. An et ass och esou, datt mer de Moment ganz optimistesch an déi Richtung kucken an datt de Stat och do seng Responsabilitéiten iwwerhëlt.

Dir sot och, datt privat Parkplaze mat Käschte verbonne wieren. Och e Parkhaus ass mat Käschte verbonnen. Et muss gebotzt ginn an et muss duerno gekuckt ginn.

D'Chëschtbeliichtung wëll dir net maachen. Mir fannen se schéin, mä dat ass eng Affaire de goût. Déi Leit, déi mat eis schwätzen, fannen, datt déi Saach ganz schéin ass. Och eng Chrëschtbeliichtung dréit zu der Sécherheet vun de Leit bäi. An d'Foussgängeriwwerweeër gi jo och an d'Rei gesat, an dat an deene Stroossen, wou et einfach méiglech ass. Wa mer awer eng Statsstrooss oder e Chemin repris hunn, da gi mer erëm e Joer laang mat Formalitéite geplot, bis mer dann endlech dierfen eng Luucht opstellen. A mir däerfen och net méi – esou wéi dat bis elo de Fall war – déi Luuchten nëmme méi op enger Säit setzen, mä si mussen elo op béid Stroossesäite gesat ginn. Dat kënnt dann och nach dobäi. Et gëtt alles méi deier, et gëtt alles méi kompliléiert, mä mir hunn et jo am Budget stoen an de Wëllen ass do fir et esou ze maachen.

Et ass richteg, datt d'JUFA Investisseure sicht. D'Gemeng war ni en Investisseur. D'Gemeng war e Partner, well mir déi Opportunitéit JUFA gesinn hu fir och Iddie vun eis aus kënnen ze realiséieren op där Plaz. An dass mer zesummen op enger gemeinsamer Plaz, duerch eng gewësse Synergie, eppes Flottes kënne maachen, war eis Iwwerleeung.

Mir wollten ni an eng JUFA investéieren a mir wäerten dat och net maachen. Mir kucke fir eisen Deel ze maachen a si maachen hiren Deel. A si brauche fir hiren Deel Investisseuren an déi si si am gaangen ze sichen a verschiddener hu se och scho fonnt. An déi Diskussioune wäerten am Ufank vum Joer weiderlafen an am éischten Trimester wäert och an deem Kontext eng kloer Ausso kommen.

Dir mengt, datt déi Geschicht nach net séier realiséiert wier. Mir kënne jo spéitstens an engem Joer op dëser Plaz doriwwer schwätzen an ech invitéieren lech elo schonn op d'Pose vum éischte Grondsteen ausganks 2015.

Bei der Rollenger Millen ass de Ministère nach ëmmer Proprietaire dovunner. Mir hunn drop gewaart – jorelaang – fir gewuer ze ginn, wat een do vu Sécherheetsmesure miisst huelen, fir dee Projet, dee mer wëlles hu mat den Naturschoulen ze maachen, kënnen ze realiséieren. Mir hunn no laangem Hin an Hir, no laangem Waarden, dann elo eng Diskussioun op der Plaz gehat, mam zoustännegen « inspecteur responsable de la sécurité dans les bâtiments publics ». Et ass festgehale ginn, wat alles muss gemaach ginn. Et ass mam Stat – als Proprietaire – geschwat ginn, wat

hie muss maachen a wat mir als Gemeng musse maachen. Et si verschidde Saachen, déi dem Stat ënnerleien, an esou séier wéi dat kloer ass – an dat ass eng Affaire vun Transaktiounen, déi nach musse gemaach ginn – wäert déi Mille senger Destinatioun zougefouert ginn. Et gi keng Wunnengen dra gemaach. Déi Wunnenge sinn och net esou, datt et eng einfach Léisung wier. De Stat gëtt eis d'Millen och net, fir dorausser Wunnengen ze maachen. Mä et soll eng kulturell an eng edukativ Offer do dra gemaach ginn.

Mir siche selbstverständlech nach ëmmer als Sikor fir d'Agence régionale immobilière sociale Wunnengen. Dir sidd jo dacks ënnerwee an Dir gesitt jo vill Haiser an Dir kënnt eis jo och emol mellen, wann Dir eidel Haiser doruechter gesitt.

D'Waasserversuergung kann en nationale Problem ginn, wann emol eng Saach komplett schif geet. Mir hunn net vill Quellen, déi mer selwer bedéngen. Déi Quellen, déi mir hunn, hu mer selwer gefaangen an déi ginn och mat eisem Waasserbaseng zesummen. Mir kéinte vläicht nach kucke fir nach méi Quellen opzesichen, mä dat bréngt awer en Invest mat sech an och eng Manutentioun.

De Moment gi regelméisseg Prouwen an eise Waasserbasenge geholl. Firwat kritt de Gemengerot déi Analysen net virgeluecht? Dir kënnt se zu all Moment kucke goen. Si leien am zoustännege Service aus. Et si scho Gemengeconseilleren, déi dat scho gemaach hunn. Wann Dir elo gären déi Analysen op Äert Pult geliwwert hätt, da braucht Dir dat nëmmen ze soen an da kritt Dir déi anstandslos.

Dir sidd och fir Tempo 30. Ech begréissen dat an ech konstatéieren dat hei.

Smiley-Panneauen, dat si grouss Wierder. Dir sot, dee Panneau wier op Är Initiativ hinn ugeschaf ginn. D'Verkéierskommissioun ass nach ni e Panneau kafe gaangen. Et ass bis elo ëmmer de Schäfferot, deen se kaf huet. Ech weess och net, wou d'Initiativ hirkënnt, mä dat nëmmen zur klenger Geschicht.

Dee Panneau, dee mer do kaf hunn, ass e mobile Panneau. Dee kann zu all Moment geännert ginn. Dee soll och elo erëm op enger anerer Plaz opgestallt ginn. Well wann d'Leit ze laang dee Panneau op där selwechter Plaz gesinn, da kucken se net méi duerno. Fir elo 10 där Panneauen an der Gemeng opzeriichten, huet a mengen Ae kee Wäert. Et ass besser, mir huelen dee Panneau, dee mer hunn, a wiesselen d'Plaz, wou e steet, vun Zäit zu Zäit. Well da soe sech d'Leit, datt se do mussen oppassen, well op där Plaz op eemol e Panneau steet.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Dir sidd fir de Pedibus nach eng Kéier ze lancéieren. Mir hunn e schonn zweemol lancéiert. Et ass och esou, datt verschidden Eltere keng Responsabilitéit méi wëllen huelen, wa se mat anere Kanner mueres sollen an d'Schoul goen. Mir haten esouguer virgeschloen, fir eng extra Assurance fir déi Leit ze maachen, fir datt se och ganz ofgeséchert wieren. Well et ass jo och net esou ouni, wann ee mueres mat enger ganzer Rëtsch Kanner, déi engem net gehéieren, soll an d'Schoul goen. Wann do eppes geschitt, da steet een duerno ganz gären alleng am Reen. Dat ass och net acceptéiert ginn. Mir haten eemol eng Madame, déi wollt goen, an déi ass an der Tëschenzäit och nach aus eiser Gemeng fortgezunn. Esou datt mer fir de Moment guer kee méi hunn.

Et muss een awer och bedenken, datt mer awer – virun allem hei zu Péiteng – och nach de Schoulbus hunn, deen d'Kanner aus engem gewëssene Radius sécher an d'Schoul bréngt. Mir hunn och eng ganz Rei Kanner, déi scho mueres fréi an der Maison Relais ofgesat ginn a vun do aus zu Fouss mam Educateur an d'Schoul ginn. Och zu Rodange ass et d'selwecht. Do ginn och scho mueres fréi um 7 Auer ganz vill Kanner an d'Maison Relais.

Mä et bleiwen natierlech ëmmer nach Elteren, déi am léifsten hir Kanner mueres géife mam Auto bis an de Klassesall féieren. Fir deem entgéint ze kommen an dat ofzesécheren, wier eng Präsenz vun der Police mueres fréi op deene Siten net vu Muttwëll. Dat géif sécherlech eng Verkéiersberouegung mat sech bréngen an d'Eltere géifen dann och emol déi Parkinge benotzen, déi ronderëm sinn, an net kräiz a queesch op den Trottoirë ronderëm stoen.

Wéi gesot, ech hu kee Problem fir de Pedibus nach eng Kéier ze lancéieren, mä ech gleewen net drun, datt mer bei der drëtter Kéier méi Chance hunn.

Da sot Dir, datt mer bei de Schoulhäff solle mat Luxcontrol schaffen. Mir schaffe mat Luxcontrol zesummen. Dee Mikado, deen zu Rolleng am Schoulhaff stoung, war och primär – wat d'Sécherheet betrëfft – vu Luxcontrol ofgeholl ginn. Dee Mikado war awer aus engem Holz, wat net traitéiert war. An dat Holz, wat net traitéiert war a wat och nach an de Buedem dragesat gi war, wou ënne keng metalle Schinnen dru waren an déi d'Holz e wéineg virun der Fiichtegkeet geschützt hätten, huet ugefaangen ze faulen. Et si Pilzer drakomm, esou datt Luxcontrol elo gesot huet, datt mer dee Mikado net méi dierfen esou do stoe loossen, an dat aus Sécherheets- a Gesondheetsgrënn fir d'Kanner.

An nächster Zäit, wa mer e Spill aus Holz opriichten, musse mer dofir suergen, datt dat Holz och speziell traitéiert gëtt.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Fir mam Kierfecht unzefänken, esou ass et richteg, datt ech gesot hunn, datt dat Haus do « stoung ». Dat Haus steet nach do, mä ech war scho méi wäit an der Virstellung vun deem Projet.

Wat awer elo de Projet selwer ugeet, sief gesot, datt d'Commandë gemaach sinn. Mir wollten u sech schonn éischter ufänken, mä mir hunn dunn awer gesot, datt mer eréischt no Allerhellgen ufänke fir net iwwer déi Deeg e Schantjen do ze hunn. D'Entreprise huet awer an der Tëschenzäit nach en anere Schantjen ugeholl. Mä wann elo dat Haus bis ofgerappt ass, da steet deen neie Bau och séier do. Well et ass eng Fäerdegbauweis an dat ass séier opgeriicht. Ech ginn dovunner aus, datt déi Aarbechte bannent deenen éischten 3 Méint vun 2015 ofgeschloss wäerte sinn.

Wat de Rollenger Fussballsterrain ubelaangt, esou ass et richteg, datt dee Projet 585.000 Euro kascht. Dat ass natierlech eng grouss Zomm. Dir hat och gefrot, ob de Projet net virugeet. Fir datt de Projet ka virugoen, brauche mer Suen.

Firwat kascht elo dee Rollenger Terrain méi wéi dee Péitenger? D'Clôturë ginn nei gemaach an et ginn nei Bordurë gesat. Mir hate méi eng grouss Kapazitéit vu Buedem, deen huet miissten ewechgefouert ginn, an dat war e ganz grousse Käschtepunkt. Wat elo d'Ursaachen ugeet, esou schéngen déi anscheinend net bekannt ze sinn. Mä da ginn ech dovunner aus, datt Dir d'Dagespress net liest, well do waren déi Ursaachen evoquéiert. Ech ginn Iech awer gären nach eng Kéier d'Grënn, firwat deen Terrain huet mussen nei gemaach ginn.

Wou mer ugefaangen hunn do mat schaffen, si mer drop higewise ginn, datt dee Buedem net propper wier. Do sinn Analyse gemaach gi vu Luxcontrol – wat och erëm zu de Méikäschte bäigedroen huet – a si hunn eis matgedeelt, datt dee Buedem net kéint op eng normal Decharge gefouert ginn. Net well de Buedem verseucht wier, mä well de

Buedem net propper war an doduerch de Buedem awer duerno misst getrennt ginn. An dat schléit ëmmer relativ déif zu Buch. Doduerch hu mer och op Recommandatioun vun hinnen dat méi déif gemaach an et si bal 10.000 Tonne méi Buedem ofgedroe ginn ewéi virgesinn.

Dat sinn d'Haaptgrënn, firwat dee Projet Méikäschte mat sech bruecht huet.

Dir sidd aus der Dagespress gewuer ginn, datt et Gespréicher iwwert eng Fusioun vun de Fussballsveräiner géif ginn. Dat stëmmt. Dat fält awer ënner d'Autonomie vun de Veräiner. Als responsabele Schäffe sinn ech aviséiert ginn, datt Gespréicher géinge lafen, mä mir hunn eis awer als Gemeng de Moment nach guer net impliziéiert well u sech déi Veräiner nach net eens sinn. An esoulaang si sech net eens sinn, wëlle mir eis als Gemeng och net amëschen.

Déi 6 Fussballsterrain, déi regelméisseg ënnerhale ginn, sinn néideg. Mir hunn ganz vill jugendlech Spiller an nëmme fir ze soen, de Rodanger Veräin huet miisste Jonker ofschloen, well se net genuch Kapazitéiten hu mat hiren Terrainen. An dofir soen ech Iech, datt déi Terraine permanent beluecht si mat Jugendequipen an dofir ass et och néideg, datt mer all déi Terrainen hunn.

Déi 15.000 Euro fir d'Ausschaffe vun engem Konzept seet jo, datt dat Konzept jo nach net fäerdeg ass. Et gëtt jo eréischt ausgeschafft, an dat mat deem zoustännege Ministère an a Collaboratioun mam Fierschter. Wéi gesot, mir hunn do nach näischt Konkretes, wat mer dem Gemengerot kënne virleeën, well mer do nach Virgabe kréie vum Ministère.

Bei den Hondstaxen ass et richteg, datt grouss Zommen erakommen. Dir hutt och Recht mat den Hondstuten, mä ech wëll Iech soen, datt mer an der Zäit esou Statioune mat Hondstuten haten. Déi sinn awer bewosst net méi opgefëllt ginn, well verschidde Leit déi Saach net appréciéiert hunn an Abus gedriwwen hunn. Déi Tute sinn iwwerall duerch eis Gemeng geflattert an houngen net méi do, wou se sollen, fir d'Hondsdrecker ewechzehuelen. Mä d'Leit kënnen där Tuten awer trotzdem nach ëmmer op der Gemeng ewechhuelen.

Mir envisagéieren awer och, fir an deenen 3 Sektiounen aus eiser Gemeng Hondstoiletten anzeriichten.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Dir hutt u sech alleguerte meng Froe beäntwert. Ech hu just e puer Remarken dozou ze maachen.

Zu deem Problem vu Fiichtegkeet an der Millen hu mer scho méi dacks heibanne geschwat. Mir ginn dee Problem wahrscheinlech ni lass, an do hat mer den Här Breyer gesot, datt dat normal wier. Mir wieren eben hei am Süden an do wier méi Waasser wéi op anere Plazen. Mä mir ginn eis och heiansdo d'Problemer sichen. Well esou wéi ech héieren hunn, huet dee Locataire, deen de Moment an deem Haus ass, permanent Problemer mat sengem Keller. Ginn déi Problemer dann effektiv behuewen, wa mer elo Saachen an déi Maueren asprëtze ginn?

**Breyer Roland, Schäffen:**

De Keller bleift fiicht. Mir sinn um Site vum ale Mëllerdeech an der Kor. Dat dierf een net vergiessen. Et kann een dat an de Grëff kréien, wat d'Schied ubelaangt, an déi Fiichtegkeet kanaliséieren.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Ech wëll Iech wéinst deem ganze Projet elo kee Virworf maachen. Mä si wousste jo awer, datt do eng Quell war an datt fréier do Waasser gelaf ass. War da keng aner Méiglechkeet do fir dat ze deviéieren?

**Breyer Roland, Schäffen:**

Fir d'éischt war emol de Problem, datt dat Haus bal zesummegefall ass, well et ze laang do stoung. Dunn huet et miissten ënne mat Bëtong verstäerkt ginn. An doduerch, datt do verstäerkt gouf, huet sech d'Waasser en anere Wee gesicht. Et hätt ee miissten, wéi beim « Rouden Haus », d'Fondatioune ronderëm opmaachen, en Drainage draleeën an d'Waasser wa méiglech baussen opfänken an ofleeden. Dat ass beim « Rouden Haus » elo geschitt. Mä bei der Mille war dat net méiglech, well soss dat Gebai zesummegefall wier wann een un d'Fondatioune fréckele gaange wier.

Dofir hu fir d'éischt miisste Bëtongsasprëtzunge gemaach ginn an déi hunn dann aner Problemer mat sech bruecht an d'Waasser konnt net esou gefaange ginn an huet sech en anere Wee gesicht.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Well et ass schued, datt dee schéine Miwwel, deen iwwer d'Summerméint op der Terrasse steet, iwwer de Wanter awer am Keller an der Fiichtegkeet steet. De Wiert hätt da grad esou gutt, e géif en am Ree stoe loossen. Et wier jo och net schlecht, wa mer als Gemeng géifen dofir suergen, datt déi Saachen dréche kéinten ënnerdaach gestallt ginn.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Mat der Extensioun vum deem « Rouden Haus » ginn och déi Méiglechkeete geschafen. De Moment ass kee Stockage do. A mir kënnen déi Saachen net an dem Wiert säi Béierkeller stellen. Dee Miwwel stoung de Moment an deem Haus, wat mer wëlles hunn ze kafen. Mä et ass dat fir de Moment nach e friemt Haus. Wa mer nach e Joer méi al sinn, da kréie mer och e bësse méi Uerdnung op deem Site.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Bei deenen 900.000 Euro, ass do Ofrappe vun deem Haus schonn dobäi?

**Breyer Roland, Schäffen:**

An där Zomm ass d'Ofrappen nach net dobäi. Mä dat kascht net deier.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Et kascht schonn deier genuch, wa mer d'Haus kafe ginn. Dofir hat ech och gesot, datt verschidde Leit dobausse mengen, datt mer se net méi all hätten.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Mir kënnen doriwwer diskutéieren, wa mer d'Haus emol kafen. Dee Moment kënnt Dir all Är Argumenter op den Dësch leeën. Fir de Moment hu mir als Schäfferot nëmmen eise Wëllen ausgedréckt, fir dat Haus ze kafen. Op dat dee richtege Wee ass, doriwwer muss de Gemengerot befannen. Mir hunn d'Haus bis elo nach net kaf.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Mir hunn déi Zomm am Budget stoen an dofir hunn ech och déi Remarken dozou gemaach. Bei deem Haus ass mer och opgefall, datt net richteg beschëldert ass. Ech verstinn awer de Sënn net, datt eng Parkplaz als « Kiss&Go » ausgewisen ass. An och iwwer déi Beschëlderung vum Parking hu mer scho wéivill mol am Gemengerot diskutéiert. An do komme mer op kee gréngen Zweig, well Dir ëmmer sot, et wier eng Statsstrooss. Mir schwätze schonn ee Joer iwwer dat Schëld.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Et dauert ee Joer, bis mer d'Autorisatioune vum Stat hunn. Bei enger Statsstrooss dauert et ee Joer, an domatter musst Dir Iech einfach emol offannen.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Kéinte mer dat Schëld dann net op de Gemengenterrain setzen? Bei de Restaurant selwer? Esou géifen d'Leit trotzdem gesinn, datt do e Parking wier an déi Kéier drop – wa se an de Restaurant kommen – géifen se sech dann dohinner stelle goen.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Bei allem, wat manner ewéi 25 Meter vun der Axe vun enger Statsstrooss ass, muss eng « autorisation de voirie » ugefrot ginn. Dat misst Dir jo och wëssen.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Ech géif elo dëse Punkt ofschléissen an dann nach eng Kéier op de Park&Ride zu Rodange ze schwätze kommen. Do hat ech vun engem Parkhaus geschwat. Ech wëll net, datt mir onbedéngt solle Parking schafen, mä wa mer et zu Rodange gemaach hätten, dann hätte mer d'Leit op der Grenz gehat. Ech si grad esou frou, wa se net duerch déi ganz Gemeng géife fueren. Mä 21.000 Euro fir eng Parkplaz fannen ech nach ze deier.

Bei der Chrëschtdagsbeliichtung ass et esou, datt déi eng bestëmmten Zäit an der Gemeng hänkt. Et ass richteg, datt dat och zu der Sécherheet bäidréit. Mä et sinn nach Stroossen a Weeër an der Gemeng – an do kënne mer jo an der Verkéierskommissioun nach eng Kéier drop zeréckkommen – déi net gutt beliicht sinn. Esou wéi ech och an der Verkéierskommissioun déi Saach mat de Smiley-Panneauen ugeschwat hat. Do sot Dir, datt dat net onbedéngt duerch d'Verkéierskommissioun géif kommen, mä ech hat dem Här Wegener dat gesot an et gouf mer gesot, datt esou ee mobile Panneau ronn 6.000 Euro géif kaschten. Mir hunn elo esou ee mobile Panneau ugeschaf an dat freet mech och. Mä et wier awer net schlecht, wa mer der nach zousätzlech hätten. Well mir si jo awer eng grouss Gemeng. Mir hunn elo 3 Méint gebraucht, fir dee mobile Panneau ze réckelen, well mer kee Camion oder kee Chauffeur haten. An dat fannen ech net normal. An op Ufro an der Verkéierskommissioun hu mer elo d'Méiglechkeet gehat, fir en op Rodange an d'Nic. Biever-Strooss ze féieren. Ech hunn och gefrot, fir en op Rolleng an d'rue des Prés ze kréien – esou wéi och nach op aner Plazen - fir datt d'Leit gesi mat wéivill se fueren. A wa mer méi där Panneauen hätten, da wier et vläicht méi iwwersiichtlech a mir bräichten de Camionschauffer net hi an hirzeschécken, fir de Panneau op enger anerer Plaz opzestellen.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Ech héieren hei, datt Dir an der Verkéierskommissioun ganz vill Décisiounen huelt.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Neen, keng Décisiounen. Mir komme mat Iddie gefuer, déi normalerweis un de Schäfferot sollen erugedroe ginn.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Déi Iddie si bis elo nach net ukomm.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Da soen ech Iech Merci fir dës Ausso. An dofir hunn ech déi Iddien elo iwwert dëse Wee – wat u sech dee falsche Wee ass – un Iech erugedroen. An da weess dee ganze Gemengerot schonn ëm wat et geet.

Esouwäit ech weess hate mer bei der JUFA eng Kéier gesot, datt mer als Gemeng géifen un deem ganze Projet matschaffen.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Dat maache mer och.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Et war awer ni Rieds dovunner, datt mer géifen aner Investisseure sichen.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Hätt Dir gären, datt d'Gemeng soll alles bezuelen?

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Neen.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Et muss jo awer een et bezuelen. Wa si elo bei eng Bank ginn a si gi sech Sue sichen, dann ass dat awer hiert gutt Recht.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Am Ufank vun deem ganze Projet huet et sech awer esou unhéieren, wéi wa mir als Gemeng dat Ganzt géife matfinanzéieren.

**Breyer Roland, Schäffen:**

A wou hir. Dann hat Dir do net gutt nogelauschtert. Mir dierfen esouguer net esou iwwerleeën, wéi Dir elo iwwerleet.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Zum Pedibus wëll ech och nach just soen, datt et gutt ass fir dat ëmmer erëm ze versiche fir dat anzeféieren. Et ass just schued, datt d'Leit net gewëllt si fir dat ze maachen. A wann déi Leit da géife bezuelt ginn, esou wéi déi aner Leit och, wieren se dann net vläicht méi motivéiert?

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Ech weess net, ob et dee richtege Wee ass, fir jidderee fir alles ze bezuelen. Et muss ee sech jo awer och iwwerleeën, datt mer scho Bussen hunn, déi d'Kanner an d'Schoul féieren. Déi Kanner, déi virun der Schoul an d'Maison Relais kommen, gi jo vun hiren Elteren dohinner bruecht.

A mir wollte fir déi Leit, déi de Pedibus géife garantéieren, och eng Assurance maachen, well et jo meeschtens Leit sinn, déi souwisou schonn zu Fouss an d'Schoul ginn. Ech weess och net, ob ee fir alles ëmmer muss bezuelt ginn, well da komme mer och – mengen ech – an en Däiwelskrees eran, wou mer musse mat Peie fueren, wou mer musse mat Stonne fueren, Congée muss geréieren oder och nach Krankeschäiner. Dir wësst jo ganz genee, wat do fir ee Rateschwanz hannendrun hänkt, wa mer op deen dote Wee géife goen. An de Pedibus soll eng Saach sinn, wou Leit dat op fräiwëlleger Basis maachen an déi Leit kréien eng Assurance vun der Gemeng, mat där se ofgeséchert sinn. An domatter miisst et awer gedoe sinn.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Déi Leit, déi mam Bus matfueren, kréie jo och e Verdéngscht. An déi Leit, déi an de Maisons Relaise schaffen, kréien och eng Pei.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Dat ass richteg. Mä wann der mam Bus matfuert, dann hutt der och e Bus voller Kanner. A wann der zu Fouss gitt, da kënnt der héchstens vläicht 3 bis 4 Kanner mathuelen, wann der alleng sidd. Dir gitt net alleng mat 10 Kanner duerch d'Stroossen. Net hei a Péiteng. An d'Educateuren och net. Déi Educateuren, déi an der Maison Relais schaffen, hunn e Kontrakt, si sinn ugestallt. Déi Leit sinn och diploméiert a sinn extra dofir do, well soss bräichte mer jo och keng Maisons Relaisen. An déi zwou Saache kann een elo net matenee vermëschen. Dat sinn zweeërlee Puer Schung, wéi ee seet.

Ob ech an enger Maison Relais als Educateur schaffen oder ob ech als Hausfra mueres mat de Kanner an d'Schoul ginn, sinn zwou verschidde Saachen.

Mä, esou wéi ech et scho gesot hunn, géif ech et dobäi beloossen. Wann an enger Strooss eng Persoun bereet ass, fir mat e puer Kanner zu Fouss an d'Schoul ze goen, da gëtt fir déi Persoun eng Assurance gemaach an domatter wier dës Persoun och gutt ofgeséchert. An dat miisst a mengen Aen duergoen.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Bei deem Mikado aus Holz zu Rolleng bei der Schoul hat Dir jo gesot, datt Luxcontrol an där Saach intervenéiert hätt. Hätte si d'Gemeng dann net kënnen am Virfeld drop hiweisen, datt spéiderhin dee Problem mam Holz géif kommen. Oder hu se dat deemools net gesinn?

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Dat kann ech Iech net soen. Ech war deemools net mat deem Dossier befaasst. Ech weess just, datt dat Holz erausgesicht gi war, mam Avis vun eisem Gäertner. A si wollten Natur aus dem Bësch hunn. A wann esou Holz erëm an de Buedem gesat gëtt an et ass zum Buedem hinn net mat Metall geschützt, da kënnt dat vir, wat elo virgefall ass. A wa baussen d'Schuel net erofgeholl ginn ass – an et ass dat, wat ech mer nodréiglech soe gelooss hunn – da setze sech duerch dat fiicht Klima, wat mir hei hunn, ganz gäre Pilzer mat dran. An dat ass natierlech gesondheetsschiedlech. An dofir solle mer eis och elo un dat halen, wat Luxcontrol gesot huet an huelen de Mikado ewech.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Zum Kierfecht huet den Här Mertzig gesot, datt der net virum 1. November mat den Aarbechte wollt ufänken. Mä wann déi Aarbechten du schonn am gaange gewiescht wieren, dann hätten d'Leit och gesinn, datt d'Gemeng eppes op där Plaz wéilt maachen. Well déi Toilette, déi de Moment nach do ass, ass jo net méi valabel. An och d'Doudegriewer wiere frou, wa se emol anstänneg kéinten do schaffen.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Dir sot dat elo esou. Wa mer elo op Allerhellgen e Schantjen do gehat hätten, dann hätt der vläicht genee de Contraire gesot. Wat soll ech Iech nach weider doropper äntweren?

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Et ass jo kloer, datt – wa mir an der Oppositioun sinn – da musse mer och esou Saache soe fir ze weisen, datt mer och do sinn.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Ech hat Iech gesot, datt d'Commandë gemaach sinn an de Projet gëtt elo an Ugrëff geholl. Dir wësst och, datt een e Schantjen net ka vun haut op muer ofschléissen.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Beim Fussballsterrain hutt der gesot, datt Problemer mam Buedem waren. Dat Ganzt ass jo och e bëssen ausgeaart duerch déi Leit, déi do geschafft hunn. D'Awunner waren net ganz glécklech iwwert déi Situatioun. Esouwäit ech weess, hate jo och Awunner aus där Cité Remarken un iech erugedroen. Besteet eng Méiglechkeet fir déi nächste Kéier – wa mer esou ee Projet hunn a wou mer Awunner ronderëm hunn – d'Firma drop hinzeweisen, zu watfir Zäite si dierfe schaffen. Net datt d'Leit mueres um 5 Auer aus dem Bett gehäit ginn duerch Camionen, déi de Buedem op- oder ofliwweren.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Wéi dat déi éischte Kéier virkomm ass, goufen déi Firmaen drop higewisen. An normalerweis miisst et och duerno geklappt hunn. Selbstverständlech ass keen zefridden, wann Aarbechten an der Noperschaft gemaach ginn. Op där enger Säit gëtt ëmmer reklaméiert, datt näischt gemaach gëtt an op där anerer Säit gëtt awer och reklaméiert wann dann endlech geschafft gëtt. A bei Aarbechte fält och emol Kaméidi an Dreck un. Dat ass nun eben emol esou wa geschafft gëtt.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Et gi jo awer och Gemengereglementer, wou dra steet, um wéivill Auer ee mat den Aarbechten dierf mueres ufänken. Dann hätt een déi Firma vläicht och miissten dorop hiweisen.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Ech hunn Iech jo elo just ganz kloer gesot, datt mer déi Firmaen drop higewisen hunn.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Jo, mä d'Leit ronderëm hu sech jo beschwéiert. Et ass jo kloer, wa mueres um 5 Auer e Camion kënnt, dee Buedem tippt oder opluet, datt d'Leit dann aus dem Bett falen. Dat ass a mengen Aen net normal.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Dat fält jo dann ënnert d'Nachtruhestörung an dat verhënnert jo keen dru fir d'Police ze ruffen.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Dat hunn déi betraffe Leit jo och gemaach.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

A méi kënne mir als Gemeng och net maachen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech géif awer elo soen, datt mer erëm sollen op de Budget zeréckkommen. Well dat doten ass am gaangen e bëssen auszeaarten.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Ech hunn nach just eng Fro, Här Buergermeeschter, an dat betrëfft d'Hondstuten an da sinn ech fäerdeg. Den Här Mertzig huet mer geäntwert, datt déi Tuten ëmmer géifen duerch d'Gemeng fléien. Mä hautdesdaags huet een aner Systemer, bei deenen een déi Tuten net esou einfach kann aus de Statiounen erausrappen.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Mir kënnen och e System maachen, bei deem Tuten « payant » sinn. An da gëtt erëm gejaut, datt et eppes kascht. En anere System gëtt et net. Wann déi Tute fräi zur Verfügung stinn, an et ass en Automat do, dann ass et ni ausgeschloss, datt Abus domatter bedriwwe gëtt. Et ass just traureg, datt et esou ass, do ginn ech Iech Recht. Mä solle mer Tuten an Tute bestellen, a si fléien dann duerno duerch d'Gemeng? Dat ergëtt och kee Sënn. Selbstverständlech kann een Ausschau hale fir een anere System ze installéieren. Mä momentan ass dat d'Ursaach, firwat ee keng Tute méi dobausse fënnt.

**Thein Joé (adr):**

Här Buergermeeschter, léif Kollege vum Conseil,

Fir d'éischt emol wëll ech mech excuséiere fir meng Absence haut de Mëtteg fréi. Ech hat e wichtegen Entretien a sinn awer frou fir elo kënnen hei ze sinn an d'Positioun vun der adr kënnen hei matzedeelen.

No engem weideren, interessante Joer hei am Gemengerot, sti mir alt nees virum wichtegste politeschen Dossier, näämlech der traditioneller Budgetsdebatt. Et ass dëst elo schonns de véierte Budget a markéiert domatter och symbolesch déi éischt an déi lescht Halschent vun der Legislaturperiod. Während an der Chamber d'Kollege Sozialisten, hei zu menger Lénker, de Stuerz vun der CSV-Regierung erbäi provozéiert hunn, huet dat am Gemengerot zu Péiteng awer net wierklech en Zacken aus der Kroun gebrach. Béid Koalitiounsparteien hunn hir Partnerschaft ouni grouss Divergenze fortgesat, wisou natierlech dëse Budget mat alle Stëmme vun deenen hei vertruedene Majoritéitspolitiker, mat sécherlech ville léiwe Komplimenter, mat Luefhuddelei fir dëst an dat, a wéi all Joers, mat besonnesch vill kritiklousem Hurrapatriotismus gestëmmt gëtt. D'adr huet allerdéngs a ganz ville politesche Sujeten eng ganz aner Virstellung vu Gemengepolitik a berifft sech dowéinst op hire néiergeschriwwene kommunale Programm, dee fir ons nach ëmmer de Kär vum oppositionellen Interessenskampf duerstellt.

Et ass schued, datt e puer Kollegen elo hei de Sall verloossen. Et wier awer wichteg gewiescht. De Kaffi ka jo waarden, well hei ginn et méi wichteg Saachen.

Dir wäert also net verkenne kënnen, datt d'adr sécherlech déi meeschte schrëftlech Interventiounen eraginn huet an och bei alle mëndlechen Interventiounen d'Diskussioun mat hirem Pefferkär belieft huet. Mir sinn déi Partei, déi de Schäffen- a Gemengerot ëmmer nees un déi Sujeten erënnert, iwwert déi net wëll oder soll geschwat ginn, oder eben déi Kritik ausspréicht, déi ongär gehéiert gëtt. Mir wëllen dofir och an Zukunft weider op eise politesche Stil setzen, – Jo, berouegt Iech, et gëtt nach besser! – eis fruktiv Aarbecht weiderféieren an déi kontrovers a kritesch Diskussiounskultur mat däitlecher Stëmm hei an de Gemengerot afleegen. Zwar erféiert a schockéiert sech muench ee vun Iech ëmmer nach u muench ongewinntem politesche Bäitrag, mä dat ass genee dat, wat eis esou gutt gefält an dat fir ons den tatsächleche Beweis ass, dat et laang keng richteg Oppositioun hei am Gemengerot gouf, an dat säit de leschte Walen nun awer wierklech anescht ass!

Éier ech elo op dee wierklech wichtege politeschen Inhalt agoe wëll, wëll ech dach awer den Ablack notzen, fir nach een allgemenge Kritikpunkt hei mat ze deelen. No muench onpoliteschen, ondiplomateschen, vulgären, diskriminéirenden a perséinleche Frontalattacke géint eis Partei, déi mech zwar net wierklech beréieren nach stéieren, mä déi mech awer interesséieren ze kommentéieren, sinn ech frou a glécklech, datt no ville Gespréicher dës lescht Zäit mam Vollek, den Zousproch fir d'adr nach ni esou grouss war ewéi haut. Ech mengen, datt är Strategie vun der "frecher Schnëss" däitlech gescheitert ass!

Léif Kollegen,

D'adr wëll als alleréischt alle concernéierte Servicer, déi vill Zäit, vill Aarbecht a vill Professionalismus an dëse Budget investéiert hunn, e grousse Merci ausschwätzen. Selbstverständlech ass et net méiglech, fir sech als Partei mat all eenzelnen Donnéeë vun dësem Budget bis an d'Detail ze beschäftegen. Dofir huet d'adr sech op déi wierklech interessant Eckdate konzentréiert, déi hei onbedéngt mussen ugeschwat ginn.

D'adr verkennt net, datt déi nei Lénksregierung eng wesentlech Matschold um kommende finanzielle Plang vun der Gemeng Péiteng dréit. Déi Austeritéitspolitik, déi hirersäits ageleet gouf, huet dowéinst och zur Konsequenz, datt eng indirekt Matreguléierung vun de Gemengefinanzen zum Deelverloscht vun eiser Gemengenautonomie féiert. D'adr ass awer fir eng méiglechst autonom Kommunalpolitik, déi selwer am beschte weess, wat gutt fir si ass, an ëmmer no den Interesse vun hire Bierger orientéiert funktionéiere soll.

D'adr wëll der CSV-LSAP Koalitioun zu Péiteng domatter allerdéngs guer kee Fräifahrtsticket ausstellen, well och d'Gemeng Péiteng huet hir Politik, ënnert hirer Responsabilitéit a mat hire Prioritéite skizzéiert an ëmgesat. D'adr begréisst, datt trotz der allgemenger Finanzsituatioun vum Stat an de Gemengen, d'Gemengschold weider erof op elo ronn 14 Milliounen Euro gewiertschaft konnt ginn. Trotzdem si Scholden ëmmer nach Scholden, fir déi de Steierzueler also muss bezuelen a mat enger Pro-Kappverschëldung vun 816 Euro vis-à-vis vum Stat mat am Däiwelskrees stécht.

De Gemengen- a Schäfferot huet an dëser Legislaturperiod virun allem mat Taxenerhéijunge sympathiséiert an huet domatter bewosst vir, de Steierzueler auszebeuten. Wann ech de Schäfferot dohingehend kloer verstanen hunn, soll och an Zukunft dës Ressource eng wesentlech Recettequell fir de Budget sinn, näämlech mat der Erhéijung vun der Entwässerungstax, dem Aféiere vu méi Parkingstaxen, enger Erhéijung vum Impôt commercial, vläicht dem Impôt foncier an natierlech de Poubellstaxen a wie weess, wéi eng nei Tax vläicht nach erbäi gedeichselt gëtt. Eng Tax déi ech schonn emol definitiv ofschafe géing, dat wier déi déierefeindlech Tax, déi e Mënsch mat Hausdéier diskriminéiert. D'adr ass der Meenung, datt de Schäfferot besser dru gedoen hätt, Suen ze spueren, andeems en net permanent där „Spezialkrediter" accordéiert hätt, manner oft „Aide au Tiers Monde" um Ordre du Jour stoen hätt oder, zu dësen Zäiten, vernënfteg géint dat saudeiert Dräilännerecksdenkmal argumentéiert hätt. Ech sinn nach wie vor dovunner iwwerzeegt, an ech hunn dat och méimools hei am Gemengerot gesot, datt éier ee Steier- an Taxenerhéijunge mécht, wierklech all aner Spuerméiglechkeeten ausnotze sollt, éier een de Bierger beklaut.

De Schäfferot huet ons och iwwert de Sujet vun der „Grenzkriminalitéit" näischt verziele. Dobäi läit d'Gemeng um Grenzgebitt zur Belsch a Frankräich, an ass dofir obligéiert, fir eng adequat Sécherheetspolitik ze garantéieren. Et ass net ze verleegnen, datt d'Kriminalitéit an d'Drogendealerei e Phänomen gi sinn, deen haaptsächlech säin Ursprong am Transit aus der Grenzregioun huet. Och d'Abréch, de Vandalismus an d'Gewalt avancéieren ëmmer méi zu Alldagssituatiounen. Fir d'adr muss e wierklech interessant Police-Konzept entwéckelt ginn, wou d'Sécherheet vun eise Bierger zu enger wichteger Prioritéit gëtt. Mir wënschen eis méi Polizeipräsenz um Terrain fir géint déi wierklech Kriminalitéit virzegoen, an net just fir e Café zouzemaachen, dee 5 Minutte méi laang op huet. Mir bestinn drop, datt d'Gemeng sech och aktiv fir Commissariat de Proximitéën engagéiert, d'Kompetenzerweiderung vum Pechert ënnerstëtzt an e weidere Mann um Terrain rekrutéiert, souwéi de Streetworker als eng weider Hëllef soll ugesi ginn am Engagement géint dës Problematik.

D'adr reagéiert awer och gären op den Transitverkéier an d'Stroosseninfrastrukturen an der Gemeng. Mir si frou, datt een endlech aktiv ginn ass, fir ons Stroossen nees an een agreabelen Zoustand ze bréngen, de Buedem mat Glasfaserleitungen an neie Kanälréier ze moderniséieren. Et muss een allerdéngs soen, datt dës Initiativ laang vernoléissegt ginn ass an elo, an engem Hauruckverfahren, d'Gemeng zum Chantier verstümmelt. Et stellt ee ganz bemierkenswäert am Balkendiagramm, dee mer an der Presentatioun gesinn hunn, fest, datt wäit iwwer 45 Milliounen Euro am extraordinäre Budget 2012-2017 dofir zu

Buch schloe wäerten. Hätt d'Gemeng mat enger vernënfteger a regelméisseger Sanéierung vun de Stroossen dësem Chaos previsibel entgéint gewierkt, hätt sech och manner Roserei am Vollek breet gemaach an d'Aarbechte wäre vill besser virugaangen. Fir de Bierger ass besonnesch säin Duerfcharme, propper anstänneg Stroossen an d'Natuergegréngs vu wichteger Bedeitung fir e schéine Liewensowend bei sech an der Cité, wisou d'adr och all Projeten, déi d'Gemeng méi attraktiv maachen, ënnerstëtzt a stëmmt, esou zum Beispill d'Jufagästehaus, déi nei Résidence "An den Atzéngen", de Grand-Bis an de Shared Space zu Rodange. Dohingehend wëll ech uschléissen, datt den Transitverkéier, besonnesch op der Route de Luxembourg, Route de Longwy an an der Avenue de l'Europe enger Léisung zougefouert muss ginn. Den dagdeeglechen Traffik iwwert eis Gemeng ass genau esou eng problematesch, wéi immens nervend Situatioun. Virun allem ass déi onerträglech Chaossituatioun op der Rodanger Grenz an dem dozougehéierenden Tanktourismus laangfristeg esou net méi ze garantéieren, an d'Situatioun dowéinst och net méi ze akzeptéieren. Mir ënnerstëtzen dofir all Projet, deen de Verkéier minimiséiert (iwwert méiglechst vill Parkingen, en interessante gratis ëffentlechen Transport an d'Iddi vum Ruffbus) souwéi de Verkéier méi schnell a fléissend mécht (iwwert den Ausbau vu méi Spueren a manner Verkéiersobstakelen).

D'adr vermësst an der Presentatioun vum Budget awer och den Intressi vum Schäfferot zum Sujet „Integratioun". Bis op e puer Luefwierder fir d'Aarbecht vun der Integratiouns-kommissioun, hu mir als eng Partei, déi dëse Sujet um Fändel stoen huet, net wierklech e Progrès am Sujet constatéiert. Mir sinn der Meenung, datt de Schäfferot méimools d'Chance verpasst huet, enger Förderung vun eisem identitärem Uleies Rechnung ze droen. Mir militéiere mat vill Iwwerzeegung dofir, datt de Schäfferot sech endlech senger Responsabilitéit an der Promuvéierung vum lëtzebuergesche Gedanke bewosst gëtt an dës Philosophie och endlech praktizéiert. Virop ass ons wichteg, datt d'Gemeng enger „Verlëtzebuergegung" ënnerzu gëtt, déi am Wesentlechen dodra besteet, datt eis Stroossennimm, d'Uërtschaftsschëlder, an d'Nimm vu Gebailechkeeten entspriechend adaptéiert ginn. D'Gemeng ka sech hei un anere Südgemengen inspiréieren, déi sech dëser Iddi verschriwwen hunn.

Fir d'adr ass et awer och wichteg, datt sämtlech Gemengepublikatiounen op Lëtzebuergesch sinn an de neien auslännesche Bierger an der Gemeng Péiteng direkt fir eng gutt Integratioun invitéiert gëtt – duerch schrëftlech a mëndlech Invitatiounen a Recommandatiounen zu de Sproochecoursen, der lëtzebuergescher Nationalitéit, an alle sonstegen interessanten Dokumenter, wéi de Guide de Citoyen, dee fir eis als éischt an d'office op Lëtzebuergesch muss ugebuede ginn. Fir mat engem gudde Beispill vir ze goen, wär et um Schäfferot hei am Conseil net méi just „Lëtzebuergesch ze schwätzen", mä och den Ordre du Jour a wichteg Dokumenter an enger lëtzebuergescher Versioun ze verfaassen. Interessant ass et allerdéngs och, fir eemol iwwert déi soziofamiliär Situatioun ze schwätzen, déi all ons Kanner an de Maisons Relaisen, Crèchen a Primärschoule betrëfft. Mir setzen drop, datt si alleguer vum Léierpersonal iwwert d'Lëtzebuerger Sprooch edukéiert ginn, a sinn dowéinst och géint eng méisproocheg Erzéiung. Ech sinn awer duerchaus dofir, fir de Kanner mol nees uerdentlech 'eis Heemecht' bäi ze bréngen, amplaz datt d'Gemeng sech multikulturell géint Lëtzebuerg engagéiert.

D'adr ass zefridde mat der Décisioun, eisen Nationalfeierdag ze revaloriséieren an him zukënfteg e méi gebührende Charakter ze verschafen. Dës Initiativ wäert d'adr ënnerstëtzen, appeléiert awer un de Schäfferot fir hir sonsteg Verflichtungen als Integratiounsinstanz wouer ze huelen, an dës Roll och wierklech net just niewebäi, mä prioritär ze spillen. Aus dësem Grond, fuerdere mir och en Integratiounsbeoptragte fir d'Gemeng Péiteng. D'adr gëtt dofir och net midd ze soen, wéi gär, interesséiert an engagéiert si an der Integratiounskommissioun vertruede wier, fir un der Matgestaltung vun der Integratiounspolitik deel ze huelen. Leider huet de Conseil an engem fréiere Vote, d'adr vun dëser Méiglechkeet ausgeschloss, wisou mir profitéieren eist Uleies zumindest hei däitlech a konkret mat ze deelen. Och wann net direkt zum Sujet, an trotzdem wichteg ze soen, si mir och fir d'Ofschafung vun der Chancëgläichheetskommissioun.

Am Kontext vun der Integratioun/Immigratioun, ass et awer och noutwenneg, iwwert déi weider Entwécklung vun der Gemeng Péiteng ze schwätzen. D'adr leent et of, fir dës Gemeng ongebremst an onkontrolléiert an hirer Awunnerschaft progresséieren ze loossen, an domatter sech selwer an eng finanziell a materiell schwiereg Situatioun ze guidéieren. Mat méi wéi 17.000 Awunner huet d'Gemeng Péiteng längst dee Seuil areecht, deen dem Stadtitel entsprécht, mä dee geschwënn awer net méi deene gesonde Verhältnisser vun enger Gemeng gerecht gëtt. Mat 2.249 neien Awunner op 17.266 vun 2007 op 2013, an engem Plus vun 252 neie Leit op 17.535 dëses Joers, ass dës Entwécklung no uewe ferm recommandéiert ze bremsen a mir leenen dowéinst och dem Här Juncker säi fréiert Zil of, fir aus Lëtzebuerg een 1 Milliounen Awunnerstat ze maachen. Mir hunn ënner anerem och dowéinst géint déi kommunistesch 'plans sectoriels' gestëmmt – déi glécklecherweis tatsächlech virleefeg zeréckgestallt goufen – déi ons näämlech virun en evolutive Problem gestallt hätten, an all ons Projeten un eng planwirtschaftlech Landschafts-gestaltung gebonnen hätten, déi een ex cathedra vun der Politik um Krautmaart diktéiert an imposéiert kritt hätt.

Aus dësen a jeene Grënn, stëmmt d'adr géint dëse Budget an ech freeë mech op är Reaktiounen zu eiser Interventioun.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Et ass kloer, wann d'CSV mat der LSAP zesummen e Koalitiounsprogramm opgesat huet an deen se am gaange sinn ëmzesetzen, datt dat eng gutt Zesummenaarbecht ass. An do huet dat, wat an der Chamber geschitt, oder an anere Gemengen aus dem Land geschitt, näischt domatter ze dinn. Mir hunn e Koalitiounsvertrag tëscht deenen 2 Parteien ofgeschloss a mir wäerten deen an där Frëndschaftlechkeet an an deem gudde Geescht – un deem mer bis elo dru waren – weiderféieren an zum Schluss féieren. Dovunner sinn ech honnertprozenteg iwwerzeegt, well all dat, wat mer ugeschwat hunn, ass entweder praktesch scho realiséiert oder ass um Wee fir realiséiert ze ginn.

Wat déi Kritik betrëfft, déi anscheinend ongär gehéiert gëtt, esou kennen ech déi Kritik net. Do musst Dir eis déi eng Kéier erklären, well ech hu bis elo nach net ganz vill Kritik héieren, déi ech net gäre gehéiert hätt. Well fir datt eng Kritik een usprécht, muss et och eng valabel Kritik sinn. A wa se net genuch Valabilitéit huet, da muss een dat einfach nëmmen zur Kenntnis huelen. Mä mat aler valabeler Kritik wäerte mir eis als Schäfferot ausernee setzen. An dat hu mer an der Vergaangenheet gemaach an dat wäerte mer och an Zukunft maachen.

Ech sinn awer frou, datt Dir mat ganz ville Saachen averstane sidd. Dat ass eng positiv Annotatioun an dofir verwonnert et mech, datt Dir duerno géint de Budget stëmmt. Déi grouss Linnen drot Dir jo mat. Ech gesinn, datt Dir dofir sidd, fir eng méiglechst autonom Kommunalpolitik ze

bedreiwen. Mä dat ass dat, wat de Schäfferot hei wëll maachen an dat ass och de Grond, firwat hien och verschidde Saache kritiséiert huet, wat fir de Moment vun der Regierung proposéiert ginn ass. A wat mer an deene leschte Joere gemaach hunn – duerch déi ganz Politik – dat ass, fir eng méiglechst grouss Autonomie an eiser Gemengepolitik hei zu Péiteng kënnen ze garantéieren. An dat och iwwert dës Period ewech, well mir hale jo net 2017 op, mä mir wëllen och nach no 2017 gemeinsam weiderfueren.

Och ënnersträicht Dir, datt d'Gemengeschold erofgaangen ass op 14 Milliounen Euro. Effektiv ass dat richteg an dat war net evident. Mir hu vill investéiert an trotzdem hu mer et färdeg bruecht, fir déi Gemengeschold ze minimiséieren. Och 816 Euro op de Kapp ass ëmmer nach eng Schold, do ginn ech Iech Recht. Mä déi Pro-Kapp-Verschëldung vun 816 Euro ass net vis-à-vis vum Stat, mä vis-à-vis vun de Banken. Well mir hunn d'Sue bei de Banke geléint an net beim Stat. Mä op der anerer Säit – mengen ech – si mer kee Spuerveräin a mir musse kucken, fir am Intressi vun eise Bierger déi Sue beschtméiglechst anzesetzen. A wann ee fir e weidert Investissement, wou och eis zukënfteg Generatiounen dovunner profitéieren, emol eng Kéier miisst e Prêt ophuelen, dann ass dat keng Doudsënn, mä et ass dat dann eng noutwenneg Finanzéierung vu Projeten, déi ee wëll zesumme maachen.

Wat d'Taxenerhéijung ubelaangt, esou muss ech Iech Folgendes soen:

Mir si sécherlech net op deem Punkt ukomm, datt mer zevill Taxenerhéijunge maachen. Well nëmmen 12% vun den ordinäre Recettë bedeiten Taxen. Dat hat ech am menger Budgetspresentatioun op engem Graph gewisen. Dat ass net vill an dat geet emol net méi duer, fir déi lafend Käschten an deene Beräicher – wou mer Taxen ophiewen – ze decken. A wann den Här Stoffel virdru gesot huet, datt mer zum Beispill an der Müllentsuergung net méi käschtendeckend sinn, dann si mer och an anere Beräicher – wann een d'Amortissement dobäi hëlt – sécherlech geschwënn op deem Punkt ukomm, datt mer de Käschtendeckungsprinzip erëm mussen uwenden. Well mir huelen elo schonn eigentlech Sue vun de « revenus non-affectés » fir déi gängeg Ausgaben, déi am Zesummenhang mam Offall a mat der Ofwaassertax sinn, kënnen ze garantéieren.

Déi Erhéijung vum Impôt commercial hu mer net decidéiert. Den Impôt foncier ass fir de Moment och nach ëmmer d'selwecht bliwwen. Parkingstaxen hu mer och weider net erhéicht. Mir hu se nëmmen zum Deel adaptéiert, well d'Automaten net méi all Mënzen unhuelen. An dofir hu mer déi Taxe miissten eisen Apparaten upassen.

Esou datt déi Taxenerhéijunge sécherlech ugepasst sinn un déi Déngschtleeschtungen, déi mer an deene Joere gemaach hunn, an un déi Déngschtleeschtungen, déi ëmmer méi performant ginn. Déi ganz Ofwaasserentsuergung kascht eis Suen an och proppert Waasser kascht Suen an dofir muss een och déi néideg Taxen dofir froen. Mä mir froen awer net déi Suen, fir domatter – esou wéi Dir dat uschwätzt – déi Skulptur beim Rond-pont « Eglise » ze finanzéieren. Esou Saache ginn net mat Taxegelder bezuelt. D'Taxesue sinn do, fir déi Déngschtleeschtungen – fir déi se akasséiert ginn – ze assuréieren.

Wat d'Police ubelaangt, esou muss ech soen, datt ech an der Lescht ëmmer méi Policepräsenz an eise Stroosse ka feststellen. An dat ass och positiv. An d'Police huet sech och engagéiert, fir Mëtt Januar 2015 eng Informatiounsversammlung fir eis Bierger ze maachen. Esou wéi se och viru Joeren e Plan local de la sécurité gemaach hunn. Dat war eng ganz opwenneg Geschicht, déi mer zesumme mat der Police gemaach hunn. An et gëtt vill gemaach an d'Zesummenaarbecht mat der Police ass ganz gutt. A wa mer och fir de Moment e Problem um Niveau vun de Pecherten hunn, esou kennt Dir och d'Ursaach dovunner. A mir wäerten och versichen, fir dee Problem ganz séier kënnen ze léisen, obwuel mer och wëssen, datt mer engem Pechert – wéinst der momentaner Legislatioun – net all Aufgabe kënne ginn. Do muss um Niveau vun der Gesetzgebung eppes geännert ginn a mir hoffen, datt um Niveau vun der Regierung an dem Parlament eppes geschitt an datt mer dann dem Pechert säin Aufgabeberäich méi kënnen ausweiten. An et ass och selbstverständlech, datt mer – esoubal d'Gesetzgebung geännert huet – och méi Leit wäerten astellen.

Wat « An den Atzéngen » ubelaangt, esou ass do scho vill geschitt. A wann Dir do vu 45 Milliounen Euro schwätzt, déi a Stroosseninfrastrukturen investéiert ginn, esou sinn déi Suen net geduecht fir Stroossen nei ze maachen, mä déi Sue si geduecht fir nei Stroossen. Am Lotissement « An den Atzéngen » gi fir nei Stroossen zum Beispill 6 Milliounen Euro gebraucht. Da ginn och Sue gebraucht, fir déi nei Stroossen um « Grand Bis » ze maachen. All déi Saache kaschten e ganz groussen Deel vun deene 45 Milliounen Euro. Dat heescht, dat sinn nei Lotissementer an nei « zones économiques », déi entstinn. An déi huelen eng gréisser Zomm an Usproch.

An dann ass et natierlech och fir déi entspriechend Reseauen, déi do am Buedem leien an déi mussen erneiert ginn am Kader vun enger periodescher Erneierung.

Wat de Verkéier ubelaangt, esou sidd Dir fir e gratis ëffentlechen Transport. D'Iddi vum Ruff-Bus wäerft Dir op, fir domatter den Transitverkéier an den Tanktourismus ze reduzéieren, wann ech dat richteg verstanen hunn. Ech kann Iech garantéieren, datt d'Aféiere vun engem Ruff-Bus keng Influenz op den Transitverkéier an op den Tanktourismus wäert hunn. Well dat sinn d'Camionneuren an déi wäerte weiderhin duerch eis Gemeng fueren.

Mir hunn – an do ginn ech Iech Recht – fir de Moment e Problem mam Transitverkéier. Dat hu mer dem Här Bausch a sengem Virgänger och regelméisseg gesot. A mir sinn am gaangen – an ech sinn der Meenung, datt d'Kontakter gutt sinn – fir mat deem zoustännege Minister no Léisungen ze sichen, fir déi Problematik vum Transitverkéier e bëssen ze entschäerfen, wuelwëssend, datt dat net esou einfach ze realiséiere wäert sinn. Well d'Camionneure wäerte weiderhin iwwer d'A13 fueren an dat wäerte mer net esou séier gestoppt kréien.

Op déi Saach mam Lëtzebuergesche wëll ech elo net weider agoen. Dat wäert den Här Breyer maachen. Ech wëll just op ee Punkt agoen, an dat ass den Ordre du jour vum Gemengerot op Lëtzebuergesch. Do kann ech Iech soen, datt dat net a Fro wäert kommen. Mir schwätze wuel heibanne Lëtzebuergesch, mä mir wäerten awer esouvill Franséisch kënnen, datt mer versti wat op der Dagesuerdnung steet an ëm wat et geet.

Wat déi Méiglechkeet ugeet, fir an der Integratiounskommissioun ze sinn, esou wëll ech Iech nach eng Kéier soen, datt et net de Gemengerot ass, deen an engem Vote decidéiert huet, datt d'adr net Méiglechkeet hätt fir an déi Kommissioun ze kommen. Dir wësst ganz genee, datt – esou wéi d'Gesetz et virgesäit – en Appel gemaach gouf. An et ass iwwerhaapt keng Partei dra vertrueden an op Grond vun engem « appel aux candidatures » hat leider Gottes iwwerhaapt kee vun der adr deemools kandidéiert. An dofir hutt Dir Iech déi Méiglechkeet selwer geholl an et ass net eng aner Partei oder en anere Member aus dem Gemengerot,

deen Iech se geholl huet. Mä wa keng Kandidatur virläit, da kann de Gemengerot och net driwwer befannen.

Wat d'Awunnerzuel ubelaangt, esou mierke mir, datt d'Awunnerzuel hei zu Péiteng klëmmt. Dat ass en Zeechen, datt d'Péitenger Gemeng attraktiv ass, well soss géifen d'Leit net hei op Péiteng kommen. D'Gemeng Péiteng ass op ville Punkten attraktiv, an dat, wat d'Infrastrukturen, eis Schoulen an eis Sportinfrastrukturen ubelaangt, oder wat eist Wunnen ubelaangt, mat dem Gegréngs – wéi zum Beispill den Tëtelbierg – ronderëm. All déi Saachen droen dozou bäi, datt vill Leit mengen, datt d'Péitenger Gemeng eng interessant Gemeng ass fir do ze wunnen. Och den direkten Uschloss duerch den ëffentlechen Transport a Richtung Esch oder Stad Lëtzebuerg ass sécherlech e Grond, deen aus der Péitenger Gemeng eng attraktiv Gemeng gemaach huet. Mir mussen oppassen – do ginn ech Iech Recht - , datt mer net zevill wuessen. Ech sinn awer net averstanen domatter, datt Dir sot, d'Gemeng géif ongebremst an onkontrolléiert wuessen. D'Gemeng wiisst esou, wéi et säit 1992 de Bebauungsplang virgesäit. An 2004 hu mer schonn eng Modifikatioun gemaach a wou mer scho reduzéiert hunn. An d'nächst Joer wäerte mer am Kader vum neie PAG, d'Méiglechkeet hu fir ze kucken, wéi mer d'Wuesse vun eiser Gemeng kënne steieren. Mir wäerten awer nach an nächster Zäit wuessen, dorunner besteet keen Zweifel, mä mir mussen eis effektiv déi néideg Mesurë ginn, fir déi Ziler vun Awunner – déi mer upeilen – ze orientéieren, wuelwëssend, datt awer um Niveau vum Stat eng Demande virläit, datt all Gemeng – a besonnesch eng Gemeng ewéi Péiteng – no engem gewëssene Mooss wuesse muss. Mä mir hunn awer och schonn als Gemengerot gesot, datt dee Wuesstem, deen de Stat a sengem « Plan sectoriel Logement » virgesinn hat, eis schonn ze wäit geet, mat deenen 20% an deenen 10 Joer. An dat huet de Gemengerot jo schonn hei festgehalen, esou datt mer schonn e ganz kloert Zeeche gesat hu wou mer wëllen higoen. An am Kader vum PAG, dee mer d'nächst Joer wäerte stëmmen, musse mer dat nach méi verdäitlechen.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Ech sinn e puermol vum Här Thein a senger Interventioun ugesprach ginn, mä dat méi dacks am Positive wéi am Negativen. Dat wonnert mech. Den Här Thein konstatéiert, datt mer e ganze Koup hei an der Gemeng maachen, datt eis Stroossen agreabel ginn, datt vill investéiert gëtt an datt mer erëm eng Kéier op dee Punkt komme wou hie mengt, datt mer scho laang miisste sinn.

Ech wëll awer just soen, datt mer elo hei net hektesch reagéiert hunn. Mir hunn e ganz klore Programm, wou all déi Joeren 1,2 bis 1,5 Kilometer Uertsnetzer ersat ginn. Dat ass e Programm, no deem mer fueren. Wann awer elo aner Gestionnairen, wéi zum Beispill d'Post, och Aarbechte maachen, da kommen heiansdo emol där Kniet vir. Mä et ass nun emol esou, datt do, wou gehuwwelt gëtt, och Spéin falen. Mä de Gros hu mer awer hannerun eis. D'Post ass mat hirem Schantje fäerdeg a si fueren elo nach just aus der Gemeng eraus a Richtung Lasauvage. Dat spiere mer nach zum Deel mat an dann hu mer dat Meescht vun der Post awer hannerun eis. An déi aner Concessionairë sinn net esou presséiert ewéi d'Post. Esou datt ech awer ka soen, datt mer elo an déi roueg Gewässer kommen. Mir wäerten nach ëmmer Schantercher an der Gemeng behalen, well Promoteure Residenze bauen oder Haususchlëss musse gemaach ginn. Mä déi grouss Schantercher, wéi mer se zu Rodange hunn, an och zu Péiteng an der Lëtzebuerger Strooss haten, wäerten awer elo e Strapp méi roueg ginn. Dofir gesinn ech dat an deem Sënn esou, datt mer dat Meescht hannerun eis hunn.

Dir sot och, datt d'Gemeng ëmmer méi attraktiv gëtt. Dir ënnerstëtzt « An den Atzéngen », de « Grand Bis » an de « Shared Space ». Och beim Jugendgästehaus gesitt Dir dat esou wéi mir et och gesinn. Dat ass positiv an et ass eng Beräicherung fir d'Gemeng.

Den Tanktourismus an den Transitverkéier huet de Buergermeeschter schonn ugeschwat. Mir hunn an deem Kontext konkret Propositioune beim Ministère op den Dësch geluecht, wéi een d'Avenue de l'Europe méi kloer kéint geréieren, wat den Traffik ubelaangt. Et ass natierlech richteg, datt wa manner an d'Land erakënnt, och manner muss drainéiert ginn. Wa mir all Dag 165.000 Autoen aus der Belsch an aus Frankräich heihinner kréien, a si kommen exklusiv zu engem groussen Deel iwwer de Contournement eran, da kréie mer dat mat deene beschte Mëttelen net an de Grëff. Et muss also eppes gesicht ginn an der Peripherie. An d'Peripherie wäert besser gi mat der « Liaison Micheville » well schonn en Deel vum Verkéier wäert dohinner ofzéien. An et muss gekuckt gi fir den ëffentlechen Transport op de Contournement ze kréien, mat P&R an der Peripherie. Déi Parkinge mussen net onbedéngt op eisem Territoire sinn a kéinten och – menger Meenung no – zu Longlaville, zu Lonkesch oder am noe Grenzgebitt sinn.

All déi Situatiounen hu mer beim Minister ugedeit a si wieren och oppe fir déi Saachen. Am Januar – esou wéi dat virgesinn ass – wäerte mer eis nach eng Kéier begéinen.

Da schwätzt Dir d'Lëtzebuerger Sproochecoursen un. Mir schätzen och d'Lëtzebuerger Sprooch als en Integratiounsfaktor, awer net als deen eenzegen. Et ass ee vun de Moyenen. Dir schwätzt vun 252 Leit, déi an engem Joer an der Gemeng bäikomm sinn. Et si bal esouvill Leit an de Lëtzebuerger Coursen ageschriwwen, esou datt ee ka feststellen, datt d'Leit un deene Coursen deelhuelen a se domatter lues a lues un d'Lëtzebuerger Sprooch erugefouert ginn. Do dernieft däerf een déi aner Sproochen awer net vergiessen. Et dierf net exklusiv alles op Lëtzebuergesch lafen. Ech schätzen d'Lëtzebuerger Sprooch och, mä et ginn awer och aner Sproochen, mat deenen een d'Integratioun ka méi einfach gestallten. Ech huelen un, datt d'Madame Presidentin vun der Integratiounskommissioun och nach e Wuert dozou wäert soen.

Den Titel « Stad » fir d'Gemeng, do musse mer kucken, wéi mer dat solle maachen. Wéi heesche mer dann? Gëtt dat dann « Ville de Pétange »? Da muss een awer och kucke wat déi Rodanger a Rollenger dozou soen. Dat sinn emol Gedanken, déi ech mer duerch de Kapp kéint goe loossen, mä déi awer net realistesch sinn.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Ech hunn 2 Punkten, op déi ech wëll agoen. Et geet natierlech och ëm d'Lëtzebuerger Sprooch. Den Här Breyer huet jo schonn d'Sproochecoursen ugeschwat. Dir stellt awer och nach eng Fro, wat d'Kanner aus de Maisons Relaisen an aus de Primärschoule betrëfft. Wat elo de Programm vun de Primärschoulen ubelaangt, esou hu mir als Gemeng keen Impakt do drop. Dat ass de Ministère de l'éducation nationale, deen de Programm festleet. A wéi do d'Sprooche gehandhaabt ginn, läit an hirer Kompetenz an do kënne mir eis als Gemeng net amëschen.

Wat mir natierlech maachen a wou mir och bis elo ëmmer drop gehalen hunn, ass, datt an eise Maisons Relaisen a Crèchë Personal ass, wat Lëtzebuergesch schwätzt, an datt och Lëtzebuergesch mat de Kanner geschwat gëtt. Natierlech dierf een awer net vergiessen, datt – wa Kanner mat Migratiounshannergrond kommen – déi Kanner hir Wuerzelen net dierfe verléieren an trotzdem nach eppes vun

der Mammesprooch solle behalen. Och wa se hei solle gutt an eis Gesellschaft integréiert ginn.

Wat elo Är Propose betrëfft, fir d'Chancëgläichheets-kommissioun ofzeschafen, esou géif ech Iech awer bieden, dat Ganzt nach eng Kéier ze iwwerleeën. Well d'Chancëgläichheet betrëfft eis ganz Gesellschaft. An an där Kommissioun komme Problemer a Punkten op den Dësch, déi net nëmmen d'Damme betreffen. Fréier huet dat « promotion féminine » geheescht, mä deen Zuch ass längst fort. An der Chancëgläichheetskommissioun behandele mir haaptsächlech Punkte vun de Leit, déi Problemer um Niveau vun der Aarbecht hunn, wat d'Sproochen ubelaangt, wat d'Integratioun ubelaangt. Mir kucken, wéi et ëm déi eeler Leit bei eis an der Gemeng steet. Mir hunn e groussen Undeel vun eelere Leit an eiser Gemeng. Wéi ass et do mat deenen hirer Chance fir hei kënnen ze liewen a sech wuelzefillen an eiser Gemeng? Dat ass e grousse Schantjen, deen ee muss analyséieren. Mir kucken och, wéi et intern mat eisem Personal steet. Et ass net vun näischt, datt mer elo nach wëllen eng Befroung beim Personal maachen an esou kucken, wéi d'Ambiance an der Gemeng selwer ass a wat mer kënne maachen a wou mer kënnen hëllefen, fir d'Situatioun weider ze verbesseren. Et ass also eng Kommissioun, déi nach hir Daseinsberechtegung huet.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Ech hätt och 2 Saachen, op déi ech wollt agoen. Déi éischt Saach ass eppes, wou ech mech u sech widderhuelen. An dat bräicht ech elo u sech net ze maachen, wann Dir déi ganzen Zäit an der Sëtzung gewiescht wiert. Wéi scho gesot, geschitt déi « Aide au Tiers Monde » am Kontext vun enger Konventioun vum Klimapakt, déi 1996 ënnerschriwwe ginn ass a mat där mer eis och verschidden Obligatioune ginn hunn.

Dat anert ass déi Saach mat der Erhéijung vun der Dreckstax. Déi Tax kucke mer all Joer. Déi soll käschtendeckend sinn an et ass de Prinzip vum « pollueur-payeur » deen hei gëllt. A wa mer dat net maachen, da widdersprecht Dir Iech selwer. Well dann hu mer en Defizit an eis Schold geet an d'Luucht. An dat wëllt Dir jo net.

**Thein Joé (adr):**

Ech wëll Iech villmools Merci soe fir Är Äntwerten a sinn op dee weideren Debat gespaant.

**Conzemius-Holcher Josette (CSV):**

Ech wollt dem Schäfferot Merci soe fir deen Exposé vum Budget de leschte Freideg hei an dësem Haus. Do krute mer en Opschloss, wéi et am nächste Joer an an deene kommende Joere mat de Projeten, wéi se am 5-Joeresplang festgehale goufen, soll virugoen, sief dat an de Beräicher Sport, Kultur, Schoulen, Maisons Relaisen, Verkéier an Industrie. Do ass ervirzesträichen, datt et am « Grand Bis » no laanger an allze laanger Zäit soll bougéieren, wat mech perséinlech freet. Well ech wollt scho bal net méi dru gleewen.

D'Kanalisatiounen an d'Stroossen an d'Rei setzen ass wichteg. Do stinn der jo eng Rei op der Lëscht an do läit mer besonnesch d'Fonderiestrooss um Häerz. Do gi jo, nodeem nach Infrastrukture solle geschéien, endlech Neel mat Käpp gemaach, an där Kaulestrooss.

De Parking am Blobierg hannert dem Haus « Speltz », wou d'Gemeng sech jo Parkraum keeft, ass ganz wichteg fir d'Geschäftsleit. Och d'Verschéinerung vum Duerfkär vu Rodange, mat der Zone de rencontres, asw., ass e flotte Projet, bei deem och d'Leit kënnen an deenen Aarbechtsgruppe matschwätzen. Wat de Parking écologique op der Lénger Strooss zu Péiteng beim Wax ugeet, do froen ech mech awer, firwat datt dat net konnt direkt anstänneg gemaach ginn amplaz elo erëm eng Zomm vu 70.000 Euro mussen ze investéieren, esou datt een emol anstänneg, ouni voll Bulli a soss Steng an de Schung an un den Autoen ze hunn, kann dohinner parke goen. Da bräichten d'Leit och net alles an der Strooss zouzesetzen, wann eppes am Wax lass ass.

An de Schoule gëtt jo bestänneg renovéiert, wat jo och wichteg ass. Mä eng Kritik muss ech awer lass ginn zu der Erneierung vum Schoulhaff vun der Parkschoul. Do fannen ech déi Zomm vu 520.000 Euro iwwerdriwwen. Kache mir do net selwer d'Ham an der Mëllech? Wann eis Kanner et dann och nach appreciéieren an net zevill Vandalismus maachen, dann ass et vläicht berechtegt.

De Centre culturel vu Rodange besteet elo scho 40 Joer. Dass do och emol Renovatioune musse gemaach ginn, ass ganz wichteg. Mä wann ech gesinn, datt, fir ee Musekssall ze erneieren, 95.000 Euro do stinn, da froen ech mech, ob een net besser hätt, dat Geld an aner Saachen ze investéieren, wéi zum Beispill an nei Fënsteren, déi den heitegen Normen entspriechen, An domatter géinge mer dann och nach vill Heizungskäschte spueren an d'Nopere wieren och net méi mam Kaméidi geplot, wann eppes am Kulturzenter lass ass. Well an e Musekssall ouni Musekanten ze investéieren – wat mer jo festgestallt hu beim Bärbelendag zu Rodange – fannen ech eng Utopie. Wann déi Rodanger Musek emol erëm gutt do steet – wat ech hoffen, dass dat geschitt – dann hu mer nach ëmmer Zäit fir doriwwer nozedenken.

Bei den Ateliere vun der Gemeng geet et jo och virun, d'selwecht wéi beim Projet « An den Atzéngen », wat jo ze begréissen ass.

Eppes muss ech awer nach lassginn. Wann een déi grouss Zomme vun Etudë gesäit, da froen ech mech, ob dat esou ee grousst Ausmooss muss hunn. Kënne mir do keng Aspuerunge maachen andeems mer vläicht mat eise Leit aus dem techneschen Service déi Projete géifen ausschaffen. Well mir brauche jo net, ewéi bei der Regierung, eis nëmme voll beduselen ze loosse mat Berodungen, an nach emol Berodungen an Etuden asw.

Elo hunn ech genuch gesot, soe villmools Merci fir d'Nolauschteren a wäert mat menger Partei, der CSV, de Budget stëmmen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

De Projet « An den Atzéngen » ass sécherlech e ganz interessante Projet. Et ass e Projet, deen der Koalitioun an – mengen ech – och der Oppositioun um Häerz läit. An de Gemengerot wënscht sech, datt dee Projet realiséiert gëtt. Mir si bis elo gutt virukomm. Mir sinn elo knapps 2 Joer am gaangen. Mir hunn d'Terraine kaf, d'Ëmklasséierung vun den Terraine gouf gemaach, de PAP gouf gemaach an de Projet läit um Dësch. Elo musse mer nach just op eng Autorisatioun vun der « Gestion de l'eau » waarden. A wann déi Autorisatioun virläit, da kënne mer och d'Ausschreiwunge maachen. An deen heite Projet wäert sécherlech ee ganz wichtege Projet vun dëser Mandatsperiod duerstellen.

Wat déi ganz Etuden ubelaangt, esou muss ee wëssen, datt – wann ee gréisser Projete mécht – een Ingenieurs- an Architektebüroe brauch. Déi kréie laut Normen, déi festgeluecht ginn duerch den OAI, e gewëssene Prozentsaz vum Chiffer. A wann ee grouss Investissementer mécht, da mécht natierlech och dee Prozentsaz vun deenen Honorairen e méi grousse Chiffer aus. Do soll jo och un engem neie Modell vu Kontrakt geschafft ginn, mat deem een dat vläicht reduzéiert kritt. Mä bis dohi musse mer déi Normen applizéieren, déi d'OAI eis virschreift.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Ech si frou, datt Dir de Budget wëllt stëmmen. Mir war schonn ee Moment de Schweess ausgaangen, wou Dir mat Ärer Interventioun ugefaangen hutt.

Dir hutt e puer Saache gesot, déi richteg sinn an déi een och soll kritesch kucken. De « Grand Bis » wäert awer elo definitiv um Instanzewee sinn. Ech ka mer net virstellen, datt – nodeem all déi Verwaltunge mat dru geschafft hu fir eng Léisung ze sichen – se elo beim offiziellen Avis géifen anescht denken. D'Konditiounen, déi di verschidde Verwaltunge festgeluecht hunn, gi respektéiert an ech huelen domatter un, datt den Avis och wäert positiv ausfalen. Wann dat net esou wier, da géif ech mer awer ganz vill Froe stellen.

D'Fonderiestrooss gëtt 2015 nach net gemaach, mä si ass awer an der Prioritéitelëscht esouwäit no uewe gerutscht, datt se onëmgänglech ass. Well et ass wierklech un der Zäit, datt déi Strooss besser gemaach gëtt.

Den Aménagement vum Rodanger Duerfkär ass e flotte Projet. Duerch déi Aarbechtsgruppe mat deene concernéierte Leit kréie mer ganz flott Iddien eran. Mir kréien och emol d'Gefill matgedeelt, wéi si sech deen Zentrum virstellen. An ech sinn iwwerzeegt, datt dat erëm eng flott Plattform gëtt fir deen Zentrum vu Rodange ze revitaliséieren.

Wa mer déi Zäit beim Parking écologique vun deene Leit déi selwecht Äntwerte kritt hätte wéi mer se haut kritt hunn, dann hätte mer dee Parking direkt esou gemaach, dat heescht mat « pavés drainants ». Mä de Parking wier dann och deemools scho méi deier ginn. Mä déi Zäit war esou een Aménagement awer net méiglech. Do huet een nëmmen dierfen « Geröll » drop maachen. D'Zäiten ännere sech an haut dierf een och aner Saachen drop maachen.

Wat de Musekssall zu Rodange ugeet, esou ass ze soen, datt de Budget net eréischt nom Bärbelendag färdeggemaach gëtt. D'Viraarbechten zum Budget sinn da scho laang am gaangen. A bei deene verschiddene Zentre gëtt eng Prioritéitelëscht opgestallt vun Aarbechten, déi miisste gemaach ginn. A fir dee Rodanger Musekssall hate mer dofir scho méi laang 95.000 Euro virgesinn. Wann d'Musek elo effektiv sollt deen « Down » net iwwerbrécken, da muss ee sech Gedanke maachen, ob een déi Suen elo zweckméisseg nach soll investéieren. Mir kréien elo den nächste Freideg den detailléierten Devis an de Gemengerot. Komme mer – a mir wäerten déi Woch nach notze fir Gedanken ze féieren – zu der Feststellung, datt d'Astandsetze vum Musekssall net als Prioritéit soll ugesi ginn, da musse mer de Projet erëm zeréckzéien an déi 95.000 Euro dann an aner Saachen am Kulturzenter investéieren.

Mir wäerten eis emol Gedanken driwwer maachen a kucken, wéi et spéitstens den nächste Freideg domatter ausgesäit. Ech hoffen op jiddwer Fall, datt d'Musek erëm op d'Bee kënnt, an an deem Fall wieren déi Suen och net falsch investéiert.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Dir schwätzt jo vun de Schoulen, déi bestänneg renovéiert ginn. Do si mer de Moment um gudde Wee. Rolleng ass jo praktesch färdeg an dat ass e ganz flotte Bau. A wann ee déi Schoul elo bannena gesäit, dann erkennt kee méi déi fréier Rollenger Schoul erëm.

Wa mer an deenen 3 Phasen elo déi Péitenger Eigentschoul och op den Topniveau bruecht hunn, dann hu mer nach e puer méi kleng Erneierungen an der Parkschoul ze maachen. Do bleiwen nach d'Geliichts am Gank a verschidden Dieren nei ze maachen. Alles an allem kann ee soen, datt mer an deene leschte Joeren an eise Schoule gutt geschafft hunn an datt mer eise Schoulkanner en adequate Schoulraum kënnen zur Verfügung stellen.

Dir kritiséiert de Käschtepunkt fir d'Erneiere vum Schoulhaff vun der Parkschoul. Et ass eng héich Zomm, mä et ass natierlech och e ganz grousse Schoulhaff. Wann ee bedenkt, wat do alles un Aarbechte gemaach gëtt, datt den Tarmac erausgeholl gëtt, datt gekuckt gëtt, wéi et mam Drainage ass, datt nei Leitunge fir d'Elektrescht, asw., mussen agezu ginn, datt en neie Belag gemaach gëtt, datt nei Spiller dohinnerkommen, datt Luxcontrol muss mat erugezu ginn, datt eng Ingenieursbüro gebraucht gëtt, da leie mer nun emol hei zu Lëtzebuerg bei deene Präisser. An där doten Zomm ass natierlech och dee säitleche Wee mat der Beliichtung mat dran.

Mir mussen eis och bei deene Saachen u gewësse Sécherheetsnormen halen. An all déi Bauten an Infrastrukturen, déi fir d'Kanner sinn, mussen och kannergerecht sinn an doduerch musse mer och an de Portemonni gräifen. Et ass natierlech och esou, datt deen dote Schoulhaff net nëmme geduecht ass fir reng während der Schoulzäit genotzt ze ginn, mä – doduerch datt en esou gënschteg am Zentrum vu Péiteng läit – och ausserhalb vun de Schoulzäiten als Spillplaz ka genotzt ginn.

**Gonçalves Cátia (LSAP):**

Wéi all Joers dëser Deeg hëlt muench ee sech Zäit, fir e Bilan ze zéien an och en Ausbléck op d'Zukunft ze wäerfen. Och als Politiker hëlt ee sech am Dezember gewéinlech Zäit, fir iwwer de Budget ze kucken. Ech brauch sécherlech deene meeschten net ze soen, wat et bedeit, mat engem Budget eens ze ginn. Besonnesch ronderëm d'Feierdeeg gëtt nach méi nom Portemonni gekuckt. Dat selwecht gëllt och fir de Stat, respektiv fir eis Gemeng. An Zäiten, wou d'Einname vum elektroneschen Handel ewechfalen an d'TVA an d'Luucht geet, gëtt de finanzielle Spillraum fir d'Gemengen och méi kleng. Ech géing dës zwou Saachen awer net onbedéngt als Austeritéitsmesurë bezeechnen, virun allem wann ee weess, datt d'Ewechfale vun den TVA-Einname vum elektroneschen Handel keng Neiegkeete sinn.

Et ass sécherlech net glécklech, datt nieft dëse feelenden Einnamen och nach aner Mesuren d'Budgete vun de Gemenge substantiell belaaschten. Den Zäitpunkt ass ganz kloer net dee beschten an et ass och bedauerlech fir d'Gemengen insgesamt a besonnesch och fir eis Gemeng, wann an engem Joer méi wéi 20% Investissements-méiglechkeeten ewechfalen. An awer bleiwen eis Investissementer trotzdem héich duerch den Iwwerschoss vum ordinäre Budget vun iwwer 11 Milliounen Euro.

Dëst Resultat ass natierlech net ouni Effort zustane komm. A schwieregen Zäiten ass d'Pro-Kapp-Verschëldung vun der Gemeng dëst Joer op ënner 1.000 Euro gefall, fir 2015 sinn dat der ëm déi 800 Euro. Gläichzäiteg ass weider an eis Infrastrukturen investéiert ginn, mat vir bäi am Educatiouns-, Logements-, Kultur a Sportsberäich, ouni dofir brauchen en neien Emprunt ze maachen. An ech géing hei ganz kloer soen, datt eng Pro-Kapp-Verschëldung vun 800 Euro guer net héich ass, wann een dat mat anere Gemenge ronderëm vergläicht. D'Péitenger Gemeng huet sech also och fir déi schwéier Zäite parat gestallt, ouni awer engem Spuerwahn ze verfalen.

Ech wëll awer och kloer betounen, wat hei scho gesot ginn ass, datt eis Gemeng kee Spuerveräin ass. Mä an Zäiten, wou d'Ustriewunge vun der Regierung a punkto Gemengepolitik nach net ganz kloer sinn, ass et sécherlech net vun Nodeel op eng virsiichteg a virun allem niddereg Schold ze setzen, ouni datt een dofir de Service un de Bierger verklengert.

Erlaabt mer an där Hisiicht och eng Remarque ze maachen, betreffend d'Iddi vum Inneministère, fir d'Einname vun der TVA-Erhéijung direkt an e Fong afléissen ze loossen, fir de Bau vun engem Etablissement public fir eis Services de secours ze finanzéieren. U sech ass dat eng duerchaus vertrietbar Iddi, och wann dëst e Revenu non-affecté an e Revenu affecté ëmwandelt, wéi den Här Buergermeeschter dat bei der Presentatioun vum Budget gesot huet.

Wat fir mech awer net kloer genuch ass, dat ass wéi duerno d'Forschette vun den eenzelne Gemenge wäert ausgesinn, fir d'Käschte vun esou engem Etablissement public ze droen. Et ass näämlech geschwat gi vun engem Ratio 50/50 tëscht de Gemengen an dem Stat. Mä méi wësse mer eigentlech net. Dat sinn erhieflech Inconnuen, déi ech géing gäre chiffréiert gesinn, well mer als Gemengen ëmmer méi Prévisibilitéit mussen hunn – och fir eis europäesch Ziler ze erreechen – an awer Décisioune getraff ginn um nationale Plang, ouni di laangwiereg Konsequenzen dovunner ze kennen, respektiv ze chiffréieren.

Erlaabt mer, fir elo op e puer eenzel Punkten a Projeten anzegoen, déi mir besonnesch um Häerz leien, nieft all deene Saachen, déi hei schonns ugeklonge sinn.

Wat de « Grand Bis » ugeet, esou sinn ech och ganz frou, datt et elo endlech virugeet. Et ass dat ganz kloer e Projet, dee méi ewéi laang op sech waarde gelooss huet an dee sécherlech konkret Resultater wäert mat sech bréngen. Virun allem, wat d'Beschäftegung an eiser Gemeng ugeet. Et ass geschwat gi vu bis zu 1.000 Aarbechtsplazen. Dat sinn der eng jett. Ech widderhuelen awer hei, wat ech scho virun e puer Méint gesot hunn, an zwar gëtt domatter gerechent, datt vun 2016 un d'Betriber sech kënnen hei nidderloossen, mä wat geschitt dann op eise Stroossen? Ass do den Impakt emol wéinstens versicht ginn ze quantifizéieren? Well ech si mer ganz sécher, datt do weider Belaaschtungen op eis duerkommen, déi sécherlech net zu enger besserer Liewensqualitéit bäidroen. Dobäi wollt ech och froen, wéi d'Aufgabenopdeelung beim Sikor bezüglech dësem Projet ausgesäit? De Stat partizipéiert jo zu 85% an d'Sikor-Gemengen zu 15% fir d'Sanéierungs- an d'Infrastrukturkäschten. Mä wéi gesäit duerno d'Zesummenaarbecht aus, respektiv huet dat och en Afloss op d'Einname vum ICC?

Da weider zur Integratiounspolitik, wou ech frou sinn ze héieren, datt d'Aarbecht, déi an der Integratiounskommissioun gemaach gëtt an déi Iddien, déi si proposéiert, och appréciéiert ginn. Ech muss och do dem Här Thein kloer soen, datt mer eng jett Iddien op den Dësch geluecht hunn, contrairement zu senger Partei. An och wann een net an enger Kommissioun dran ass, da kann een nach ëmmer Iddie weider ginn an ech sinn natierlech op fir all konstruktiv Iddi, déi Dir hutt. Fir de Moment hunn ech awer leider net vill héieren ausser Stroosseschëlder a Lëtzebuerger Coursen, wou mer laang a breet drop agaange sinn. A wat ech nach vläicht wéilt als klengen Tipp dem Här Thein ginn, dat ass, datt mer an de Lëtzebuerger Coursen nach ëmmer Leit brauchen. Wann hie vläicht eng Vocatioun huet oder wann hien nach keng Aarbecht fonnt huet, da kéint hie sech vläicht emol virstellen en Agreement unzefroen a vläicht selwer emol Coursen ze ginn, wann dat esou wichteg ass.

Dir wësst vläicht och, datt de Syvicol zesumme mam Familljeministère e Plan communal d'intégration ausgeschafft huet, deen – esou wéi e Plan pour la jeunesse oder e Plan pour le 3e Âge – eng Feuille de route soll duerstelle fir d'Gemengen, wéi se hir Integratiounspolitik wëllen ëmsetzen. Dat ass och ubruecht, well all Gemeng net d'selwecht betraff ass a well et wichteg ass, fir mat lokalen Acteuren d'Kräften ze bündelen an zesummen ze schaffen. Dat bedeit fir eng Gemeng ewéi eis, wou ëm déi 50% vun de Leit en anere Pass hunn, en Défi, deen net ze ënnerschätzen ass. An ech deiten och do drop hinn, datt och an de Schoulen déi Situatioun net ëmmer esou einfach ass. An ech wëll awer och ganz kloer soen, datt d'Méisproochegkeet oder d'Villsproochegkeet ganz kloer och en Deel vun eisem DNA ass, vum Lëtzebuergeschen DNA. Well mir si ganz frou, wa mer an d'Ausland ginn a wéinstens 4 Sprooche beherrschen. An da kënne mer eigentlech soen, datt mer ganz glécklech sinn. An dat bedeit och Chancen ophiewen, dat heescht, datt mer eigentlech – am Géigesaz zu anere Leit – vill besser do stinn.

An deem Sënn ass et fir mech och selbstverständlech, datt d'Kommissioune sech och emol zesummendi fir Aktivitéiten ze proposéieren. Et ass ëmsou méi wichteg, wann een eng Charte pour l'égalité wëll ënnerschreiwen, wou Integratioun, Familljepolitik, Jugendpolitik, Sport, Kultur a Chancëgläichheet openeen treffen. Eng Charta bedeit och, datt eng Rei Aufgaben op eis duerkommen. Dat selwecht gëllt fir e Plan communal d'intégration, wa mer dee maachen. Dat ass immens vill Aarbecht, fir de Suivi ze maachen an ech wollt an deem Kader ze bedenke ginn, op et vläicht net ubruecht wier, fir an noer Zukunft en hallwe Posten ze schafe fir de Suivi vun eiser Integratiouns- a Chancëgläichheetspolitik ze maachen, respektiv och verstäerkt op interkommunalem Plang zesummen ze schaffen, esou wéi de Prosud dat uleiert.

Uschléissend ass et mer als Member vum Gemengerot, awer och als Member vun der Finanzkommissioun, besonnesch wichteg, datt all Décisioun och kloer chiffréiert gëtt - an ech mengen, datt dat hei och ganz gutt gemaach gëtt – an datt mat de Sue vun der Allgemengheet verantwortlech a virsiichteg verfuer gëtt. Dozou gehéiert och eng kritesch a konstruktiv Kritik – an ech mengen, mir hunn der hei och eng Partie héieren – , kloer Prioritéiten opweisen, déi mir schonn an engem Plan pluriannuel opgesat hunn, an e Budget opzestellen, deen zukunftsfäeg ass. Dat si mir eise jëtzegen an zukünftege Bierger schëlleg. An ech gleewen, datt – och wann een net zu 100% mat allem averstanen ass – een dëse Budget als virsiichteg, ausgeglach an zukunftsdroend bezeechne kann.

Letztendlech wëll ech och all deene Mataarbechter e grousse Merci soe fir d'Opstelle vun dësem Budget. Et ass sécherlech keen Zockerschlecken – wéi ee seet – an hire Bäitrag ass guer net ewechzedenken. Merci dofir a Merci fir d'Opmierksamkeet.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech wollt just op zwou Saachen agoen. Et ass sécherlech esou, datt d'Ewechfale vun der TVA bekannt war. Et war och bekannt, datt mer 600.000 Euro miisste méi bezuelen op de Paien, well dat Ofkommes mat der CGFP och scho méi laang ënnerwee war. Dat heescht, déi Informatiounen hate mer. D'Gemeng Péiteng war agestallt fir déi 1,85 Milliounen Euro, déi se doduerch manner kritt, och manner kënnen ze investéieren. Op wat d'Gemeng Péiteng awer net esou virbereet war, an dat koum e bëssen aus heiterem Himmel, dat waren déi 1,75 Milliounen Euro déi mer manner kréien doduerch datt mer d'Majoratiounen an d'Biennalen, respektiv d'Indexen net méi kréie vum Stat. Dat ass eng hallef Millioun Euro. Mir mussen och 2% méi TVA bezuelen, wat 500.000 Euro ausmécht. An datt mer och deen Deel net kréie vun deenen 2% aus der Erhéijung vun der TVA, well dat hätt u sech dat kompenséiert, wat mer méi un TVA musse bezuelen. Och dat ware mer eis net bewosst. Dat heescht, mir haten eis schonn op déi 1,85 Milliounen Euro agestallt, mä net op déi 1,75 Milliounen. Et brauch een och net ze mengen, datt dat eleng eng Problematik vun der Péitenger Gemeng ass. Et brauch een nëmme ronderëm ze kucken an da gesäit een, datt aner Gemengen nach méi dru schlécken ewéi mir. Et brauch een nëmmen ze kucken, wat d'Madame

Buergermeeschter vun Esch gesot huet oder wat déi Déifferdenger Kollege soen. Dat heescht, dee supplementaren Impakt, deen duerch deen Zukunftspak vun der Regierung um Bockel vun de Gemenge gemaach gëtt, dréit dozou bäi, datt d'Gemengen de Krunn nach vill méi schlëmm zougedréint kréie wéi dat schonn de Fall ass. Mir woussten, datt mer – d'selwecht wéi de Stat och - den elektroneschen Handel géife verléieren. Ech froe mech awer, ob de Stat de Gemengen dat selwecht Recht dann och zousprécht, wat hie sech selwer ginn huet, an datt mer vun der Erhéijung vun der TVA deen Deel – an dat ass 1/10tel vun deem, wat do erakënnt – och zougestane kréien.

Ech kann iech nëmme soen, datt mer duerch déi gutt Finanzpolitik, déi mer an deene leschte Joere gemaach hunn, haut op feste Féiss stinn. Mä ech kann iech garantéieren, datt et Gemenge ginn, déi vill méi Problemer kréien. An do brauch een nëmmen am Syvicol nozelauschteren, dann héiert een, wéi aner Gemengen do stinn. An ech hunn de Mëtteg nach mat engem Vertrieder vun der Déifferdenger Gemeng geschwat, dee mer gesot huet, wéi schwiereg et an deenen nächste Joere wäert ginn.

Wat elo déi Geschicht vun den Etablissements publics ugeet, esou kann ee sécherlech domatter averstane sinn, datt een e Fong speist. Mä wann ee weess, datt de Fong fir eis Hëllefsdéngschter ze reorganiséieren zu 50% vum Stat an zu 50% vun de Gemenge soll gespeist ginn – wouzou ee muss soen, datt dat emol nach guer net ausgehandelt ass – da verstinn ech just net firwat datt d'Gemengen déi 50% - an dat si 25.220.000 Euro, an dee Fong setzen an de Stat gëtt 0 Euro dran. Wann et jo d'Zil ass, fir et 50/50 ze maachen, da verlaangen ech och vum Stat, datt hien déi 25 Millioune vun der TVA-Erhéijung an dee Fong gesat hätt. An et ass dat, wat ech ëmmer hei kritiséiert hunn a wat ech och viru kritiséieren. An ech sinn der Meenung, datt – wann de Moment kënnt fir deen Etablissement public ze schafen – all Gemeng selwer an der Lag muss kënne si fir déi Sue bereet ze hunn, fir se kënnen dann an deen Etablissement public ze iwwerweisen.

Well dat hei ass eis als Gemengepolitiker – an do si mer alleguerte betraff – dohigestallt, wéi wa mir net am Stand wiere fir eis Finanze selwer ze geréieren. Dofir hëlt de Pappa Stat einfach emol 25 Millioune Euro vun eis ewech. Et ass esou, wéi wann d'Mamm hirem Kand géif 10 Euro vum Täschegeld ewechhuele fir se op e Spuerbuch ze setzen, well soss d'Kand näischt géif spueren. Et ass genee dat, wat hei geschitt a wat de Stat mat de Gemenge mécht. An dat ass fir mech en Affront géintiwwer all deenen, déi Politik an de Gemenge maachen. Well et ass déi als Mannerjäreg dohigestallt.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Zum « Grand Bis » géif ech nach e puer Erklärunge ginn zu deem, wat Dir gefrot hutt. Ech hat geschwat vum « Grand Bis » a vum « PED » bei deenen neien Zonen, déi eventuell elo kuerzfristeg kéinte regionaliséiert ginn an eventuell 1.000 Aarbechtsplaze kéinte mat sech bréngen. Zesumme sinn dat ronn 15 Hektar, déi disponibel ginn a wou d'Leit sech kéinten usidelen. Mir haten einfach eng Héichrechnung gemaach, a mat 30 Ar pro Betrib kéinten esou 50 Betriber a Fro kommen. A mat 20 Leit pro Betrib huet ee séier 1.000 nei Aarbechtsplazen.

Datt dat en Impakt op eise Stroosseverkéier huet, ass evident. Deen Impakt huet awer bis elo nach net konnte richteg quantifizéiert ginn, well éischtens de Commodo-Incommodo an de PAG nach net ganz kloer sinn, wat de « Grand Bis » ubelaangt. Well do jo eng verseuchte Schicht am Buedem ass, déi zougedeckt soll ginn, däerf net zevill an de Buedem investéiert ginn. Dat heescht Kelleren, asw., kann ee sech op deem Terrain net virstellen. Et wäert einfach nëmmen eng Versigelung uewen an der Surface ginn, esou datt sech deen Terrain ubitt fir logistesch Saachen, déi awer och vläicht zum Deel mat Traffik verbonne sinn.

Mir wëssen awer och, datt mer nach 2 bis 3 Joer virun eis hu fir eis deem Defi ze stellen oder ze kucke fir eis unzepassen. Well 2015 wäerten d'Etudë fäerdeg ginn an et ka vläicht scho virsiichteg ugefaange gi mat programméieren. 2016/2017 wäerten d'Infrastrukture gemaach ginn an et wäert 2017 gi bis déi éischt Industrien dohikommen. Bis dohi wäerte mer och – wat de ganzen Transport ubelaangt – méi kloer gesinn.

Et stëmmt, datt vun deene Käschten, déi do am Raum stinn, 85% vum Stat iwwerholl ginn. An déi aner 15% bréngen déi 4 Sikorsgemenge mat, an dat jeeweils zu engem Véierel. Duerno – wann deen Terrain fir 30 Joer un Interessente weiderverkaaft gëtt – kritt de Stat vun där Zomm erëm 85% zeréck an d'Gemengen och hir 15%, déi se eventuell investéiert hunn. An d'Gemenge kréien och ee Véierel vum ICC, well se jo och e Véierel virdru matbezuelt hunn. Esou ass et an der Konventioun virgesinn, déi tëscht de Sikorsgemengen an dem Ministère ausgehandelt ginn ass.

Wat de Plan communal d'intégration betrëfft, esou solle mer do driwwer kucken. Mir sollen awer och kucken, watfir Auswierkungen dat op aner Kommissiounen an op aner Aktivitéiten huet. Well all Kommissioun kënnt mat Iddien, an et sinn e ganze Koup Iddien dobäi, déi sech gläichen oder ähnelen. An déi kënnen an engem Package zesummegebonne ginn. Dofir wollt ech och ureegen, datt mer eis Uganks 2015 e puermol gesinn, fir verschidde Punkten ze diskutéieren. Well et si Saachen dobäi, déi gläich e puer Kommissioune betreffen an déi hir Meenung dozou solle kënne soen. Duerno kéint een dat dann als Gesamtpak ëmsetzen a realiséieren.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Dir maacht Iech Gedanken, wat d'Chancëgläichheetspolitik ugeet. Et ass och, fir sech ëm dee Volet Gedanken ze maachen, well wa mer emol bis d'Charta ënnerschriwwen hunn, dann ass dat eng Feuille de route un déi mer eis duerno mussen halen. Do muss och e Suivi geschéien an eng Kontroll gemaach ginn. An dat ass nach vill Aarbecht, déi op eis duerkënnt. An et ass dat méi Aarbecht wéi déi, di mer elo hu fir déi ganz Charta opzesetzen. Mir schaffen de Moment jo haaptsächlech mat eisem Sekretär zesummen, well mer jo net – esou wéi aner Gemengen – deen hallwen oder ganze Posten hunn. Ech weess pertinament, datt Gemengen ewéi Suessem oder Déifferdeng an deem doten Dossier einfach besser virukommen. Mir hoffen datt – wa sech déi Saach sollt konkretiséieren – mir awer esou een hallwe Posten an eiser grousser Gemeng kënne kréien. Mir mussen dann och nach an där Kommissioun méi mat de Regiebetriber a mat deenen anere Betriber zesummeschaffen. Mir mussen eis och mat anere Kommissiounen zesummesetzen an do och emol heiansdo e Point maachen, fir datt mer och emol gesinn, wéi et do ausgesäit, wéi wäit se sinn a wat se kënnen afléisse loossen an dee ganze Volume vun der Chancëgläichheet. Ech mengen, an deenen nächste Méint miisst een dat och emol nach kucken an do miisst een nach Kontakt ophuelen.

**Becker Romain (déi gréng):**

Här Buergermeeschter, Madame, dir Häre Schäffen,

Un alleréischter Plaz wéilt ech alle Fonctionnairen aus eise verschiddene Betriber a Servicer, déi un dësem Budget geschafft hunn, Merci soen.

Wie wonnert et, datt dëst Joer d'Circulaire mat der Nummer 3195 vum Inneminister eng aner Tournure huet? Wie

wonnert et, ausser dem Péitenger Schäfferot, datt et emol un der Zäit ass, d'Solidaritéit an dësem Land spillen ze loossen. Et geet net méi, fir d'Sue mat der Schëpp zur Fënster erauszegeheien. Et ass an dëser Zäit quasi normal – an dat huet d'Regierung mat Nodrock gesot - , datt de Geldkrunn, deen aus de Ministèren an domatter vum Stat un d'Gemenge fléisst, e bëssen zougedréint gëtt.

Ganzer 10 Minutten huet e Buergermeeschter dee leschte Freideg a senger Presentatioun vum Budget géint d'Circulaire 3195 a géint d'Regierung geschwat. Hei schéngen déi Verantwortlech vun eiser Gemeng vergiess ze hunn, datt et ëm d'Presentatioun vum Budget 2015 vun der Péitenger Gemeng goung.

Jo, et ass net immens wann ee gesot kritt, et kënnt elo manner eran an dir Gemenge kritt manner. Et ass net immens wann d'Regierung seet, wa mer esou weiderfueren ewéi bis elo, da bleift iwwerhaapt näischt méi Rescht. Et ass och net immens « Publikums-like » a populär fir d'Memberen aus der Regierung. Gleeft mer, déi géife léiwer soen: « Dir kritt nach méi ewéi soss » an dat miisst de Schäfferot wëssen, well deem seng Suerg ass et, fir automatesch och manner gutt dobaussen ze stoen. D'Regierung besteet net aus elauter Masochisten a si sinn och net erpicht drop fir politeschen Harakiri ze maachen. Mä si weise politesche Courage, Courage fir datt et dësem Land an den nächste Joeren nach gutt geet. Si a mir hu keen anere Choix als wéi emol ee Punkt ze maachen an der Bevëlkerung, dem Land, dat matzedeelen.

D'Fraktioun vun « déi gréng » hei am Gemengerot huet kloer Virstellungen, wat alles am Budget vun 2015 feelt. Virun allem kritiséiere mir, datt – am Géigesaz zur Regierung – de Schäfferot kee politesche Courage huet a wéi ee Spuerveräin aus dem Duerfbistro handelt. Natierlech ass et dem Buergermeeschter säi Merite fir de Budget an der Wo gehalen ze hunn, mä domatter kënnt déi fënneftgréisst Gemeng aus dem Land awer kee Schrack weider. Am Géigendeel, mir bleiwe stoen. Wann de Schäfferot och ëmmer betount, datt de Gemengebudget genee esou ass wéi den Haushaltsbudget bei de Privatleit doheem an een dat, wat een net ausgëtt, nach huet, esou soe mir, datt de Schäfferot domatter falsch läit. Et kann een de Gemengebudget net mam private Familljebudget doheem vergläichen, well dat zevill egoistesch wier. Well de Gemengebudget muss fir d'ganz Gemeng – dat heescht fir 16.855 Leit – duerhalen. Mat deem Budget muss ee kënnen der ganzer Populatioun eppes bidden an deen doheem just fir eng Famill, déi net brauch no aneren ze kucken.

Dass de Schäfferot kee politesche Courage huet, gesäit een och dorunner, datt mir d'Ecologie, d'Ëmwelt, net als Solches am Budget fannen. An hautdesdaags, am Joer 2014, ass dat an eisen Aen awer net méi normal.

Mir schéngen eis hei an eiser – wéi den Här Breyer ëmmer seet – « Roll als Blinddarm vum Lëtzebuerger Land » gutt ze spieren, déi aner alleguerte wurschtelen ze loossen, Gottes – wann et dann ee gëtt – Waasser iwwer Gottes Land lafen ze loossen an ëmmer erëm betounen, datt Ëmweltschutz, datt Ecologie, datt Nohaltegkeet Sue kascht. Suen, déi de Péitenger Schäfferot net dofir wëll ausginn. Dat, dir Dammen an dir Hären, ass scho grenzwäerteg a scho bal populistesch. Haalt dach op, de Bierger dobausse Sand an d'Aen ze streeën! Firwat gi mer net op de Wee fir un d'Zukunft ze denken, un eis Ëmwelt? Mir hunn nëmmen déi. Wann een e bësse suivéiert, wéi eng Projeten an deem Kader an anere Gemenge gemaach ginn, hippe mer hei zu Péiteng awer hannendrun.

De Legislateur huet gehandelt, fir iwwer dee Wee Gemengen, wéi zum Beispill Péiteng, zur Ëmweltproblematik ze bewegen. Ech zitéieren als Beispill d'Müllgesetz. Wou si mir hei an der Gemeng dru mat der Ëmsetzung vun deem Gesetz? Wéi wäit si mir mat de Prinzipie vum Müllgesetz, wéi zum Beispill de Pollueur-Payeur? Am Gesetz steet och, datt d'Gemenge mussen trennen. Wéi ass, oder wéi gëtt dat geregelt bei ëffentleche Fester? Well och do geet et net duer, fir rout Dreckskëschte ronderëm opzestellen. Wéi regele mir dat mat de Veräiner, déi hiert Iessen a Gedrénks nach ëmmer am Plastik verkafen?

Als zweet Beispill, de Klimapakt. Wou si mir hei an der Gemeng dru mat der Ëmsetzung vum Klimapakt, e Pakt, dee mir als Gemeng jo ënnerschriwwen hunn an eis domatter verflicht hu fir deen ëmzesetzen? An deem Kader huet de Legislateur jo ee « Klimateam » virgeschriwwen, dat mir hei am Sall de 14. Juli 2014 geschafen hunn. Ech wéilt gäre wëssen, wéivill Sëtzungen dat « Klimateam » bis elo schonn hat a wéi et a Saache Klimapakt weidergeet.

Ee grousse Posten am Budget hëlt d'Uschafung, den Entretien an de Verbrauch vun eisem Fuerpark an. An deem Kontext wéilt ech iech froen, ob mir kéinten eng Opléschtung vun eisem Fuerpark kréien, Camionen, Camionnetten, Autoen, Vëloen, asw.

Firwat kënne mer net och hei zu Péiteng op de Wee goe fir lues a lues, an do wou et nëmme méiglech ass, op Elektrogefierer iwwerzegoen. Wann ech mat Kollegen aus anere Gemengen diskutéieren, da fält op, datt der ëmmer méi elektresch bedriwwe Gefierer uschafen, sief dat Gemengenautoen, kleng « voitures utilitaires » mat Kipper an esouguer Elektrovëloen. Well wann ee weess, datt de Radius vun deene Gefierer zum gréissten Deel deen innerhalb vun eiser Gemeng ass, géif dat absolut Sënn maachen.

Wéi wëll dir als Schäfferot de Leit dobaussen, virun allem deene Leit, déi scho säit laanger Zäit eng Wunneng sichen, erklären, datt mir een Haus fir 850.000 Euro kafen an et dann duerno ofrappen? An deem Zesummenhang wäert et jo awer sécher net esou sinn, datt déi Plaz einfach versigelt gëtt fir Parkplazen drop ze installéieren. Mir hoffen, datt do awer ee Gesamtkonzept fir dee Site fonnt gëtt.

Kënnt dir eis soen, wéi déi Sensibiliséierungscampagne « coup de poing », fir méi Sécherheet ronderëm eis Schoulen a Maisons Relaisen, soll ausgesinn a wou fir d'Flyeren an d'Publicitéit 5.000 Euro am Budget stinn?

Ech wéilt och nach eng Kéier drop opmierksam maachen, datt eise sougenannten « Service écologique » vun der Gemeng gebraucht gëtt, fir d'Facturatioun vun de Poubellen a vum Waasser ze maachen a sech och nach ëm d'fräi Nuechte muss këmmeren. Wéi ech dësen Organisatiounsproblem heibannen ugeschwat hunn, sot de Buergermeeschter, datt een eng Kéier doriwwer kéint nodenken. Bon, et ass awer nach ëmmer esou, datt deen Service, ausser dem Ëmweltdiplom an der Bamplanzaktioun, keng gréisser, jo esouguer bal keng Projeten a Campagnen am Kader vun der Ëmwelt ka plangen, organiséieren an ausféieren, wat an eisen Ae fir eng fënnefgréisst Gemeng aus dem Land immens schued ass.

Mir ware frou ze liesen, datt deen dach esou geheime PAG iergendwa sollt aus dem Hutt gezaubert ginn. Well wat do ofgeet, war awer nun emol kee Paradebeispill fir Informatioun an Transparenz, weder fir d'Leit dobaussen, nach fir d'Memberen aus dem Gemengerot. Mir hoffen, datt dat esou séier ewéi méiglech geschitt a mir hoffen, zesumme mat engem ganz grousse Deel vun eiser Populatioun, datt an deem PAG d'Baue vun deene sëllechen, risege Residenzen emol gebremst gëtt. Et brauch ee sech nëmmen ëmzelauschteren an dann héiert een, datt d'Awunner aus der

Gemeng däers wierklech sat hunn. Vill Leit fäerte fir hir Liewensqualitéit, wann et dofir net schonns ze spéit ass.

Wat d'Musekssäll betrëfft, esou froe mir eis, ob et net besser gewiescht wier, fir de Libellé am Budget ze änneren an einfach ze schreiwen « travaux de remise en état de la salle de musique », ouni ze spezifiéiere wéi ee Musekssall et ass. Well, an domatter wëll ech kengem ze no trieden, de Péitenger Musekssall méi néideg miisst nei gemaach gi wéi dee Rodanger. Virun allem och, well déi Péitenger Musek méi aktiv Leit an hiren 2 Museken huet (Harmonie municipale an Harmonie des Jeunes) a méi Aktivitéiten opweise kann. Dat huet näischt mat Lokalpatriotismus ze dinn, mä et ass einfach eng Tatsaach. Ginn et Iwwerleeungen, fir eng eventuell Fusioun vun den 3 Museken aus der Gemeng?

Wann ee weess, wien déi dreiwend Kraaft hannert de Fuesaktivitéiten a virun allem hannert der Péitenger Kavalkad ass, da fanne mir et net immens glécklech fir am Gemengebudget ze liesen, datt de Schäfferot wëll 15.000 Euro Gemengesue ausgi fir « acquisition d'une remorque en vue de la confection d'un char carnevalesque ». Dat wäerte jo awer net dem Schäfferot seng Prioritéite sinn.

Madame, dir Hären, ech verheemlechen iech net, datt mir richteg gespaant waren op eisem neien Ëmweltschäffe seng Ausféierungen an Erklärungen a Saachen Ëmwelt, Ecologie an Nohaltegkeet. Well wéi seet d'Sprachwuert: « Neue Besen kehren gut ». Mä déi Spannung huet sech awer erëm séier a Loft opgeléist.

Mir vermëssen nach ëmmer – an dat genee wéi déi leschte Joeren – e ganze Koup Projeten, déi enger fënnefgréisster Gemeng aus dem Land wierdeg wieren. Et steet nach ëmmer näischt am Budget

- iwwer e richtegt Ëmweltkonzept, e Plang,
- iwwer Photovoltaïque-Anlagen op alleguer eise Gemengegebaier, inklusiv op eise Kierchen,
- iwwer d'Opstelle vun engem Solarkadaster,
- iwwer Bornë fir elektresch Autoen opzelueden,
- iwwer d'Uschafe vun elektreschen Autoe fir d'Gemengenservicer,
- iwwer d'Aféiere vun engem Citybus / Ruffbus fir eis 3 Uertschafte mateneen ze verbannen.

An nach ëmmer gehéiert d'Gemeng Péiteng net zum Réseau vun de « Pestizid-fräi Gemengen » a mir sinn och nach ëmmer keng « Fair-trade Gemeng ». Mä wéi mir elo kierzlech gewuer si ginn, huet och de Legislateur, no der « Bal-Katastrof », wou Pestiziden an de Stauséi gelaf sinn, Courage gewisen an d'Initiativ geholl, wou et elo landeswäit verbuede gëtt fir Pestiziden op ëffentleche Plazen an op de Kierfechter ze benotzen. Eng Initiative, déi mir « gréng » hei zu Péiteng am Gemengerot schonn dacks vum Schäfferot gefuerdert hunn.

A Saachen Ëmwelt an Nohaltegkeet feelt et dem Schäfferot nach ëmmer un Iddien an um néidege Courage fir Projeten ze realiséieren.

Madame, dir Hären, et ass net fir eis, mä fir déi Generatiounen, déi no eis kommen. Et si si, déi eis net egal sollte sinn. Mir sinn am gaangen, lues a lues d'Ëmwelt vun den nächste Generatiounen ze hypothekéieren, an dat duerch eise Bauboom, woubäi ëmmer méi Buedem versigelt gëtt oder duerch eise vill ze héije Verkéier, woubäi eisen $CO_2$-Ausstouss ëmmer méi gëtt an d'Ressourcen ëmmer manner. An dat duerch all déi Autoen, déi musse geparkt ginn an den ëffentleche Raum, dat heescht eise Liewensraum, ëmmer méi kleng gëtt.

Mir halen et do mam Premierminister, dee gesot huet « Näischtmaachen ass fir mech keng Optioun ».

Ech soen Iech Merci.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech wollt op e puer Saachen agoen. Ech wëll hei ervirsträichen, datt Iech awer e bëssen den Iwwerbléck vun deem ganze politesche Feld, wat eng Gemeng betrëfft, feelt. Dir sot, datt ech mech relativ vill mat där Circulaire opgehalen hunn. Ech kann Iech och erklären, firwat ech mech mat där Circulaire opgehalen hunn. Mä Dir haalt Iech och just mat engem Thema op, dat ass d'Ëmweltpolitik. An enger Gemengepolitik gëtt et sécherlech Ëmweltpolitik, a wann Dir déi net hei an der Gemeng fonnt hutt, dann hutt Dir ganz schlecht gekuckt. Da musst Dir Iech emol e bësse méi mat den Dossieren auserneesetzen an da gesitt der, wou d'Ëmweltpolitik – och wa mer se net iwwerall an d'grouss Fënster setzen – hei an der Gemeng bedriwwe gëtt. Mä Dir konzentréiert Iech just op dat. Mir mengen awer, datt et an der Gemengepolitik vill méi wäit geet an et gëtt vill méi vun engem Gemengepolitiker verlaangt, wéi sech just nëmmen op een eenzegt Thema ze konzentréieren.

Wat déi Finanzsituatioun ubelaangt, a wann ech vun der Circulaire 3195 geschwat hunn, esou sot Dir, datt déi Circulaire eng aner Tournure kritt huet. Effektiv huet se eng aner Tournure krut, well si ass déi éischt, déi – zanter ech hei am Gemengerot sinn – d'Aktiounsméiglechkeete vun de Gemengen drastesch reduzéiert. An dat net op Grond vu konjunkturelle Problemer, déi entstinn a wou sech och d'Gemengen der Decken no strecken, mä op Grond vun Décisiounen, déi de Stat, d'Regierung hëlt, fir de Gemenge Suen ewechzehuelen déi se brauche fir hiren Aufgaben nozekommen.

De Syvicol huet eng Etude maache gelooss vun enger Firma, an déi kënnt zur Conclusioun – an déi Conclusioune leie schonn um Dësch - , datt déi Suen, déi mer bis elo krut hunn emol net méi géifen duergoe fir alles am Gemengesecteur ze decken. Ech weess net, watfir eng Conclusiounen datt se elo zéien, wa mer feststelle wéivill Suen de Stat elo de Gemengen erëm iwwer Décisiounen ewechhëlt. An et ass och falsch fir ze soen, datt de Ministère eis Sue géif ginn. Mir schwätzen hei net vun deene Suen, déi de Ministère eis gëtt. Mir schwätze vun deene Suen, déi de Steierzueler bezilt u Steieren an déi d'Gemenge kréie fir hir Aufgaben ze maachen. Well d'Gemengen huelen déi Sue jo net fir se zur Fënster erauszegeheien – esou wéi Dir sot – mä si maachen Aufgaben am Déngscht vun hire Bierger. Dat heescht, wa mir 18% vun den direkte Steiere kréie vun deene Leit, déi hei wunnen, dann ass dat well de Legislateur viru Joeren der Meenung war, datt déi Sue miissten do si fir d'Schoulen, fir d'Maisons Relaisen ze bauen, fir d'Stroosseninfrastrukturen an d'Rei ze setzen, fir Sportinfrastrukturen ze bauen, fir d'Schwämmen ze bauen, « et j'en passe ».

18% vun de Steieren, 10% vun den indirekte Steiere, sollten d'Gemeng kréien, an dat net vum Stat, mä vun hire Bierger fir d'Aarbechten an d'Aufgabe vis-à-vis vun hire Bierger ze assuréieren. An elo geet de Stat hinn – an et ass dat, wat ech kritiséieren – a seet, datt d'Gemengen elo keng 10% méi géife kréien. De Stat géif elo reduzéieren. Op där anerer Säit gëtt de Stat awer de Gemengen eng ganz Rei Aufgabe bäi. Wann ech kucken, wat elo vun Aufgaben op d'Gemengen duerkommen, wa mer solle gratis Kannerbetreiung fir all eis Kanner assuréieren, da stellen ech awer d'Fro, wien déi Crèchen a Maisons Relaise baut. Wie baut dann an deenen nächste Joeren déi Infrastrukturen? Mir miissten an deenen nächste Joeren nach op mannst 10 Stéck bauen, wa mir dat wéilten an der Péitenger Gemeng assuréieren. An dat kënne

mer net méi. Schwätzt emol einfach mat Leit, déi an der Responsabilitéit um Niveau vun de Gemenge stinn. Da gitt der gewuer, datt dat heite kee Problem vun der Gemeng Péiteng ass, mä datt et e generelle Problem vum ganze Gemengesecteur ass.

Dir sot och, mir wieren e Spuerveräin a mir wéilten ëmmer nëmme spueren. Dir verlaangt awer, datt de Stat soll spueren, d'Gemengen awer net. Ech verstinn awer net esou richteg, wéi Dir Iech dat do virstellt. Wann de Stat muss spueren, da musse mir och als Gemeng kucke fir Suen ze spueren. A fir do vun enger Duerfbistrotspolitik ze schwätzen, fannen ech scho bal eng Frechheet vis-à-vis vun deem, wat hei an der Péitenger Gemeng gemaach gëtt. Dat muss ech awer ganz kloer hei soen.

Dir behaapt also, mir géifen hei drop an derwidder spueren. Dat ass komplett falsch. 129 Milliounen Euro investéiere mer an deene 6 Joer hei. Dat hate mer nach ni. Dat, wat mer bis elo an deene leschte Joeren am Duerchschnëtt haten, ware 60 bis 70 Milliounen Euro. Dës Kéier sinn et 129 Milliounen Euro. Fir do vun engem Spuerveräin ze schwätzen, do muss een awer alles verkannt hu wat aus normalen Iwwerleeunge vun engem Budget ervirgeet.

Da kommen ech nach op eng lescht Saach ze schwätzen. Dir schwätzt hei vun engem « geheime PAG ». Waart Dir dann net an deene Versammlungen dobäi, wou hei am Gemengerot virun 2 bis 3 Joer dee ganze Plan directeur vun Zeyen & Baumann virgestallt ginn ass? Firwat huet et no där Virstellung elo 3 Joer geschleeft? Ma de Grond ass deen, datt mer op déi sektoriell Pläng gewaart hunn. An ech wëll elo hei keng Parteipolitik maachen, esou wéi Dir dat hei maacht. Ech kucke Regierung/Gemengen, well mir op der Regierung hir sektoriell Pläng gewaart hunn. An elo wiere mer bal prett an elo ginn déi sektoriell Pläng nees zeréckgezunn. Mir zéien et awer elo duerch, obwuel mer net wëssen, wat op eis duerkënnt. Wann duerno aner sektoriell Pläng um Dësch leien, déi eventuell erëm alles a Fro stelle wat mir an eisem PAG maachen, dann hu mer erëm e Problem. Mir hunn eigentlech dem Stat seng Recommandatioune suivéiert an dee gesot huet, mir sollen de PAG net maachen. Mir hätten de PAG awer gäre gemaach. Mir si prett a mir wäerten och elo prett sinn am September. Ob do dann all Léisungen um Dësch leien, dat wäerte mer da gesinn. Ob mer all d'Problemer geléist kréien, da wäerte mer gesinn. Mä mir mussen eis awer dann hei am Gemengerot eens sinn, wat mer wëlle maachen. An eng ganz Rei Pistë si jo awer bekannt. Déi sinn an enger Réunioun virun 2 bis 3 Joer virgestallt ginn, wou mer zesumme mat Zeyen & Baumann Iech dat gewisen hunn.

Fir mech kann ee sécherlech kritiséieren an ech hunn domatter kee Problem. Mä et muss een awer och de Fakt maachen. A wann ech mech déi leschte Kéier 10 Minutte – an ech sinn iwwerzeegt, datt et keng 10 Minutte waren – mat där Circulaire ausernee gesat hunn, dann ass dat, well se en Impakt vun 3,6 Milliounen Euro op eise Budget huet. Dat si ganz vill Suen. A wann Dir mengt, datt dat einfach esou iwwert de Koup soll gehäit ginn an ob et egal ass, ob een déi 3,6 Milliounen Euro huet oder net a gegebenefalls Sue soll léine goen, esou muss ech soen, datt een do och emol op seng Grenze kënnt. Dat kann ech Iech garantéieren. Et brauch een nëmme bei eng Nopeschgemeng kucken ze goen – wou ee vun Äre Kollegen elo neie Buergermeeschter ginn ass – an da gesäit een, wou d'Grenzen an nächster Zukunft leien. Déi hunn en Emprunt vun 90 Milliounen Euro an et huet elo do nach rezent e Conseiller gesot, datt se um Enn wieren.

Wa mir och wëllen dohinnerkommen, da geheie mer och elo d'Suen zur Fënster eraus. Mä ech verstinn net, datt Dir sot, de Stat soll keng Suen zur Fënster erausgeheien, mä mir als Gemeng sollen se zur Fënster erausgeheien. Do verstinn ech Är Logik net.

Dat si meng Conclusiounen zu Ärer Interventioun. Ech hu kee Problem fir all Diskussioun, mä si muss awer iergendwéi fondéiert sinn. An hei, muss ech soen, ass se « absolument pas fondée » a mengen Aen.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Ech wollt och op e puer Saachen agoen. Dat éischt betrëfft dat Haus, dat mer wëllen um Site « Wax » kafen. Dir sot, et wiere vill Sue fir dat Haus ewechzerappen, wou aner Leit Wunnenge siche fir ze wunnen. Sécherlech. Mir kucken awer fir op d'Wunnengsnout anzegoen, andeem mer aner Haiser, déi sech dofir eegenen, vu Privatleit u mannerbemëttelt Familljen erukréien. Dir schéngt awer mam Projet am grousse ganzen averstanen ze sinn, well Dir hofft, datt e Gesamtkonzept fir de Site fonnt gëtt. Ech kann Iech verspriechen, datt et net eng steril Parkplaz gëtt. Et gëtt e Gesamtkonzept fir dee Site do gesicht a mer wäerten nach d'Geleeënheet kréie fir driwwer ze schwätzen.

Bei der Sensibiliséierungscampagne hat ech – mengen ech – net esou kloer gesot, datt mer eng « action coup de poing » géife maachen. Esou eng Aktioun kucke mer, fir mat den Uerdnungskräften ze maachen. Mir kucken, fir haaptsächlech d'Sécherheet ronderëm d'Schoulsiten an d'Maisons Relaisen ze verbesseren. An dat esou séier ewéi eist Verkéiersreglement emol approuvéiert ass. Dat Reglement ass – nodeem mer et jo hei gestëmmt hunn – nach ëmmer um Instanzewee. A wann d'Verkéiersreglement approuvéiert aus der Stad erëm ass, kënne mer et och eréischt ëmsetzen. Da ginn d'Schëlter gesat an et gëtt eng pädagogesch Campagne gemaach, wéi een dat nennt. Do geet et drëm, fir d'Leit drop opmierksam ze maachen, datt Emplacementer « Kiss&Go » bestinn an datt dovunner profitéiert soll ginn. Et mussen nach verschidden Obstakele ronderëm Sportshal opgeriicht ginn, fir datt een do net einfach esou ka parken an onsécher Situatioune verursaacht. An no där pädagogescher Campagne gëtt da geahndet. Dat ass u sech dat, wat do geduecht ass.

Beim Rodanger Musekssall hätt Dir gären, datt de Libellé am Budget soll méi vague gehale ginn. Mir hunn awer am Sënn vun der Transparenz a vun der Kloerheet vum Budget ëmmer kloer gesot, wat mer wëlles hunn ze maachen. Mir soen net, datt mer ee Sall maachen, mä mir soe kloer, watfir ee Sall mer maachen. Wann heibannen awer e Problem domatter besteet, datt dee Sall elo prioritär behandelt gëtt, da kann ech mer ouni Problem eng Diskussioun doriwwer den nächste Freideg hei am Gemengerot virstellen. Et ass richteg, datt dee Péitenger Musekssall och muss gemaach ginn. Ech géif awer an der Prioritéit léiwer waarde bis dee komplette Schantje vun der « Maison sociale » niewendrun ofgeschloss ass. Well et sinn duerch d'Proximitéit vun deem Schantjen och nach Rëss entstanen an et muss fir d'éischt duerch Expertisë kloergestallt ginn, wien fir dee Schued zoustänneg ass an eventuell och fir de Schued muss opkommen. Duerno kann een dann dee Sall eréischt frësch maachen.

Et ginn och keng Iwwerleeunge fir eng eventuell Fusioun vun deenen 3 Museken aus der Gemeng. Mä et ginn awer sécherlech Bestriewungen a Begleedungen, fir datt aus deenen 3 Museken e staarken Ambassadeur no baussen entsteet, an dee mer brauchen, wa mer eis no bausse solle weisen. Ech denken do haaptsächlech u gréisser Manifestatiounen, wéi zum Beispill den Nationalfeierdag oder wann de Grand-Duc emol op Péiteng kënnt. Do musse mer kënnen op eng Formatioun zielen, déi optriede kann an

d'Gemeng Péiteng ka vertrieden. Mir hu kleng Beméiungen an deem Sënn schonn ënnerstëtzt. Well d'Jugendmuseke vu Rolleng a Péiteng hu sech scho fonnt fir zesummen Optrëtter ze maachen an d'Péitenger Musekschoul war och schonn dobäi. Déi Rodanger Musek leider net. Dat war schonn erëm eng Kéier schif gaangen. Mä zesumme kann een eppes opbauen, wat vun der Jugend aus e bëssen en anere Wee leeft wéi dat, wat bis elo do war.

Da schwätzt Dir och d'Uschafe vun engem Won fir d'Kavalkad un. Am Kader vun der Transparenz vum Budget wëlle mer kloer weisen, wat mer wëlles hunn. D'Kavalkad ass e grousst Evenement a si feiert dëst Joer de 60. Anniversaire. Déi Saache si bis elo ëmmer vun der Gemeng kaaft ginn, dat ass näischt Neits. De « char princier » ass ëmmer de Support an dat anert ass ëmmer vun der Gemeng geschafe ginn. Et huet sech elo erausgestallt, datt dee Support, dat heescht déi Remorque, komplett faul ass. An et muss eppes Neies kaf ginn, wat TÜV-gerecht ass, an dofir hu mer emol 15.000 Euro agesat. A mir wëllen och – wéi an der Vergaangenheet – d'Kavalkad weider ënnerstëtzen. Fréier waren esou Zommen och am Budget dran, mä si stoungen u sech ënnert « Divers ». An duerch déi nei Nomenclature vum Budget steet dat elo méi kloer am Budget dran. An dat ass jo och net falsch.

Da kommen ech nach zum Aféiere vun engem Citybus oder Ruffbus. Do si mer am gaangen Iwwerleeungen ze féieren, fir ganz kloer ze kucken, wou Secteuren an der Gemeng sinn, déi net ugefuer ginn duerch den ëffentlechen Transport. Wat kann een do ubidden a wat ass zweckméisseg fir déi Leit a wat kascht et? An eréischt wann déi 3 Froe beäntwert sinn, wäerte mer mat de Conclusiounen an de Gemengerot kommen.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Ech sinn der Meenung, datt mer un d'Zukunft denke mat all deene Projeten, déi mer maachen. An de Schoule erzéie mer schonn déi kleng Kanner, fir datt se sollen nohalteg denken a reagéieren.

Wat d'Ëmsetze vum Gesetz ubelaangt, esou hunn ech dem Här Scheuer scho virdru gesot, datt mer am gaange sinn, zesumme mam Ministère, fir um Konzept ze schaffen. A wéi ech dem Här Scheuer och gesot hunn, läit dat Konzept nach net vir.

De Prinzip vum « pollueur-payeur » gëtt och esou hei an der Gemeng gehandhaabt. Wat de Verkaf vu Gedrénks a Plastiksbechere betrëfft, esou hu mer keng Konventioun mat de Veräiner a mir kënnen hinnen dat och net esou ouni Weideres verbidden. Mir hunn awer scho bei de Konventiounen, déi mer mat de Fussballveräiner ausgeschafft hunn, festgehale fir op dee Wee ze goen.

Et ass richteg, datt e Klimateam gegrënnt ginn ass. Do schafft eise Klimaberoder nach un der Opstellung vum Katalog, an Dir miisst wëssen, datt dat eng ganz opwenneg Aarbecht ass. An dofir huet och bis elo nach keng Sëtzung stattfonnt. Mir waarden of, datt dee ganze Katalog um Dësch läit, fir datt mer och eng fest Handhab hu fir konkret kënne mat Schaffen unzefänken.

Gefierer wäerte mer der ongeféier 70 hei an der Gemeng hunn. Mir hunn och effektiv nach keng Opluedstatioun fir Elektroautoen. Dofir hu mer och nach keng esou Ween an eisem Fuerpark. Wat d'Gemengegefierer ugeet, esou géif ech och soen, datt dat mer eréischt sollen an esou Gefierer investéiere wann eis nei Gemengegaragen do stinn. An dee Moment wäerte mer dat och virgesinn.

Mir hunn awer 2 Elektrovëloen, an zwar een am techneschen Service an eise Fierschter huet och esou ee Vëlo. An déi Vëloe ginn – wann d'Wierder et erlaabt – och relativ vill vun eise Leit genotzt.

Wat awer nach zu den Elektroauten ze soen ass, dat ass, datt Etudë weisen, datt am Wanter e Problem besteet. Well dann ass d'Autonomie duerch d'Keelt vill méi kleng. An eis Utilitären, déi voll beluede sinn, géifen oft hänke bleiwen. An dat huet sech och an anere Gemenge gewisen. An ech kann iech och confirméieren, datt – während der Zäit, wou ech bei der Post geschafft hunn – dat oft de Fall war.

Da sot Dir och, datt eisen Ëmweltservice ausser der Bamplanzaktioun an dem Ëmweltdiplom keng gréisser oder guer keng Projete géif maachen. Ech gesinn dat e bëssen anescht. Mir hunn e Partenariat mat « myenergy », mat Berodungen. Mir organiséieren och mat hinnen Informatiounsowender zum Thema Energie oder Renovatiounen. Mir hunn Aktiounswochen. Am Kader vun der « semaine européenne de la mobilité » hate mer och eng « randonnée pédestre » um Giele Botter. Mir maache Loftanalysen. Mir ginn Informatiounen iwwert « déchets biodégradables » a wat och ganz gutt fonctionnéiert a wat och zu deem ganz gudde Resultat beim Minettkompost gefouert huet. Mir hunn eng Korksammel-Aktioun an eise Schoulen. A wéi gesot, deen Service huet och nach d'Coordinatioun no deene rezente Stierm gemaach an dofir fannen ech et net ubruecht, datt Dir sot, et géing net vill geschéien. An déi puer Leit, déi an deem Service schaffen, muss ech awer hei nach eng Kéier onbedéngt luewen. Well si hunn d'lescht Joer ganz vill ëmgesat mat deene wéinege Mëttelen, déi se haten. An ech wëll dat och net esou do stoe loossen, datt näischt gemaach gi wier.

Zu de Photovoltaikanlagen op eise Gemengegebaier sief ze soen, datt – esoubal eng Renovatioun un deem Gebai gemaach gëtt – déi Méiglechkeet an d'A gefaasst gëtt. Mir wëllen elo net alles oprappe goe fir déi Installatiounen ze maachen an e puer Joer drop stéing souwisou eng Renovatioun vun deem ganze Gebai an d'Haus.

D'Opstelle vun engem Solarkadaster ass am gaangen am Kader vum Klimapakt realiséiert ze ginn. Wéi gesot, si mer do am gaangen e Katalog opzestellen.

An eisen ëffentleche Gebaier gëtt pestizidfräi geschafft. Mä um Kierfecht ass dat net ëmmer méiglech.

**Becker Romain (déi gréng):**

Ech wëll mech elo net hei op onendlech laang Diskussiounen aloossen. Ech wëll awer just eppes kloerstellen. Den Här Mertzig huet gemengt, ech hätt gesot, datt déi Leit aus dem Ëmweltservice näischt géife schaffen. Ganz de Géigendeel. Ech hunn dat nimools gesot an ech weess, datt déi Leit eng ganz gutt Aarbecht maachen. Et ass just esou, an dat hunn ech schonns e puermol hei am Gemengerot ugeschwat, datt eise Service écologique och eng Rei Aarbechte maachen, déi net direkt mat den ekologesche Projeten ze dinn hunn. Déi Leit schaffe ganz vill a si kënnen och net méi Projete maachen, well se mussen d'Facturatioun vun den Dreckskëschten a vum Drénk- an Ofwaasser maachen.

An de Buergermeeschter hat mer och gesot, datt een déi Saach eng Kéier am Kader vun engem neien Organigramm kéint iwwerdenken.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Wann dat esou gemengt war, ëmsou besser. Dann hat ech dat falsch opgeholl. Ech wëll och nach soen, datt mer an deem Service eng Persoun nei agestallt hunn, an datt déi Persoun während Méint um INAP war an deemno nach net fir de Service disponibel war. Dobäi kënnt och nach, datt e weidere Beamte säi Promotiounsexame gemaach huet. An

ech kann nëmmen den Hutt hiewe fir déi Aarbecht, déi eisen Ëmweltservice an deem Joer hei geleescht huet.

**Gira Carlo (CSV):**

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter.

Wann der erlaabt, da géing ech mech a menger desjäreger Stellungnam zum Budget mat mat deenen uerdentlechen Ausgabe beschäftegen, well déi ausseruerdentlech Ausgaben traditiounsgeméis méi am Fokus vun den Analyse vun de Conseillere stinn. Fir zu de Projeten aus dem ausseruerdentleche Budget Stellung ze huelen, ass d'Méiglechkeet gi fir dat bei der Virstellung vun deenen eenzelne Projeten ze maachen.

Mir sinn eis jo scho säit längerem ronderëm dësen Dësch eens, datt et nëmme méiglech ass, genuch Spillraum fir ausseruerdentlech Projeten ze hunn, wann den Iwwerschoss am ordinäre Budget héich genuch ass. An deen ass dat an dësem Joer sécher erëm, mat iwwer 11,2 Milliounen Euro, och wann déi allgemeng Prognose méi schlecht sinn. Wann d'Gemengeschold weider zeréckgeet, ginn och d'Schold-zënsen zeréck, wat sech natierlech positiv op den ordinäre Budget auswierkt.

De Gros vun den uerdentlechen Ausgaben – 54%, wéi den Här Buergermeeschter et eis a senger detailléierter Analys virgerechent huet – sinn d'Peie vun allen 379 Mataarbechter. Eng kleng Kuriositéit ass e Betrag, dee sécherlech eng « quantité négligeable » duerstellt, an dat sinn déi knapps 26.000 Euro, déi d'Indemnitéiten un d'Gemengeréit duerstellen. Zum Verglach: de Referendum, deen d'nächst Joer geplangt ass, soll eis Gemeng laut dem Budget 55.000 Euro kaschten. Obwuel mer als Gemeng an der Schoulorganisatioun ëmmer manner matzeschwätze kréien, bleiwen hei d'Käschte vun 10,3 Milliounen Euro, déi mer als Gemeng ze droe hunn, enorm héich. Obschonn et Schoulen an all eisen 3 Sektioune gëtt, déi – wann déi lafend an ugekënnegt Projeten (Fäerdegstellung vun der Schoul Lamadelaine, d'Mise en conformité vun deem Tract, deen nach an der Eigent-Schoul bleift, an déi 2 Schoulhäff bei der Parkschoul) fäerdeg sinn – an engem 1-A-Zoustand sinn, kascht eis de Bustransport ëmmerhinn nach 470.000 Euro d'Joer. Da kann ee sech liicht ausmolen, datt e Flexibius – oder wéi een en och ëmmer wëll nennen – eis nach wäitaus méi deier ze stoe kéim an den ordinäre Budget enorm géing belaaschten. Den Här Breyer ass jo och schonn drop agaangen, datt een eventuell geziilt Aktiounen do ka maachen an ech wäert och nach eng Kéier doropper zeréckkommen.

Och wann et vill Iwwerzeegungsaarbecht kascht, fir datt d'Schüler zu Fouss a mam Vëlo an d'Schoul kommen, an och d'Bierger sech méi zu Fouss a mam Vëlo an der Gemeng bewegen, ass et e gudden Ufank fir Verbindungs-weeër do ze schafen, wou se scho méiglech sinn an dës dann an Zukunft konsequent auszebauen.

Wann ech scho beim Thema « mobilité douce » sinn, wëll ech déi 1,2 Milliounen Euro ernimmen, déi eisen Deel am TICE sinn. Mat TICE an RGTR-Bussen an der Eisebunn, kënne sech déi meescht vun eise Bierger bequem mam ëffentlechen Transport bewegen, an dat an eiser Gemeng an doriwwer eraus, haaptsächlech no Esch an an d'Stad. Et gëtt sécher nach déi eng oder aner Plaz an eiser Gemeng, vu wou et méi beschwéierlech ass, well d'Arrêten dach eppes méi wäit ewech leien. Den Opruff un eis Vertrieder am TICE, an awer och un eis Verkéierskommissioun, fir dëst Thema eemol opzegräifen.

Duerch eis Maisons Relaisen an der Gemeng kréien d'Elteren, awer virun allem och Elengerzéiend d'Méiglech-keet fir Beruff a Famill besser ënnert een Hutt ze bréngen. Dëst ass een Déngscht, dee sech explosiounsaarteg entwéckelt huet an deen eis vum Stat operluecht gouf. Hei schéngen de Moment nach d'Fraise vun insgesamt 4,3 Milliounen Euro, esou wéi se sech opdeelen, an engem gudde Verhältnis ze stoen. Well de Stat dréit hei 2,7 Milliounen Euro a 420.000 Euro bezuelen d'Elteren, esou datt fir eis als Gemeng nach 1,2 Milliounen Euro bleiwen.

Zimlech bescheide sinn déi 184.000 Euro, déi mer fir d'Jugendhaus opbrénge mussen. Ech sinn awer der Meenung, datt am Jugendhaus eng Aarbecht geleescht gëtt, déi jidder Fall déi Ausgabe rechtfäerdegen. Ech hunn awer elo hei am Budget keng Part vum Stat fonnt, obschonn déi Käschte sech déi zwee Partner miissten deelen.

130.000 Euro bezuele mer als Gemeng un déi fläisseg Schüler an d'Aides au réemploi loosse mer eis 1,167 Milliounen Euro kaschten.

Fir d'Fonctionnementskäschte vun de Services de secours brauche mer 430.000 Euro. Fir d'Servicer, déi d'Gemeng hiren eelere Bierger zoukomme léist, sinn et knapp 500.000 Euro, déi iwwer d'Joer gebraucht ginn. Hei leeschten eis Bierger jo deelweis eng Géigeleeschtung, wéi beim Repas sur roues, fir nëmme just deen ze nennen. Alles Gelder, déi eise Bierger direkt oder indirekt zegutt kommen.

Fir datt eis Sportszentren a Sportsterrainen a Kulturzentre fonctionnéieren, brauche mer fir d'Schwämmen um Lafen ze halen 2,944 Milliounen Euro, fir d'Sportshalen 990.000 Euro a fir d'Sportsterraine 490.000 Euro. Eis Musekschoul, déi komplett ausgelaascht ass an déi duerch en Neibau ersat soll ginn – wéi mer bei der Presentatioun vum Budget erkläert kruten - , schléit mat eppes iwwer enger Millioun Euro zu Buch, d'Recetten ofgerechent. Fir déi restlech Organisatiounen, déi am kulturellen an am Fräizäitberäich stattfannen, sinn et 750.000 Euro. Ganz bescheide sinn do déi 80.000 Euro, déi d'Gemeng fir d'Culten ausgëtt. Fir Sport a Fräizäit sinn dat insgesamt Ausgabe vu knapps 8 Milliounen Euro, deenen 2,25 Milliounen Euro u Recettë géintiwwer stinn. De gréisste Batz dovunner sinn déi eng Millioun Euro fir d'Musekschoul.

Enorm Chiffere sinn et fir d'Evakuatioun vum Dreck mat 2,2 Milliounen Euro. Dëst ass awer een Service, deen integral un d'Awunner weiderverrechent gëtt. An eisen Ëmweltschäffen huet et scho gesot, datt mer hei nom Prinzip vum « pollueur-payeur » verfueren. Et lount sech also och fir all Eenzelnen, wann e suergsam mam Müll ëmgeet an dofir suergt, datt méiglechst wéineg Offall entsteet, an domatter verbonnen och manner Käschten. Hei gëllt et och de Potential vum Recycléieren – an eis Gemeng huet jo e performante Recyclingscenter – ze optimiséieren. Sécher ass et och wichteg fir einfach de Müll ze vermeiden.

D'Evakuatioun vum Schmotzwaasser läit nach 200.000 Euro iwwer dem Müll. Dank dem Ofwaassersyndikat SIACH huet d'Gemeng Péiteng fréi domatter ugefaange fir säi Waasser ze klären a Reserven ze schafen, esou datt en décke Batz vun den Oeuvre fir d'Ofwaasser realiséiert sinn. Dat soll awer net heeschen, datt net weider muss an d'Infrastrukturen, wéi och an d'Stroosseninfrastrukture mat all senge Réseauen, investéiert ginn. Ech begréissen hei ausdrécklech d'Neige-staltung vun der Kräizung Kierchstrooss mat der Kuerstrooss.

Datt mer keng ländlech Gemeng sinn, liest een aus de Chifferen, déi am Domaine vun der Agriculture, Sylviculture a Viticulture investéiert ginn. Et si genee 186.593 Euro. E bëssen d'selwecht gesäit et am Tourismus aus, wat sech awer kéint änneren, wann de Jugendhotel JUFA zu Rodange an d'Realisatiounsphase trëtt, déi sech ukënnegt. Fir den Tourismus ginn 117.000 Euro gebraucht.

Datt et och an de Gemengen ouni d'Informatik net méi geet, beweisen d'Zuelen. Rechent een alles zesummen, wat duerch d'Bank an der Gemeng esou un informateschen Ausgabe verbucht steet – an dat ass net ganz einfach, fir alles zesummen ze fannen – an et rechent een och nach de Chiffer vu 432.000 Euro dobäi, dee mer un de SIGI bezuelen, da leie mer net méi wäit ewech vun enger Millioun Euro, d'Investitiounen deemno net matgerechent. An dësem Punkt ass mer opgefall, datt et Kontrakter gëtt, déi schonn op d'1980er Joeren zeréckginn. Dofir eng allgemeng Fro: Ginn d'Kontrakter vu Leasing oder vum Maintien regelméisseg op hir Aktualitéit iwwerpréift a gekuckt, ob et net méiglech ass fir méi gënschteg Kontrakter ze kréien.

Datt et net ëmmer vu Virdeel ass fir alles ze leasen, gesäit ee bei der neier Telefonszentral, déi mer eis fir 180.000 Euro uschafen. Doduerch entfalen 20.000 Euro Locatioun vun der fréierer Anlag a sécher och e Batz vun de 55.000 Euro, déi d'Gemeng fir « taxes téléphoniques » an « abonnements » bezilt.

Erfreelech stellen ech fest, datt an de « bâtiments communaux » 15.000 Euro manner Stroumkäschte sti wéi am Kont vun 2013. Och beim Gas ginn d'Fraisen ëm 14.000 Euro zeréck. Ech stelle weider fest, datt fir den Info-Point vu myEnergy sech d'Ausgabe vun 2.500 Euro am Joer 2013 op elo 7.500 Euro erhéijen, wat jo bedeit, datt dësen Service ëmmer méi an Usproch geholl gëtt. Mat just emol 500 Euro fir d'Primë vu Privatkomposter gesäit een, datt an der Gemeng wéineg selwer kompostéiert gëtt. Dofir kënne mer awer erfreelech feststellen, datt de Kompost, deen aus eiser Gemeng un de Minettkompost geliwwert gëtt, eng excellent Qualitéit huet. Et ass wichteg, d'Bierger driwwer ze informéieren, weider gutt a fläisseg vun der grénger Dreckskëscht ze profitéieren.

Ze bedaueren ass – an do sinn ech awer a menge Feststellungen e bësse méi nuancéiert wéi den Här Becker – , datt een och am Ëmweltberäich vläicht nach e bësse méi kéint maachen. Ech ginn och konkret Beispiller. Et stellt ee fest, datt vun de Primë fir d'Waasseropfanganlage kaum profitéiert gëtt. Bei Neibaute sollen d'Bauhären dozou ugehale ginn, verstäerkt op esou Anlagen zeréckzegräifen. Eng gutt Méiglechkeet heifir ass dat neit Lotissement « An den Atzéngen ». Och solle Gebaier vun der Energieklass A Standard ginn. Hei si mer och als Gemeng gefuerdert, fir mam gudde Beispill virzegoen. Ech mengen, datt et an dësem Beräich – wéi och bei den erneierbaren Energien – nach Potential gëtt, wat nach besser ze notzen ass. Weider sinn ech der Meenung, datt et wichteg wier, do Elektrogefierer anzesetzen, wou et nëmme méiglech ass. Den Här Mertzig huet jo schonn erkläert, datt et am Moment vläicht nach net iwwerall méiglech ass, mä ech betounen awer, datt een et awer op mannst do soll maachen, wou et méiglech ass. Domatter droe mer och zu den Obligatiounen, déi mer als Klimabündnis-Gemeng hunn, dat heescht, zu der Reduzéierung vun den CO2-Emissiounen, bäi.

Da wollt ech och nach froen, wéi dat Klimateam zesummekënnt. Déi Fro ass och schonns haut beäntwert ginn a ginn deemno net méi doropper an.

De Budget weist sécher eng Rei vu Verbesserungen am Ëmweltberäich op, déi net extra opgeléscht sinn. Dach mengen ech, datt mer als Gemeng dës Aufgab nach e bësse méi konsequent miissten ugoen, an dat eben iwwer d'Instrument « Klimapakt ». Dofir mäin ofschléissende Wonsch zu dësem Budget, deen dat weiderféiert, wat am Méijoeresplang ugekënnegt ass an der Ëmwelt nach méi Bedeitung zoukommen ze loossen. Well dat si mer eisen nokommende Generatioune schëlleg.

Da wëll ech zum Schluss nach op eng Saach agoen. Et ass gesot ginn, datt de « Grand Bis » elo géif entstoen. Fir awer elo keng falsch Hoffnungen opkommen ze loossen, miisst een awer soen, datt do elo keng 1.000 nei Plazen entstinn. Et entsti wuel 1.000 Aarbechtsplazen op deem Site, mä do sinn awer och Betriber dobäi, déi sech hei nei usidelen, well se d'Méiglechkeet hu fir ze expandéieren. An déi bréngen jo awer schonn Aarbechter mat, esou datt do net onbedéngt netto 1.000 Aarbechtsplaze geschafe ginn.

Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

An Ärer Interventioun hunn ech just eppes fonnt, op dat ech wollt agoen. Et betrëfft dat d'Lotissement « An den Atzéngen ». Do gëtt selbstverständlech, wat d'Engerieklass A an eng Rei Ëmweltkriterie betrëfft, gekuckt fir déi Saachen esouwäit ewéi nëmme méiglech mat anzebauen. Och do hu mer mat der Société Nationale des Habitations à Bon Marché e Partner um Dësch, deen och ganz vill doropper hält an och ganz vill Efforte mécht an deem Beräich. Esou datt mer dat dann och op déi aner privat Gebaier wäerten iwwerdroen.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Dee Wonsch no engem Ruff- oder Flexibus gëtt vun alle Säiten ëmmer méi grouss. Mir hunn et jo schonn e puermol gesot, datt mer eis dëser Aufgab am Ufank vum Joer unhuelen an déi Saach emol analyséieren, fir dann all Komponente kënnen op den Dësch ze leeën. Et geet un, datt mer souwisou mam TICE zesummekomme fir ze kucken, wéi eis Gemeng déservéiert gëtt an op Verbesserunge méiglech si wat d'Haltestellen ugeet. An da musse mer kucken, watfir Zonen net duerch den TICE ugefuer ginn. Net datt mer zweemol dat selwecht maachen. Et soll gekuckt ginn, wou nach Noutwennegkeete sinn a wat dat kascht. An et ginn héchstwahrscheinlech intelligent Léisungen, déi net deen heite Chiffer mussen erreechen. Dat ass fir de Moment mäi Gefill.

Beim Ofwaasser kann ee soen – an dat ass och de Fall - , datt d'Péitenger Gemeng praktesch zu 90% un der Kläranlag ugeschloss ass. An ech hoffen, datt dee verbleiwenden Deel – ech denken do u Rodange-Frontière a Rodange-Fonderie – och geschwënn ugeschloss ka ginn an datt déi dann och mat allem conforme sinn. Dat ass net d'Schold vun deene Bierger, datt dat bis elo net de Fall ass. Mir hunn effektiv scho vill investéiert an am Géigenzuch geet duerch d'Amortissementer eisen uerdentleche Bäitrag dëst Joer praktesch ëm 200.000 Euro an d'Luucht. Mir hunn awer näischt Extraordinäres anzebezuelen.

D'Neigestaltung vun der Kräizung Kierchstrooss mat der Kuerstrooss ass e Wonsch, deen awer net 2015 um Programm steet. Déi Neigestaltung ass an der Diskussioun.

Beim Tourismus ass d'Zil, fir déi Saachen, déi mer schonn an der Gemeng hunn – an och wéi e Jugendhotel, wat nach dobäi kënnt – homogen a konsequent zesummenzesetzen an do eng gebündelt Marketingstrategie ze developpéieren. Mir hunn esouvill an der Gemeng ze kucken an dat ass nach net genuch gebündelt. Gott sei Dank ass gebündelt, wat de Fond-de-Gras ubelaangt, mä fir de Rescht, wat mer nach an der Gemeng hunn, muss nach eppes geschéien. Den Accueil an d'Information touristique et événementiel léist nach op sech waarden.

Bei deenen 1.000 Plazen, déi solle geschafe ginn, handelt et sech ëm eng Héichrechnung. Mä et ass net ausgeschloss, datt déi Zuel stëmmt. Vun deenen Demanden, déi elo scho komm sinn, sinn der dobäi, déi mat 300 Aarbechtsplaze kommen.

**Gira Carlo (CSV):**

Ech soll een net soen, datt 1.000 Aarbechtsplaze geschafe ginn. Et soll een éischter soen, datt 1.000 Aarbechtsplazen op deem Areal méiglech sinn, well verschidde Betriber sécherlech hire Standuert heihinner verleeën an och schonn eng Unzuel vu Mataarbechter mat heihinner bréngen.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Dat sinn awer vläicht net esouvill Betriber, wéi Dir mengt. Et sinn éischter nei Betriber, déi wäerten heihinner kommen. An ech sinn der Meenung, datt 1.000 nei Aarbechtsplaze wäerten dobäikommen. Dat ass dat, wat eis bis elo bekannt ass. Awer de « Grand Bis » däerf net nach ze laang schleefen, well déi Betriber brauchen elo déi Plaze fir sech ze installéieren a kënnen net nach 5 Joer waarde bis et lass geet.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Den Här Gira beliicht haaptsächlech eis Fraise vun de Schoulen a vun de Maisons Relaisen. Et ass allgemeng bekannt, datt d'Educatioun an d'Opfankstrukture vun eise Kanner e grousse Batz an eisem Budget ausmécht. Mä mir sinn eiser Jugend dat awer schëlleg, fir hinnen eng gutt Educatioun ze bidden. Well esou wéi mir eis Kanner elo zillen, hu mer spéider och eis Gesellschaft. Dofir hoffe mer, datt déi Gelder, déi mer doranner investéieren, och gutt ugeluecht sinn.

Bei deenen 184.000 Euro fir d'Jugendhaus ass et effektiv esou, datt de Stat genee déi selwecht Zomm bezilt. Déi Sue ginn awer bei eis am Budget net ugefouert, well se direkt un d'Jugendhaus iwwerwise ginn. Déi zweemol 184.000 Euro, fir d'Jugendhaus fonctionnéieren ze doen, gesi sech ganz bescheiden un, wann een dat esou kuckt. Si maachen eng ganz gutt Aarbecht am Jugendhaus, zesumme mat hire Streetworkeren, an dofir ass et och ouni Zweiwel ubruecht fir an deem Sënn weiderzefueren.

Och d'Musekschoul ass e grousse Batz an den Numm seet jo schonn, datt et sech och hei ëm eng Schoul handelt. An eng Schoul kascht. Et sinn eng ronn 500 Kanner an der Musekschoul an déi sollen och eng gutt Ausbildung do kréien. An dat soll spéiderhin och eiser kulturelle Veräiner zegutt kommen.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Et sinn effektiv déck Chiffere bei eise Sportszentren a Sportsterrainen. Mä ech fannen einfach, fir eng attraktiv Offer eise Leit kënnen ze bidden, musse mer dat och esou maachen. Well och d'Uspréch vun eise Bierger si relativ héich.

D'Evakuatioun vum Dreck, mat 2,2 Milliounen Euro, ass och effektiv héich. Mä, wéi gesot, et ass käschtendeckend. A mir wäerten och an Zukunft alles druleeën, fir datt esou vill wéi méiglech soll recycléiert ginn a fir déi Saach nach méi ze optiméieren. Mä do muss d'Bevëlkerung awer och matspillen.

Et freet mech och, datt Dir zwee Chifferen erausgepickt hutt, an dat sinn déi 15.000 Euro manner Stroumkäschten an déi 14.000 Euro manner Gasfraisen. Dat beleet och, datt hanner de Kulisse vill op deem Plang gemaach gëtt, an net – wéi meng gréng Kollege gemengt hunn - , datt guer näischt géif geschéien. Wéi gesot, et geschitt scho vill, mä dat steet net ëmmer esou kloer um Pabeier.

Da wollt ech nach eng Kéier kuerz op de Klimapakt agoen. Nodeems all eis Gebaier bis katalogiséiert sinn, kënne mer eréischt domatter ufänken. Dat ass wierklech eng Heedenaarbecht, wou et net just duergeet fir d'Gebaier opzeschreiwen. Et muss dann och festgestallt ginn, wéivill de Verbrauch op deenen eenzelne Plazen ass, asw, an ech hoffen awer, datt mer Uganks 2015 definitiv mat där Saach ukommen. Well et ass eng enorm wichteg Saach an et geet net duer, datt mer et just um Pabeier festgehalen hunn.

**Gira Carlo (CSV):**

Ech wollt just nach 2 Bemierkunge maachen. Ech wollt einfach emol eng Kéier déi Chifferen opziele fir de Leit dobaussen ze soen, wéi déi Zuele sinn. Et ass elo keng Kritik, datt mer esouvill Sue fir déi verschidde Saachen ausginn. Well et komme Kritike vun dobaussen, datt mer zum Beispill näischt fir d'Veräiner maachen. Mä d'Zuele beweisen awer de Géigendeel. A bei de Schoulen ass et d'selwecht. Meng Haaptbemierkung bei de Schoule war, datt gesot gëtt, datt mer als Gemengen net méi vill ze soen hunn. Mä mir leeschten awer nach ëmmerhin e Bäitrag vun iwwer 10 Milliounen. An dat ass awer net négligeabel.

Och déi Suen, déi mer un d'Jugendhaus weiderginn, si Suen, déi gutt ugewannt sinn. An dat ass keen extra héije Chiffer.

**Brecht Guy (LSAP):**

Am Ufank vu menger Interventioun wëll ech all deene Leit Merci soen, déi un dësem Budget geschafft hunn. Merci och un déi 4 Leit aus dem Schäfferot fir déi virbildlech Presentatioun.

Et ass e Budget vun der Kontinuitéit, esou wéi en am 5-Joersplang am Ufank vun eiser Mandatsperiod festgehale ginn ass. E Budget, deen eis weider erlaabt déi Projeten ze realiséieren, déi fir d'Joer 2015 virgesi sinn. E Budget, deen eis weiderhin eng gutt Zesummenaarbecht tëscht deenen 2 Majoritéitsparteie beweist. E Budget, deen all eise Gemenge-bierger zegutt kënnt, egal wéi d'Familljekonstellatioun zesummegesat ass. A virum allem e Budget, deen och deene sozial schwaache Bierger a Matbierger d'Méiglechkeet bitt, net d'office vun allem ausgeschloss ze sinn.

Datt d'Joer 2015 a sécher och déi nofolgend Joere keen einfacht, respektiv keng einfach fir d'Gemeng wäerte ginn, dat hu mer jo spéitstens no der Ried vun der Lag zu der Natioun matgedeelt krut.

Et heescht spueren op Landesebene, fir aus dem Schlamassel, bzw. aus där Scholdefal do nees erauszekommen. An esou wéi et schéngt, och um Bockel vun de Gemengen. Et kann een dat Ganzt natierlech esou opfaassen an interpretéieren, wéi een et wëll a mengt. Mä Fakt ass, datt d'Gelder aus der Stad, respektiv aus deene verschiddene Ministèren net méi esou fléisse wäerten, wéi dat bis elo de Fall war.

Den Här Buergermeeschter huet a senger Presentatioun de leschte Freideg a 6 Punkten drop higewisen, wat deemnächst d'Nodeeler fir eis Gemenge wäerte bedeiten. Eng Explikatioun, déi ee bis dato muss guttheeschen. Et soll een awer sécherlech nach e bëssen ofwaarden, op déi Mesuren och « tel quel » ëmgesat wäerte ginn. Wann dann, ... mein lieber Jolly !

Et ass zwar net meng Missioun fir haut de Mëtteg heibannen d'Critèrë vun enger Regierung oder den Oppositiounsparteien ze analyséieren oder ze kritiséieren, mä de Fakt bleift, datt näischt méi esou wäert si wéi virdrun.

No där villäicht méi laanger Aleedung, wëll ech dann awer zeréckkommen op de Sujet, fir dee mer eigentlech de Mëtten heibanne sëtzen, de Gemengebudget fir d'Joer 2015.

Et ass, wéi schonns am Ufank gesot, e Budget vun der Kontinuitéit, mat engem aussergewéinlech héijen Iwwerschoss an enger Gemengeschold, déi ëmmer méi zeréckgeet. Ebenfalls leien eis Investissementer mat 22,4 Milliounen Euro op engem héijen Niveau, wéi den Här Buergermeeschter dat

dee leschte Freideg scho betount huet. Mat eiser Pro-Kapp-Verschëldung, déi Enn 2015 bei 816 Euro wäert leien, kënne mer esouguer geschwë mat deene räichste Gemengen hei am Land mathalen, wat jo awer e grousse Pluspunkt bedeit fir déi gutt Finanzpolitik, déi an eiser Gemeng bedriwwe gëtt.

Ganz wichteg ass – fir mat deem sozialschwaache Volet unzefänken – e performanten Office social. Do wou, no grëndlecher Analyse vun der jeeweileger Persoun hirem Dossier, jidderee gehollef kritt a virun allem dem Sënn vum Wuert no net am Ree stoe gelooss gëtt, dat heescht, datt jiddereen en Daach iwwer dem Kapp huet. Dofir ass et och sënnvoll, datt d'Personal an hire Comité administratif an adequate Raimlechkeete kënne schaffen.

D'Analys vun eisem PAG ass praktesch ofgeschloss an esou wäerte mer deen och kënnen am Hierscht d'nächst Joer presentéieren.

De Projet vum Lotissement « An den Atzéngen » kënnt dann och elo, nodeems déi néideg Acquisitioune vun Terraine gemaach sinn, esou lues a Faart. Et ass dat e Projet mat engem ganze Koup vun « Habitations à bon marché », wat ganz am Sënn vun eiser Partei ass.

Wat eist Stroossennetz ubelaangt, hunn eis Awunner déi leschte Joere bestëmmt vill miissten op d'Zänn bäissen, wat déi vill Schantercher betrëfft. Mä et muss een awer och bedenken, datt Infrastrukturen net éiweg halen an datt mer musse mat de moderne Medie matschwammen, op mer wëllen oder net. Glasfaser ass haut gefrot, fir nach besser mateneen ze kommunizéieren. Virun allem ass et vu Virdeel, nach just eng gemeinsam « racine » ze hunn, wat eis op laang Weil awer e ganze Koup Erspuernisser erabréngt. Et ass wéi mat ville Saachen. Eng Kéier anstänneg investéiert, da mécht sech dat duerno vum selwe bezuelt.

Datt eppes muss geschéien, wat de Verkéierschaos an eiser Gemeng betrëfft, do si mer eis hei um Dësch alleguerten eens. Dofir lafe jo am Moment Gespréicher tëscht eise Leit an dem Verkéiersministère.

De Centre Wax zu Péiteng op der Millen kritt och no an no dat Gesiicht, wat mer eis alleguerten drënner virgestallt haten.

Wann ee vum Tourismus schwätzt, fält engem ëmmer direkt d'Gästehaus vun der JUFA am Doihl zu Rodange an. D'Gemeng huet hir Aufgabe gemaach an elo läit de Ball bei eisem auslänneschen Investisseur.

Wat d'Gemengefestivitéiten ubelaangt, leie mer bei engem Budget vu 40.000 Euro, deen ënner anerem och fir d'Zeremonie vum Nationalfeierdag an d'Virfeier virgesi sinn. Am Virfeld gëtt zwar scho vill dobaussen diskutéiert iwwert de «Wéi » a « Wou », an ech hoffen, datt déi concernéiert Parteie sech un en Dësch kënne setzen, fir iwwer d'Virfeier ze schwätzen an esou dat Bescht eraus ze schloen, zum Wuel vun eiser Gemeng.

A well den Här Breyer a sengem Virtrag de leschte Freideg och d'Veränsentente PEROLA ernimmt huet, kann ech iech och scho verroden, datt do d'nächst Joer e ganze Koup Changementer a Punkto personeller Besetzung a materieller Zesummenaarbecht mat de Veräiner an de Gemengeninstanzen op iech zoukomme wäerten. An och do musse mer eis zesummen un een Dësch setzen.

Bon, dat dote war méi eng perséinlech Approche zu deem Thema.

Heiligenwald gëtt méi wéi sécher en neie Jumalegepartner an dofir géife mer de Schäfferot bieden, dee Jumelage mat Maribor nach eng Kéier genee ze iwwerdenken oder erauszefannen, watfir eng Virdeeler dee Jumelage eiser Gemeng iwwerhaapt nach bréngt.

Endlech, endlech, endlech, an dobäi stinn déi 3 « Endlech » fir all déi Joerzéngte wou mer probéieren op e gréngen Zweig ze komme wat de « Grand Bis » ubelaangt. Et bougéiert erëm eppes an hoffentlech dës Kéier eppes Konkretes.

Mir kënnen eis nach un déi ominéis Diskussiounen erënneren, déi mer hei am Gemengerot hate wat de Site vum alen LTMA betrëfft. Eis Propositioun läit kloer um Dësch. Eng nei Musekschoul, en Internat, eng Pouponière a Wunnengen, déi scho vum Ministère ähnlech geplangt sinn.

Och wat déi ëmmer nei Ufuerderunge säitens de Ministèren, betreffend d'Kannerbetreiung oder zweesproocheg Educatioun betrëfft, stellt eis ëmmer virun nei Erausfuerderungen.

Eis Schoulen hunn d'Erausfuerderung ugeholl, datt eis Populatioun an deene leschte Joeren, respektiv an deenen nächste Joeren ëmmer an ëmmer nach wuesse wäert. Wann ee jo awer bedenkt, mat watfir enger Betreiung – mënschlech esou wéi och materialistesch – eis Schüler haut rechne kënnen, da muss et jo awer bestëmmt Freed maache fir hautdesdaags an d'Schoul ze goen.

All déi Maisons Relaisen, privater esou wéi Gemengeneegener, déi an deene leschte Joeren entstane sinn, ginn awer nach ëmmer net duer fir déi ze betreiend Kanner opzefänken. Dat ass de Laf vun der Zäit an eiser moderner Gesellschaft, mä seng Gedanke kann ee sech awer schonn doriwwer maachen.

Wat d'Jugendbetreiung, d'Begleedung, d'Formatioun an eng wäertvoll Fräizäitoffer ubelaangt, si mer als Péitenger Gemeng e Musterbeispill dofir, wat den Ëmgang am allgemenge mat deene « schwéier betreibare » Jugendleche betrëfft. Streetworkere ginn op déi Jugendlech duer fir hinnen nozelauschteren a sech mat hire Problemer ze befaassen. Op deem Wee gi mer sécher d'Hoffnung net lass, datt och de Vandalismus ofhëlt, wat jo awer nach ëmmer e grousse Problem an eiser Gemeng ass.

10.000 Euro, plus nach eng Kéier 17.000 Euro fir verschidden Aktivitéiten, stinn der Jugendkommissioun zur Verfügung. D'Kommissioun fir Chancëgläichheet schléit mat 15.000 Euro Ausgaben zu Buch an d'Integratiounskommissioun wäert och erëm 10.000 Euro zur Verfügung gestallt kréien. Elo kréien ech bestëmmt erëm gesot, dat wiere Kommissiounen, déi virgeschriwwe sinn, mä déi aner Kommissiounen, wéi d'Kultur- oder d'Sportskommissioun, fonctionnéieren och ganz gutt a kéinten esou Gelder fir eegen Organisatioun och gutt gebrauchen. Mä ech kréien dat selwecht geäntwert wéi all Joer, an zwar, datt déi Kommissioune berodend sinn an näischt däerfen aus eegener Kraaft organiséieren. A well ech mer d'Äntwert scho selwer ginn hunn, braucht der och net méi drop anzegoen.

Wann ech der Madame Conter hire Referat noliesen, da fält mer op, datt eise Jugendleche bal 2 Säite gewidmet sinn. Mä fir den Drëtten Alter sinn et just fënnef an eng hallef Reien. Dat schéngt mer awer e bësse wéineg, virun allem fir déi Leit, déi net kënne vun eisen Offertë profitéieren. Och do muss den Hiewel eng Kéier ugesat ginn, fir mat deene Leit iwwer hier Problemer ze schwätzen a se ze beroden. Mir sollen dat net zevill den Organisatiounen « Help » an « Hëllef doheem » iwwerloossen. Déi sinn esou am Drock, datt se net vill Zäit mat deenen eelere Leit kënne verbréngen. Ech denken do besonnesch un déi eeler Leit, déi kee Mënsch méi hunn.

A wat d'Streetworker fir déi Jugendlech sinn, kéinte jo och Hausworker oder Homeworker fir déi eeler Generatioun sinn. Dat ass wuel eng Iwwerleeung wäert.

Wat elo dee leschte Volet betrëfft, also d'Ressorte vum Här Mertzig, esou wëll ech net zevill Wierder doriwwer verléieren, well et jo zum gréissten Deel Aarbechten oder Acquisitioune sinn, déi dréngend noutwenneg sinn.

Erfreelech ass, datt endlech och den Doudegriewer zu Péiteng an Zukunft ka säin net ëmmer einfachen Job ënnert adaptéierten an adequate Konditiounen ausüben.

D'Analyse vun der Loftqualitéit sinn och weiderhin néideg. Erfreelech ass awer och, datt endlech un nei Gemengen-ateliere geduecht gëtt. An duebel frou sinn ech iwwer de Projet, well mer als LSAP schonns bal 20 Joer esou Ateliere fuerderen.

Wat soll een nach iwwer den Titusterrain soen? Et ass scho bal alles gesot. Just eng Fro: Kënne mer als Gemeng Schuedenersaz froen? An déi Fro huet sech elo haut eriwwregt, well mer virdrun héieren hunn, datt et net enger Drëttpersoun seng Schold war.

Alles an allem ass et e flotten, villsäitegen a gutt iwwerluechte Budget 2015. Mir als LSAP si frou driwwer, mat eisem Partner op esou e gudden, gemeinsamen Nenner ze kommen. Eise Walprogramm, esou wéi dee vun der CSV, wäert elo geschwënn erfëllt sinn. Et waren also keng eidel Wierder, déi mer virun e puer Joer an eis Broschür geschriwwen hunn. Onofhängeg vun den 2 Dauerbrenner Sécherheet a Verkéiersopkommes an eiser Gemeng, wou d'Problemer net eleng an eisen Hänn leien, kënne mer no 2/3 vun eiser Mandatsperiod scho bal soen « mission accomplie ».

Nach ganz séier e Punkt, dee mer als LSAP och ëmmer fuerderen, an dat ass fir e « Ruffbus » anzeféieren. Och do si mer ganz frou, datt eise Partner bereet ass, endlech mat eis doriwwer nozedenken, a watfir enger Form dat méiglech wier. Betreffend Argumenter hu mer schonn an enger éischter Approche op den Dësch geluecht.

Ech sinn elo esou lues um Enn a kann Iech verspriechen, datt meng Partei mat rouegem Gewëssen dëse Budget den nächste Freideg wäert stëmmen.

Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Den éischten Deel vun Ärer Analys vum Budget kann ech komplett mat ënnerschreiwen. Et ass och esou wéi ech et gesinn. Mir mussen effektiv kucken an och waarden, wat dann elo schlussendlech bei deenen Zuelen erauskënnt. Wa mer déi definitiv Zuele vun 2015 eng Kéier kennen, da wësse mer et. Wou awer keen Zweiwel besteet, datt ass, datt et 3,6 Milliounen Euro manner wäerte sinn duerch déi Saachen, déi ech de leschte Freideg opgezielt hunn, an dat egal wéi héich de Budget, de Kont an de Sold wäert ausfalen.

**Breyer Roland, Schäffen:**

An Ärer Interventioun hunn ech e ganze Koup positiv Akzenter dra fonnt. A well den Här Brecht sech jo meeschtens selwer op seng Froe äntwert, bleift net méi ganz vill hei ze soen, ausser datt mer him dankbar sinn, datt hien déi selwecht Vuen huet, wat de Centre Wax ubelaangt, an datt mer dem Gesamtkonzept ëmmer méi no kommen.

Hie gesäit och, datt mer eis Aufgab – wat den Tourismus ubelaangt – mat der JUFA gemaach hunn an datt de Ball elo bei der JUFA läit. An datt mer bei der Zeremonie vum Nationalfeierdag hei konsensiwwergräifend gemengt hunn, datt mer – fir eng fënneftgréisst Gemeng – eis eppes aneschters miisste kënne leeschten. An déi Diskussioune wäerte mat alle betraffene Parteien am Ufank vum Joer stattfannen, esou datt mer eis da kënnen op deen Challenge kënne preparéieren.

Wat de Jumelage mat Maribor ugeet, esou kascht dee Jumelage Gott sei Dank näischt. Mä et ass richteg, datt déi Partnerschaft näischt bréngt. Et muss een also eng Kéier kucken, op een deen nach ëmmer soll a sengem Wope matféieren. Dat kucke mer, fir am Laf vum Joer 2015 ze ënnersichen. Mä déi Partnerschaft ass wäit ewech vun deem, wat mer elo scho mat Heiligenwald spieren a wat och héchstwahrscheinlech och besser gëtt.

De Ruffbus ass jo och schonn ugeschwat ginn. D'Analyse vun esou engem Ruffbus lafen an d'Consultatioune fannen ufanks 2015 statt. An da wäerte mer mat de Conclusiounen dovunner an de Gemengerot kommen.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Dir sot, datt d'Schoulen eng Erausfuerderung duerstellen an datt d'Schüler hautdesdaags gären an d'Schoul miisste goen. Ech weess net, ob mir fréier gären an d'Schoul gaange sinn, egal wéi schéin de Schoulsall war a wéi schéin d'Bänke woren. Mä mir sinn awer op jiddefalls beflass, fir eise Schoulkanner déi adequat Raim zur Verfügung ze stellen.

Ech wëll dann nach ganz kuerz op eis Familljekommissioun agoen, wou och den Drëtten Alter mat agebonnen ass. An där Kommissioun hunn ech mer den Drëtten Alter ëmmer mam Här Linden gedeelt. Well awer den Här Mertzig de Moment nach net esou an deem Dossier dran ass, wäert ech Iech dann eng Äntwert ginn. An zwar ass et esou a wa mer kucken, wat mer awer alles bei eis an der Gemeng fir den Drëtten Alter maachen, mat zum Beispill dem Repas sur roues, mat de Fester fir de « Grand Âge », mat eise Rentnerfeieren. Mir hunn och eis Seniorenheemer, an deenen eng grouss Zuel vun eelere Leit gutt ënnerbruecht sinn, a wou och Fester dra gefeiert ginn a wou eis Leit selwer kënnen higoen. Mir hunn och « Amiperas » bei eis an der Gemeng. Mir hunn hei zu Péiteng e Senioreclub. Mir hunn « Fraen a Mammen » a « Foyer de la Femme » an eisen 2 Sektiounen, wou och eeler Leit kënnen higoen. Do ass eng ganz Panoplie vun Associatiounen, déi sech awer – wann ech mer dat esou ukucken – gutt ëm eis eeler Leit këmmeren. Mir sinn zwar als Gemeng net esou involvéiert, mä mir subsidiéieren awer déi Associatiounen. An deem Sënn mengen ech awer, datt eis eeler Matbierger hei an der Gemeng net hannert eise jugendleche Bierger mussen zeréckstoen.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Bei där Saach mam Doudegriewer ass effektiv eng grouss Noutwennegkeet do gewiescht an ech sinn och frou, datt endlech do eppes geschitt, fir datt déi Leit och ënner adequaten Aarbechtskonditioune kënne schaffen.

D'Gemengenateliere sinn och eng absolut Noutwennegkeet, an ech hoffen, datt mer an deem Dossier och gutt virukommen.

Wat den Titusterrain ugeet, esou hunn ech déi Fro net richteg verstanen. Wiem solle mer Schuedenersaz froen?

**Brecht Guy (LSAP):**

Mat deene ville Gespréicher, déi dobausse gelaf sinn – an Dir sidd jo och een, deen op deenen 3 Fussballsterrainen ass – gouf ëmmer gesot, datt do verseuchte Buedem opgetippt gi wier. Dee Buedem hätt eng Firma geliwwert an, nodeem en dann do getippt gi wier, hätt de Buedem elo miissten entsuergt ginn. Dat sinn esou Versiounen, déi dobausse lafen an dofir wollt ech emol gewuer ginn, wéi et da richteg sollt gewiescht sinn.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Dat ass net esou gewiescht. Et waren dat Altlasten, a wann dat net scho vun där eelerer Generatioun gewosst war, da

kann een emol Iwwerraschungen erliewen. Wann een da kraze geet, da kënnt dat dann op eemol zum Virschäin. An do kënne mer u sech kee responsabel dofir maachen. Viru 50 Joer, wou deen Terrain entstanen ass, hunn nach keng Critère bestanen. Do waren d'Leit frou, wa se d'Lach opgefëllt kritt hunn. An dofir kënne mer elo haut kee responsabel maachen an och kengem Schuedenersaz froen.

**Brecht Guy (LSAP):**

Ech wollt nach kuerz eppes zu der Madame Conter soen. Ech weess, datt et e ganze Koup Offere gi fir déi eeler Matbierger an der Gemeng. Mä ech hu vun deene Leit geschwat, déi eleng doheem setzen, déi keen u sech loossen, déi eng schlecht Mobilitéit hunn, asw. Wa mer déi Leit eventuell kéinten erfaassen an eis e bësse méi speziell ëm déi Leit këmmeren.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Dat ass natierlech ganz schwéier. Och wa mer elo eng Kontroll géife maachen, wéivill eeler Leit bei eis an der Gemeng sinn. Wann déi Leit sech net wëllen um soziale Liewe bedeelegen, dann ass et och net un enger Gemeng, fir un d'Diere schellen ze goen. Mir kënnen hinne Saachen ubidden – an dat maache mer jo och – mä mir kënnen awer kee forcéiere fir un deene Saachen deelzehuelen. Ech sinn der Meenung, datt d'Offer hei an der Gemeng scho ganz gutt ass. A wann ech kucken – wat och den Här Gira gesot huet - , datt mer fir eis eeler Matbierger 500.000 Euro ausginn a fir eist Jugendhaus 180.000 Euro, da gesi mer, datt jo awer do en Ënnerscheed ass an datt do scho villes geschitt. Mä et ass ëmmer eng grouss Zuel vu Leit, déi een einfach net erfaasst kritt. An domatter musse mer liewen.

**Rosenfeld Romain (CSV):**

Ech wollt och deene Leit Merci soen, déi un dësem Budget matgeschafft hunn, ouni awer de Schäfferot ze vergiessen, mat un der Spëtzt de Pierre Mellina, deen eis all Joers hei eng Visioun an eng Presentatioun gëtt vun deem neie Budget fir dat Joer duerno.

Et wonnert mech och, datt verschidde Leit heibanne gesot hunn, datt de Buergermeeschter sech zevill mat der Circulaire vum Ministère opgehalen huet. Et wier jo awer schliisslech e Gemengebudget. Ech géif awer mengen, datt déi Repercussiounen, déi di Circulaire op de Budget vun de Gemengen huet, awer net minimal sinn. Dobäi kënnt nach den « accord salarial », deen CGFP ausgehandelt huet, a wou nach 600.000 Euro aus eisem Budget verschwannen.

Soss war deen heitegen Inneminister President vum Syvicol an déi Zäit huet hien e bësse gedickst op den Inneministère, wann et de Gemengen un de Pelz gaangen ass. Mä dës Kéier huet hien dat awer esou schéi sachte iwwer d'Bühn gezunn. Domatter musse mer an nächster Zäit liewen.

Wat een awer muss soen, dat ass, datt mer vun eisen Nopeschgemengen an esouguer vu Gemengen, déi méi wäit ewechleien, beneid ginn, datt mer erëm en Iwwerschoss vun 11,24 Milliounen Euro hunn.

Mir kommen eisem Plan pluriannuel an eisen Objektiver, déi mer eis zesumme mat eisem Koalitiounspartner gesat haten, richteg no.

D'Gemengeschold ass erëm erofgaangen ëm iwwer 2 Milliounen, an dat trotz all deenen Investitiounen, déi mer gemaach hunn.

Et sinn och vill Saachen op der Schinn. Iwwer de « Grand Bis » huet elo jidderee geschwat, esou datt ech dat net elo wëll nach eng Kéier widderhuelen.

Wat eng ganz wichteg Saach fir eis ass, dat ass dat neit Lotissement « An den Atzéngen ». Dat selwecht gëllt fir déi optimal Renovatiounen an eise Schoulen. Weider muss an d'A gefaasst ginn déi Saach mat de Crèchen an de Maisons Relaisen, déi entstinn. D'Sportinfrastrukturen, déi op villerlee Aart a Weis kommentéiert gi sinn heibannen, ginn a Stand gesat fir d'Leit alleguerten. Ech kommen aus dem Domaine vum Fussball an ech soen, datt dat haut modern Crèchë sinn, déi net esouvill kaschte wéi déi aner Crèchen. Dat si scho gréisser Saachen, wat heiansdo ënnerschat gëtt.

Beim Stroossebau a bei de Kanalinfrastrukture gi mer eiser Aarbecht och gerecht. Ech fannen, datt alleguerten déi Saachen eng zolitt an eng seriös Finanzpolitik beweisen, an dat iwwer Joeren. Well soss kéinte mer all déi Saachen net realiséieren.

An esou wéi et ausgesäit hu mer d'nächst Joer erëm e gewëssenen Iwwerschoss vu quasi 10 Milliounen Euro, wann ech dat richteg gelies hunn. An dat trotz deenen neie Repercussiounen, déi op d'Gemengen duerkommen.

Et däerf een awer och net vergiessen, datt nach eng Rei Repercussiounen op déi privat Leit duerkommen. An do kritt all Mënsch Schwieregkeeten duerno, fir d'Enner beieneen ze kréien. Well wann d'privat Leit Problemer kréien, dann hu se och Problemer fir d'Gemengentaxen ze bezuelen.

Dëse Budget ass – wéi ëmmer – am vollste Vertraue vun der Fraktioun vum Schäfferot opgestallt ginn an de Schäfferot brauch sech keng Gedanken ze maachen. Mir stëmmen den nächste Freideg dëse Budget zu 100%. A mir hoffen, datt mer an deem Stil an an där Kollegialitéit esou gutt kënne virufueren.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Et stëmmt, datt mer eng Situatioun hunn, déi net schlecht ass. Mä mir mussen se awer erhalen an dat mécht natierlech net de Buttek op fir all Iddi, déi een am Kapp huet. Et muss een, wéi doheem – an do sinn ech anerer Meenung wéi den Här Becker – sech der Decken no strecken. Een, deen dat och elo gesäit, ass de Stat. Deen huet dat jo och elo agesinn.

**Rosenfeld Romain (CSV):**

Ech wollt nach eng Saach zu der Sëtzung vun haut soen. Et waren haut Leit heibannen, déi laang Interventiounen haten. Mä et waren der och vill dobäi, déi vum Thema « Budget » ofkomm sinn, an dat net am klenge Mooss. Wann eng Budgetsdiskussioun ass, da soll een och iwwer den Haushalt an iwwer d'Finanze schwätzen an net iwwer hei an do. A wa sech dorunner gehale gi wier, da wiere mer schonn eng Stonn doheem.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Richteg. Da wollt den Här Thein nach eng Kéier d'Wuert wéinst engem « fait personnel ».

**Thein Joé (adr):**

Merci fir d'Wuert an ech hale mech och ganz kuerz. Well da kënne mer alleguerten Heem iesse goen, ier mer hei erhéngeren. Ech wollt just nach eng Kéier kuerz op déi Interventioun vun der Madame Gonçalves agoen. Ech muss soen, datt et ëmmer schwéier ass fir mat de Sozialisten iwwer de Stellewäert vun der Lëtzebuerger Sprooch ze diskutéieren. Ech hu mer d'Sprooch selwer ganz gutt bäibruecht a wollt hir matdeelen, datt ech selbstverständlech zur Verfügung sti fir mäi Wësse matzedeelen oder weiderzeginn. Merci.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Domatter wier déi Sëtzung da vun haut ofgeschloss.

# Gemeinderatssitzung vom 15. Dezember 2014

**Anwesend:**

| | | |
|---|---|---|
| **Mellina Pierre**, Bürgermeister (CSV) | | **Breyer Roland**, 1. Schöffe (CSV)<br>**Conter-Klein Raymonde**, 2. Schöffe (CSV)<br>**Mertzig Romain**, 3. Schöffe (LSAP) |
| **Bosseler Camille** (CSV) – *bis einschl. Punk 11*<br>**Conzemius-Holcher Josette** (CSV)<br>**Gira Carlo** (CSV)<br>**Polfer John** (CSV)<br>**Rosenfeld Romain** (CSV) | **Brecht Guy** (LSAP)<br>**Gonçalves Cátia** (LSAP)<br>**Pierre Norbert** (LSAP)<br>**Stoffel Marco** (LSAP) | **Becker Romain** (déi gréng)<br>**Scheuer Romain** (déi gréng)<br>**Tockert Claude** (DP)<br>**Thein Joe** (adr) – *ab dem Punkt 9* |

**Abwesend und entschuldigt:**

**Bosseler Camille** (CSV) – *ab dem Punkt 12*; **Thein Joe** (adr) – *bis einschliesslich Punkt 8.2*

### 1. bis 2.

Die Punkte 1 und 2 der Tagesordnung wurden in geheimer Sitzung behandelt.

Der Gemeinderat Petingen hat jedoch beschlossen, folgende Entscheidungen zu veröffentlichen:

**Ernennung einer Diplomerzieherin (m/w) für die Maisons Relais – Beschlüsse.**
Frau Pevergne Mélanie aus Athus (B) wurde als Diplomerzieherin – Teilzeitbeschäftigung (30 Stunden pro Woche) und auf unbegrenzte Zeit – eingestellt.

### 3. - Mitteilungen des Schöffenrates.

Der Gemeinderat wird darüber in Kenntnis gesetzt, dass Herr Camille Bosseler von seinem Amt als Gemeinderat zurücktritt, und dies mit Wirkung zum 1. Januar 2015.

### 4.1. - Personalangelegenheiten.

Festlegung der „cadre fermé“-Arbeitsplätze in den unterschiedlichen Laufbahnen der Gemeindebeamten - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 4.2. - Personalangelegenheiten.

Schaffung eines Gemeindeangestelltenpostens (m/w) für die Abteilung Sicherheit - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 5.1. - Liegenschaften.

Akt betreffend den kostenlosen Kauf eines Grundstücks in Petingen seitens Frau Marie Franck und Herrn Armand Goldschmit - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

### 5.2. - Liegenschaften.

Akt betreffend die kostenlose Abtretung verschiedener Parzellen gelegen an den Standorten „rue des Promenades“, „an der Prënzewiss“ und „an de Jenken“ an Herrn Enzio Alleva - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

### 5.3. - Liegenschaften.

Akt betreffend den Austausch von Grundstücken in der „rue des Promenades“ in Petingen mit Herrn Paul Scholtes - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

### 5.4. - Liegenschaften.

Akt betreffend den Verkauf einer 30 Zentiar großen Parzelle in der rue Jos. Philippart in Rodange an Herrn Joao De Sousa Araujo und Frau Lucilia Ribeiro Antunes - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

### 5.5. - Liegenschaften.

Akt mit dem „Fonds pour le Développement du Logement et de l'Habitat“ betreffend den Kauf von Gebäuden auf einem Grundstück gelegen auf Nr. 82 avenue Dr. Gaasch in Rodange - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

### 5.6. - Liegenschaften.

Akt mit dem „Fonds pour le Développement du Logement et de l'Habitat“ betreffend den Verkauf von Grundstücksanteilen auf Nr. 82 avenue Dr. Gaasch in Rodange – Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

### 5.7. - Liegenschaften.

Basisakt einschließlich einer Miteigentumsordnung mit dem „Fonds pour le Développement du Logement et de l'Habitat“ betreffend das Gebäude auf Nr. 82, avenue Dr. Gaasch in Rodange - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

### 6.1. - Soziales.

Schaffung eines Hilfserzieherpostens (m/w) und Erhöhung der Arbeitsstunden eines Hilfserzieherpostens (m/w) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 6.2. - Soziales.

Konvention mit dem Ministerium für Bildung, Kinder und Jugend zwecks finanzieller Beteiligung an den Baukosten der neuen Maison Relais in Rodange - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

### 6.3. - Soziales.

Konvention mit „ProActif asbl“ und der „Association des Musées et Tourisme Ferroviaire asbl“ (AMTF Train 1900) zwecks Eingliederung arbeitsloser Personen in den Arbeitsmarkt - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

### 6.4. - Soziales.

Dritte-Welt-Hilfe : finanzielle Hilfe in Höhe von 7.500 € für das Projekt betreffend die Einschulung von Kindern, welche in den Minen des Staates Karnataka (Indien) arbeiten - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 6.5. - Soziales.

Dritte-Welt-Hilfe : finanzielle Hilfe in Höhe von 7.500 € für das Projekt betreffend den Bau sowie die Ausstattung einer Entbindungsstation sowie einer Pädiatrie in Kinshasa (Demokratische Republik Kongo) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 6.6. - Soziales.

Dritte-Welt-Hilfe : finanzielle Hilfe in Höhe von 5.000 € für das Projekt betreffend die Reduzierung der Kindersterblichkeit in den Andengemeinschaft in Quechua, Peru - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 6.7. - Soziales.

Dritte-Welt-Hilfe : finanzielle Hilfe in Höhe von 5.000 € für das Projekt betreffend den Bau von 5 Schulräumen im Burkina Faso (Afrika) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 6.8. - Soziales.

Dritte-Welt-Hilfe : finanzielle Hilfe in Höhe von 5.000 € für das Projekt betreffend den Bau eines Ausbildungszentrum für lokale Lehrpersonen im Süd-Sudan (Afrika) – Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 7. - Öffentliche Ordnung.

Genehmigung einer Tür-zu-Tür-Verkaufsaktion innerhalb der Gemeinde - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 8.1. - Vereinswesen.

Löschung der „Seishin Karaté-Do asbl“ von der Liste der offiziell subventionierten Vereine - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 8.2. - Vereinswesen.

Aufnahme des „Cheyto Karateka Lamadelaine asbl“ auf die Liste der subventionierten Vereine und Zuteilung eines Subsids in Höhe von 75 € - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 9. - Forstwesen.

Kostenvoranschlag und Verwaltungsplan der kommunalen Wälder für das Geschäftsjahr 2015 - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

### 10. - Umwelt.

Jährliches Aktionsprogramm der Sicona für das Jahr 2015 - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 11. - Transport und Kommunikation.

Dringlichkeitsverordnung im Bereich des Straßenverkehrs in Rodange - Bestätigung.

Bestätigung einstimmig.

### 12. - Rektifizierter Haushalt 2014 sowie Haushalt 2015.

Diskussionen und Bewertungen der Gemeinderats-mitglieder – Antworten der Mitglieder des Schöffenrates.

# Séance publique du 19 décembre 2014

***Durée de la séance:*** *14.30 à 17.55 heures*

## Présents:

| | | |
|---|---|---|
| **Mellina Pierre**, bourgmestre (CSV) | **Breyer Roland**, 1er échevin (CSV)<br>**Conter-Klein Raymonde**, 2e échevin (CSV)<br>**Mertzig Romain**, 3e échevin (LSAP) | |
| **Conzemius-Holcher Josette** (CSV)<br>**Gira Carlo** (CSV)<br>**Polfer John** (CSV)<br>**Rosenfeld Romain** (CSV) | **Brecht Guy** (LSAP)<br>**Gonçalves Cátia** (LSAP)<br>**Pierre Norbert** (LSAP)<br>**Stoffel Marco** (LSAP) | **Becker Romain** (déi gréng)<br>**Scheuer Romain** (déi gréng)<br>**Tockert Claude** (DP)<br>**Thein Joe** (adr) |

## Absents et excusés:

**Bosseler Camille** (CSV)

# ORDRE DU JOUR

1. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
2. Administration générale
   - 2.1. Approbation des titres de recettes - décision.
   - 2.2. Démission et nomination dans la commission des Affaires culturelles - décisions.
   - 2.3. Décision de la Commune de Kayl de sortir du syndicat PRO-SUD - décision.
3. Personnel
   - 3.1. Création d'un poste d'artisan (m/f) pour les besoins du service du réseau potable - décision.
   - 3.2. Augmentation de la tâche d'un poste d'ouvrier de nettoyage (m/f) - décision.
4. Affaires sociales
   - 4.1. Approbation du budget rectifié de l'exercice 2014 et du budget de l'exercice 2015 de l'Office social - décision.
   - 4.2. Approbation de la convention avec «BDK.LU» pour l'organisation des activités de loisirs pour l'année 2015 - décision.
   - 4.3. Approbation du contrat de bail avec Mme Dina Guidi ép. Schartz pour le logement communal sis à Lamadelaine, Grousswiss n° 17 - décision.
   - 4.4. Approbation du projet concernant la construction d'un chalet pour les «Lëtzebuerger Guiden a Scouten, Grupp Ste Amalberge Rodange-Rolleng» à Rodange, lieu-dit «Um Duel» et de la convention avec l'Association «Amicale vun den aalen Rodanger Guiden a Scouten» - décisions.
5. Propriétés
   - 5.1. Approbation du compromis relatif à l'acquisition d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit «rue des Vielles Parts» de la part de Mme Cécile Mourer veuve Halsdorf, M. Emilio Marulli, M. Jean Nico Pierre et Mme Marie-Paule Pierre ép. Baumgartner - décision.
   - 5.2. Approbation du compromis relatif à l'acquisition de deux parcelles sises à Lamadelaine, lieu-dit «rue de la Montagne» de la part de M. Daniel Santarini et Mme Régine Rink - décision.
   - 5.3. Approbation du compromis relatif à l'acquisition d'une parcelle sise à Pétange, lieu-dit «rue des Acacias» de la part des copropriétaires de la résidence Les Acacias - décision.
6. Budget rectifié de 2014 et budget de l'exercice 2015
   - 6.1. Travaux extraordinaires
     - 6.1.1. Approbation du devis concernant les travaux de réfection des façades des maisons communales sises à Rodange, rue de l'Ecole 1 et 1A - décision.
     - 6.1.2. Approbation du devis concernant les travaux de mise en réseau des cylindres électroniques (1re phase) - décision.
     - 6.1.3. Approbation du devis concernant la modification des centrales téléphoniques avec passage en IP sur notre réseau des fibres optiques - décision.

6.1.4. Approbation du devis concernant les travaux d'assainissement de la canalisation dans la Commune - décision.
6.1.5. Approbation du devis et des plans concernant le réaménagement de la rue Belair à Pétange - décision.
6.1.6. Approbation du devis concernant les mesures d'apaisement du trafic (zones 30km/h) - décision.
6.1.7. Approbation du devis et des plans concernant les travaux de prolongation de la rue de la Minière à Rodange et la construction d'un parking - décision.
6.1.8. Approbation du devis concernant les travaux de reprofilage et de renouvellement de la couche de roulement dans diverses rues - décision.
6.1.9. Approbation du devis concernant la mise en place d'un réseau cyclable dans la Commune - décision.
6.1.10. Approbation du devis concernant l'installation d'un système de comptage avec afficheur externe dans la piscine PiKo à Rodange - décision.
6.1.11. Approbation du devis concernant les travaux de remise en état de la salle de musique au Centre culturel à Rodange - décision.
6.1.12. Approbation du devis et des plans concernant les travaux d'extension et de réaménagement de l'ancien presbytère à Lamadelaine - décision.
6.1.13. Approbation du devis concernant les travaux de remplacement du revêtement du parking écologique à Pétange, rue de Linger - décision.
6.1.14. Approbation du devis et des plans concernant les travaux de rénovation à l'Ecole «An Eigent» à Pétange (aile B) - décision.
6.1.15. Approbation du devis et des plans concernant les travaux de réaménagement de la cour avant à l'Ecole «Am Park» à Pétange - décision.
6.1.16. Approbation du devis concernant le remplacement de la centrale d'intrusion de l'ancien bâtiment des sapeurs-pompiers à Pétange - décision.
6.1.17. Approbation du devis concernant le raccordement du garage du bâtiment du service technique à la centrale d'intrusion - décision.
6.1.18. Approbation du devis concernant le remplacement de la centrale d'incendie de l'Ecole préscolaire à Lamadelaine - décision.
6.1.19. Approbation du devis actualisé concernant l'aménagement d'un terrain «Hybridrasen» au terrain de football du FC Titus Lamadelaine - décision.

6.2. Votes du budget rectifié de 2014 et du budget de l'exercice 2015 - décisions.

---

# COMPTE RENDU

## 1.

### Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Néant.

## 2.1.

### Administration générale.

Titres de recettes au montant total de 144.113,71 euros – approbation.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Mir hunn haut net allze vill Recette virleien, déi mer an deene leschte Wochen erakritt hunn. Et sinn dat Recetten an der Héicht vun 144.113,71 Euro.

**Approbation à l'unanimité. Mme Conter-Klein, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 2.2.

### Administration générale.

Démission et nomination dans la commission des affaires culturelles – décisions.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

D'Madame Christine Hamen, épouse Schmit ass aus eiser Gemeng erausgeplënnert an dofir ka se och net méi Member an der Kommissioun sinn. Si ass also d'office démissionnaire. Als hiren Ersatz proposéiert d'CSV den Här Jean Weiler vu Péiteng.

**Il est pris acte de la démission d'office de Mme Christine Hamen ép. Schmit comme membre de la commission des affaires culturelles.**

**Vote secret: Par 15 voix, M. Jean Weiler est nommé nouveau membre de la commission des affaires culturelles.**

## 2.3.

### Prévisions sociales.

Décision de la commune de Kayl de sortir du syndicat PRO-SUD – décision.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Da komme mer zu enger Décisioun, déi mer haut mussen huelen am Kader vum Syndikat PRO-SUD. Et ass eng Décisioun, déi awer a priori net méi allze vill Wäert wäert huet, well d'Gemeng Kayl gefrot huet, fir aus dem PRO-SUD erauszegoen. Si hunn dat scho méi laang gefrot. Si haten

eis, als PRO-SUD Gemeng, och eng Kéier e Bréif geschéckt mat der Fro, wéi mir dozou géife stoen. Mir hunn du gesot, datt mer eis um Niveau vum PRO-SUD miisste Gedanke maachen, wéi dat da soll virugoen, watfir Aufgaben de PRO-SUD soll hunn. Fir eng Rei Leit vun eis ass et ganz kloer, datt – wann ee wëll aus engem Syndikat auszetrieden – een dat och soll kënne maachen. Et muss een natierlech kucken, wat fir finanziell Repercussiounen dat huet. Well do si jo och Leit engagéiert a wat manner Membersgemengen an de Syndikat abezuelen, wat och d'Fraisen, déi de PRO-SUD huet, op eng manner grouss Zuel vu Gemenge verdeelt muss ginn.

Fir de Moment schéngt dat awer fir eis e manner grousse Problem ze sinn, well nach ëmmer 10 Gemengen an deem PRO-SUD sinn. Mir sinn awer der Meenung, datt – wann no der Gemeng Kayl och nach aner Gemengen aus deem Syndikat erausginn – ee muss kucken, watfir Beräicher de PRO-SUD nach wäert ofdecken. Well wa manner Gemengen am PRO-SUD wäerte sinn, da muss ee kucken ob déi Aufgabeberäicher vum Syndikat nach ëmmer assuréiert kënne ginn.

Selbstverständlech kann een der Meenung sinn, datt d'Gemeng Kayl net soll aus dem PRO-SUD austrieden, fir datt de Syndikat dee Stellewäert, deen en huet, dat heescht representativ ze si fir déi ganz Gemengen aus dem Escher, respektiv dem Käerjenger Kanton. Op där anerer Säit kann een awer och dovunner ausgoen, datt d'Gemengenautonomie soll spillen. A wann d'Gemeng Kayl wëll erausgoen, da soll se och d'Recht hu fir dat kënnen ze maachen.

Natierlech muss ee kucken – wann elo nach aner Gemengen aus dem PRO-SUD géifen austrieden – ob dann d'Daseins-berechtegung vun deem Syndikat nach ginn ass, a Funktioun vun deem Aufgabeberäich, deen en ofdeckt.

Dofir géife mer als Schäfferot emol 3 Méiglechkeeten zum Vote stellen. Déi éischt ass fir einfach ze soen, datt d'Gemeng Kayl net soll aus dem Syndikat erausgoen. Dat ass eng Optioun an et hunn anscheinend och 6 Gemengen dat scho majoritär decidéiert.

Oder mir soen, datt d'Gemeng Kayl kann erausgoen, mä dat huet dann och eventuell en Impakt op aner Syndikater. Wann d'Gemengenautonomie soll spillen, da sollen se och kënnen erausgoen. Mä mir wollten awer hannendrun hänken, datt – wann nach zousätzlech Gemenge géifen austrieden – mer musse kucken, ob den Aufgabeberäich vum PRO-SUD nach assuréiert ass.

Déi drëtt Optioun wier natierlech, datt mer eis géifen enthalen, well et haut kee Wäert méi huet fir driwwer nozedenken, well scho 6 vun 10 Gemengen Neen gesot hunn an et duerch déi ablécklech Gesetzgebung net méi méiglech ass, datt eng Gemeng kann erausgoen.

**Becker Romain (déi gréng):**

Wéi der richteg gesot hutt, sinn et 6 Gemengen, déi bis elo heiriwwer ofgestëmmt hunn. Si hu majoritär driwwer ofgestëmmt, datt d'Gemeng Kayl selbstverständlech fräi ass fir ze maachen an ze loossen, wat se wëll. Dat heescht 6 Gemenge sinn der Meenung, datt – wa Kayl wëll erausgoen – si och hir trëffteg Grënn hunn.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech mengen awer net, datt dat esou ass. 6 Gemengen hunn Neen gesot.

**Becker Romain (déi gréng):**

Richteg, Pardon, ech wollt soen, datt déi Gemengen, déi Jo gesot hunn, der Meenung sinn, datt d'Gemeng Kayl hir trëffteg Grënn huet, firwat se wëllen austrieden. A mir fannen et relativ ondemokratesch, wann eng aner Gemeng wëll verbidden, datt eng Gemeng aus dem Syndikat soll erausgoen.

Esouwäit ech weess, besteet dat Reglement och an anere Syndikater, well mir jo och mussen ofstëmmen, wann Hëpperdang wëll an de SIGI kommen. Dofir denken ech mer, datt déi Décisioun hei méi wäitreechend Repercussiounen huet. Ech huelen un, datt de Legislateur sech wahrscheinlech elo emol Gedanke mécht, wéi dat mat deene Syndikater soll fonctionnéieren. Mir sinn der Meenung, datt mir hei zu Péiteng net sollen deene Kayler draschwätzen. Wa si wëllen erausgoen, da si mir och der Meenung, datt se wahrscheinlech och hir Grënn dofir hunn.

Wann ech richteg informéiert sinn, dann huet dee Käerjenger Buergermeeschter och scho gesot, datt hien drun denkt fir eventuell als Käerjenger Gemeng aus dem PRO-SUD erauszegoen. Et si wahrscheinlech och nach aner Gemengen, déi mat deem Gedanke spillen. A mir fannen op jiddwer Fall, datt et net un enger Péitenger Gemeng soll leien, ob Kayl aus engem Syndikat soll erausgoen oder net. Mir fannen dat relativ diktatoresch an dat geet géint sämtlech Gemengenautonomie.

Et ass jo esou, datt Kayl ofgestrooft ginn ass an datt se mussen am PRO-SUD dra bleiwen. Dat fanne mer natierlech och net glécklech, well wat ass dat da fir eng Plus-value, wann eng Gemeng géint hire Wëllen an engem Gemenge-syndikat muss bleiwen. An do muss ee sech awer emol eng Kéier Gedanke maachen, wéi et virun allem mat deem dote Syndikat – an och mat anere Syndikater – soll weidergoen. Ech ka mech erënneren, datt mer viru Joeren hei zu Péiteng schonn Diskussioune gefouert hunn, well de PRO-SUD der Gemeng Péiteng deemools nach weider keng Plus-value bruecht huet. Dat heescht, de Schäfferot war – mat engem Deel vun de Conseilleren – der Meenung, datt mer als Gemeng Péiteng keen direkten Intressi aus dem PRO-SUD erausgezunn hätten, ausser deemools dee bëllege Pabeier, dee mer iwwer de PRO-SUD geliwwert kruten. An dofir musse mer wierklech eng Grondsazfro stellen, wéi de PRO-SUD sech da soll opbauen a wat e ka fir d'Südgemenge maachen. An net nëmme fir d'Gemeng Esch, Diddeleng an de Site Belval. Ech mengen, de Syndikat miisst sech en anert Aufgabegebitt sichen a e muss selbstverständlech och do si fir all déi aner Südgemengen, déi am Syndikat vertruede sinn.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Mir sinn och der Meenung, datt all Gemeng soll selwer kënnen decidéieren, ob se aus engem Syndikat wëll erausgoen oder net. Et muss een natierlech och wëssen, datt dat och e finanziellen Impakt fir déi aner Gemenge mat sech bréngt. Beim PRO-SUD ass dat sécherlech onwiesentlech, well do nëmme 4 Leit beschäftegt sinn. Mä wann awer eng Gemeng ewéi Péiteng géif muer decidéieren, fir aus dem Syndikat TICE erauszegoen, da miissten déi aner Gemengen déi 1,3 Milliounen Euro vun haut op muer op den Dësch leeën. Well déi Leit, déi den TICE agestallt huet, si Fonctionnairen, an déi kann een net vun haut op muer entloossen. An dat ass sécherlech de Grond, firwat de Legislateur am « règlement grand-ducal » iwwer d'Gemengesyndikater gesot huet, datt – wann eng Gemeng aus engem Syndikat wëll erausgoen – déi aner Gemengen domatter averstane musse sinn. Well et huet jo ganz oft eng Repercussioun op d'Finanze vun deenen anere Gemengen.

An dofir fannen ech schonn, datt et berechtegt ass, datt déi eenzel Gemenge kënne matschwätzen, wuelwëssend datt een natierlech d'Autonomie vun deenen anere Gemenge muss respektéieren.

Dat gesot, soll een an dëser Situatioun net géint de Wëllen déi Gemeng un de PRO-SUD strécken. Well et bréngt effektiv net allze vill, wann eng Gemeng géint hire Wëllen an engem Syndikat festgehale gëtt.

**Becker Romain (déi gréng):**

Dir hutt den TICE elo ugeschwat. Do ass et awer e bëssen aneschters. Well all Gemeng, déi am TICE vertrueden ass, huet jo awer och eng Plus-value dovunner an d'Awunner profitéieren dovunner. Mä beim PRO-SUD ass dat awer aneschters a mer haten eis viru laanger Zäit schonn eng Kéier Gedanken doriwwer gemaach. An de PRO-SUD kann een net mat engem TICE vergläichen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech sinn awer net der Meenung, datt de PRO-SUD e Syndikat ass, dee komplett iwwerflësseg ass. En huet eng Roll ze spillen, och wann et eng aner Roll ass wéi déi, déi en an den 90er Joeren ze spillen hat bei senger Grënnung. Do ass vun deene regionale Pläng rieds gaangen, déi awer haut elo net kommen. Haut sinn et sektoriell Pläng, déi solle kommen. Mä op der anerer Säit positionéiert de Syndikat awer de Süde vis-à-vis zum Rescht vum Land. An et muss ee sech einfach d'Fro stellen, ob et net awer bei deenen 30.000 Euro – bei engem Budget vu 50 Milliounen Euro – déi d'Péitenger Gemeng an dee Syndikat setzt, awer vläicht der Wäert ass. Ech perséinlech sinn der Meenung, datt de PRO-SUD kann eng wichteg Roll spillen an der Positionéierung vum Süde par rapport zum Rescht vum Land. Mir musse vläicht nei Weeër do goen an et leie schonn nei Iddien um Dësch, wou een nach deen een oder aneren Akzent ka setzen.

Déi 30.000 Euro geheien d'Péitenger Gemeng net aus der Bunn. An deen Apport, dee vum PRO-SUD kënnt, kann awer fir eis och vun Intressi sinn. An et ass un eis Membersgemengen, fir deen néidegen Input ze ginn, fir datt de PRO-SUD déi Roll spillt, déi mer gären hätten. An do muss all Membersgemeng eng Hand mat upaken an da kann de PRO-SUD och eng wichteg Roll fir eist Land an och fir eis Gemeng spillen.

**Gonçalves Cátia (LSAP):**

Et sinn elo schonn eng Rei Saache gesot ginn, besonnesch, wat d'Geschicht vum PRO-SUD ugeet. D'Regionalplanung war déi éischt Aufgab. Den Tourismus war och eng Aufgab, déi awer elo vum ORTS iwwerholl ginn ass. Dat heescht, et sinn eng Rei Aufgaben, déi elo net méi aktuell sinn. An natierlech koumen dann och eng Rei aner Aufgaben op de Syndikat duer, déi ech iech dann e bësse méi spéit wäert erklären.

Ech wollt dann e bëssen en Historique maachen a soen, wéini datt dat mat der Kayler Gemeng ugaangen ass. Dat war schonn an enger Sëtzung vum 20. Mäerz 2013, wou si eigentlech an engem Vote gemengt hunn, datt et fir si keng Plus-value méi hätt fir am PRO-SUD Member ze sinn. An do hunn eng Rei vun Demarchen ugefaangen, ënner anerem datt de Syndikat PRO-SUD versicht huet fir mat deenen eenzelne Leit ze schwätzen, well do och offensichtlech e Kommunikatiounsproblem bestanen huet. An dat huet sech esou gesteigert, datt den 19. Dezember 2013 de Gemengerot vu Kayl hiren Austrëtt offiziell an engem Bréif matgedeelt huet. Den 19. Dezember 2013 war eigentlech scho gewosst, datt dat e ganz ongënschtegen Zäitpunkt war, well ebe ganz substantiell Personalännerunge sollten antrieden, nodeems eenzel Buergermeeschteren a PRO-SUD-Memberen an d'Regierung komm sinn. An dofir war et eigentlech e ganz ongënschtegen Zäitpunkt, well u sech alleguerten d'Kaarten hätte sollen nei gemëscht ginn.

Dat huet natierlech de PRO-SUD net dru gehënnert fir nach eng Ronn ze dréinen an nach eng Kéier den Dialog mat de Kayler Kollegen ze sichen. An ech wëll och hei just drun erënneren, datt mir als Péitenger Gemeng net nëmmen am Comité, mä och am Bureau vum PRO-SUD vertruede sinn. Mir haten am Mee eng Sëtzung mat de Kayler Kollegen an dat war e ganz flotten Austausch, wou mer eigentlech gesinn hunn, datt déi Demarche appréciéiert ginn ass. An et war ee sech och eens, datt de PRO-SUD eng Rei vun ursprénglechen Aufgaben net méi hätt, mä datt déi Akzenter, déi deen neie Bureau geluecht hätt, vun Intressi fir d'Gemenge wieren. An d'Kayler Kollegen hunn och eng punktuell Zesummenaarbecht net ausgeschloss. Wou si eise Plang fir 2014 an 2015 gesinn hunn, hu si eigentlech gesot, datt se sech domatter kéinten ufrënnen. Et war e bëssen déi Réunioun vun der leschter Chance an d'Resultat war awer leider, datt si hir Marschrichtung leider net geännert hunn.

Si hunn hiren Austrëttswonsch domatter justifiéiert – an do komme mer op déi Saachen ze schwätzen, déi hei genannt si ginn - , datt fir si am PRO-SUD keng Plus-value méi do wier, well éischtens e Manktem u konkrete Projeten do wier, e Kommunikatiounsproblem – esouwuel intern wéi och extern – bestoe géif an d'Gemeng Kayl och finanziell Schwieregkeeten hätt.

D'Participatioun vun de Gemengen ass 2 Euro pro Awunner an da kënnt der iech jo ausrechnen, wéivill dat fir d'Gemeng Kayl ausmécht, ouni dat elo wëllen ze jugéieren.

Ech wëll och elo net op all eenzelnen Aufgabeberäich vum PRO-SUD agoen, well d'Lëscht ass zimlech laang. Mä ech kann iech awer gären de Rapport 2013 an den Aarbechtsplang fir 2015 ginn. Mä ech wëll awer gären e puer Beispiller nennen, well et wichteg ass a well et beweist, datt awer eppes am Syndikat geschitt. Mir hunn en Observatoire, den alen ORESUD, deen 3 Editioune vun « Indices Sud » erausginn huet, wou ganz vill interessant Statistiken dra sinn. Am Beräich vun der Ëmwelt ass de PRO-SUD immens aktiv, sief et am europäeschen Austausch, sief et bei der Semaine de la mobilité, sief et bei der Energieeffizienz oder och am Zesummebrénge vun den Teamen aus dem Klimapakt. Am Beräich vun der Héichschoul an der Recherche, ass natierlech d'Uni Lëtzebuerg och e wichtege Punkt, an dat och fir eis Südgemenge ronderëm. Well wat bedeit et, wann Dausende Schüler a Personal heihinnerkommen? Dat betrëfft eis jo och. De SUD-TECH, wou och Schoulklasse vum Cycle 1 bis 4 d'Fuerschungswelt entdecken. Integratiouns- a Chancëgläichheetspolitik ass och en Deel, deen nei dobäi komm ass.

An eppes wat immens wichteg ass a wou ech och drop bestanen hunn, datt dat kënnt, ass am Beräich vun den europäesche Fërdergelder. An Zäiten, wou d'Gemengen ëmmer méi knapp bei Kees sinn, ass d'Iwwerleeung komm fir eemol an d'europäesch Fongen zapen ze goen, fir gewësse Projeten an Infrastrukturen hëllefen ze finanzéieren. Mä dofir brauch een e ganz gutt opgestalltenen Dossier an deen ass meeschtens esou kompliéiert ze maachen, datt een eigentlech bal en Expert dofir brauch. An deen Know How stellt de PRO-SUD eigentlech elo zur Verfügung, souzesoen als Ulafstell fir sech kënne beroden ze loossen a gegebenefalls och ze hëllefen, den Dossier opzestellen. An dat kënnen zum Beispill Projete sinn aus de Beräicher Sport, Kultur oder Sozialem. Do sinn déi europäesch Fongen zimlech oppen. Et muss ee just kucken, fir dee richtegen Dossier eranzeginn an esou kënnen dovunner ze profitéieren.

Dann ass de PRO-SUD och do, fir d'Südregioun ze promovéieren a fir d'Intressie vun der Südregioun no baussen ze positionéieren, besonnesch wat déi sektoriell Pläng ugeet. An ech erënneren drun, datt d'Gemenge virun

net allze laanger Zäit invitéiert gi si fir un enger Sëtzung mam Minister Bausch a mam Staatssekretär Gira deelzehuelen. Si waren och do an si hu sech Zäit geholl fir während 3 Stonne mat eis ze schwätzen an och eis Iwwerleeunge mat op de Wee ze huelen. An ech muss och soen, datt dat wierklech ganz flott war. Mä leider waren net vill Leit do. A wa schonn 2 Leit aus der Regierung de Wee maache fir heihinner ze kommen a fir mat de gewielte Leit ze schwätzen, da mengen ech, muss een dat och honoréieren. A si huelen eis och als Uspriechpartner, wat de Suivi vun de sektorielle Pläng ugeet.

Dir gesitt, datt d'Aktivitéiten no baussen elo vläicht kee groussen Undrang fannen, net wéi bei engem TICE, deen een ëmmer gesäit ronderëmfueren. Well d'Aktivitéite lafen op engem Niveau, wou entweder Beamten oder politesch Responsabel dra sinn an déi esou technesch sinn, datt dat net onbedéngt mat ville Fotoen a « Bling-Bling » ze verkafen ass. An dozou soll een och stoen. Well et ass net, well een et net gesäit, datt et net do ass oder dass et keng Resultater bréngt. An ech sinn a bleiwen dovunner iwwerzeegt, datt dëst dee richtege Wee ass, fir manner no eisem eegenen Nuebel ze kucken a verstäerkt d'Südregioun no vir ze bréngen. An deem Sënn ass et fir mech immens bedauerlech, datt eng Gemeng Kayl sech entsolidariséiert a schlëmmer nach, domatter dréit fir juristesch Schrëtt ze ënnerhuelen. Mä géint wien, dat froen ech mech haut nach. A bei enger Contributioun, déi wahrscheinlech ëm déi 12.000 Euro läit, freet ee sech, ob den Affekot duerno net méi deier kascht wéi dee Bäitrag un de PRO-SUD.

Ech wëll awer och ganz kloer betounen, datt hei de Prinzip vun der Gemengenautonomie ze respektéieren ass. An dat wëll ech ganz kloer och net a Fro stellen. Mä ech woen trotzdem d'Credibilitéit vun enger Kayler Gemeng a Fro ze stellen, déi e Gemengesyndikat, an deem se dran ass, op der ëffentlecher Plaz kritiséiert an a Fro stellt, a selwer zanter 2011 a ganzer 5 vun 21 Sëtzungen deelgeholl huet. Et ass sécherlech elo keng Fro vu guddem oder schlechtem Schüler, deen d'Schoulbänk dréckt, mä dës Situatioun stellt eigentlech déi méi breet Fro an déi méi fundamental Fro vun der Fragilitéit vun de Gemengesyndikater. Well wat geschitt, wann e grousse Patrimoine do ass, dee mat der austriedender Gemeng soll fortgoen? Wat geschitt mat deene Leit, déi an engem Syndikat schaffen? Wien dréit d'Käschten, wann eng oder méi Gemengen e Syndikat verloossen? Dat si Prinzipiefroen, déi ee sech muss stellen.

Nichts desto trotzt ass et elo virun allem wichteg, datt de PRO-SUD, zesumme mat deene Beamten, déi do schaffen, erëm Synergië mat der Kayler Gemeng opbaue kënnen, fir engersäits eng geografesch Kohärenz ze behalen an anerersäits déi nei Aufgaben, déi mir eis ginn hunn a wou mer momentan am gaange si fir eng nei Konventioun mam Ministère auszeschaffen, fir déi dann an de Mëttelpunkt ze réckelen.

Et ass keng einfach Décisioun, déi hei ze huelen ass. Natierlech gëtt et d'Argument vun der Gemengenautonomie. Op där aner Säit gëtt et « liberté d'entreprendre ». Mä dat kënnt awer och mat Responsabilitéiten. An ech weess net, ob d'Kayler Gemeng hir Responsabilitéiten do wierklech erfëllt huet. Mä ech hoffen, datt mer wierklech op ee gréngen Zweig kommen. Well, wéi gesot, mir ware bei hinnen a si soten eis, datt se sech kéinten ufrënne mat dem Programm vum PRO-SUD. Et ass schued, datt dat elo esou gaangen ass an dofir ass vläicht elo en neie Moment komm, fir datt mer op e gréngen Zweig kommen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

D'Madame Gonçalves huet als Vertrieder vum PRO-SUD d'Positioun duergeluecht an elo geet et drëm, fir zu dësem Punkt ofzestëmmen. Fir mech ginn et u sech e puer Varianten. Déi eng Variante ass déi, fir ze refuséieren, datt d'Gemeng Kayl dierf austrieden. Déi aner Variante ass, fir ze autoriséieren. Mä do géif ech awer ganz gären d'Konditioun hannendrun hänken, datt mer d'Gemengenautonomie vun der Kayler Gemeng respektéieren, mä mir mussen awer a Fro stellen, datt – wann elo nach weider Gemengen aus dem Syndikat erausginn – mir eis effektiv eng Kéier Gedanke musse maachen iwwer d'Zukunft vun dësem Syndikat PRO-SUD. An déi lescht Variante wier, datt ee sech einfach géif enthalen.

**Par onze voix pour et cinq abstentions il est décidé d'autoriser la Commune de Kayl de se retirer du syndicat PRO-SUD, tout en annonçant que pour le cas où d'autres communes envisagent de se retirer du syndicat, les communes membres doivent se prononcer sur l'avenir du syndicat intercommunal PRO-SUD.**

## 3.1.

### Personnel communal.

Création d'un poste d'artisan (m/f) pour les besoins du service du réseau d'eau potable – décision.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Ech hat scho bei de Budgetsdiskussiounen ugekënnegt, datt mer am Waasserbetrib eng aner Iwwerleeung féieren. Déi Iwwerleeungen, déi bis elo gelaf sinn, goungen op d'Joer 2007 zeréck. A mir waren der Meenung, datt mer vill privat Firmaen um Maart géife fannen, déi eis Waasserleitunge géife leeën an och d'Haususchlëss géife maachen. Dat huet och 2 Joer gutt fonctionnéiert. Du sinn déi Firmaen awer zesummegebrach well se awer déi « main d'oeuvre technique » net hunn. Mir hunn erëm eng Kéier selwer missten mat eisem Waasserbetrib an de Gruef goen an d'Waasserleitunge kontrolléieren, leeën an d'Haususchhlëss maachen.

Et huet ee festgestallt, datt an deene leschte Joeren 3 Leit vun deene 6, déi de Moment am Waasserbetrib sinn, iwwer 50 Joer al si ginn. Een dovunner ass duerch gesondheetlech Problemer net méi an der Lag am Gruef matzeschaffen. Esou datt mer Problemer kréie fir dee Rhythmus bei den Aarbechte bäizebehalen. Dofir wollte mer proposéieren, fir e weideren Handwierker am Waasserbetrib anzestellen.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Geet et mat engem zousätzleche Mann duer? Well et sinn der jo 3 iwwer 50 Joer al, esou datt déi och am Fall wieren, datt se net méi esouvill kéinte schaffen. Esou datt een eventuell kéint d'Equipe mat 2 Leit verstäerken, well da géifen se besser do stoen. A wann emol een am Congé ass oder krank wier, dann hätten se nach ëmmer eng komplett Equipe.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Mir haten an der Lescht ëmmer nëmmen e Sous-chef an deem Betrib a mir hunn elo emol erëm eng Persoun mat Meeschterprüfung als Chef dohinner gesat. Dat ass jo schonn emol eng Verstäerkung, och wann déi Persoun vläicht net esouvill am Gruef mat schafft. Mir kréien elo en zousätzlechen Aarbechter dobäi.

Déi gutt finanziell Situatioun am ordinäre Budget ass doduerch bedéngt, datt mer net ëmmer iwwerméisseg astellen, mä ëmmer kucke fir do ze verstäerke wou et och wierklech noutwenneg ass. Deen zousätzlechen Aarbechter hei geet duer, fir déi Aufgaben ze maachen. Wa sech

d'Situatioun awer géif grondleeënd änneren, da wäerte mer och erëm reagéieren, esou wéi mer dat och elo hei maachen.

**Accord à l'unanimité.**

## 3.2.

### Personnel communal.

Augmentation de la tâche d'un poste d'ouvrier de nettoyage (m/f) – décision.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Am Kontext mat de Conventiounen, déi mer virgesinn hu fir mat de Fussballveräiner ze maachen, wollte mer eemol an der Woch op d'Plaz goe fir d'Sportsinstallatiounen am Fong ze botzen. Déi Installatioune si jo u sech och eis Visitëkaart. Do kommen Equipen aus dem ganze Land dohinner. Et gouf eng Synthèse vun der Aarbecht gemaach, déi do géif ufalen an et gouf festgestallt, datt dat eng Tâche vun 10 Stonne pro Woch wier. Dofir wollte mer proposéieren, fir enger Persoun déi 10 Stonne bäizeginn an där hir Tâche vun 20 Stonnen op 30 Stonnen ze hiewen.

**Polfer John (CSV):**

Hei ass elo ganz séier eppes ënnerholl ginn, well ech si jo keen esou ee grousse Fussballsunhänger an doduerch och net ëmmer op den Terrainen doheem sinn. Mä ech war elo viru 14 Deeg op deem Péitenger Terrain an do huet déi géigneresch Equipe sech iwwer den Zoustand vun den Installatioune beschwéiert a gefrot, op mer keen Héichdrock-rengeger hätte fir ze botzen. Dat huet kee gudden Androck gemaach. An ech sinn ëmsou méi frou ze héieren, datt eng Konventioun mat de Veräiner gemaach gëtt an datt dann elo ee sech soll drëm këmmeren, datt d'Vestiairen emol mat engem Botzmëttel gebotzt ginn an net nëmme mam Waasserschlauch ofgeschwenkt ginn. Dofir fannen ech dat hei eng gutt Saach a mir sti sécherlech, no baussen hin, besser do.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dat ass komplett richteg. A bei de Veräiner fënnt ee kee méi, deen dat dote mécht an dofir solle mer och eis eegen Installatiounen an der Rei halen.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Den Här Polfer huet mer schonn e bësse meng Wierder aus dem Mond gezunn. Fréier waren nach Benevoler do, déi den Terrain ënnerhalen hunn an och d'Installatiounen an d'Alentoure vum Terrain gebotzt hunn. Haut fënnt ee kee méi, deen dat mécht, an d'Situatioun ass extrem schlëmm. Dofir fannen ech et gutt, datt d'Tâche vun enger Persoun elo ëm 10 Stonne gehuewe gëtt a si sech dann ëm déi Aarbechte këmmert.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Ech wëll awer nach kloer präziséieren, datt mir elo net d'Alentoure propper halen. Mat deenen 10 Stonnen ass de Sanitär viséiert an dat si mer de Sportler och schëlleg.

Zu Rodange sinn d'Vestiairen an der Sportshal an déi gi vun eise Leit matgebotzt. Aner Veräiner si souwisou an der Sportshal an déi fannen ëmmer propper Konditioune vir. An dofir wollte mer elo emol op deen heite Wee goen, fir datt déi aner Fussballveräiner och propper Sanitäranlage virfannen.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Ech hat verstanen, datt et och fir d'Vestiairë wier. Et sinn ongeféier 3 Stonne pro Woch pro Terrain, wat u sech net vill ass, mä et ass awer en Ufank.

Mä d'Spiller missten och emol Respekt hunn. Well wann d'Installatiounen e bësse méi respektéiert géife ginn, da wier et och méi einfach fir déi Leit, déi do solle botzen.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Ech wëll awer nach kloer betounen, datt mer eemol an der Woch am Fong botze ginn. Mir sinn och net do fir de Veräiner hiren Dreck ewechzemaachen. A wa mir fannen, datt mer zevill Dreck virfannen, da wäerte mer dat och a Rechnung stellen.

**Accord à l'unanimité.**

## 4.1.

### Prévisions sociales.

Budget rectifié de l'exercice 2014 et budget de l'exercice 2015 de l'office social – approbation.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Well mer hei am Sall Leit sëtzen hunn, déi am Gremium vum Office social dra sinn, ënner anerem och de President, den Här Polfer, wollt ech him d'Wuert gi fir dee Budget, dee jo awer elo schonn op 2 Milliounen Euro kënnt, virzestellen.

**Polfer John (CSV):**

Eisen Office social, eng Noutwennegkeet?

Jo, well vu Joer zu Joer hëlt d'Zuel vun de Leit an eiser Gemeng, déi mat dem Existenzminimum mussen auskommen, zou. Ech mierken och, datt et der ëmmer méi ginn, déi iwwerhaapt keen Akommes hunn, an dat fannen ech ganz schlëmm, wann do och nach Leit mat klenge Kanner derbäi sinn.

Déi Problemer huelen awer am ganze Land zou. Mir hunn eng Gesetzgebung, déi eis obligéiert, deene Leit ze hëllefen.

Zum Budget 2015:

Wa mer d'Ausgabe vum Budget rectifié 2014 (1.964.864 Euro) mat den Ausgabe vum Budget 2015 (2.082.888 Euro) vergläichen, dann hu mer fir 2015 e Plus vun 118.024 Euro. Dozou ze soen ass, datt mer 2 Persoune mat hallwer Tâche agestallt hunn an datt dat méi Käschte bedeit.

Suerge maache mer eis awer iwwer déi « avances remboursables et récupérables », déi an de Recetten an och an den Dépensë stinn. Datt se an de Recettë stinn, dat hätt den Inneministère gären, an de SIGI-Programm mécht dat automatesch. Ech hu mer soe gelooss, datt et esouguer Offices sociauxe gëtt, déi kee « secours remboursable » a « récupérable » méi ginn. Dat bedeit manner Aarbecht, mä de Stat an d'Gemeng bezuele jiddereen d'Halschent.

Mir sinn awer der Meenung, datt mer et net sollen esou maachen, well wann d'Leit dat spatz kréien, da kënnt der iech jo de Rescht denken.

Dofir hei eng kleng Iwwersiicht: 2011 hate mer 188.921 Euro zeréckzekréien. 2012 hu mer 385.107 Euro bezuelt, plus déi 188.921 Euro vum Joer virdrun, wat da 574.028 Euro mécht. Mir hunn awer 2011 an 2012 265.725 Euro erëmbezuelt kritt. Da bleift nach e Sold erëmzekréie vun 308.303 Euro.

2013 hu mer 437.171 Euro bezuelt, plus de Sold vum Joer virdru vun 308.303 Euro. Dat mécht 745.474 Euro. Mir hunn 265.297 Euro zeréckbezuelt kritt, esou datt nach erëm eng Kéier 480.177 Euro bleiwen, déi mer nach zeréckzekréien hunn.

2014 hu mer 452.253 Euro bezuelt, plus déi 480.177 Euro, wat am Ganzen 932.430 Euro ausmécht. Erëm kritt hu mer

178.580 Euro, esou datt mer elo e Sold vu 735.850 Euro zeréckzekréien hunn. A genee dee Chiffer huet och eise Receveur.

Dir gesitt, datt mer déi geléinte Suen net esou séier erëmkréien, well d'Leit a klenge Mensualitéiten oder guer net zeréckbezuelen.

Mir sollen drun denken, fir méi streng ze ginn a méi Rappeller ze verschécken. Mat engem Programm vum SIGI miisst dat jo net esou komplizéiert sinn.

Dofir musse mer oppassen an drun denken, datt déi Zomm, déi mer do als Recette a Benefice stoen hunn, nëmme « virtuell » ass. Wéi schonns gesot, ass dat vum Inneministère esou gewënscht.

Vun der Gemeng si fir 2015 als Recette 429.670 Euro virgesinn an dee selwechte Betrag kréie mer och vun der MIFA. 133.500 Euro, dat ass fir 2015 dee selwechte Betrag wéi fir 2014, si vun der Gemeng virgesinn, déi sech zu 100% un deenen Ausgabe bedeelegt. Et ass dat « secours aides au logement », dat heescht, et si Suen, déi virgesi si fir Erneierunge vun de Logementer, déi mer hunn, mä déi awer bis elo nach net gebraucht sinn, well mer bis elo Sue vun der Oeuvre Grande-Duchesse Charlotte geholl hunn. Ech kommen nach op déi Zuelen ze schwätzen.

2.000 Euro fir « aides humanitaires urgentes » ginn zu 100% vun der MIFA bezuelt.

An de Recettë vum Budget rectifié 2014 steet eng Zomm vun 209.238 Euro als Don vun der Oeuvre Grande-Duchesse Charlotte. 2013 hate mer 50.000 Euro am Budget stoen, mä mir hunn awer 415.835 Euro kritt. Am Budget 2015 stinn elo 100.000 Euro, well déi Recette ass wéi eng Lotterie. Mä ech soen awer der Oeuvre Grande-Duchesse Charlotte Merci fir déi Ënnerstëtzung. Déi Sue si jo bestëmmt fir d'Erneierung vun de soziale Wunnengen. Mir hu bis elo 88.045 Euro a Kichen, Buedzëmmer an Ustrach investéiert. Et stinn awer nach Rechnungen op, well Aarbechten nach net fäerdeg sinn.

Als eng « réception de fonds » (bénéficiaires sous gestion) hate mer 2014 297.906 Euro a fir 2015 370.000 Euro virgesinn. Do mécht den Office social d'Gestioun mat de Leit hire Suen a bezilt hir Rechnungen, well déi Leit Problemer hu mam Geld ëmzegoen.

Dës Zomm vun 370.000 Euro fanne mer awer och an den Ausgaben erëm. Hei huet den Office social sech eng Aarbecht zougeluecht, déi och ëmmer méi zouhëlt, an awer deene Leit hëlleft aus hire Problemer erauszekommen, ënner der Konditioun, datt se och gutt mat kollaboréieren. De Moment sti 15 Leit ënnert där Gestioun an den Office social huet bis elo 1.048 Rechnunge vun hinne bezuelt.

Am aussergewéinleche Budget ass eng Recette an och eng Ausgab vun 2.515 Euro ze fannen. Dat gëtt « fond de roulement » genannt. Deen ännert vu Joer zu Joer. Et sinn dat 5 Euro pro neien Awunner, deen an der Gemeng bäikënnt.

D'Ausgabe vum Conseil d'administration sti mat 18.800 Euro am Budget. Aner Ausgaben, wéi d'Salairen, déi mer der Gemeng erëmbezuelen a wou d'MIFA d'Halschent bezilt, si mat 185.975 Euro fir dat administrativt Personal am mat 484.000 Euro fir dat anert Personal agedroen.

Dofir loosse mer eis net verblenne mat deem ausgewisene Boni am Budget, well do stinn déi Suen dran, déi nach ausstinn, esou wéi och déi Suen, déi mer vun der Oeuvre Grande-Duchesse Charlotte kritt hunn an déi net fir Hëllefe geduecht sinn. A well mer ëmmer méi séier bezuelen wéi mer Suen erëm kréien, gëtt et och ëmmer méi enk.

Ech weisen och drop hin, datt mer 2014 fir 292 « secours urgents » 225.398 Euro ginn hunn. Hei intervenéieren eis Assistantes socialen direkt do, wou dréngend Hëllef gebraucht gëtt, an dat no Récksprooch mam President vum Office social. Den Office social vun der Stad Lëtzebuerg, mat hire Presidentin, der Madame Flesch, mécht dat genee esou.

Nach zur Informatioun: De Conseil d'administration ass 14 mol zesummekomm. Mir hate bis elo 310 Ufroen, wouvunner der 273 accordéiert an der 37 refuséiert gi sinn. Hei gesitt der, datt et net einfach ass, fir déi Ufroen ze analyséieren, ze genehmegen oder ze refuséieren.

Da wëll ech vun dëser Plaz aus och all mengen Assistantes socialen, dem Gemengesekretär, der administrativer Sekretärin an hirem neie Mataarbechter, esou wéi dem Conseil administratif, Merci soe fir déi gutt Aarbecht, déi si fir d'Matbierger aus der Gemeng maachen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech soen dem Här Polfer Merci an ech géif och soen, datt mer eis als Gemengerot deem ralliéieren an dem Conseil d'administration mat hiren 11 Leit, déi do dra sinn, e grousse Merci ausspriechen. Si hunn eng ganz wichteg Roll ze spillen, an eng Roll, déi an deenen nächste Joeren nach ëmmer méi grouss wäert ginn. Och wëlle mer eis deem uschléissen, wat den Här Polfer gesot huet, an den Assistantes socialen, dem Sekretariat an der Administratioun, déi do schaffen, e grousse Merci soen. De Volume vun deenen Aufgabe gëtt net méi kleng, ganz am Géigendeel, e gëtt ëmmer méi grouss. An dofir ass et och gutt, datt se vu Mëtt 2015 un nei Raimlechkeeten hunn, an deenen se hir Aarbecht nach ënner bessere Konditioune kënne maachen. Well an der Tëschenzäit sinn déi Raimlechkeeten, an deenen se de Moment nach sëtzen, ze kleng.

Ech géif awer och dovunner profitéieren, fir Merci ze soe fir déi Aufgab, déi se iwwerhuelen am Kader vun eise soziale Wunnengen. Och do wäerte mer wahrscheinlech als Gemeng mussen an Zukunft nach méi dran investéieren. Well et ginn ëmmer méi Leit, déi – besonnesch wat de Logement ubelaangt – Schwieregkeeten hu fir eng Plaz ze fannen, wou se kënne wunnen. Dir geréiert net eleng d'Wunnenge vun der Gemeng Péiteng, mä och doriwwer eraus gitt der d'Avise fir de Fonds du Logement vun deene Wunnengen, déi hei um Site sinn. Och dofir e ganz grousse Merci. An ech ginn dem Här Polfer an dem Conseil d'administration komplett Recht, datt se sech dee Sold vu 700.000 Euro halen, dee Boni définitif um Enn vum Joer 2015. Well deen ass blutt noutwenneg, wa se net wëllen Tresoriesproblemer kréien, well effektiv – mat deene « prêts remboursables » vu 750.000 Euro, déi opstinn – gëtt dat sécherlech an Zukunft ëmmer méi schwiereg. An et muss ee kucken, datt een op mannst e Boni huet an där Héicht, wou een där « prêts remboursables » huet. Anerefalls wäert een eng Kéier an Enkpäss kommen. Ech mengen och de Fait, datt mir als Gemeng d'Peie virbezuelen an eis um Enn vum Joer déi Ofrechnunge maachen, hëlleft och - wat d'Tresorie ubelaangt – dem Office social wiesentlech, fir net an Enkpäss ze kommen. A sollt eng Noutwennegkeet bestoen, da wäerte mer als Gemeng och ganz gären e Virschoss maachen, fir datt den Office social senger wichteger Aufgab am Intressi vun eise Bierger kann nokommen.

**Brecht Guy (LSAP):**

Et ass effektiv esou, wéi den Här Polfer elo gesot huet. Dir kënnt iech effektiv net virstellen, watfir een Aarmut mir hei an eiser Gemeng hunn. An ech ka mer och virstellen, datt et op ville Plazen hei am Land ähnlech Situatioune gëtt. Mä et dierf een awer och net vergiessen, datt mir ee vun deene

performantesten Office socialen hei am Land hunn. Bei aneren Office sociale waart een emol fir d'éischt op ee Rendez-vous an da kënnen d'Leit eréischt dohinner goen. Mä hei kënnen d'Leit effektiv zu all Stonn an zu all Zäit bei d'Assistantes sociale goen.

Ech wëll elo net dem Här Polfer draschwätzen, mä ech wollt e klengen Zousaz dozou ginn. Mir kucken effektiv vu Fall zu Fall. Do si Leit, déi emol onschëlleg an esou Situatiounen erageroden. Et sinn awer och Leit, déi gären an duerch hir eege Schold an esou Situatioune geroden. An dann hu se nach ëmmer d'Méiglechkeet, fir op de « Surendettement » ze goen. Mä dat sinn déi « Mühlen mahlen langsam » an do geet et och ganz lues bei deem « Surendettement » an d'Leit waarde ganz laang ier se Bescheed gesot kréien.

Et sinn effektiv hei am Land verschidden Institutiounen, déi lues schaffen, wéi zum Beispill d'Justiz, wou elengstoend Mamme ganz laang op d'Alimenter, déi se fir d'Kanner zegutt hunn, musse waarden. An da geroden se selbstverständlech an esou Situatiounen. Mä, wéi gesot, fir et nach eng Kéier ze resuméieren, mir hunn e ganz performanten Office social hei zu Péiteng.

A well dat Gesetz elo vläicht kënnt, wat jo an der Chamber ugekënnegt ginn ass, a wou et keng Gebuertenënnerstëtzung méi soll ginn, esou hoffen ech, datt mer net nach méi Fäll kréien. Well et si ganz vill Familien, déi effektiv nëmme méi vum Kannergeld liewen. An ech hoffen, datt dat net op eis duerkënnt.

**Gonçalves Cátia (LSAP):**

Ech wollt eigentlech eng Fro stellen. Den Office social, ausserhalb vum Traitement vun deene Fäll, huet jo och Partnerschaften, déi e fleegt mat gewëssenen ASBLen a wou en och kuckt, fir mat verschiddene Communautéiten eng Hëllefstellung ze kréien. Wéi gesäit et do aus?

**Polfer John (CSV):**

Eis Assistantes sociale schaffen zum Beispill mat der « Main tendue » zesummen, oder och mam Jugendhaus a mam SNJ. Si versichen iwwer dee Wee och verschidde Leit aus hirem Misär erauszehuelen.

D'Agence immobiliaire sociale aus dem Kordall ass och eng Méiglechkeet, fir datt mannerbemëttelt Familljen en Daach iwwer dem Kapp fannen.

Da wëll ech och nach zu der Luesheet vun den Institutioune soen, datt dat wierklech allerhand ass. Mir hate virun e puer Joer eng Famill, déi an enger Wunneng vum Fonds du Logement wunnt an déi just e puer honnert Euro u Loyer pro Mount ze bezuelen haten. Si hunn awer kee Loyer méi bezuelt, esou datt 7.000 Euro opstoungen. Si sinn elo erëmkomm, an elo sti schonn 9.000 Euro op. Mä de Fonds du Logement huet awer net reagéiert, bis elo. An elo – bei deenen 9.000 Euro – reagéiert de Fonds du Logement op eemol a wëll déi Famill vun haut op muer eraussetzen. Wat mécht een dann do? An dat sinn da Saachen, wou muss duerno gekuckt ginn. Mir kënnen dann och net déi Leit einfach op d'Strooss setzen, an datt de Huissier da kënnt. Déi hunn da 5 oder 6 Kanner an déi géifen dann op der Strooss sëtzen. An dann hues de iwwermuer de Marc Thoma mam « Den Nol op de Kapp » op der Plaz. Mir musse kucken, fir mam Fonds du Logement en Accord ze fannen, an datt mir dat erëm zum Deel iwwerhuelen. Déi Famille si bekannt an dat ass esou.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech géif och an deem Kontext soen, datt ee soll déi Partner fleegen. An eisem Budget steet jo och dran, datt mer wëllen deen Cent-Buttek ënnerstëtzen. Mir wëllen de Loyer bezuelen an esou een Cent-Buttek am Laf vun 2015 opmaachen. Och iwwer dee Wee kënnen d'Leit dann zu ganz gënschtege Konditiounen eng gutt Qualitéit vun Iesswuere kréien. An dat si weider Institutiounen, déi mer um Site vun der Gemeng Péiteng schafen. Mir hu schonn eng « épicerie solidaire », déi zwar nëmme « produits du terroir » huelen an Uebst a Geméis huelen, déi mir och uplanzen. Mä mam Cent-Buttek schafe mer eng zousätzlech Offer, an och dat wäert dozou bäidroen, datt verschidde Leit vun enger supplementarer Hëllef kënne profitéieren. Well et ass och net ëmmer einfach fir eis Assistantes socialen, fir déi Pisten ze fannen, wou et nach méiglech ass fir Hëllef ze kréien. Well och déi sinn heiansdo un de Grenze vun hire Méiglechkeeten ukomm.

Och wann een de CIGL an de ProAktif kuckt, da sinn dat och Hëllefe fir Leit, déi ouni hiert Verschëlden an de Chômage gefall sinn. Gëschter hu mer nach e Mann verabschid, deen 30 Joer an enger Firma geschafft huet, déi hir Aktivitéiten agestallt huet. Dee Mann war vun haut op muer ouni Aarbecht an deen huet d'Chance gehat, fir am CIGL eng Plaz ze fannen. Dat sinn och Saachen, déi enger Gemeng gutt zu Gesiicht stinn, wa se esou Méiglechkeete schaaft. Si kann natierlech net jiddereen ophuelen an och net jidderengem eng Léisung ginn. Mä mir hunn awer eng Rei vu Méiglechkeeten, déi mer als Gemeng kënne bidden. Wann d'Zuel vun de Leit awer ëmmer méi grouss gëtt, da stousse mer awer och un eis Grenzen. An et sinn och sécherlech Leit dobäi – esou wéi den Här Brecht gesot huet - , déi sech och net hëllefe loosse wëllen. An dat mécht d'Aarbecht vun engem Office social net méi einfach, wann ee sech net wëll hëllefe loossen. Mä dat sinn awer déi allermannst.

**Accord à l'unanimité.**

## 4.2.

### Affaires sociales.

Convention avec « BDK.LU » pour l'organisation des activités de loisirs pour l'année 2015 – approbation.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Zanter enger Rei vu Joere verabschide mer hei am Gemengerot ëmmer erëm eng Konventioun mat « BDK ». Déi Konventioun leeft ëmmer vu Joer zu Joer an déi Konventioun, déi mer haut virleien hunn, soll den 1. Februar 2015 ufänken a si geet dann erëm bis de 15. September 2015.

« BDK » ass eng Associatioun, déi bei eis an der Gemeng Aktivitéiten organiséiert während de Schoulvakanzen, wou mir keng Vakanzaktioun lafen hunn. Dat ass haaptsächlech während der Fuesvakanz, Ouschteren a während der grousser Vakanz, wann eis Aktivitéiten eriwwer sinn.

Mir stellen « BDK » eis Halen esou wéi och ee Fussballsterrain zur Verfügung. Si këmmere sech mat Educateuren an Educatricen, déi och Lëtzebuergesch schwätzen, ëm de Programm. Si ginn indemniséiert no eisem Lëtzebuerger Gesetz. Si bekëmmeren sech dann ëm d'Kanner an dat haaptsächlech vu mueres 9 Auer bis nomëttes 16.30 Auer. Eng Garderie fonctionnéiert och mueres vun 8 bis 9 Auer an nomëttes vun 16.30 bis 18 Auer. D'Aktivitéiten, déi ugebuede ginn, sinn esouwuel sportlecher wéi kultureller Natur.

Fir déi Kanner, déi bei eis an der Gemeng wunnen, kascht et 60 Euro d'Woch a fir Kanner, déi vun auswäerts kommen, kascht et 80 Euro d'Woch.

Et ass dëst eng ganz flott Saach, déi och bis elo ganz gutt iwwer d'Bühn gaangen ass. Mir hate bis elo nach keng Problemer, esou datt ech de Gemengerot géif bieden, fir déi heite Konventioun erëm guttzeheeschen an esou déi Leit och erëm hir Aktivitéite kënnen organiséieren.

**Gira Carlo (CSV):**

Ginn et Zuelen, wéivill Kanner un deenen Aktivitéiten deelhuelen?

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Dat variéiert vu Vakanz zu Vakanz. An der Fuesvakanz hu se net grad esouvill Kanner. Fir Ouschteren hu se ëmmer déi meeschte Kanner. Et sinn dat esou tëscht 50 a 70 Kanner an der Woch. Och an der grousser Vakanz hu se esouvill Kanner. Si hu just gesot, datt et vum 1. bis de 15. September ëmmer ganz moer ass.

**Gira Carlo (CSV):**

Et muss een och feststellen, datt déi Präisser, déi pro Woch gefrot ginn, relativ sozial sinn. An heimatter bidde mer awer e Service un, vun deem jidderee ka profitéieren.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Dat ass richteg. Et muss ee jo och bedenken, datt – wann déi Kanner do dee ganzen Dag betreit ginn – si jo och nach e Mëttegiesse kréien, wat jo och am Präis mat dran ass.

**Approbation à l'unanimité.**

## 4.3.

### Propriétés.

Contrat de bail avec Mme Schartz-Guidi Dina pour la location d'un logement communal sis à Lamadelaine, Grousswiss n° 17 – approbation.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Den Office social huet eis eng Propose gemaach fir eng Sozialwunneng zu Lamadelaine op der Nummer 17 an der Grousswiss un eng Persoun mat Kanner ze verlounen. Déi Wunneng besteet aus enger Kichen, engem Living, 2 Kummeren, engem Buedzëmmer, enger separater Toilette an engem Keller. De Loyer gouf vum Office social festgeluecht an dat am Kader vun de Méiglechkeeten, déi bei där Famill bestinn. De Loyer ass awer relativ héich an dee soll vum Januar 2015 ulafen a géif sech op 890 Euro de Mount belafen.

**Thein Joe (adr):**

Dat dote wäert d'adr selbstverständlech matstëmmen. Mä an deem Kontext hätt ech awer eng Fro, näämlech ass eng Madame u mech erugetrueden, déi Problemer an deem dote Kontext huet. Näämlech bezilt déi Madame eng Garage zu Péiteng fir 115 Euro. Et ass eng extern Garage. A si selwer wunnt awer an enger Sozialwunneng hei zu Lamadelaine. Elo ass de Problem, datt déi Garage un eng privat Persoun verlount ginn ass. Ech sinn awer der Meenung, datt déi Sozialwunnengen inklusiv de Garagen och fir den Zweck vu sozialer Solidaritéit soll gëllen a fir déi Leit exklusiv accordéiert solle ginn. Dofir meng Fro, wat et domatter op sech huet, respektiv wéi do genee déi Critèren ausgeluecht sinn?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Et ass esou, datt an deem Fall, deen hei opgezeechent gëtt, déi Madame och bei mir war. Effektiv ass dee Garage, dee si ugeschwat huet, un e Privatmann verlount ginn. Firwat ass dee Garage un dee Privatmann, deen an der Géigend wunnt, verlount ginn? Et war zu deem Zäitpunkt keng Nofro vun deene Leit do, déi an deene Sozialwunnenge gewunnt hunn. Dir musst wëssen, datt déi Haiser virdru quasi exklusiv duerch eeler Leit bewunnt waren a se net alleguerten en Auto haten. Et war also keen drun interesséiert fir e Garage ze lounen, wann en se net gebraucht huet. An déi Garage stoung eidel a gouf dann do un eng Persoun verlount, déi an der Noperschaft wunnt. Ech hunn de Contrat de bail, dee mer mat där Persoun gemaach hunn, um Dësch leien an ech wäert mat deem Mann schwätze fir ze kucken, a wéi fern et méiglech ass fir dee Kontrakt opzeléisen. An da kënne mer eventuell driwwer nodenken, fir dëser Madame dee Garage ze verlounen. Et muss een awer och verstoen, datt mer net esou einfach e Contrat de bail vun haut op muer kënnen opléisen. Mir mussen do och déi néideg kontraktuell Konditioune respektéieren. Op där anerer Säit musse mer och déi Leit respektéieren, well se sech jo och mussen no enger anerer Léisung ëmkucken. An ech hu mer virgeholl, fir Uganks 2015 mat där Famill ze schwätzen, fir dann do eng Léisung ze fannen déi jiddereen zefridde stellt.

**Thein Joe (adr):**

Ech si frou dat ze héieren an ech ginn Iech do komplett Recht, datt mer elo enger privater Persoun, déi di Garage do zur Verfügung gestallt krut, de Kontrakt net kënnen annuléieren. Mä, wéi gesot, ech wier einfach frou wann déi Madame d'Méiglechkeet hätt – wann déi Garage fräi géif ginn – datt si da prioritär déi Garage kéint kréien.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dat hunn ech der Madame zougesot.

**Approbation à l'unanimité.**

## 4.4.

### Affaires sociales.

Projet concernant la construction d'un chalet scouts à Rodange, lieu-dit « Um Duel » et approbation de la convention afférente avec l'Association « Amicale vun den aalen Rodanger Guiden a Scouten » - décision.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Dat hei ass een Dossier, dee scho méi laang am Gespréich ass. Wann de Gemengerot haut averstanen ass, fir déi Konventioun matzestëmmen, da komme mer an deem dote Kontrakt och weider. Et geet do ëm en Neibau vun engem Scoutschalet zu Rodange. Mir ware scho viru längerer Zäit mat de Scouten zesumme komm, mä do koum awer e Punkt, op deem mer blockéiert gi waren. An zwar hat sech duerch déi Péitenger Scouten en neie Moment opgedoen, déi jo wollten hire Scoutschalet zu Péiteng ausbauen. Dat hu se awer vum Ministère refuséiert kritt, well de Chalet an enger Gréngzon läit. Du si Gespréicher mat deene Rodanger Scoute gefouert ginn, fir ze kucken ob se net vläicht averstane sinn – well schonn en neie Chalet zu Rodange gebaut soll ginn – fir deene Péitenger eng Remise zur Verfügung ze stelle fir Material ze stockéieren.

Dat huet e Strapp gedauert an de Plang huet missten ugepasst ginn. Mir hunn och de Plang nach eng Kéier misste kucken an en an eng gewëssen Enveloppe erofdrécken. Mir hate jo gesot, datt e Scoutschalet soll eppes Flottes sinn, eppes Einfaches, mä et brauch awer kee Palais ze sinn. Esou datt mer dat awer wollten an engem gewëssene finanzielle Rahmen halen.

Mir hunn elo dee Projet haut virleien an ech wier frou, wann de Gemengerot deem géif zoustëmmen. De Plang ass vun « Ateliers du Sud » gemaach ginn an deen neie Chalet soll

dann haaptsächlech deene Rodanger Scouten zur Verfügung stoen. Ënnen, um Rez-de-chaussée hätten se eng Remise, e Büro. Uewenop géifen 3 gréisser Säll zur Verfügung stoen, eng Kichen an d'Sanitären.

Ënnen, um Rez-de-chaussée, soll dann och nach e Lokal sinn, datt extra fir déi Péitenger Scouten zur Verfügung soll stoen. Dat soll awer « indépendant » sinn, esou datt déi Rodanger Scouten och net kënnen do erakommen.

De ganze Volet beleeft sech op 1.015.000 Euro, wou mir als Gemeng gewëllt si fir 590.000 Euro bäizesteieren, awer nëmmen ënnert der Konditioun, datt – wa mir de Chalet brauchen – mir dann och de Chalet zur Verfügung gestallt kréien. Dat gouf och esou mat de Scouten ausgehandelt. Wa schonn eng Gemeng esou eng substantiell Zomm zur Verfügung stellt fir eng Associatioun, déi natierlech Jugendaarbecht an eiser Gemeng mécht, dann ass et och normal, datt d'Gemeng sech e klenge Bonus erausḧält fir gegebenefalls emol op de Chalet kënnen zeréckzegräifen.

De Ministère huet zougesot, fir 425.000 Euro zur Verfügung ze stellen. Natierlech ass och an där Konventioun festgehalen, datt d'Scoute musse während 15 Joer de Chalet fir hir Aktivitéiten notzen. Wa si duerch iergendwellech Grënn sech géifen opléisen, da mussen se natierlech dat un eis zeréckbezuelen, wat mir hinne bäigesteiert haten.

D'Pläng mat dem ganz detailléierten Devis hutt der am Aide-mémoire leien an ech sinn der Meenung, datt dat heiten e ganz flotte Projet gëtt. An dofir géif ech de Gemengerot bieden, fir deem haut zouzestëmmen.

**Becker Romain (déi gréng):**

D'Madame Conter huet elo ausféierlech beschriwwen, datt dee Chalet dann och kéint fir déi Péitenger Scouten zur Verfügung gestallt ginn, respektiv déi Péitenger Scoute kënnen ee Sall an deem Chalet notzen, an dat, well dee Péitenger Chalet net kann ausgebaut gi well en an enger Gréngzon läit.

Ech géif awer mengen, datt dat een « accord oral » ass, well an der Konventioun steet guer kee Wuert doriwwer, datt déi Péitenger Scoute kéinten op dee Rodanger Chalet zeréckgräifen. Well iergendwann wëll kee méi eppes vun engem mëndlechen Accord wëssen an dofir hätt ech et besser fonnt, wann dat schrëftlech an der Konventioun festgehale gi wier.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Dat steet awer dran.

**Becker Romain (déi gréng):**

Wou steet dat dann?

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Dach, dat steet an der Konventioun ënner dem Punkt 3. Do ass genee opgelëscht, watfir Raimlechkeete fir watfir Scoute bestëmmt sinn.

**Becker Romain (déi gréng):**

Dann ass et gutt. Ech hat dat net gesinn. Merci awer.

**Stoffel Marco (LSAP):**

Datt dee Chalet dohinner kënnt, ass eng gutt Saach. Dee Chalet, dee bis elo do war, war wuel ganz flott, mä e war leider net funktionell genuch a war och scho ganz al. Et ass just schued, datt déi Infrastruktur do verschwënnt. Mä et kënnt jo elo en neie Chalet do an d'Plaz an dat wäert dee ganzen Eck do nach weider opwäerten.

D'Scoute selwer sinn och frou, datt se elo déi dote Méiglechkeet kréien. Well ech war an hirer Generalversammlung an do soten se och, datt se ganz frou doriwwer sinn, datt mir dat ënnerstëtzen.

**Gira Carlo (CSV):**

Et ass gesot ginn, datt déi Péitenger Scouten och hiren Depôt do kréien, well se hei zu Péiteng keng Méiglechkeet hu fir auszebauen.

Wann d'Plans sectoriellen erëm eng Kéier op den Ordre du jour kommen, a mir géifen deen Deel vläicht aus der Naturschutzzon eraus kréien, da wier et jo erëm méiglech, fir dat ze trennen. Fir de Moment ass et eng gutt Saach. Et ass och virdru bei de Fussballveräiner gesot ginn, datt mer musse botze goen, mä wéi ass et bei dësem Chalet mam weideren Ënnerhalt? Ech gesinn och, datt do hëlze Fënstere sollen drakommen. Dogéint hunn ech u sech näischt, mä hëlze Fënstere brauchen awer méi Ënnerhalt wéi bei engem anere Material. Wann déi musse regelméisseg ugestrach ginn, wien ass dann duerno fir déi Zousazkäschten zoustänneg?

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Scoute botze selwer a si ënnerhalen och de Chalet. Si hunn dat bis elo bei hirem Chalet och gemaach an dorunner wäert sech an Zukunft och näischt änneren. Et ass och mat hinnen esou ofgeschwat.

Zu den hëlze Fënstere kann ech lech soen, datt ech doheem säit 40 Joer hëlze Fënsteren a mengem Haus hunn. An déi sinn nach ëmmer gutt. A wa se esoulaang am Chalet halen, da kann ee soen, datt et gutt gemaach war. Holz ass jo awer en Naturelement an et kënnt ganz vill Holz un dee Chalet. An déi Fënstere passen dann och dozou.

**Gira Carlo (CSV):**

Ech zweiwele guer net un deenen dote Saachen. Ech si laang genuch bei de Scouten a weess, datt dee Chalet ëmmer an der Rei gehale ginn ass an datt déi och kee Problem hu fir dat ze maachen. An ech sinn och frou ze héieren, datt d'Scouten hir Saache selwer an der Rei halen an net op friem Hëllef mussen zeréckgräifen.

**Accord à l'unanimité. M. Thein, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 5.1.

### Propriétés.

Compromis pour l'acquisition, de la part de Mme Cécile Mourer, M. Emilio Marulli et M. Jean Nico Pierre, d'un terrain à Rodange – approbation.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dir wësst, datt mer am gaange sinn, hanner der « rue des Vieilles Parts » e Lotissement ze maachen. Mir hu festgestallt, datt déi Strooss eis net géif gehéieren. Virun enger Rei vu Méint hate mer schonn een éischten Deel vun enger Famill ofkaf. Elo géif et nach drëm goe fir och de Rescht vun där Strooss ofzekafen. Et sinn dat 5,11 Ar. De Compromis dovunner hu mer den 10. September 2014 ënnerschriwwen. Mir sinn och higaangen a mir hunn déi Saach ausgehaangen an et wor keng Objektioun am Kader vun der Enquête publique. Et geet elo haut drëm, fir dee Compromis guttzeheeschen, esou datt déi Strooss eis dann definitiv gehéiert.

**Approbation à l'unanimité.**

## 5.2.

### Propriétés.

Compromis pour l'acquisition gratuite, de la part de M. Daniel Santarini et Mme Régine Rink, de deux terrains à Lamadelaine – approbation.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Da komme mer zu engem weidere Compromis, wou mer en Deel an der Strooss « rue de la Montagne » zu Lamadelaine géife kafen. Et ass no engem Bauprojet, dee ganz um Schluss vun där Strooss entstanen ass, an do solle mer 2 kleng Terraine kréien. Et ass een Deel vum Trottoir, dee mer amenagéiert kruten an deen elo soll an d'Voirie publique soll integréiert ginn. Dëst geschitt gratis, well et am Kader vun der Baugenehmegung esou festgehale gi war.

**Approbation à l'unanimité.**

## 5.3.

### Propriétés.

Compromis pour l'acquisition gratuite, de la part de la Résidence Les Acacias, d'un terrain à Pétange – approbation.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Bei dësem Compromis geet et ëm d'Strooss « rue des Acacias » zu Péiteng. Och do gouf e Gebai opgeriicht an do war d'Strooss mat sengen 11,3 Ar nach ëmmer a privatem Besëtz. Mir hunn den 10. September 2014 e Compromis ënnerschriwwe mat der Co-Proprietéit « Résidence Les Acacias » a si cedéieren eis deen Terrain gratis, well dat och am Kader vun der Baugenehmegung esou festgeluecht gi war.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Esou wéi een dat um Plang gesäit, ass et jo déi ganz Strooss, vun der Kräizung u bis bei de Kreesverkéier. Dat heescht, mir si bis elo ëmmer op en Terrain eropgefuer, deen eis net gehéiert huet. Mir hu se och gebotzt an ënnerhalen op d'Käschte vun der Gemeng. Et ass natierlech ze verstoen, datt d'Leit frou sinn, wa se kënnen iwwer eng propper Strooss erafueren. Mä ware mer dann an der Regularitéit, wa mer do mat eisem Camion eragefuer sinn?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Wa mer nëmmen duerch déi Stroosse géife fueren, déi eis och gehéieren, da géife mer zum Beispill och net duerch de Maschtepullswee fueren. Mä mir sinn am gaangen, lues a lues all déi Stroossen ze iwwerhuelen, esou datt mer dat regulariséiert kréien. Een Deel vun der « rue de la Piscine » hei zu Péiteng gehéiert eis zum Beispill och nach net an do wäerte mer och elo dem Gemengerot e Compromis virleeën.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Ech wollt och nach eng aner Fro stellen. Do steet an den Texter vu GESTLB, datt do Problemer géife bestoe mat de Beem. Ech huelen un, datt dat déi Beem hanner der Residenz sinn an déi Sträif gehéiert eis jo och. Ass do schonn eppes ënnerholl ginn? Well am Rapport steet dran « ... l'assemblée demande à la Commune de Pétange de revoir la situation des arbres à l'arrière de la résidence. » Ech war de Mueren nach dohinner kucken, an do ass nach näischt geschitt an d'Beem leien och ganz geféierlech do.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Mir loossen nokucken, ob déi Sträif eis gehéiert a wat do muss gemaach ginn. Wa sech sollt erausstellen, datt et eisen Terrain ass, dann ass et selbstverständlech eis Aufgab, fir no deene Saachen ze kucken. Well heiansdo gëtt och gesot, datt et Gemengenterrain ass an da stellt sech eraus, datt deem awer net esou ass.

**Approbation à l'unanimité. M. Breyer, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 6.1.1.

### Travaux extraordinaires.

Devis au montant de 45.000 euros concernant les travaux de réfection des façades des maisons communales sises à Rodange, rue de l'Ecole 1 et 1A – approbation.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Et ass dëst en Haus, wat mer der Firma Waagner-Biro verlount hunn a wou d'Fassad an engem relativ schlechten Zoustand ass. Mir hu scho virun enger Zäitchen dovunner geschwat fir déi ze erneieren, mä well dee grousse Schantjen an der Philippart-Strooss war, hu mer léiwer domatter gewaart bis d'Aarbechten do ofgeschloss waren. Net datt mer duerno nach eng Kéier missten d'Fassad frësch maachen.

**Gira Carlo (CSV):**

Wier et an deem heite Fall net ubruecht gewiescht, fir et energetesch ze sanéieren? Well wann ech dat elo richteg verstanen hunn, gëtt jo elo nëmmen d'Fassad nei gemaach. Et kënnt jo elo keng nei Isoléierfassad drop.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Et kënnt keng nei Isoléierfassad drop, dat stëmmt. Et sinn nei Fënsteren dra komm an elo kënnt eng normal Fassad drop. Wa mer elo bei esou engem Haus géifen un d'Face schaffe goen, da miisste mer och d'Fënsteren erëm änneren. Vu banne komme mer net drun, an et wier eng Sisyphusaarbecht. Well bannen hu mer verschidden Niveauen, esou datt och do esou eng energetesch Isolatioun net vill Sënn hätt. Den Daach ass an der Rei, et ass eng nei Chaudière an deem Haus an nei Fënsteren huet d'Haus och. An elo gëtt nach just d'Fassad frësch gemaach an dann ass dat Haus och erëm eng flott Visitëkaart, wann een an déi Strooss erafiert.

**Approbation à l'unanimité.**

## 6.1.2.

### Travaux extraordinaires.

Devis au montant de 12.000 euros relatif aux travaux de mise en réseau des cylindres électroniques des bâtiments communaux (1re phase) – approbation.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Bei dësem Punkt geet et ëm elektronesch Zylindere fir eis Schoulen. An zwar maache mer dat a Phasen a mir wollten elo mat der Park-Schoul a mat der Fonderie-Schoul ufänken. Déi ganz Aarbechte belafe sech op 12.000 Euro. Mir mussen och mat der Zäit mat virugoen a mat dësem System falen déi üblech Schlësselen ewech an et huet een elo e Badge fir déi verschidden Dieren opzemaachen. Mat deem System kann een och den Accès, deen déi verschidde Leit sollen hunn, individuell festleeën.

**Approbation à l'unanimité.**

## 6.1.3.

### Travaux extraordinaires.

Devis au montant de 180.000 euros relatif aux modifications des centrales téléphoniques avec passage en IP sur notre réseau fibre optique – approbation.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Mir hu scho bei der Budgetspresentatioun ugedeit, datt bei eise Siten um Territoire vun der Gemeng de Glasfaser praktesch iwwerall läit. Domatter kënne mer elo bannen d'Verdeelung virhuelen. A fir datt mer duerno funktiounsfäeg sinn, bedéngt et nach e leschten, gréisseren Invest vun 180.000 Euro. An deenen nächste Joere wäerte mer awer am ordinäre Budget – doduerch datt all déi ablécklech Uschlëss ewechfalen – manner mussen ausgi fir d'Kommunikatiounen. Mat deem heiten Invest si mer dann um leschte Stand vun der Technik.

**Gira Carlo (CSV):**

Ech kann nëmmen dat widderhuelen, wat ech och schonn zum Budget gesot hat. Wann een déi 20.000 Euro nëmmen hëlt, déi ee bezilt fir de Leasing, dann huet een an 9 Joer dësen Invest bezuelt. Mir hunn och nach 55.000 Euro am Budget stoe fir d'Abonnementer, asw., déi mer fir den Telefon musse bezuelen, an heimatter kréie mer do och e gudden Deel manner ze bezuelen. Esou datt dat heiten awer ënner dem Stréch en Invest ass, dee sech positiv fir d'Gemeng wäert ausbezuelen.

**Breyer Roland, Schäffen:**

De Montant ass elo esou héich, well mer déi Anlag musse kafen. Fréier hu mer dat ëmmer geleast an doduerch ass et net esou opgefall. Mä, wéi gesot, ass dat heiten en Invest an d'Zukunft.

**Approbation à l'unanimité.**

## 6.1.4.

### Travaux extraordinaires.

Devis au montant de 1.250.000 euros concernant les travaux d'assainissement de la canalisation sur le territoire de la commune – approbation.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Mir botzen eis Kanäl regelméisseg a mir hunn all Joer wëlles 1,2 Kilometer Kanal ze erneieren oder ze sanéieren. Dat bedéngt, datt mer fir d'éischt eng Kamerabefuerung am Kanal maachen. Mir hunn eng Prioritéitelëscht opgestallt an elo wëlle mer an deem gewinnte Rhythmus weiderfueren. A fir 1.250.000 Euro géifen dann elo Assainissementer gemaach ginn, an dat an der *Cité Neiwiss* an *À la Siole* zu Rodange, souwéi an de Stroossen *Ecoles* a *Montagne* zu Rolleng an *Acacias*, *Michel Rodange* a *Chiers* hei zu Péiteng an och um Péitenger Kierfecht.

Normalerweis brauchen d'Stroossen net komplett opgerappt ze ginn, well nëmmen eng nei Gaine agezu gëtt. Do ginn nëmme vereenzelt Zuglächer gemaach. Et ass dat eng nei Technik, déi eis garantéiert, datt fir 30 Joer de Kanal erëm funktiounsfäeg bleift.

**Approbation à l'unanimité. M. Brecht et Mme Gonçalves, ayant quitté la salle, n'ont pas pris part au vote.**

## 6.1.5.

### Travaux extraordinaires.

Devis au montant de 3.130.000 euros et plans relatifs aux travaux de réaménagement de la rue Belair à Pétange – approbation.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Déi Strooss ass jo scho laang fälleg an déi Leit, déi do duerchfueren an do wunnen, wëssen, datt dat scho laang versprach ginn ass. Mir hunn ëmmer zu de Leit gesot, datt se nach e bësse musse waarde well fir d'éischt d'Waasserleitung an de Waasserbaseng muss gemaach ginn. Dat ass elo alles fäerdeg an domatter wier et dann un der Zäit, fir d'Strooss nei ze maachen.

Et ass eng Strooss, déi net bëlleg gëtt. Si schléit mat iwwer 3 Milliounen zu Buch. Mir haten den 1. Dezember 2014 eng Versammlung mat de Riverainen an de Leit déi do wunnen, wou mer hinnen e puer Alternative proposéiert hu wéi een d'Strooss kéint maachen. Ganz vill Méiglechkeete bleiwen net, well mer erëm eng Kéier schonn an der Optik vun der Zone 30 déi Strooss esou musse bauen, datt se duerno och mat där Zone 30 fonctionnéiert. Wéi dat ze erwaarde war, huet eng grouss Majoritéit vun de Leit sech ausgeschwat fir vill Parkplazen an der Strooss ze behalen. Beem kënne mer keng setzen, well mer do an den Trottoiren an an de Stationéierungsbanden Infrastrukture leien hunn a wou d'Beem mat de Wuerzelen da géifen drukommen. Mir kënnen awer kleng « emplacements fleuris » maachen, fir déi Strooss domatter net zevill monoton ze halen.

An där Strooss géifen 73 Parkplaze bleiwen, mat klengen « îlots fleuris » dobäi. Et war eng Iddi opkomm, déi mer dann och emol wollten an där Strooss probéieren. An zwar wollte mer kucken, ob Leit do sinn, déi e Partenariat oder e Parrainage géifen iwwerhuele fir esou kleng Beeter ze ënnerhalen. Et gëtt ëmmer gesot, datt esou Beeter schéi sinn, mä et muss een se propper halen oder si ginn als Hondstoilette gebraucht. An der Versammlung hunn awer verschidde Leit gesot, datt si se géife propper halen an dofir wollte mer eis dat emol duerch de Kapp goe loossen an emol kucken, ob sech Leit bereet erklären esou ee Parrainage anzegoen. Dat kéint dann och eng Virbildfonktioun fir aner Stroosse sinn.

Mir hu ronn 100 Haiser an där Strooss, wou alles nei gemaach gëtt. Et gëtt och eng Waasseraxe geluecht an e separate Schmotzkanal. Et muss nach mat der « Gestion de l'eau » gekuckt ginn, wéi dat soll geschéien an ënner watfir Konditiounen. D'Schmotzwaasser geet an d'Kläranlag.

All déi aner Infrastrukturen (Post, Elektrescht, Gemeinschaftsantenn, Gaz, ...) ginn och nei gemaach. Mir rechnen – wann alles riicht leeft – datt mer Enn 2015 scho kënne lassfueren an d'Aarbechte wäerten awer bis 2017 daueren. Et ass eng länger Strooss an déi 100 Haiser mussen och erëm un d'Infrastrukturen ugeschloss ginn.

Dat ass de Projet, wéi mer en dem Gemengerot haut wëlle presentéieren an deen och vun enger grousser Majoritéit vun de Leit guttgeheescht ginn ass.

**Gira Carlo (CSV):**

Ech ka mech ganz averstanen erkläre mat deem Projet hei, datt dee muss gemaach ginn. Ech wëll zu deem heite Projet, mä och zu deem Projet vun deem Punkt virdrun, eng allgemeng Bemierkung maachen. Ech hat mer emol d'Méi gemaach, fir deen Devis méi am Detail nozekucken. Et muss een awer soen, datt dat wierklech esou technesch ass an et

fir e Laien onméiglech ass fir erauszefannen, ob mer do alles dran hunn oder net. An do muss ee sech awer wierklech op d'Ingenieuren an d'Büroe verloossen, déi eis esou Devisen opstellen. Obwuel bei deem, wat ënner dem Buedem läit, een eventuell duerno mat Imprévuë muss rechnen.

Mä wann ech da kucken, dann ass ee Poste vu bal 72.000 Euro agedroe fir Regieaarbechten. Regieaarbechten ass ëmmer relativ Lastik an do kann een ëmmer e bëssen drop spillen. Mä wéi gëtt dat dann an der Praxis gehandhaabt? Mussen déi Aarbechten extra ugefrot ginn oder ginn déi einfach duerno mat op d'Rechnung gestallt? Wien ass do, fir déi Saachen ze kontrolléieren?

**Breyer Roland, Schäffen:**

D'Regieaarbechte ginn ëmmer zu engem gewëssene Prozentsaz mat erageholl, well ee jo net an de Buedem eragesäit. Heiansdo kommen Imprévuen. Zum Beispill um Rond-point op der Millen, wou mer geschafft hu fir déi Statue ze installéieren, hu mer op eemol eng déck Waasserleitung fonnt, déi awer um Pabeier komplett op enger anerer Plaz agezeechent war. Et sinn ëmmer esou Saachen, déi kënne virkommen. An da mussen d'Aarbechte gestoppt ginn an et muss souzesoe mat der Hand weidergeschafft ginn a versicht gi fir Kloerheet ze schafen.

Déi Aarbechte mussen awer all Kéiers bei der Gemeng ugemellt ginn a mir ginn och op d'Plaz kucken. Et geet net méi esou wéi fréier. Ech weess nach fréier, wou ech hei ugefaangen hunn an der Gemeng, do war esou een Entrepreneur hei an der Gemeng, deen ëmmer ganz niddereg Devisë gemaach. An esoubal en ugefaangen huet mat baggeren, dann huet en de Buergermeeschter ëmmer geruff fir ze weisen, wat do am Buedem géif leien. An dann huet dee gesot, datt mer mussen e bësse weider bezuelen.

Haut gëtt dat awer e bësse méi seriös gemaach. Haut gëtt eisen Ingenieur op d'Plaz geruff an dee konstatéiert an deen autoriséiert déi Regiestonnen.

**Gira Carlo (CSV):**

Däerf ech da just nach eppes uféieren, wat den Här Breyer gesot huet, an zwar déi Saach mat de Parrainagen. Wann dat géif hei fruuchten, da wier dat eng Saach, déi een och kéint op anere Plaze maachen. Well ech wunnen an engem Quartier, wou dëse Summer deelweis Dëschtelen iwwer ee Meter héich do stoungen. An dat ass och kee schéint Bild. D'Leit kënne sech opreegen, do ginn ech Iech Recht, Här Breyer. Mä et kéint een och emol eng Kéier selwer de Spuet huelen a se erashuelen. Da wier d'Bild och méi schéin.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Et kann dat eng Virbildfonktioun sinn. Mir hate schonn esou Diskussiounen op anere Plazen, wéi zum Beispill beim Schwaarze Wee, wou mer deen nei gemaach hunn. Et muss een elo kucken, ënner watfir Konditiounen d'Gemeng sech do wëll associéieren. Et ass och all Fall e bëssen anescht, mä et soll awer iergendwéi eng Unerkennung oder eng Hëllef fir déi Leit do sinn. Wéi déi soll ausgesinn, muss een am Laf vum Joer opbauen an da mat de Leit beschwätzen.

**Becker Romain (déi gréng):**

Ech selwer war och bei der Informatiounsversammlung, den 1. Dezember 2014, mat dobäi. Do ass dann natierlech och déi Geschicht vum Parrainage opkomm an do waren am Sall e puer Leit, déi direkt gesot hunn, datt se dat géife maachen. Esouguer Eenzelner hu gesot, datt se esouguer méi wéi een Îlot wéilte parrainéieren.

Et ass jo och am Sall gesot ginn, et wier eng Unerkennung. D'Leit hätten ëmmer gären, datt d'Gemeng alles propper hält, mä d'Leit kéinten awer och emol higoen an e klengt Stéck vun der Gemeng propper halen an domatter no bausse weisen, datt net ëmmer alles muss un der Gemeng hänke bleiwen.

Den Technikerbüro huet zwou Variante virgestallt. Dat ass dat, wat déi mannst hei am Sall wëssen. Et waren zwou Variante proposéiert ginn. Eng Variante « ass is », déi just riicht erop sollt goen an dat ass och déi, déi zeréckbehale ginn ass. An déi zweet Variant war déi, wou e Wiessel an der Mëtt vun der Längt sollt sinn, a wou d'Stroossesäit – wou geparkt dierf ginn – an deenen zwee Deeler ënnerschiddlech wier. Dat géif eng optesch Brems an der Strooss maachen, esou datt et net méi eng riicht Rennpist wier. Den Trottoire wier op deene selwechten Ausmoosse bliwwen. Ech hunn net méi spéit wéi haut de Mueren nach eng Kéier de Meter geholl, well ech dat net konnt gleewen. Den Trottoire ass momentan 1,90 Meter breet.

Dunn ass awer déi éischt Variant – déi an eisen Aen net déi Bescht ass – zeréckbehale ginn, well d'Leit alleguerten esou séier wéi méiglech, an esou riicht ewéi méiglech, duerch déi Strooss wollte fueren. Et war eng Majoritéit vun de Leit fir déi dote Variant.

Bei där dote Variant ass et elo esou, datt den Trottoire vun 1,90 Meter op 1,40 Meter zeréckgebaut gëtt. Dat ass alt erëm eng Kéier de Beweis, datt de Foussgänger muss Plaz maache fir den Autosverkéier. Well op 2 Säite vun der Strooss kommen elo 2 Meter Parksträifen hinn, woubäi bei där anerer Variant de Parksträifen am ënneschten Deel op där enger Säit an dann am ieweschten Deel op där anerer Säit gewiescht wier.

D'Fraktioun vun « déi gréng » ass net frou driwwer, datt do erëm eng Kéier de Foussgänger leséiert gëtt, obwuel 1,40 Meter nach ëmmer breet genuch ass fir laanschteneen ze kommen. Mä et kommen awer keng 2 Kannerkutsche laanschteneen. Et ass einfach ze schmuel. An et ass einfach de Beweis, datt de Foussgänger muss zeréckstieche fir datt den Auto méi Raum kritt.

Mir hätten et méi begréisst, wann de Schäfferot an den technesche Büro mat enger Variant komm wier, well elo hu mer eng Geleeënheet verpasst. Si hätte sollen déi eemoleg Geleeënheet ergräifen an eng Variant proposéieren, déi aus ekologescher Siicht an aus verkéierstechnescher Siicht wuel e bësse méi komplizéiert gewiescht wier, mä wou awer eng optesch Brems gewiescht wier, fir datt net méi esou hätt kënne gerannt ginn.

Wat eis nach an där ganzer Versammlung relativ gestéiert huet, dat war, datt net nëmmen d'Leit aus der Belair-Strooss invitéiert ware fir iwwert eng Strooss ofzestëmme wou si dra wunnen, mä et waren och Leit aus der rue des Alliés invitéiert a waren am Sall. An et waren och Leit aus der rue des Alliés – ausser der Madame Conter an dem Här Breyer, déi als Schäffe vun der Gemeng do waren – déi iwwert eng Strooss ofgestëmmt hunn, an där si u sech net wunnen, mä et eng Zoubréngerstrooss ass fir bei hir Haiser an an hire Quartier ze kommen. An dat hu mir och net immens appréciéiert. Well natierlech wëllen déi Leit esou séier wéi méiglech an hire Quartier kommen. An dat ass erëm eng Kéier de Beweis, datt dat net esou fonctionnéieren huet wéi et hätt kéinte fonctionéieren.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Ech kann Är Iwwerleeungen net alleguerten deelen. Wa mer eng Strooss nei maachen, dann invitéiere mer ëmmer déi Leit, déi doduerch a Matleedenschaft gezu ginn. Well d'rue des Alliés wäert och drënner leiden, wann de Schantjen an der Belair-Strooss lass geet. An da mussen déi Leit och kucken, datt se erofkommen.

Desweideren hate mer och Leit aus der Lénger-Strooss a vum Ufank vun der Athuser-Strooss invitéiert, well déi wahrscheinlech och duerno dee Schantje mat ze spiere kréien.

Plazeweis ass den Trottoire – op der lénker Säit, wann een eropgeet – 6 Placke breet an heiansdo 4 Placken. Ech weess net, ob mir Trottoire solle bauen, wou 2 Kannerkutsche solle laanschtenee kommen. Ech weess net op dat de Sënn an Zweck ass. D'Stroosse ginn normalerweis gebaut fir d'Autoe laanschteneen ze kréien. Wann d'Kannerkutsche kënne gutt zirkuléieren a mir kënnen och nach Vëloen an der Strooss fuere loossen, dann hu mer – mengen ech – dat gemaach woufir eng Strooss do ass.

Déi Strooss gëtt net gemaach fir ze rennen. Déi Strooss soll an d'Zone 30 kommen an d'Allee, fir ze fueren, läit ënner 5,5 Meter. Si wäert duerno bei 5,20 Meter leien. A fir bei 5,20 Meter laanschteneen ze kommen, ass net esou evident, esou datt do schonn net gerannt gëtt.

Fir de Moment, wann owes kee wäit a breet ass, gëtt gerannt. Dat gëllt awer fir och fir aner Stroossen. Et géif och gerannt ginn, wa mer an der Mëtt géifen eng Insel maachen, well da fueren se lenks a riets derlaanscht. Ech ka mech un déi Zäit erënneren, wou mer dee System virun der Sportshal haten, an do ass awer gerannt ginn. Een, dee gäre rennt, dee rennt.

Mir kucken d'Strooss esou ze bauen, datt se éischtens fonctionnéiert wat den Traffik ugeet. Mir hunn immens vill Autoen do. Mir hunn 193 Autoen, déi di Strooss do erop- an eroffueren, ouni de Besuch, deen nach dobäi kënnt. Mir kucken, datt déi Strooss och deene Leit gefält, déi do wunnen. A wann do Leit aus der rue de Alliés solle matgestëmmt hunn, datt déi Strooss soll esou ausgesinn, dann ass dat hir Meenung.

Wann ech d'Versammlung kucken, da ware manner ewéi 10% vun deene Leit, déi do waren, fir déi zweet Variant. Ech gleewe kaum, datt déi aus der rue des Alliés – an ech an d'Madame Conter hunn net mat ofgestëmmt – vill beaflosst hunn. D'Leit hätte gären eng Strooss, wou se Parkplazen hunn a wou se iergendwéi kamoud laanschtenee kommen a wou se net zevill Schikanen hunn.

Bei där nächster Strooss, déi mer nei maachen, kënne mir dat Schéinst dohinner mole wat mer wëllen, mä wa mer d'Leit da froen, da wësse mer scho wat erauskënnt. Mir kënnen eis erëm eng Kéier duerchsetzen, mä dann hu mer erëm eng Strooss déi d'Leit net wëllen. Da soe mer, datt dat déi Strooss ass, déi « déi gréng » wollten.

**Becker Romain (déi gréng):**

Esou ass dat awer net.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Majo dach, dir sidd déi eenzeg, déi fir déi zweet Variant sinn.

**Becker Romain (déi gréng):**

Mir waren, fir dat elo net hei ze verheemlechen, zu 3 am Sall fir déi aner Variant. An et ass net onbedéngt nëmmen « déi gréng », déi fir déi aner Variant sinn, well mëttlerweil hunn och nach aner Leit mech drop ugeschwat a gesot, datt, wa se dat dote gewosst hätten, da wieren se och an déi Versammlung komm. « Les absents ont toujours tort », an dat ass nun emol esou.

Dir sot, datt déi Leit aus der rue des Ateliers invitéiert ware wéinst dem Schantjen. Dat ass jo alles schéin a gutt. Och bei deene Leit aus der Lénger-Strooss ënnen ëm den Eck ass et normal, datt déi wéinst dem Schantjen invitéiert goufen, fir gewuer ze ginn, wéini wat geschitt. Mä ech hunn et awer net immens gutt fonnt, datt déi duerno iwwert d'Ausgesi vun där Strooss konnte mat ofstëmmen.

Et ass e Fait, datt déi Belair-Strooss muss onbedéngt nei gemaach ginn. Mir sinn och frou doriwwer, datt déi Strooss nei gemaach gëtt, d'selwecht wéi déi Leit, déi do wunnen. Et ass och dréngend néideg, well d'Lächer ginn ëmmer méi grouss. Déi Aarbechte sinn absolut néideg a mir sinn och absolut net dergéint, datt déi Strooss nei gemaach gëtt. Mä et hätt een awer kéinte Courage weisen an eng Variant presentéieren an net déi zwou weisen. Well et war jo gewosst, wat dobäi géif erauskommen.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Bei neie Stroossen, déi mer bauen, froe mer d'Leit net esou. Do brauche mer se net ze froen an déi mussen dann acceptéieren, wat do ass. Wann dat nei Lotissement « An den Atzéngen » elo kënnt, da wäerte mer do nei Experimenter bei de Stroosse maachen. Vläicht gefält dat dann de Leit an da kënne mer kucken, ob dat bei ale Stroossen och nach unzepassen ass.

**Approbation par 15 voix et une abstention (M. Becker).**

**Becker Romain (déi gréng):**

Ech wollt meng Enthalung domatter begrënnen, dass mer wierklech d'Geleeënheet verpasst hunn. Et ass net, datt ech dogéint si fir déi Strooss nei ze maachen, well si ass wierklech néideg fir nei gemaach ze ginn, mä mir hu wierklech eng Geleeënheet verpasst an déi zweet Variant wier déi besser Léisung gewiescht fir déi ganz Strooss.

## 6.1.6.

### Travaux extraordinaires.

Devis au montant de 340.000 euros relatif aux mesures d'apaisement du trafic avec introduction de zones 30 km/h et zones résidentielles – approbation.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Et war jo och de Wonsch vun der grousser Majoritéit aus dem Gemengerot, fir d'Zone 30 anzeféieren, nodeem datt mer eis als eng vun deene leschte Gemengen e bëssen dogéint gestrieft haten. Mir hunn awer agesinn, datt mer net laanscht den Trend vun der Zäit kommen, an och net laanscht eng Securisatioun an – wann een dat esou ka soen – deenen negativen Aspekter vun enger Zone 30. Déi negativ Aspekter sinn awer net méi esou negativ, wéi se emol an der Zäit waren. An der Zäit konnt een eng Zone 30 net an den Einbahnstroosse maachen. Déi Stroossen hätt ee fir d'éischt erëm miissten « à double sens » maachen. An dat konnte mer net acceptéieren, well d'Leit sech un dee Stroosseverlaf gewinnt haten.

Elo kommen nëmme Ännerungen op eis duer mat enger Rietsvirfaart an e bësse Rétrécissement vun der Zone, esou datt net méi esou séier ka gefuer ginn.

De Prinzip dovunner hate mer hei festgehalen a mir wollten elo déi éischt Ausféierung am Joer 2015 maachen. Mir hate schonn am Joer 2013 vun 150.000 Euro Devis geschwat. Dat waren « mesures d'apaisement ». Elo muss een awer – esou wéi dat leider hei zu Lëtzebuerg de Fall ass – en Ingenieursbüro chargéieren, wann ee gären eppes duerch wëll kréien. Dee muss dann e schéine Plang maachen, dee verschidden Norme muss respektéieren. A wann een dat dann huet, da kritt ee säi Projet och relativ séier acceptéiert. Wann een dat awer net huet, da steet een an der Rei drop ze waarden.

Esou ee Büro mécht dat net vir näischt a mat ronn 100.000 Euro schléit deem seng Aarbecht zu Buch. Wat muss elo vun Aarbechte gemaach ginn? Et muss emol fir d'éischt all Strooss opgeholl ginn, geknipst ginn, gemoolt ginn. D'Situatioun vun elo muss gewise ginn an och, wéi et an Zukunft soll ausgesinn. Da muss de Projet der Verkéierskommissioun an der Stad virgeluecht ginn an et muss esou lieserlech sinn, datt de Computer direkt erausfënnt, ob dat gutt oder schlecht ass. A wann et an der Rei ass, da kréie mer den Accord vum Stat, fir kënne lasszefueren. Da gëtt e Marquage préalable gemaach, d'Kommissioun kënnt op d'Plaz kucken. Duerno seet se dann, datt mer dat dierfen esou maachen, wéi mer et virgemoolt haten an déi Aménagementer dierfe gemaach ginn. Dat dauert praktesch ee Joer. A wann dat Ganzt fäerdeg ass, sinn d'Schëlter an de Marquage schonn do, mä et ass awer nach net autoriséiert. Da kënnt d'Kommissioun nach eng Kéier kucken a si autoriséiert et. Duerno dierfe mer et da profitéieren. Et ass eng laang a komplizéiert Aventure. Ech kéint mer och virstellen, datt een et aneschters kéint maachen, mä et ass nun emol esou.

Dat Ganzt schléit elo fir déi ganz Gemeng – mat deenen Aarbechten, déi um Pabeier musse gemaach ginn – mat 340.000 Euro zu Buch. 195.000 Euro dovunner géife mer an de Budget vum Joer 2015 setzen. Wann et esou vun eiser Verkéierskommissioun ugeholl gëtt, wéi et um Pabeier gemoolt gëtt, da gi mer et an d'Stad virun. De Prémarquage géif da gemaach ginn. All Strooss ënner 5 Meter Breed brauch nëmmen am Ufank gemoolt ze ginn, datt et eng Zone 30 ass. All Strooss bis 5,50 Meter muss e Rétrécissement op der Strooss gemoolt kréien. An all Strooss iwwer 5,50 Meter Breed muss e gebautene Rétrécissement kréien. Dat sinn d'Normen, déi do sinn, an déi sti mat 195.000 Euro am Katalog.

Mir géifen 2015 probéieren, fir déi ganz Uertschaft Péiteng duerchzekréien. An déi verbleiwend ronn 150.000 Euro géife mer dann an de Budget vun 2016 setzen, fir dann och Rodange a Lamadelaine ëmzesetzen.

**Becker Romain (déi gréng):**

Et geet net duer, fir ëmmer nëmmen ze kritiséieren an ze soen, wat een net gutt fënnt. Hei soe mir als gréng Fraktioun « Bravo ». Mir fannen dat tipptopp. Et ass dat eppes, wat mir scho säit längerem am Gemengerot gefuerdert hunn, grad esou wéi an der Ëmwelt- an an der Verkéierskommissioun. Mä bis elo war dat nach ni méiglech an dofir si mer elo ëmsou méi frou, datt dat elo flächendeckend an der Gemeng soll geschéien. An enger éischter Phase elo emol hei zu Péiteng, an dann duerno an deenen aneren Uertschaften.

Mir begréissen dat a sinn zouversiichtlech, datt dat soll fonctionnéieren.

**Stoffel Marco (LSAP):**

Als President vun der Verkéierskommissioun begréissen ech dat natierlech och. Mir hate jo an der Verkéierskommissioun doriwwer rieds a mir ware och praktesch alleguerte fir déi dote Saach. Mir hunn dee Projet ganz gutt fonnt an ech sinn och perséinlech dovunner iwwerzeegt, datt dat eng gutt Saach ass.

**Gira Carlo (CSV):**

Ech hätt just zwou Feststellungen ze maachen, an den Här Breyer huet et jo schonn ugeschwat. Bei engem Projet vun 300.000 Euro ouni TVA läit bei dësem Projet deen theoreteschen Deel bei just engem Drëttel, dat heescht, bei 100.000 Euro. Et muss een och bemierken, datt hei bedeitend Aarbechte gemaach ginn an et kommen am Ordinären och méi Aarbechten op eis Leit zou. Well hei ass jo awer relativ vill Marquage ze maachen, esou datt an Zukunft och méi muss op deene Gebitter nobessert ginn.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Jo an Neen. De Marquage gëtt mat enger dräifacher Komponent gemaach, deen normalerweis eng Liewensdauer vun 10 Joer huet. Esou datt mer net permanent am gaange si fir nei Strécher ze molen. Mir wäerten am Ufank e puer nei Schëlter brauchen. Dat hu mer am Ordinären och gesot, datt mer fir de Signalétique e bësse méi brauchen. Op der anerer Säit verschwannen awer och verschidde Saachen. Déi Schëlter, déi elo net méi gebraucht ginn, kënne mer recuperéiere fir op anere Plazen. Ënner dem Stréch gëtt et keng méi bëlleg Affaire, mä et kënnt awer net vill méi Ënnerhalt dobäi.

Déi Aarbechte sinn och Gott sei Dank net esou gewalteg, well mer net esouvill Stroossen hunn, déi op 5,50 Meter breet sinn. Ech schwätzen elo ëmmer nëmmen vun « voirie vicinales ». Alles wat d'Nationalstroossen an d'CRen ubelaangt, déi bleiwe bei 50 km/h.

**Gira Carlo (CSV):**

Wat een och vläicht hei miisst umierken, dat ass, datt et sech hei zum gréissten Deel ëm Niewestroossen handelt a virun allem an deenen Deeler, wou Wunnvéierel sinn. Do muss een och emol un d'Verantwortungsbewosstsain vun de Bierger appeléieren, déi selwer do wunnen. An déi wësse jo och, datt do Kanner wunnen. Et ass net ëmmer fir ze soen, datt d'Gemeng näischt géif maachen. Wann 30 do steet, dann ass et och fir sech drun ze halen a verantwortungsvoll do ze fueren.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Ech ginn Iech do Recht. Déi Sakgaassen, déi mer doruechter hunn, eegene sech einfach net fir do ze rennen. Et geet drëm, fir esou sécher ewéi méiglech op eng Haaptstrooss ze kommen, op där een da ka weiderfueren. Déi Niewestroosse si just do fir Verbindungen ze schafen. Et muss ee sech elo ëmstellen, well op verschiddene Kräizungen elo d'Riets-virfaart agefouert gëtt. Hei zu Péiteng sinn et 13 Plazen, déi nei esou dobäi kommen.

**Gira Carlo (CSV):**

A vereenzelte Wunnvéierel ännert jo u sech näischt, wat d'Virfaart ugeet. Well an de Jenken, zum Beispill, huet jo schonns d'Rietsvirfaart bestanen.

**Polfer John (CSV):**

Hei ass elo vill iwwer Stroosse geschwat ginn an den Trend ass, fir iwwerall an de Gemengen Zonë mat 30 km/h anzeféieren an d'Stroosse méi schmuel ze maachen, esou datt 2 Autoen nach knapps laanschtenee kommen. Elo kënnt den Trend jo och nach – an dat war jo schonn ugeschwat ginn – fir Vëlosweeër unzeleeën.

Ech wëll awer do e bëssen drop opmierksam maachen, datt ech déi Vëlosweeër, déi elo iwwerall agezeechent ginn, ganz schlëmm fannen. Well déi sinn net méi breet wéi mäi Pult hei. An ech froe mech, wéi di Leit, déi all mam Vëlo solle fueren, doropper solle fueren. Si sinn net alleguerten an enger « Union cycliste » a kënne perfekt Vëlo fueren. Ech sinn e Méindeg op Esch gefuer an do erof an d'Kanalstrooss. Et waren Autoe viru mer an Autoen hannert mer, a wou si mer gefuer? Um Vëloswee, well et onméiglech war fir op deem Sträifen, dee fir den Auto geduecht ass, laanscht de Géigeverkéier ze kommen. Dofir passt wann ech gelift op, wann der eng Kéier Vëlosweeër anzeechne gitt, datt se

éischtens breet genuch sinn an zweetens, datt och Autoen a Vëloe kënne mateneen zirkuléieren.

**Thein Joe (adr):**

Ech sinn e bëssen enttäuscht, datt d'Gemeng Iwwerleeungen hëlt fir alles géint den Auto ze maachen. Et ass eng Fuerderung, déi normalerweis vun deene gréngе Parteie kënnt, awer elo net vun enger Partei, déi elo hei un der Muecht ass. Dofir fannen ech et einfach schued. Mir kënnen och lues a lues den Trend aféiere fir mat der Kutsch ze fueren. Wéivill huet déi drop? Sécherlech manner ewéi 50 km/h. Ech fannen, en Traffik, dee mat 50 km/h fonctionnéiert, ass e gudde Prinzip. Dat huet och ëmmer fonctionnéiert. Selbstverständlech muss ee kucke fir d'Sécherheet ze verbesseren. Ënner anerem ënnerstëtze mir och déi Initiativ, fir déi Smiley-Panneauen – wéi se och vun deene Grénge gefuerdert gi sinn – opzeriichten. Mä ech sinn awer der Meenung, datt mer den Traffik wierklech op engem Niveau vu 50 km/h sollen halen. Dat fonctionnéiert ganz gutt.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Do, wou et méiglech ass, däerf ee sécher mat 50 km/h fueren. Mä am Moment ass et elo schonn net méi méiglech fir mat 50 ze fueren. Et gëtt net vill un de Gewunnechte geännert. Ech war een, dee sech relativ laang dogéint gestrieft huet, fir op déi Zone 30 ze goen, well ech den Avantage dovunner net agesinn hunn. Ech hu mech awer iwwerzeege gelooss, duerch de Bremswee, deen domatter verkierzt gëtt. Dee kann de Risiko vun engem Doudesaffer verhënneren. Dat ass awer en Argument. An déi negativ Aspekter vun der Zone 30 sinn net esou schro. Wann ech zum Beispill d'Michel Rodange-Strooss hei eropfueren, dann hat ech do nach ni méi drop ewéi 30 km/h. Well wann ech géif méi séier fueren, da sinn ech irresponsabel a gi mer eng sichen. A mir hunn net vill Stroossen hei am Uertsnetz, wou ee ka mat 50 km/h fueren. Dofir, et changéiert net ganz vill.

**Approbation par 14 voix contre 1 voix (adr). M. Becker, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 6.1.7.

### Travaux extraordinaires.

Devis au montant de 1.900.000 euros et plans relatifs aux travaux de prolongement de la rue de la Minière à Rodange et construction d'un parking – approbation.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Et geet hei ëm eng Verlängerung vun enger bestoender Strooss, déi elo gemaach gëtt. D'rue de la Minière ass jo net am allerbeschten Zoustand an zemools laanscht de fréiere Racingsterrain ass déi Strooss ganz schlecht. Si gëtt awer de Moment scho profitéiert wa Fussballsaktivitéite sinn oder als Verlängerung fir op de Parking PiKo ze kommen. An d'Strooss soll jo och nach nei Funktioune kréien duerch deen neie Scoutschalet, dee mer elo just gestëmmt hunn. Och fir de Projet vun der Jufa – wann e konkret gëtt – soll den Zougank heiriwwer erméiglecht ginn.

Et ass eng Strooss, déi elo e bësse soll verlängert ginn a wou 175 Meter am ganze sollen nei gemaach an nei gestallt ginn. Haaptsächlech laanscht d'Mauer, wou déi fréier Tribün vum Racingsterrain war, sollen 93 Parkplazen an 2 Parkplaze fir behënnert Matmënschen entstoen.

De Käschtepunkt heifir beleeft sech op 1,9 Milliounen Euro a wann de Gemengerot domatter averstanen ass, da géife mer mat deenen Aarbechten Enn 2015 lassfueren. Bis dohinner wäerte mer och wëssen, wou mer mat der Jufa dru sinn a wat do nach gebraucht gëtt.

**Conzemius-Holcher Josette (CSV):**

Ech fannen et eng gutt Saach, datt déi Strooss elo nei gemaach gëtt. Mir hunn awer scho laang deen Terrain a mir hätten och scho vläicht laang provisoresch Parkplaze kënnen dohinner maachen. Well wann e Fussballsmatch ass, da stinn d'Autoen do kräiz e quier. D'Barrière ass bal meeschtens zou. Owes stinn d'Camionnetten – déi dohinner parken dierfe kommen – op deene Parkplazen. Do sinn der schonn e puer, déi sech do hire Parking scho fein ageriicht hunn. Do ka sech scho bal keen anere méi dohinner stellen. A wa Fussball ass, da stinn d'Leit laanscht d'Säit, an – well d'Barrière oft zou ass – ass awer keng Méiglechkeet do fir ze parken.

Ech wollt awer och nach froen, ob déi al Tribün dann elo wéinstens ofgerappt gëtt? Wa mer scho laanscht déi Mauer do eppes maachen, da miisste mer awer och vläicht d'Tribün vu bannen ofrappen. Well et ass eng geféierlech Saach, wann een doropper ass.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Esou séier, wéi mer den Entrepreneur kënnen, soe mer zu him, datt e soll mam Bulldozer dra rennen.

**Gira Carlo (CSV):**

Ech hu mer dee Plang emol ugekuckt. Do läit jo och nach de Boulodrome hannendrun. An dee läit jo am Niveau e Stéck méi déif. Wier et do net ubruecht gewiescht, fir eventuell do eng Trap ze maachen, esou datt eng direkt Ubannung vum Parking aus gewiescht wier, fir zu Fouss bei dee Boulodrome ze kommen? Oder behalen déi Leit nach e separate Parking?

**Breyer Roland, Schäffen:**

Nieft dem Boulodrome hu se jo nach déi betonéiert Fläch, vun där se nach weiderhi kënne profitéieren. Déi gëtt fir de Moment emol nach net ewechgeholl. Mir waarde gäre fir d'éischt of, fir de Projet Jufa méi genee ze kennen. Do kann an deem Eck nach e bëssen Eppes bougéieren. Do sinn e puer Iddien, déi developpéiert ginn. Si bauen hiert Hotel, mir maachen nach ronderëm e puer attraktiv Saachen. D'Verbindungen dertëscht sollen och nach gemaach ginn an do ass nach net alles ausdiskutéiert. Dofir wollte mer elo net vireileg an deem Eck eppes maachen. Et si verschidde Plazen ënnen, déi an der Gréngzone leien an déi protegéiert sinn. Mä et sinn awer och aner Plazen do, déi ugebonne kënne ginn. An dat soll mat deem Projet Jufa méi konkret ginn.

**Gira Carlo (CSV):**

Wat geschitt da mat deem provisoresche Parking, dee mer de Moment nach do hunn?

**Breyer Roland, Schäffen:**

Dat ass de Parking PiKo 2, an dee soll verschwannen. An dat spéitstens, wann d'Jufa do ufänkt mat bauen. Well dann ass dee Parking net méi accessibel.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Mir maache jo 93 Parkplazen an 2 Behënnerteparkplazen dohinner. Hätte mer déi Plazen net nach kënnen e bëssen erweideren? Well 2 Plaze fir behënnert Matmënsche klingt e bësse wéineg.

Da wollt ech och nach froen, watfir ee Belag op dee Parking kënnt. Net datt mer duerno erëm dee selwechte Problem hu wéi hei op der Lénger Strooss.

Da wollt ech iech nach eng Saach mat op de Wee ginn. Dat Ganzt ass jo geduecht, fir datt mer beim Tourismus e bësse méi aus eisem Eck wëlle maachen. An et ass jo geduecht, datt d'Leit duerno kënnen iwwer e Wee erof bei d'Schwämm goen. Et komme jo mëttlerweil och vill Touristen, fir mam Train 1900 ze fueren, an déi mat enger Caravane oder mat engem Camper ugereest kommen. Sinn dofir och Plazen op deem Site virgesinn, wou déi kënne parken? Well dann hätte se alles beieneen. Si hätten den Train 1900, d'Schwämm an – wann de Projet Jufa realiséiert géif ginn – d'Méiglechkeet fir an d'Jufa-Haus iessen ze goen.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Mir hunn e klenge « plan directeur » maache gelooss fir ze weisen, wéi dat Ganzt kéint ausgesi wann alles op deem Site implantéiert wier. Do ass virgesi fir eng Bamallee ze maachen, déi op d'Schwämm erofgeet. Et ass touristesch esou geduecht, datt deen Eck en Noerhuelungsgebitt soll ginn. Et hänkt alles e bëssen dovunner of, wéi de Projet Jufa sech elo developpéiert a wat mir nach vun Attraktivitéiten do drusetzen. Dee ganze Projet soll an d'Natur agebonne ginn an et soll e ganz flotte Site ginn, wou all déi touristesch Attraktivitéite sech kënnen zesummefannen. Et ass net esou, datt elo nëmmen eng Strooss dohinner kënnt. Wann d'Jufa net soll kommen, dann hu mir och nach Iddien am Kapp, wat een an deem Noerhuelungsgebitt nach ka maachen.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Wann d'Jufa elo net sollt kommen, dann ass dat keen Drama. De Parking wier do. An den Tourismus geet ëmmer méi op dee Wee, datt sech d'Leit och am Land bewegen. An dofir soll och eng Méiglechkeet bestoen, datt een och Parkméiglechkeeten huet.

A well mer jo an der Natur sinn, soll een de Parking awer och e bëssen natierlech halen.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Dee Parking gëtt net gebaut wéinst der Jufa. De Parking gëtt och natierlech gemaach an hei hu mer jo och net déi Contraintë wéi op der Lénger Strooss. Do ware mer an enger Gréngzone. Hei si mer net an enger Gréngzone. Dat heescht, fir dëse Parking kënne mer e richtege Coffrage maachen. De Parking kann ëmweltfrëndlech sinn, mä net esou wéi deen op der Lénger Strooss.

**Stoffel Marco (LSAP):**

Ech wollt u sech dat selwecht mat de Campere soen. Ech si frou, datt dat eventuell an Zukunft kann a Betruecht gezu ginn. Dann hunn ech awer eng Fro zu de Camionnetten, déi bis elo do stoungen. Et ass jo wahrscheinlech net gutt méiglech, fir op deem dote Parking erëm Camionnetten hinzesetzen. Ass do net un eng aner Léisung geduecht ginn, wou een déi kéint regroupéieren? Op där anerer Säit hu mer jo och nach Terrain. Kann een do kee Parking fir Camionnetten amenagéieren? Oder wéi gesäit do d'Saach aus, fir déi aus de Féiss ze kréien? Well soss belageren se erëm déi dote Parkplazen an dann hu mer erëm net vill geschafft.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Mir brauchen nëmmen eist Reglement unzepassen an ze soen, datt d'Camionnetten owes net méi dierfen do stoen. Et wäert sech och eppes mam Park&Ride developpéieren. Do lafe jo nach eng Rei Saachen niewendrun a wou nei Parkplaze sollen entstoen. Wa mer de Park&Ride bis hunn, dann hu mer d'rue de l'Industrie komplett fräi an da kënne mer se dohinner setzen. Et ass net onbedéngt eise Problem, fir d'Camionnetten owes ënnerdaach ze kréien. Et ass éischter e Problem vun der Organisatioun. Wa mer näischt ënnerhuelen, da bréngt jidderee seng Camionnette owes mat Heem an dann hu mer d'Stroosse voll stoen. Mir sollen hinne verschidde Méiglechkeete bidden. Mir hunn zum Beispill zu Péiteng beim Fussballsterrain eng Méiglechkeet, wou der e puer stinn. Mä do kéinten der nach roueg méi stoen. Och an der rue de l'Industrie ass nach Plaz. Si hunn also d'Méiglechkeet, fir d'Camionnetten op esou Parkinge stellen ze goen. A wa keng Plazen do sinn, da mussen se sech aneschters organiséieren. Da mussen d'Betribscamionnetten eben am Betrib bleiwen an net owes vun den Aarbechter mat Heem geholl ginn.

**Stoffel Marco (LSAP):**

Jo, well et ka jo net sinn, datt eis Parkplazen, déi mer schafen, fir Camionnettë genotzt ginn an net fräi si fir wann zum Beispill Manifestatioune sinn. Well soss fannen d'Visiteuren awer keng Plaz, trotz de Plazen, déi mer geschafen hunn.

**Approbation à l'unanimité.**

## 6.1.8.

### Travaux extraordinaires.

Devis au montant de 120.000 euros relatif aux travaux de reprofilage et de renouvellement de la couche de roulement de diverses rues – approbation.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Beim Reprofilage hu mer jo de Kredit erofgesat op 120.000 Euro. Déi Joere virdrun hate mer jo praktesch all Joer ëm déi 300.000 Euro am Budget stoen. Déi aner 180.000 Euro hu mer jo geholl fir e Reprofilage vun den Trëppelweeër a Vëlospisten ze maachen. Déi 120.000 Euro, déi elo nach opstinn, si geduecht fir zu Péiteng d'rue de la Paix nei ze maachen. Zu Rolleng dee ganze Parkberäich hanner der Schoul, well deen duerch d'Aarbechten do e bëssen a Matleedenschaft gezu ginn ass. Da ginn och nach verschidde méi kleng Fléckaarbechte gemaach.

**Approbation à l'unanimité.**

## 6.1.9.

### Travaux extraordinaires.

Devis au montant de 180.000 euros concernant la mise en place d'un réseau cyclable dans la commune – approbation.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Ech hat jo schonn ugedeit, datt mer engersäits am gaange sinn, e « concept de mobilité générale » ze maachen, wou d'Vëloen deelweis mat drakommen. Op där anerer Säit gi mer awer och scho gären an een Deel vun der Exekutioun vun deem Ganzen. An do hu mer eis e Plang opbaue gelooss, mat 4 Tronçonen dran, déi kuerzfristeg kéinte realiséiert ginn. 2015 hu mer wëlles fir den Tronçon 3 a 4 ze maachen. Den Tronçon 4 ass dat Stéck tëscht der Sportshal Péiteng an dem Uschloss un d'Vëlospist PCN 12 op der Lénger Bréck. Deen Deel géif mat 120.000 Euro zu Buch schloen. Et soll alles mat enger « couverture drainante » ausgefëllt ginn, wat sech esouwuel géif eegene fir de Vëlo, wéi och fir Kannerkutschen oder Leit, déi dohinner trëppele ginn. De Moment ass et net gutt do tëppelen, well ëmmer Pill do stinn.

Den Tronçon 3 ass dat Stéck tëscht der Péitenger Sportshal bis an d'rue de Prés zu Rolleng eran. Do gëtt mat engem Marquage um Buedem d'Vëlospist agezeechent. Op béide

Stroossesäite soll den Normen no esou e Vëloswee agezeechent ginn. Dat sinn awer sougenannten « voies suggestives pour vélo ». Wa kee Vëlo do ass, dann dierf ee roueg mam Auto driwwer fueren. Et ass jo net esou, datt am Ufank all Mënsch wäert mam Vëlo fueren, mä wann de Vëlo do fiert, dann huet dee selbstverständlech Prioritéit an den Auto muss hannendru bleiwen. Den Tronçon 3 géif fir 60.000 Euro realiséiert ginn.

Duerno bleiwen dann nach den Tronçon 1 an 2 ze maachen. Den Tronçon 1 wier d'Nic Biever-Strooss erof bis un d'rue des Prés. Deen Deel kéinte mer mat eisen eegene Leit maachen, well dat praktesch nëmme Marquage ass. Wa mer deen nach dat nächst Joer wéilte realiséieren, dat kéinte mer dat mat eisen eegene Mëttele maachen. Den Tronçon 2 wier deen, dee laanscht d'Eucosider géif goen an dann iwwer d'Nidderkuerer-Strooss bis un déi Péitenger Gare. Deen Tronçon bedéngt nach e puer Aménagementer an do sinn nach e puer Etüden ënnerwee. Well et sinn Niveaus-ënnerscheeder do an d'Weeër sinn och net an deem Zoustand wéi se miisste sinn. Et bedéngt eventuell och nach eng Ëmännerung op der Nidderkuerer Strooss fir d'Sécherheet vum Vëlosfuerer ze garantéieren.

An enger éischter Phase kéinte mer awer den Tronçon 3 a 4 matenee verbannen an dofir hu mer 180.000 Euro an de Budget gesat.

**Conzemius-Holcher Josette (CSV):**

Ech soll jo begréissen, datt Vëlospisten an d'Gemeng kommen. Mä ech géing awer nach just gäre kucken, wéi schmuel déi sinn a wéi doudgeféierlech dat ass a wéivill Leit do drop fueren. Et kann een héchstens sonndes mueres drop fueren, esou wéi d'Cyclisten dat och elo bei hire Randonnéeë maachen. Well ech fannen, datt dat doten eng doudgeféierlech Saach ass an ech ginn dem Här Polfer Recht, mat deem wat hie scho virdru gesot huet. Ech hat elo mäi Virgänger hei sëtzen a wou deen zu Esch war, huet hien an der Verkéierskommissioun gehollef. An deen huet gesot, datt hien déi géif protokolléieren, déi op deene Piste géife fueren. En hat vollkomme Recht, well déi Persoune si gläich dout, sot hien.

Mir wëlle jo iwwerall mobil sinn a Vëlosweeër ariichten. Mä da mussen d'Leit awer och emol nach drop fueren. Ausser deene Fräizäitsportler hunn ech der nach net vill gesinn op deene Vëlosweeër fueren. Et ka jo sinn, datt – wann déi Weeër duerch verschidde Stroossen agezeechent sinn – verschidde Cyclisten dann éischter deen agezeechente Wee fueren. Mä da musse mer oppassen, datt der net zevill drop fueren. Et ass wuel net schlecht, mä fir mech ass et awer eng geféierlech Saach. Op verschiddene Plazen, zum Beispill laanscht d'Eucosider, geet et jo nach, mä dee Wee fiert jo awer och net jiddereen erop, ausser en huet en E-Bike. Dat selwecht gëllt och fir d'Maragole. Well fir op Rodange ze kommen, muss een ëmmer erëm biergop fueren. Ech sinn der Meenung, datt déi Leit – déi immens dofir sinn – nach ni mam Vëlo gefuer sinn.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Bei deem Mobilitéitskonzept gehéiert den Elektrovëlo och dozou. Do wëlle mer probéieren, fir an enger zweeter Phase och där Statiounen ze kréien, wou ee säin E-Bike kann oplueden.

Wa mer urban Piste schafen, da kréie mer déi och deelweis vum Ministère subventionéiert. Dofir sollte mer deen Zuch net verpassen an op alle Fall emol déi Etudë maachen. Wa mer deen Tronçon Nummer 4 gemaach hunn, vum Hotel zu Péiteng bis un d'Lénger Bréck, dann ass dee jo praktesch ausserhalb vun der Agglomeratioun. Dat ass elo keng urban Pist, mä si gëtt awer emol d'Méiglechkeet fir eng Verbindung ze schafen un d'Vëlospist, ouni sech mussen an den Auto ze setze fir dohinner ze kommen. Et gëtt kuerz- oder mëttelfristeg eng Méiglechkeet, fir sech mat der Käerjenger Gemeng a Verbindung ze setzen, well mer do ausserhalb vun den urbane Pisten eng Verbindung schafen. Et gëtt och d'Méiglechkeet, fir eventuell mat der Belsch eng Verbindung ze maachen, well mer och net wäit dovunner ewech sinn. Esou datt ech deen Tronçon ganz sënnvoll fannen. Et ass och deen deiersten Trajet.

Da kommen déi Deeler, déi gemoolt ginn. Et gëtt no deenen Normen agezeechent, déi a Kraaft sinn. D'Stroosse ginn e gudde Meter méi enk gemaach. Dat heescht, op all Säit geet 1,20 Meter verluer fir datt de Vëlo kann an deene Piste fueren. Wa kee Vëlo do fiert, dann ass déi Strooss jo fir den Autosverkéier fräi. Et ass jo nëmmen e Marquage um Buedem an do kann ee roueg mam Auto driwwer fueren. Et ass just, wann e Vëlosfuerer géif do fueren, da muss een ee Moment hannert deem bleiwen, ier ee ka laanscht fueren.

An der Stad Lëtzebuerg si jo de Moment déi Vëlospisten « in ». An do fannen ech et kriminell, wéi d'Cyclisten do tëscht de Busse mussen turnen. Hei si mer awer nach wäit ewech dovunner. Mir sollen elo emol den Tronçon 3 a 4 maachen a kucken, wéi sech déi Saach entwéckelt. An dann hu mer praktesch eng Verbindung tëscht der Rodanger Kierch, iwwer Rolleng bis an den Zentrum vu Péiteng. An da kann ee kucken, ob een déi Pénétranten nach wëll, ob se nach sënnvoll sinn oder net.

Am urbane Raum, wou mer d'Zone 30 hunn, ass iwwerhaapt kee Marquage méi verlaangt. Do ass de Vëlo Bestanddeel vun der Strooss. Et ass jo och net verbuede mam Vëlo duerch de Zoning ze fueren. Et ass just, datt en hei guidéiert gëtt duerch eng « voie suggestive », déi agezeechent gëtt.

Ech sinn iwwerzeegt, datt – wa mer emol deen Trajet gemaach hu vun der Sportshal eriwwer bei d'Lénger Bréck – datt deen awer vill genotzt wäert ginn, och vu Leit, déi vu Rodange hir kommen. An deen Tronçon hei wäert méi roueg si wéi wa se miissten iwwer déi normal Strooss fueren.

**Gira Carlo (CSV):**

Ech deele vollkommen déi Bedenken, déi elo hei geäussert gi sinn, wat déi Anzeechnungen um Buedem betreffen. Well wa mer wierklech wëlle vu Vëlospisten oder vu Verbindungsweeër schwätzen, déi richteg sinn, da miisste mer déi Kultur wéi an Holland hunn, wou effektiv eng Strooss ass, e Gréngsträifen an dann e Wee fir d'Foussgänger an d'Vëloen. E Stéck, bei deem ech mech kann ufrënnen a wat den Numm « Vëlospist » verdéngt, dat ass dat Stéck vun der Sportshal iwwer dee sougenannte « giele Wee » bis bei d'Lénger Bréck. Do sinn esougutt d'Foussgänger wéi och d'Vëlosfuerer ofgeséchert. Mä bei deenen anere Saachen ass den Autosfuerer nach ëmmer dee stäerksten, och wann de Vëlosfuerer op deene Weeër vläicht sollt d'Prioritéit hunn. Hien ass awer nach ëmmer dee Schwächsten an deem Ganzen. A wann een et wierklech wëll securiséieren, da muss een extra Sträife maachen. An do miisste mer laangfristeg plange fir dat an der ganzer Gemeng kënnen ze realiséieren.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Et ass dat eng Planung, wéi bei de Waasseraxen oder de Kanäl. An d'Enn vum Tunnel gesi mer eréischt an 10 bis 20 Joer.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Mir begréissen, datt mer op dee Wee ginn. Et muss een emol de Courage hu fir iwwerhaapt emol dee Wee anzeschloen an

datt mer eis emol éischtens um urbane Wee mat deenen anere Gemenge verbannen. Dat ass eng gutt Saach, an et ass nun emol esou, datt déi eng Leit dofir an déi aner dergéint sinn. Mä wann een et emol net probéiert fir op dee Wee ze goen, da kënne mer och näischt erreechen an och net gesinn, wéi et fonctionnéiert. Et ginn natierlech Plazen, wou een aus Sécherheetsgrënn besser hätt, net mam Vëlo ze fueren. Well de Vëlosfuerer gëtt ganz oft net respektéiert. Déi Plaz op der Porte de Lamadelaine fir a Rolleng erop ass e bësse geféierlech. Well eleng schonn dee Busarrêt, deen de Moment do ass, ass scho geféierlech, wann d'Kanner do stinn op de Bus ze waarden. Dat huet elo net direkt eppes mat de Vëloen ze dinn, mä et ass just e Punkt, dee geféierlech ass.

Mä ech begréissen awer, datt mer op dee Wee ginn an datt mer versiche fir e Konzept opzebauen an ze kucken, wéi et fonctionnéiert. Et kann ee jo nach ëmmer duerno e bëssen zeréckgoen, wann ee gesäit, datt et op enger Plaz net gutt fonctionnéiert. Mäi ouni et emol ze versichen, kann ee keng Erfahrunge sammelen.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Et muss een eng Kéier de Versuch maachen. Deen deierste Punkt, dee mer maachen, kënnt an déi Stabiliséierung vun deem aktuelle Wee, an deen och deene Leit zegutt kënnt, déi nëmme wëllen trëppele goen.

Op deem Stéck, wat mer elo wëllen duerch de Zoning maachen, gëtt och elo scho mat de Vëloe gefuer. Een, dee vu Rodange op Péiteng gefuer kënnt, an dee wëll weider op d'Vëlospist fueren, dee fiert de Moment schonn dee Wee. Just datt mer elo emol op der Strooss eng Spuer fir de Vëlo anzeechnen. Wann doduerch méi Leit Loscht kréie fir dohinner ze fueren, dann ass dat gutt. A wann et net dee Succès huet, dann ass näischt geschitt. Den Auto fiert nach eent wéi d'anert. Et ass just, datt – wann e Vëlo op deene Spueren ënnerwee ass – ee muss op deen oppassen. Well de Vëlo ass op enger siichtbarer « voie suggestive » ënnerwee an deen huet do Prioritéit.

Ënnert dem Stréch gëtt et eng méi grouss Sécherheet par rapport zu der aktueller Situatioun. A wa sech sollt eraus-stellen, datt de Vëlo e Fräizäitsport « par excellence » sollt ginn, da musse mer eist Konzept upassen an nei opbauen. Mä et muss een awer mat Iergendeppes emol ufänken.

**Tockert Claude (DP):**

Ass et wierklech noutwenneg, fir laanscht d'Eucosider erop e Marquage um Buedem ze maachen? Well do ass jo en allgemengt Fuerverbuet.

**Breyer Roland, Schäffen:**

2016, wa mer eng Vëlospist dohinner maachen, muss d'Verkéiersreglement geännert ginn. Da bleift dee Wee op fir de Vëlosfuerer. Et miisst net onbedéngt e Marquage um Buedem gemaach ginn. Et muss een och wëssen, datt dee Wee eis net ganz gehéiert. Do mussen nach d'Proprietéits-verhältnisser gekläert ginn. Mä bei allem, wat an der Zone 30 läit, miisst emol kee Marquage gemaach ginn. Mä d'Verkéiersreglement muss deem awer ugepasst ginn.

**Approbation à l'unanimité.**

## 6.1.10.

### Travaux extraordinaires.

Devis au montant de 30.000 euros concernant l'installation d'un système de comptage avec afficheur externe dans la piscine PiKo à Rodange – approbation.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Bei dësem Punkt geet et ëm en Devis fir e « système de comptage » an eiser PiKo-Schwämm. Domatter kann och no baussen hin ugewise ginn, wéivill Leit an der Schwämm wieren. Den Devis heifir läit bei 30.000 Euro.

**Brecht Guy (LSAP):**

Mir hunn och nach eng Unzeigetafel op der Lëtzebuerger Strooss stoen, do wou et zu Rolleng erop an d'avenue de la Gare geet. Gëtt déi Zuel vun de Visiteuren och doropper ugewisen?

**Mertzig Romain, Schäffen:**

An deem ganze System ass virgesinn, datt dat alles matenee coordinéiert gëtt.

**Becker Romain (déi gréng):**

Ech ka mer bei deem « système de comptage » näischt Richteges drënner virstellen. Mir hu jo op der Strooss esou eng Anzeig stoen, déi uweist, wéivill Parkplaze bei der PiKo-Schwämm nach fräi sinn. An hei bei der Schwämm géif dann ugewise ginn, wéivill Visiteuren an der Schwämm sinn, esou datt d'Leit bausse gesinn, wévill Leit bannen an der Schwämm sinn. Wat ass de But dovunner? Wat ass Plus-value dovunner, datt d'Leit virun der Dier gesinn, wéivill Leit bannen an der Schwämm sinn?

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Mir kënnen dat dréine wéi mer wëllen. Mir kënnen uweisen, wéivill Leit an der Schwämm sinn, mä ech géif et méi logesch fannen, datt mer géife weisen, wéivill Plazen nach an der Schwämm fräi sinn oder datt se « complet » wier. De Sënn dovunner ass, datt mer am Summer d'Erfahrung gemaach hunn, datt ëmmer nach d'Leit d'Verkéiersaxen do notze fir eran, obwuel keng Méiglechkeet méi besteet fir an d'Schwämm eranzekomme well se « complet » ass. Doduerch hu mer Verkéier, deen dréint, an et ass keng Plaz méi an der Schwämm.

Mat dëser Anzeig kënne mer d'Leit drop hiweisen, datt et kee Wäert méi huet bei d'Schwämm ze goen, well ee souwisou net méi kann erakommen. Well mir mussen d'Sécherheets-normen anhalen, well mer duerch de Commodo nëmmen eng gewëssen Unzuel vu Leit kënne mateneen an der Schwämm hunn.

**Becker Romain (déi gréng):**

Dat heescht, d'Leit, déi duerch d'Barrière an der Schwämm ginn, gi gezielt? Et huet elo näischt mam Parking ze dinn?

**Mertzig Romain, Schäffen:**

D'Zil ass, fir d'Leit ze zielen, déi duerch d'Barrière eran an d'Schwämm ginn. Mir hu gewësse Contrainten, well mer duerch de Commodo nëmmen eng gewëssen Unzuel vu Visiteure kënnen an d'Schwämm eraloossen an esou och conforme si mam Reglement iwwer d'Sécherheet.

**Becker Romain (déi gréng):**

Op der Anzeig steet dann, datt zum Beispill 250 Leit an der Schwämm sinn. Mä wou weess dann de Visiteur, datt keng Plaz méi do ass fir hien?

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Ech hunn Iech dat jo elo am Ufank gesot. Et ass méi logesch, datt mer uweisen, wéivill Leit nach kënnen erakommen an net wéivill, datt der dobanne sinn. A wa keng Plaz méi disponibel ass, da gëtt ugewisen, datt d'Schwämm « complet » ass.

U sech ass et jo e gutt Zeechen, datt mer déi Situatioun hunn an datt eis PiKo-Schwämm vill genotzt gëtt.

**Becker Romain (déi gréng):**

Nach eng Kéier zum Verständnis. Déi Anzeig steet virun der Schwämm selwer?

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Dir hutt erëm net opgepasst. Déi Zuel gëtt éischtens bei der Schwämm selwer ugewisen an zweetens – an dat hat ech dem Här Brecht bei senger Fro virdru scho gesot – gëtt dat och integréiert an dee System, deen op der Haaptstrooss scho steet.

**Becker Romain (déi gréng):**

Dat heescht, op der Haaptstrooss gesinn ech schonn, datt et kee Wäert méi huet fir bis bei d'Schwämm ze fueren.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Esou ass et. Et huet jo kee Wäert, datt mer d'Leit an de Quartier vun der Schwämm drainéieren, wa souwisou keng Plaz méi an der Schwämm ass. Natierlech wäerten et awer ëmmer Leit ginn, déi probéieren. Mä eis geet et drëm, fir d'Leit schonn am Virfeld drop hinzeweisen.

**Becker Romain (déi gréng):**

D'Konditioun ass dann awer, datt déi Anzeig ëmmer fonctionnéiert. Well déi mam Parking fonctionnéiert net ëmmer.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Wësst der, Här Becker, op d'Technik hu mer net ëmmer eng Influenz.

**Rosenfeld Romain (CSV):**

Mir haten am Budget drastoen, fir d'Gradinen an der Schwämm nei ze maachen. Dofir wollt ech froen, ob dat scho gemaach ass?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Deen Devis war schonn d'lescht Joer gestëmmt ginn. An déi Aarbechte falen an de Budget rectifié.

**Approbation à l'unanimité.**

## 6.1.11.

### Travaux extraordinaires.

Devis au montant de 95.000 euros relatif aux travaux de remise en état de la salle de musique au Centre culturel de Rodange – approbation.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Mir hunn an engem Puer-Joersplang virgesi gehat, fir d'Musekssäll an der Gemeng nei ze maachen. Dat ass 2014 mat deem Rollenger Musekssall ugaangen, 2015 soll dee Rodanger Sall un d'Rei kommen an dat Joer duerno dee Péitenger Musekssall. Fir dee Rodanger Musekssall si 95.000 Euro virgesinn.

**Conzemius-Holcher Josette (CSV):**

Ech hat jo scho bei de Budgetsdiskussiounen e bësse reklaméiert, fir datt dee Musekssall sollt an d'Rei gemaach ginn. Mä et handelt sech jo am Fong geholl ëm e Sall an engem Kulturzenter, dee scho 40 Joer do steet a wou och emol heiansdo Saache mussen nei gemaach ginn.

Am Devis gesinn ech awer näischt fir d'Ersetze vu Fënsteren. Wier et dann net méi sënnvoll, datt ee fir d'éischt emol géif d'Fënsteren ersetzen, well da bräichte mer vläicht keng där « panneaux d'absorbation » oder nei Storen, déi elo am Devis drastinn. Well nei Fënstere wieren an deem Zentrum méi néideg wéi elo verschidde méi kleng Saache frësch ze maachen. Well elo maache mer dee Sall do frësch, mir maache keng Fënsteren nei an et zitt iwwerall weider eran. Et wier emol, fir doriwwer nozedenken. Net datt mer erëm hanne vir ufänken. A wa senger Liewen eng Kéier d'Fënsteren nei gemaach ginn – wat ech jo hoffen – da passe vläicht déi Storen net méi an dann ersetze mer déi erëm eng Kéier. An dann hu mer zweemol d'Suen ausginn.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Dir hat jo scho bei de Budgetsdiskussiounen op dee schlechten Zoustand vun de Fënsteren higewisen. Mir hunn dat och un eis zoustänneg Servicer weiderginn an déi confirméieren eis, datt do effektiv déi Dichtegkeet vun deene Fënsteren net méi esou an der Rei ass. An dat kann – mat deenen Organisatiounen, déi am Kulturzenter stattfannen – eng Gêne si fir d'Leit, déi ronderëm wunnen. Mir hu wëlles, fir eis déi Saach emol chiffréieren ze loossen an esou séier, wéi mer déi Zuele virleien hunn a mer gesinn, datt dat machbar ass, komme mer nach eng Kéier op de Gemengerot zeréck fir eventuell eng extrae Kredit dofir ze stëmmen an och eventuell d'Etappe vun den Aarbechten ëmzedréinen.

**Rosenfeld Romain (CSV):**

Ech gesinn dat och esou. Et ass e Sall, deen dem Centre culturel vu Rodange ugehéiert an dee gehéiert och an d'Rei gesat ze ginn. Hei steet wuel « salle de musique », mä dat muss och net heeschen, datt et éiweg muss e Musekssall bleiwen. Et ware jo Bedenken iwwer de Fonctionnement vun der Musek an iwwer d'Zukunft vun der Rodanger Musek. Mä, wéi gesot, de Sall kann ëmmer duerno nach eng aner Affektatioun kréien.

**Breyer Roland, Schäffen:**

D'Funktioun vun deem Sall ass eng « salle de musique ». Mä ech wëll awer kloer soen, datt et net der Musek hire Sall ass. Et ass e Funktiounssall a wa muer – wat mer net wënschen an net hoffen – eng Rodanger Musek net méi géif spillen, da kann dee Sall och enger anerer musikalescher Affektatioun zougefouert ginn.

**Brecht Guy (LSAP):**

Et ass dëst effektiv e schéine grousse Sall a mir hu vollt Vertrauen an déi Leit, déi dee Sall elo nei maachen an datt et och deementspriechend flott gëtt.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Wéi gesot, wann de Gemengerot averstanen ass, da géife mer dat heiten emol esou stëmmen. Et ass jo en Devis, deen net direkt am éischten Trimester muss ausgefouert ginn. A wa mer méi kloer sinn, wat d'Fënsteren ubelaangt, da komme mer nach eng Kéier zeréck an de Gemengerot.

**Approbation à l'unanimité.**

## 6.1.12.

### Travaux extraordinaires.

Devis au montant de 935.000 euros et plans relatifs aux travaux d'extension et de réaménagement de l'ancien presbytère de Lamadelaine – approbation.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Wéi mer scho bei der Budgetsvirlag ugekënnegt haten, hu mer wëlles eis Mémoire collective communale am ale

Presbytère zu Rolleng ënnerdaach ze kréien. Dat, wat vun den Amis de l'Histoire de Moment am Rousen-Haus geréiert gëtt, soll wa méiglech do eriwwer kommen, an dat mat engem kloere Konzept vun der Opdeelung. An dat aalt Paschtoueschhaus huet sech als ideal Plaz erwisen. Vun der Surface hir bitt dat Haus déi Méiglechkeeten, déi ee brauch. Dat Haus géif eng kleng Extensioun zur lénker Säit hi kréien, wann ee virdru steet. An de klengen Ubau kéim dann d'Entrée mat engem klenge Lift, fir op deen éischte Stack eropzekommen. Deen Ubau géif mat Holz verkleed ginn. De Bau selwer géif stabiliséiert ginn, well e verschidde Fissuren an e puer Bauschied huet. De Bau géif betonéiert ginn an an der Fassad awer esou bleiwen, wéi e war.

Um Rez-de-chaussée wier e gréisseren Openthaltsraum vu ronn 40 $m^2$, en Accueil vun 12 $m^2$, eng Kichen, Toiletten, en Debarras an eng kleng Buvette. Um éischte Stack wieren dann 2 gréisser Säll, ee vu 50 an ee vun 32 $m^2$, esou wéi eng Toilette. Um drëtte Stack wier dann nach d'Méiglechkeet fir ze archivéieren an e Stockage ze maachen, an dat bei iwwer 70 $m^2$.

Et ass elo méi grouss wéi dat, wat de Moment vun den Amis de l'Histoire gebraucht gëtt. Si hunn déi Pläng och schonn deelweis studéiert. Mir wollten awer nach mat hinnen iwwer d'Funktionalitéit schwätzen, wann de Gemengerot d'Pläng bis am grousse Ganzen approuvéiert huet. D'Amis de l'Histoire géifen dann, wa se wëllen, mat dohinner plënneren an hire Sëtz an deem Gebai hunn. Doduerch kréie mer dann och aner Méiglechkeeten am Kulturhaus « A Rousen » fräi.

Déi ganz Aarbechte géife mat 935.000 Euro zu Buch schloen.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Bei deenen 935.000 Euro, gëtt do déi Trap op d'Avenue de la Gare zou an d'Alentouren och erneiert? Oder sinn déi Sue momentan nëmme geduecht fir d'Gebailechkeeten?

**Breyer Roland, Schäffen:**

Bei den Alentoure gëtt nëmmen en Drainage ronderëm d'Haus gemaach, well soss d'Iwwerflächewaasser derlaanscht erof leeft an d'Leit ënnendrënner zu Schued kéinte kommen. Déi Mauer vis-à-vis vun der Entrée ass och e bësse gerëtscht an déi gëtt och stabiliséiert. Mä déi Trap mat der desaffectéierter Toilette, déi mer nach do stoen hunn, ass am Moment net am Projet dran.

Et gëtt awer dru geduecht, fir parallel dozou e Projet lafen ze loossen. Mir kucken, wat mer do nach kënne maachen. Op dat eventuell elo e Park gëtt, dee vun ënnen disponibel ass. Et si jo och nach Gäert do an et soll jo och eng nei Toilette dohinner kommen. An enger zweeter Etapp maache mer eis Gedanken doriwwer.

**Gira Carlo (CSV):**

Dat hei ass jo erëm en aalt Haus, wou mer Renovatiounsaarbechte virhuelen. Gouf dann alles ënnersicht fir datt mer duerno net erëm Iwwerraschungen erliewen? Et gouf jo schonn ugeschwat, datt dat Haus hei sollt stabiliséiert ginn an en Drainage virgesinn ass. Mir erhalen hei en Deel vun eisem architektonesche Patrimoine. Et muss een awer allgemeng feststellen, datt esou Renovéierungsaarbechten hire Präis hunn an ech fannen, datt dat heite schonn e relativ zolitte Präis ass.

Et ass och en Trend, datt déi nei Deeler, déi eben technesch néideg si fir esou Haiser och behënnertegerecht ze maachen, virgesi sinn an déi dann och mat Holz ausgekleed ginn. Do hunn ech u sech näischt dogéint, mä ass gewosst, wéi d'Erfahrungswäerter mat esou enger Holzverkleedung sinn a wéi dacks dat Holz muss ugestrach ginn?

**Breyer Roland, Schäffen:**

D'Architekten hunn eis gesot, datt dat Holz déi selwecht Liewensdauer huet am Entretien wéi eng normal Fassad. Haut ass dat Holz getränkt. Ech géif och soen, datt déi Holzverkleedung ganz ästhetesch wierkt. An et gëtt esou gemaach, datt een an deenen éischten 10 bis 15 Joer näischt brauch un der Fassad ze maachen.

Ech wollt och nach soen, datt bei deenen 935.000 Euro den « équipement intérieur » net mat dran ass. Mä do huele mer och en Deel aus dem Rousen-Haus mat eriwwer. Esou datt déi Käschten net allze héich wäerten ausfalen.

Et ass och geduecht, datt dat Haus bei der Isolatioun an d'Kategorie C soll kommen. Mir haten och préiwe gelooss, fir eng Kategorie A ze maachen. Mä dann hätt sech den Devis op 1,5 Milliounen Euro belaf. Mir haten eis och en Ëmweltexpert zu Rot gezunn a mir krute gesot, doduerch datt dat Haus net regelméisseg genotzt gëtt, wier deen Invest einfach net ze veräntwere vis-à-vis vum Notzen.

Dat Haus gëtt jo am Prinzip nëmmen deen een oder aneren Dag an der Woch gebraucht an et ass och net geduecht, datt do en neie Centre culturel soll entstoen, wou all Dag Aktivitéite sinn.

**Stoffel Marco (LSAP):**

Als fréiere President vun de Geschichtsfrënn freet et mech natierlech, datt dat Gebai elo erhale bleift an datt d'Geschichtsfrënn doranner hir Bleif kënne fannen. Ech fannen och gutt, datt deen eigentlechen Archivage soll um 2. Stack geschéien. Well doduerch spuere mer eis e Lift, dee bis op den 2. Stack muss eropgoen an dat wier jo technesch och relativ kompliz éiert ginn.

Da wollt ech awer nach froen, wéi et ronderëm mat de Parkplazen ausgesäit? Gouf dru geduecht, fir do eppes Extraes ze amenagéieren oder ass dat an deem Projet hei nach net mat dran?

**Breyer Roland, Schäffen:**

Et si schonn e ganze Koup Parkplazen do. Wann déi schonn emol profitéiert ginn, dann ass dat schonn eppes wäert. Wann een op deem Wee erafiert, dann ass do och nach de Gaart, deen een nach kéint amenagéieren. Et ass och nach eng Garage do, déi bestoe bleift. Parkméiglechkeeten, géif ech soen, si genuch do. Ausser enger « Porte ouverte », déi eemol am Joer gréisseren Undrang huet, ass et awer iwwer d'Joer éischter méi roueg. Mir hunn op där Plaz awer 20 Parkplazen, plus nach dee Wee, dee bis virun d'Haus geet. A wann et sollt néideg sinn, da kann een nach séier mat Rasengitter eppes beim Haus selwer uleeën.

**Stoffel Marco (LSAP):**

Déi Säll uewenop bidde sech jo un, fir thematesch Raim ze maachen. Ass dann net dru geduecht gi fir dës dem Public zougänglech ze maachen, esou datt méi oft Leit kënnen dohinner kucke goen.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Mir maache kee Musée an deem Haus. Mir kucke fir eng « Mémoire collective » do ze zentraliséieren, déi duerno soll esouwäit ewéi méiglech digitaliséiert sinn, esou datt mer vun alle Méiglechkeete kënnen drop zeréckgräifen. Mir si frou, datt mer d'Amis de l'Histoire hunn, déi eis déi Aarbecht mécht. An d'Wonschvirstellung ass, datt ech spéider kann doheem op mäi Computer goen an déi Informatiounen – déi ech sichen – da kann do fannen. A wann ech da méi wëll wëssen, da ginn ech bei den Amis de l'Histoire laanscht. Et ass net geduecht, datt mer an deem Gebai Ausstellunge

maachen. Mir wëllen net nach en Centre schafen, dee grouss fir de Public op ass.

**Stoffel Marco (LSAP):**

Ech fannen dat schued, mä ech kann awer mat där Ausriichtung vun deem Gebai liewen.

**Approbation à l'unanimité.**

## 6.1.13.

### Travaux extraordinaires.

Devis au montant de 70.000 euros relatif aux travaux de remplacement du revêtement du parking écologique à Pétange, rue de Linger – approbation.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Et ass kee Geheimnis, datt dee Parking esou realiséiert gi war, wéi déi Zäit Virschrëfte waren. Do war näischt Aneres vun Eaux et Fôrets, déi dofir zoustänneg waren, erlaabt ginn. Mir hunn awer nogewisen a bewisen, datt deen Amenagement keng gutt Léisung war. Well all Mënsch, deen dee Parking profitéiert, mécht sech den Auto, d'Schung an d'Kleeder knaschteg. Elo ass d'Iwwerzeegung erëm aneschters. Et ass erëm eng Kéier mat deene selwechte Leit geschwat ginn, a si soen, datt e « pavage écologique », dat heescht e « pavage drainant » awer elo méiglech ass. An dat ass dat, wat mir schonn an der Zäit wollten, mä dunn net méiglech war. Dat wier eben deemools scho 60.000 Euro méi deier ginn, mä de Parking wier vun Ufank u praktesch gewiescht.

Elo musse mer e bëssen opkraze goen an dee Pavé draleeën. Et ass elo keng horrend Aarbecht, mä et ass eng Aarbecht, déi scho fréier, beim Uleeë vum Parking, direkt matgemaach hätt kënne ginn. Et ass dat elo kee Belag, wou ee sech den Tallek net kann drop briechen, mä et behält een awer emol de Schung propper an dréchen.

**Conzemius-Holcher Josette (CSV):**

Mir hu jo elo flott Erklärunge kritt, firwat datt dat muss ëmgeännert ginn. Et kann ee sech och selwer dovunner iwwerzeegen, datt dee Belag, déi bis elo do war, näischt war. Mä et miisst een emol déi Leit, déi eis deemools beroden hunn, froen, ob se fir d'Méikäschten opkommen. Well et ass jo awer schonn eng Zomm, déi mer elo erëm mussen ausginn. Well wa se esou ee Blödsinn an d'Welt setzen, da sollen se och dofir opkommen a Plaz datt d'Allgemengheet dofir muss bezuelen.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Et ass eng Erkenntnis, déi gemaach ginn ass. Am Ufank däerf een näischt maachen, duerno changéieren d'Produiten. Et gëtt haut en « asphalte drainant », et gëtt en « beton drainant ». All déi Saache sinn et fréier net ginn. Déi Méikäschte sinn am Fong geholl net de Pavé. Deen hate mer jo och scho wëlles fir deemools ze maachen. D'Méikäschte sinn déi ronn 10.000 Euro, déi mer elo mussen ausgi well fir d'éischt muss opgekraazt ginn ier de Pavé ka geluecht ginn. Dat hätte mer kéinten deemools matmaachen an de wier de Projet deemools ronn 60.000 Euro méi deier ginn.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Wat geschitt mat där Barrière, déi do steet?

**Breyer Roland, Schäffen:**

Déi ass am gaangen ewechgeholl ze ginn, an dat duerch eis Servicer. Déi war futti, an et huet ausgesinn, datt een dragerannt wier.

Déi Zousazschëlter « Parking WAX » an « Domaine WAX » sti scho säit 6 Méint op der Plaz. Dir hat déi leschte Kéier jo gesot, datt se nach net géifen do stoen. Am Rond-point Eglise stinn 2 grouss Schëlter, déi op de Parking an op den Domaine Wax hiweisen. Da stinn och nach Schëlter op der Kräizung mat der Lénger an der Athuser Strooss. An och op der Lénger Strooss stinn nach 2 Schëlter « Parking WAX ». Also, et ass schonn ugezeechent an där Norm, wéi Ponts et Chaussées dat virgesäit.

Fir de Moment gëtt de Parking opstoe gelooss, well mer éischtens d'Aarbechten do maachen an zweetens wëlle kucken, wéi e besat gëtt. A wa mer de Parking musse spéider an der Zäit reglementéiere fir d'Dauerparker ewechzekréien, da wäerte mer dat maachen. An wann et miisst sinn, da kënne mer d'Barrière och erëm dohinner setzen.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Ech war de Mueren nach eng Kéier op d'Plaz kucken. Mä d'Schëlter sti beim Parking selwer. Ech hat an der leschter Sëtzung awer gesot, datt beim Centre WAX selwer kee Schëld steet, dat op de Parking hiweist. Do hänkt just e Schëld, datt e Restaurant do ass.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Hutt der déi Schëlter am Rond-point da scho gesinn?

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Jo, mä dat war de leschte Méindeg net meng Fro. Ech hat gefrot, ob net bei de Wax selwer e Schëld ka gesat ginn. An do hutt der mer geäntwert, datt et miisst 25 Meter vun der Strooss ewechstoen.

Wat de Parking ugeet, esou stëmmt et, datt dee katastrofal ausgesäit. Datt Eaux et Fôrets esou eppes iwwerhaapt proposéiert huet, dat ass jo bal net méiglech. Mä de Problem gëtt jo elo geléist. Et ass natierlech schued fir déi Suen, déi mer erëm mussen ausginn.

**Approbation par 14 voix et 2 abstentions (déi gréng).**

## 6.1.14.

### Travaux extraordinaires.

Devis au montant de 950.000 euros et plans relatifs aux travaux de rénovation de l'Ecole « An Eigent » à Pétange (aile B) – approbation.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Wéi ech scho bei menger Budgetserklärung ugedeit hat, wëlle mer d'nächst Joer an der Eigent-Schoul de Block B renovéieren. Déi aner Bléck si jo scho méi oder wéineger nei gemaach ginn, esou datt mer elo nach am Block B Aarbechte musse maachen. Well dat awer e relativ héije Chiffer gëtt, dee sech op ronn 950.000 Euro wäert belafen, hu mer geduecht, fir déi Aarbechten an 3 Phasen ze maachen. Mir kënne jo och ëmmer nëmmen haaptsächlech an de grousse Vakanzen Aarbechte realiséieren.

An zwar hate mer geduecht, fir déi éischt Phase dann elo emol ulafen ze loossen, an dat während der Summervakanz. Do ginn dann « travaux de démolition » gemaach, et gëtt un den Heizkierperen an um Elektresche geschafft.

Déi Joeren duerno géinge mer dann déi 2. an 3. Phase jeeweils an de grousse Vakanze realiséieren, esou datt mer awer praktesch 3 Joer mat deem Gebai am gaange wieren, fir et op dee Stand ze bréngen vun deenen anere Bléck, déi mer schonn an der Eigent-Schoul renovéiert, respektiv bäigebaut hunn.

Fir d'Joer 2015 hu mer elo emol 250.000 Euro an de Budget agesat, fir déi 1. Phase vun den Aarbechte kënnen ze realiséieren.

**Approbation à l'unanimité. M. Stoffel, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 6.1.15.

### Travaux extraordinaires.

Devis au montant de 500.000 euro et plans relatifs aux travaux de réaménagement de la cour avant de l'Ecole « Am Park » à Pétange – approbation.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Bei dësem Punkt geet et ëm d'Renovatioun vum Schoulhaff vun der Park-Schoul. U sech hu mer am « plan pluriannuel » déi 2 Schoulhäff drastoen. Mir wollten awer elo emol mat engem Schoulhaff ufänken, an zwar mat deem Schoulhaff, dee Richtung Park läit. Et sinn iwwer 200 Kanner an deem Gebai an déi brauche jo awer nach e Schoulhaff. Mir wëllen d'Aarbechten an deem Schoulhaff och während der grousser Vakanz maachen a mir hoffen och, datt mer d'Aarbechten och während där Zäit ofgeschloss kréien. Et ass dat och eng gréisser Geschicht, well deen Haff soll komplett erneiert ginn, fir datt en net nëmmen duerno als normale Schoulhaff ka fungéieren, mä – well en am Zentrum vu Péiteng läit – en och als normal Spillplaz disponibel ass.

D'Pläng hutt der an ären Ënnerlage leien an dir kënnt gesinn, wéi en duerno wäert agedeelt sinn. Den Haff gëtt an 3 Zonen agedeelt. Et leien och 2 Avise vir, an zwar sinn dat den Avis vun de Pompjeeën an den Avis vun der Schoulkommissioun. Mam Avis vum Pompjeeskommandant hu mer eis gëschter Mueren ausernee gesat. D'Entrée soll e wéineg méi breet gemaach ginn, fir datt si mat deem ganz grousse Läschwon och kënnen erafueren. Op Iddi vum Léierpersonal hate mer och dee klenge Wee säitlech zougemaach, wou d'Kanner sech kéinte sammelen, wann eng Gefor wier. Op Wonsch vun de Pompjeeë maache mer dee Wee erëm op, esou datt d'Kanner iwwer dee Wee erëm kënnen evacuéiert ginn.

Wéi gesot, gëtt de Schoulhaff an 3 Zonen agedeelt. Et ass dat eng Haaptzone an der Mëtt, déi mat Placke gemaach gëtt. Et ass dëst eng Zone, wou d'Kanner kënne fräi normal spillen. Dann hu mer eng Zone, wou Spiller hikommen a wou d'Kanner sech kënnen e bësse méi austoben. Déi Kanner, déi gäre klammen oder schaukelen, déi kënne sech an där Zone ophalen. An dann hu mer nach eng drëtt Zone, an déi Bänken a Spiller sollen hikommen an an där een e wéineg a méi engem rouege Rahme sëtzt.

De Schoulhaff soll och begréngt ginn. Et sollen nei Beem dohinner kommen. Och sollen eng Rei Beem bestoe bleiwen. Dee klenge Wee, dee säitlech d'Verbindung mécht tëscht dem Park an der Kuerstrooss, soll och beliicht ginn. Well dee Wee gëtt jo och vu ville Leit genotzt an dee Wee war bis elo owes net beliicht an dat ass jo relativ geféierlech.

Ech sinn iwwerzeegt, datt et eng flott Saach gëtt. Wann der den Devis récapitulatif kuckt, da beleeft sech den Devis mat de Spiller an allem ronderëm op 369.000 Euro. Da kënnt nach d'TVA derbäi an da si mer op 432.000 Euro. Da kommen d'Honoraire vun den Architekten an den Ingenieuren nach derbäi, esou datt mer duerno op 499.760,87 Euro kommen.

Ech wollt iech nach informéieren, datt mer virgeschloe gi sinn, fir an e grousst internationaalt Architektebuch eranzekommen, an zwar mat eisem Schoulhaff vu Rodange, dee mer bei der Neiwiss-Schoul gemaach hunn. Déi definitiv Décisioun ass awer nach net gefall.

**Conzemius-Holcher Josette (CSV):**

Ech hat jo scho bei de Budgetsdiskussioune gesot, datt dee Projet ze deier wier. Ech wollt awer elo net nach eng Kéier dropper agoen. Ech wollt awer just op eng aner Saach agoen. D'Madame Conter huet gesot, datt mer vläicht géifen an en Architektebuch kommen, well dee Rodanger Schoulhaff esou flott wier. Mä ier dat geschitt, miissten se awer emol laanscht kommen a sech dat Glas ukucken, wat se eis virgeschloen haten. Well elo sinn et awer scho bal 6 Méint, datt dat Glas nach net ersat ass. Well dat gesäit awer net flott aus. Well wa se elo kucke kommen, da fale mer awer duerch a komme sécher net an dat Buch.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Mir hu gëschter nach iwwer dat Glas geschwat an dat Glas gëtt ersat. Mir hu mat ganz vill Vandalismus hei an der Gemeng ze dinn. Kaum huet een eppes ersat, dann ass et schonn erëm futti. Well anscheinend hätt ee mat engem Loftgewier an dat Glas geschoss. An dat féiert awer schonn e bësse wäit! Et soll een dat Material, wat een eiser Jugend dohinner setzt, och an Éieren halen. A wann da guer kee Respekt méi do ass, dann ass dat ganz traureg.

Wa mir dann eppes dohinner setzen, wat guer net schéin ass a wat d'Kanner net usprécht, da gëtt et och net genotzt. Dee Rodanger Schoulhaff gëtt awer vill genotzt, mä – wéi gesot – et huet een ëmmer emol Leit, déi Vandalismus bedreiwen. Och op der Spillplaz « Zauberschoul » hu mer schonn eng Rei Eilen a Spannen, déi aus Holz sinn, geklaut kritt. Doriwwer hu mer net hei geschwat a mir hunn déi Saachen anstandslos ersat.

Mir hunn op eise Spillplazen dëst Joer 2 Multisport- Terraine miisste komplett erneieren, wat eis iwwer 45.000 Euro kascht huet. Mä mir stinn net Dag an Nuecht bei de Spiller fir ze kucken, wat do ofgeet.

**Conzemius-Holcher Josette (CSV):**

Ech hat net vun de Spiller geschwat, mä nëmme vun deem Glas, wat nach net ersat ass. Da muss een och oppassen, datt ee keng esou komplizéiert Saachen dohinner mécht. Wat et méi deier gëtt, wat d'Architekten och méi verdéngen. Mä si sollen awer och nach duerno kucken, wann emol eng Saach muss ersat ginn. An ech sinn net iwwerzeegt, datt se dat maachen. Datt Vandalismus gedriwwe gëtt an datt d'Leit näischt an Éieren halen, fannen ech eng Sauerei. Dat ass richteg. Mä d'Architekten hätten ëmmer gäre ganz schéi Saachen. Datt d'Kanner gutt a schéin a sécher do kënne spillen, ass eng Saach. An dofir ass och näischt deier genuch. Mä duerno muss et dann och ënnerhale ginn. An egal wien et ënnerhält, et ass ëmmer een, deen duerno muss kucken.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Selbstverständlech muss een duerno kucken. Mä wann een dee Plang vum Péitenger Schoulhaff kuckt, da gesäit een, datt mer do keen esou ee Préau hunn, datt mer do normal Spiller hunn an datt mer do och dru geduecht hu fir Spiller dohinner ze setzen, déi aus Metall sinn. Well déi Spiller sinn net esou ufälleg fir Vandalismus. An ech hoffen, datt mer mat deem heite Projet, dee ganz flott schéngt ze ginn, e wéineg méi Chance hunn.

**Brecht Guy (LSAP):**

Ech fannen et op jiddwer Fall traureg, datt deen Architekt, deen dee Plang mécht a sämtlech Moosse vun de Pompjeeswen um Dësch leien huet, déi Entrée fir an deen Haff eran esou enk mécht, datt déi Gefierer guer net derduerch ginn.

Dann hat ech och emol eng Kéier gesot, datt dee Schoulhaff viru net allze laanger Zäit genotzt war ginn, fir Feierlechkeeten dran ze organiséieren. Et war dat bei de Liberatiounsfeierlechkeeten. Dat huet mer immens gutt gefall, well déi Incorporatioun vum Park do derbäi war. Mä den Här Breyer huet eis bei senger Ried beim Chrëschtmaart erkläert, datt dee Maart och an Zukunft e bësse méi voluminéis géif ginn an datt een eventuell och do de Park kéint mat abannen.

Et dierf een dat net méi mat deem vergläichen, wéi et fréier war, mä mir hu fréier an engem Schoulhaff gespillt, wou an all Eck Fussball gespillt gouf. Et ass een deem aneren nogelaf. Et kann een dat wierklech net méi vergläichen, mä op jiddefalls hätt ech et flott fonnt, wann nach wéinstens een Deel iwwereg bliwwe wier fir do eng Manifestatioun ofzehalen.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Dee grousse Mëtteldeel bleift nach iwwereg. Dee gëtt mat Placke gemaach, wou esouguer kann e grousse Pompjeeswon drop fueren. Do kann een also nach Saachen organiséieren an et kann een dat mat an de Park abezéien.

Wat elo déi Entrée vum Park ugeet, esou wëll ech dat elo net weider hei kommentéieren, well dat war eng Diskussioun tëscht der Architektin an de Pompjeeën. D'Architektin huet vun den Ingenieuren d'Schlauf programméiere gelooss an déi war geduecht, fir mam Pompjeeswon eranzefueren. De Pompjeeskommandant huet awer gemengt, et wier méi einfach, wann dat méi breet wier. Well deemno wéi grouss eng Kéier d'Hëllef op der Plaz miisst sinn a se mat deem ganz grousse Won miissten erafueren, dann ass och nach kee Problem, fir dat säitlech ze vergréisseren. Doduerch gëtt dann och nach d'Plaz, déi an der Mëtt ass, esouguer nach méi breet.

**Approbation à l'unanimité.**

## 6.1.16.

### Travaux extraordinaires.

Devis au montant de 7.000 euros relatif au remplacement de la centrale d'intrusion de l'ancien bâtiment des sapeurs-pompiers à Pétange – approbation.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Mir brauchen eng nei Alarmanlag an eisem fréiere Pompjeesbau, an deem elo och d'Jugendhaus dran ass. Eise Sécherheetsmann war dohinner an huet sech déi ganz Saach ugekuckt an huet eis en Devis opgestallt. Déi ganz Anlag soll eis 7.000 Euro kaschten, an ech géif de Gemengerot bieden, deem zouzestëmmen. Wann ee weess, wéi oft hautdesdaags agebrach gëtt, da si mer scho frou fir Alarmanlagen ze hunn.

**Approbation à l'unanimité. M. Breyer, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 6.1.17.

### Travaux extraordinaires.

Devis au montant de 3.000 euros relatif aux travaux de raccordement du garage de la Maison Pesch à la centrale d'intrusion – approbation.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Bei dësem Punkt geet et och ëm eng Alarmanlag. An zwar geet et drëm, fir de Garage hannert dem Haus Pesch un d'Alarmanlag vum Haus selwer unzeschléissen. Dat géif eis 3.000 Euro kaschten.

**Approbation à l'unanimité. M. Breyer, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 6.1.18.

### Travaux extraordinaires.

Devis au montant de 20.000 euros relatif au remplacement de la centrale d'incendie de l'Ecole préscolaire à Lamadelaine – approbation.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Eis Spillschoul vu Lamadelaine brauch eng ganz nei Feieralarmanlag. Dat ass natierlech e wéineg méi eng héich Zomm, well déi muss komplett erneiert ginn, mat enger neier Schaltzentral, et mussen nei Détecteuren dohinnerkommen, eng nei Sirène muss dropkommen. An dee ganzen Devis beleeft sech op 20.000 Euro.

Fir d'Sécherheet vun eise Kanner, déi an där Schoul sinn, géif ech de Gemengerot biede fir dëse Punkt hei ze stëmmen.

**Approbation à l'unanimité.**

## 6.1.19.

### Travaux extraordinaires.

Devis actualisé au montant de 585.000 euros relatif à l'aménagement d'un terrain « Hybridrasen » au terrain de football du FC Titus Lamadelaine – approbation.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Mir wollten haut dem Gemengerot den aktualiséierten Devis fir den Aménagement vum Rollenger Fussballsterrain virleeën. Initial ware fir dëse Projet 390.000 Euro virgesinn. Momentan komme mer awer op e Chiffer vu 585.000 Euro an dofir musse mer e Kredit vun 195.000 Euro nostëmmen. Et ass dat, wéinst deenen Ursaachen, déi jo bekannt sinn an déi ech jo och nach eng Kéier bei de Budgetsdebatten evoquéiert hat.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Et deet mer leed, datt ech mech ëmmer drunhale mat deem Fussballsterrain. Mä ech hätt just eng kuerz Remarque ze maachen. Wa mer esouvill Suen un deen Terrain hänken, da kënnt der vläicht och drun denken, datt déi Sortie vum Parking anstänneg gezeechent gëtt. Well et si vill Leit, déi de falsche Wee duerch d'Cité fueren. An dat ass geféierlech, well ee jo net domatter rechent, datt een de falsche Wee do gefuer kënnt. Obschonn et schonn um Buedem gezeechent ass, an obscho mer e Schëld dohinner gesat hunn, schéngen awer verschidde Leit et net ze verstoen. Dofir sollt een emol nach eng Kéier kucken, ob et net nach méi kloer ka gezeechent ginn.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Dir hutt vläicht Recht mat deem, wat Dir sot. Mä déi Debatt, déi Dir elo ugeschwat hutt, huet u sech näischt mam Fussballsterrain selwer ze dinn.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Et ass jo awer e Gesamtkonzept, mam Fussballsterrain.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Neen, d'Stroossen hunn näischt mam Fussballsterrain ze dinn. Wéi gesot, et ass en anert Thema mat der Beschëlderung. An de Problem ass bekannt.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Ech géif awer soen, datt den Terrain awer och verbonnen ass mam Terrain. Domatter huet et awer eppes mam Terrain ze dinn.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Dat huet jo awer elo näischt mam Fussball ze dinn.

**Approbation à l'unanimité.**

## 6.2.

**Budget rectifié 2014 et budget 2015.**

Votes du budget rectifié de l'exercice 2014 et du budget de l'exercice 2015 – décisions.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dir hutt nach eng Rei vu Modifikatiounen um Dësch leien. Dat betrëfft just de Budget rectifié 2014. Do sinn nach e puer Ännerunge komm, esou wéi dat all Joer ëmmer de Fall ass, tëscht den Diskussiounen an dem eigentleche Vote vum Budget. Besonnesch eng Recette ass an d'Gewiicht gefall. Dat ass de Verkaf vun Terrainen, déi mer de leschte Méindeg decidéiert hunn a wou mer Terrainen un de Fonds du Logement verkafen. Et si scho Subsiden erakomm, mat deene mer net direkt elo gerechent haten, an dat am Kader vum Centre sportif. Dofir ginn déi elo als Subsid deklaréiert an net als Quote-part à préfinancer par l'Etat.

Et sinn och eng Rei Recettë weider erakomm, wéi zum Beispill bei der PiKo-Schwämm, esou datt mer déi Zuelen adaptéiert hunn. A mir hunn och elo nach bei den Depensen d'Zuelen adaptéiert, well mer nach Rechnungen erakritt hunn, a wou mer elo nach méi Sue brauchen ewéi dat, wat mer nach am Budget stoen haten. Dat ass den « entretien des véhicules automoteurs », wou mer déi 15.000 Euro erëm drop gesat hunn, déi mer schonn erofgeholl haten. A besonnesch ass beim Centre sportif Péiteng dat agetratt, wat mer eis geduecht hunn. Mir hunn dee Projet décomptéiert fir esou och de Subsid am Kader vum Plan quinquennal ze kréien. Mir hunn awer elo nach eng Rechnung krut, esou datt mer de Kredit elo erëm e bëssen eropgesat hunn. E läit awer nach e gutt Stéck ënnert deem, wat am Budget stoung. Mä et huet awer miissten e bëssen adaptéiert ginn a mer wäerten am Laf vum nächste Joer en « décompte adapté » dem Gemengerot virleeën. Mir hunn den Décompte awer miisste séier dëst Joer stëmme fir nach an de Genoss vun de Suen vum Stat, wat ëmmerhinn awer eng 800.000 Euro sinn, kënnen ze kommen.

Esou datt no deene puer Modifikatiounen den definitive Boni um Enn vum Joer 2015 bei 3.240.542,79 Euro leie wäert.

**Vote concernant le budget rectifié de l'exercice 2014:**

**Accord avec 12 voix pour, 3 voix contre (déi gréng, adr) et 1 abstention (DP).**

**Vote concernant le budget de l'exercice 2015:**

**Accord avec 12 voix pour, 3 voix contre (déi gréng, adr) et 1 abstention (DP).**

**Tockert Claude (DP):**

Ech wollt meng Enthalung nach begrënnen:

Ech sinn u sech ganz zefridde mat deene meeschte Projeten, mä menger Meenung no kéint awer nach op verschiddene Plazen e bësse gespuert ginn.

Och sinn ech zefridde mat der Pro-Kapp-Verschëldung, datt déi esou déif ass.

# Gemeinderatssitzung vom 19. Dezember 2014

**Anwesend:**

| | | |
|---|---|---|
| **Mellina Pierre**, Bürgermeister (CSV) | | **Breyer Roland**, 1. Schöffe (CSV)<br>**Conter-Klein Raymonde**, 2. Schöffe (CSV)<br>**Mertzig Romain**, 3. Schöffe (LSAP) |
| **Conzemius-Holcher Josette** (CSV)<br>**Gira Carlo** (CSV)<br>**Polfer John** (CSV)<br>**Rosenfeld Romain** (CSV) | **Brecht Guy** (LSAP)<br>**Gonçalves Cátia** (LSAP)<br>**Pierre Norbert** (LSAP)<br>**Stoffel Marco** (LSAP) | **Becker Romain** (déi gréng)<br>**Scheuer Romain** (déi gréng)<br>**Tockert Claude** (DP)<br>**Thein Joe** (adr) |

**Abwesend und entschuldigt:**

**Bosseler Camille** (CSV)

### 1. - Mitteilungen des Schöffenrates.

Keine.

### 2.1. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Einnahmen in einer Gesamthöhe von 144.311,71 € - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig. Frau Conter-Klein hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

### 2.2. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Rücktritt und Ernennung im Kulturausschuss - Beschlüsse.

Der von Amts wegen erforderliche Rücktritt von Frau Christine Hamen verh. Schmit als Mitglied des Kulturausschusses wird zur Kenntnis genommen.

Geheime Abstimmung: Mit 15 Stimmen wurde Herr Jean Weiler als neues Mitglied des Kulturausschusses ernannt.

### 2.3. - Soziales.

Entscheidung der Gemeinde Kayl aus dem Syndikat PRO-SUD auszutreten - Beschluss.

Mit 11 Stimmen und 5 Enthaltungen wurde entschieden, dem Austritt der Gemeinde Kayl aus dem Syndikat PRO-SUD auszutreten stattgegeben. Sollten weitere Gemeinden in Erwägung ziehen, aus dem Syndikat auszutreten, so müssen sich die Mitgliedergemeinden über die Zukunft des interkommunalen Syndikats PRO-SUD befinden.

### 3.1. - Personal.

Schaffung eines Handwerkerpostens (m/w) für die Trinkwasserdienststelle - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 3.2. - Personal.

Erhöhung der Arbeitsstunden einer Reinigungskraft (m/w) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 4.1. - Soziales.

Rektifizierter Haushalt.2014 sowie Haushalt für das Geschäftsjahr 2015 des Sozialamtes – Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 4.2. - Soziales.

Konvention mit „BDK.LU“ zwecks Organisation der Freizeitaktivitäten 2015 – Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 4.3. - Liegenschaften.

Mietvertrag mit Frau Schartz-Guidi Dina zwecks Vermietung einer Gemeindewohnung auf Nummer 17 rue Grousswiss in Lamadelaine – Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

### 4.4. - Soziales.

Projekt betreffend den Bau eines Pfadfinderchalets am Standort „im Duel“ in Rodange und Bewilligung der dazugehörigen Konvention mit der Vereinigung „Amicale vun den ale Rodanger Guiden a Scouten“ – Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Thein hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

### 5.1. - Liegenschaften.

Kompromiss zwecks Ankauf eines Grundstücks in Rodange durch Frau Cécile Mourer, Herrn Emilio Marulli et Herrn Jean-Nico Pierre – Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

### 5.2. - Liegenschaften.

Kompromiss zwecks kostenlosem Ankauf von zwei Grundstücken von Herrn Daniel Santarini und Frau Régine Rink in Lamadelaine – Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

### 5.3. - Liegenschaften.

Kompromiss zwecks kostenlosen Ankaufs eines Grundstücks von der „Résidence Les Acacias“ in Petingen - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig. Herr Breyer hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

### 6.1.1. - Außerordentliche Arbeiten.

Kostenvoranschlag über 45.000 € betreffend die Instandsetzung der Fassaden von Gemeindehäusern auf 1 und 1A in der rue de l'Ecole in Rodange - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

### 6.1.2. - Außerordentliche Arbeiten.

Kostenvoranschlag über 12.000 € betreffend die elektronischen Türzylinder der kommunalen Gebäude (1. Phase) - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

### 6.1.3. - Außerordentliche Arbeiten.

Kostenvoranschlag über 180.000 € betreffend die Modifizierung der Telefonzentralen mit Überführung auf das eigene Glasfasernetz - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

### 6.1.4. - Außerordentliche Arbeiten.

Kostenvoranschlag über 1.250.000 € betreffend die Sanierungsarbeiten der Kanalisation auf dem Gebiet der Gemeinde - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig. Herr Brecht und Frau Gonçalves haben nicht an der Abstimmung teilgenommen.

### 6.1.5. - Außerordentliche Arbeiten.

Kostenvoranschlag über 313.0000 € sowie Pläne betreffend die Erneuerungsarbeiten in der rue Belair in Petingen – Bewilligung.

Bewilligung mit 15 Stimmen und einer Enthaltung (Herr Becker).

### 6.1.6. - Außerordentliche Arbeiten.

Kostenvoranschlag über 340.000 € betreffend die Verkehrsberuhigungsmaßnahmen mit Einführung von 30er-Zonen und Anrainerzonen – Bewilligung.

Bewilligung mit 14 Stimmen und einer Gegenstimme (adr). Herr Becker hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

### 6.1.7. - Außerordentliche Arbeiten.

Kostenvoranschlag über 1.900.000 € sowie Pläne betreffend die Verlängerungsarbeiten in der rue de la Minière in Rodange sowie der Bau eines Parkplatzes - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

### 6.1.8. - Außerordentliche Arbeiten.

Kostenvoranschlag über 120.000 € betreffend die Erneuerung der Oberflächenprofile und der Deckschicht in unterschiedlichen Straßen - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

### 6.1.9. - Außerordentliche Arbeiten.

Kostenvoranschlag über 180.000 € betreffend die Einführung eines Radwegnetzes in der Gemeinde – Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

### 6.1.10. - Außerordentliche Arbeiten.

Kostenvoranschlag über 30.000 € betreffend die Einrichtung eines Zählsystems mit externer Anzeige im Schwimmbad PiKo in Rodange - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

### 6.1.11. - Außerordentliche Arbeiten.

Kostenvoranschlag über 95.000 € betreffend die Instandsetzungsarbeiten des Musiksaales im Kulturzentrum in Rodange - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

### 6.1.12. - Außerordentliche Arbeiten.

Kostenvoranschlag über 935.000 € und Pläne betreffend die Erweiterungs- und Erneuerungsarbeiten des ehemaligen Pfarrhauses in Lamadelaine – Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

### 6.1.13. - Außerordentliche Arbeiten.

Kostenvoranschlag über 70.000 € betreffend die Ersetzungsarbeiten des Belags auf dem ökologischen Parkplatz in der Linger Straße in Petingen - Bewilligung.

Bewilligung mit 14 Stimmen und 2 Enthaltungen (déi gréng).

### 6.1.14. - Außerordentliche Arbeiten.

Kostenvoranschlag über 950.000 € und Pläne betreffend die Erneuerungsarbeiten der Schule „An Éigent“ in Petingen (Flügel B) - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig. Herr Stoffel hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

### 6.1.15. - Außerordentliche Arbeiten.

Kostenvoranschlag über 500.000 € und Pläne betreffend die Erneuerungsarbeiten im oberen Schulhof des Schulgebäudes „Am Park“ in Petingen – Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

### 6.1.16. - Außerordentliche Arbeiten.

Kostenvoranschlag über 7.000 € betreffend die Ersetzung der Einbruchmeldezentrale in der ehemaligen Feuerwache in Petingen - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig. Herr Breyer hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

### 6.1.17. - Außerordentliche Arbeiten.

Kostenvoranschlag über 3.000 € betreffend die Arbeiten zum Anschluss der Garage des Pesch-Hauses an die Einbruchmeldezentrale - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig. Herr Breyer hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

### 6.1.18. - Außerordentliche Arbeiten.

Kostenvoranschlag über 20.000 € betreffend die Ersetzungsarbeiten der Feuermeldezentrale im Kindergarten in Lamadelaine - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

### 6.1.19. - Außerordentliche Arbeiten.

Kostenvoranschlag über 585.000 € betreffend die Einrichtung eines Hybridrasens auf dem Fußballfeld des FC Titus Lamadelaine - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

### 6.2. - Rektifizierter Haushalt 2014 und Haushalt 2015.

Abstimmung über den rektifizierten Gemeindehaushalt 2014 sowie über den Gemeindehaushalt 2015.

Abstimmung über den rektifizierten Haushalt 2014:

Beschluss mit 12 Stimmen und 3 Gegenstimmen (déi gréng, adr) sowie 1 Enthaltung (DP).

Abstimmung über den Haushalt 2015:

Beschluss mit 12 Stimmen und 3 Gegenstimmen (déi gréng, adr) sowie 1 Enthaltung (DP).